Pétange
MOTIVATION COMMUNE

PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 124 – Abrëll 2017



An dëser Nummer:

Gemengerotssëtzunge vum 14.11.2016, 09.12.2016, 12.12.2016 & 16.12.2016

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 14 novembre 2016

20 Gemeinderatssitzung vom 14. November 2016 (Zusammenfassung)

22 Compte rendu de la séance du conseil communal du 9 décembre 2016

35 Gemeinderatssitzung vom 9. Dezember 2016 (Zusammenfassung)

36 Compte rendu de la séance du conseil communal du 12 décembre 2016

69 Gemeinderatssitzung vom 12. Dezember 2016 (Zusammenfassung)

71 Compte rendu de la séance du conseil communal du 16 décembre 2016

94 Gemeinderatssitzung vom 16. Dezember 2016 (Zusammenfassung)

98 Carnet de l'état civil / Avis / Communications

L'audio des séances publiques du conseil communal est également disponible sur www.petange.lu



Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.000 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

Rédaction et mise en pages:
Service des relations publiques de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 14 novembre 2016

***Durée de la séance**: 14.30 à 18.15 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Absent et excusé:

Gira Carlo (CSV) à p.d. point 12.2.; **Polfer John** (CSV) à p.d. point 12.2.; **Thein Joe** (adr)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée - décision.
   1.2. Promotion d'un fonctionnaire - décision.
2. Affaires sociales
   2.1. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures par semaine) - décision.
   2.2. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (40 heures par semaine) - décision.
3. Enseignement musical: Ratification des contrats de travail avec des chargés de cours - décision.

Séance publique (15.00 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Vote du projet (mémoire descriptif, devis et plans) concernant la construction de garages communaux à Pétange, rue de Linger - décision.
6. Administration générale
   6.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   6.2. Changements dans deux commissions consultatives - décisions.
   6.3. Décompte concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux - décision.
7. Personnel
   7.1. Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) dans la carrière de l'aide-moniteur (m/f) pour les besoins du service du transport scolaire - décision.
   7.2. Création d'un poste de salarié (m/f) (ancien employé privé) à plein temps et à durée déterminée - décision.
   7.3. Fixation des indemnités à allouer aux salariés (anciens employés privés) du service d'aide aux devoirs - décision.
8. Enseignement
   8.1. Organisation des classes de neige pour 2017 - décision.
   8.2. Décompte concernant le réaménagement de la cour avant de l'école «Am Park» à Pétange - décision.

9. Propriétés
   9.1. Contrat de bail avec M. Romain Richer, curé adjoint de la Communauté Pastorale de Pétange, concernant la mise à disposition du presbytère de Pétange (immeuble avec garage) sis à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin n° 31 - décision.
   9.2. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg» à M. Pascal Thill et Mme Nadia Scalise - décision.
   9.3. Compromis concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» avec M. Vitor De Oliveira Ribeiro et Mme Maria Armandina Carreira Seixas Ribeiro - décision.
   9.4. Compromis concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue des Jardins» avec la société «DS2 Promotions» sàrl - décision.
   9.5. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Im Heidenbour» de la part de M. Roger Niederkorn - décision.
10. Affaires sociales: Convention avec Proactif asbl et l'Association des Musées et Tourisme Ferroviaires asbl (AMTF 1900) concernant la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail - décision.
11. Cimetières: Vote d'un crédit spécial pour l'apport financier de la Commune de Pétange au cimetière «Bei den Gruben» sur le territoire de la Ville de Differdange - décision.
12. Urbanisation
   12.1. Vote d'un décompte provisoire et d'un crédit additionnel concernant le Plan d'Aménagement Particulier du Centre de Pétange - décision.
   12.2. Vote du projet (mémoire descriptif, devis et plans) concernant l'aménagement d'une «allée verte» au quartier 'Neiwiss' à Rodange - décision.
13. Ordre public
   13.1. Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune - décision.
   13.2. Décompte concernant le remplacement des portes de garages au service d'incendie et de sauvetage - décision.
14. Agriculture: Décompte concernant la réalisation des travaux dans l'intérêt de la voirie rurale - décision.
15. Voirie vicinale: Décompte concernant le renouvellement et la réorganisation des feux de signalisation le long de la route N5 à Pétange - décision.
16. Transports et communications: Confirmation d'un règlement de la circulation routière concernant les travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue du Parc à Pétange - décision.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée - décision.

Mme Cristina Fraccalvieri, demeurant à Belvaux, est nommée comme employée communale à durée indéterminée.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures par semaine) - décision.

Madame Vanessa Sauerwein, de Pétange, est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (30 heures par semaine) et à durée déterminée.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (40 heures par semaine) - décision.

Madame Ana Pereira Paixao Fernandes, de Pétange, est engagée comme éducatrice diplômée à temps complet et à durée déterminée.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kéimen dann zu der ëffentlecher Sëtzung, fir déi mir den Här Thein entschëllegen. Hien huet sech entschëllegt well hien haut keng Zäit huet fir un dëser Sëtzung deel ze huelen. Ier mer zum Vote vun engem ganz wichtege Projet – d'Gemengegaragen – kommen, dat ass de Punkt 5, géif ech awer eisem neie Conseiller Albert Muller begréissen an him d'Wuert ginn. Hie war scho bis Oktober 2011 während 5 Joer bei eis hei am Gemengerot. No enger gewësser Paus ass hien elo nees zeréckkomm. Dofir géif ech him als éischten d'Wuert gi fir datt hien eis säi Message kann hannerloossen, ier ech dann dem Här Mertzig d'Wuert weiderginn.

Muller Albert (-):

Här Buergermeeschter, Madamm an dir Häre Schäffen, dir Dammen an dir Häre Conseilleren, den Här Leyder vun der Press, léif Matbiergerinnen a Matbierger vun der Gemeng Péiteng. Wéi ech den 1. August 1972 hei an d'Gemeng schaffe komm sinn, an zwar an dem deemolegen techneschen Service, hunn ech a kengem Moment dru geduecht, datt ech enges Daags hei op dëser Plaz géif sëtzen. Et si scho bal 10 Joer hir, datt ech déi éischte Kéier un enger Gemengerotssëtzung deel geholl hunn. Deemools souz ech op där aner Säit vum Dësch an hu versicht, esou gutt wéi méiglech Oppositiounspolitik ze maachen. Dacks hunn ech sécherlech ze vill technesch iwwerluecht an net genuch politesch. Dat war net gutt, an dat ginn ech och gären zou.

Während 33 Joer hunn ech hei op der Gemeng geschafft an dobäi vill Erfahrung gesammelt a vill geléiert. Déi gréisste Projeten, déi ech während dëser laanger Zäit begleet hunn, waren de Bau vum Sportzentrum zu Péiteng, d'Kulturhaus zu Péiteng, de Fräizäitzenter zu Lamadelaine, de Kulturzenter zu Rodange an déi oppe Schwämm vu Rodange. Donieft nach e ganze Koup vun anere klenge Projeten.

No menger Pensioun hunn ech eng nei Beschäftegung gesicht a wollt onbedéngt an d'Politik goen. Ech war wierklech frou an och esouguer e bëssen houfreg, wéi ech bei de Wale vun 2005 direkt 659 individuell Stëmme krut an deementspriechend éischten Ersatz op der LSAP-Lëscht gi sinn. Bei menger Untrëttsried hunn ech deemools de Leit, déi mir den 9. Oktober 2005 hiert Vertraue geschenkt hunn, villmools Merci gesot. Ech hunn och gesot, datt ech mech mat mengem ganze Wëssen a Kënnen asetze wäert fir datt d'Liewensqualitéit an der Gemeng erhale bleift an esouguer verbessert gëtt. Ech hu gehofft, datt ech mäi Wëssen esou asetze kann, datt d'Awunner vun eiser Gemeng dovunner profitéiere kënnen. Ech hunn och ënnerstrach a mir och ganz fest virgeholl, mech ganz an den Déngscht vun de Bierger a Biergerinnen ze stellen. Dat ass fir mech selbstverständlech, well soss wier ech net mat an d'Wale gaangen. De Bierger dobausse soll wëssen, datt ech ëmmer en oppent Ouer fir seng Suergen a seng Ängschten hunn. Als Conseiller hunn ech an der Kommissioun vun der Museksschoul, an der Finanzkommissioun, an der Bautekommissioun an an der Schoulkommissioun matgeschafft. Du bei de Wale vun 2011 koum déi batter Wourecht: ech krut nëmme méi 618 individuell Stëmmen a sinn op déi 9. Plaz vu menger Lëscht gerutscht. Ausserdeem war ech deen eenzege Conseiller, deen net méi erëmgewielt gouf. All déi aner hunn hiert Mandat behalen. Enttäuscht a frustréiert hunn ech do mat der Politik opgehalen. Et sollt awer net sinn, an e puer Joer méi spéit krut ech meng zweet Chance. Also wéi gesot, virun 10 Joer sinn ech an de Gemengerot nogeréckelt. Well awer e Retour bei meng fréier Parteikollege refuséiert ginn ass – wie wëll, kann dat am Tageblatt noliesen – war ech net méi ewéi „happy", datt ech bei der CSV opgeholl gi sinn. Hei hunn ech elo eng nei politesch Heemecht fonnt, an ech muss soen, datt ech och vu ville vu menge Bekannten a menger Entscheedung ënnerstëtzt gi sinn.

Zum Schluss hoffen ech op eng gutt a fair Zesummenaarbecht hei am Gemengerot. An déiselwecht gutt Zesummenaarbecht wënschen ech mir och mat dem Schäfferot a mat der ganzer Beleegschaft. P.S. All déi Iwwerleeunge vu menger éischter Untrëttsried gëllen natierlech nach ëmmer fir déi zweet Untrëttsried vun haut. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci Här Muller fir är Untrëttsried. Mir alleguerten, déi mer hei ronderëm den Dësch sëtzen, schaffen am Intressi vun de Bierger. A mir freeën eis, mat iech e Mataarbechter ze kréien, dee sech asetzt fir d'Belaange vun eise Bierger. Dat ass d'Haaptaufgab, déi mir hei ze assuréieren hunn.

Dann hat den Här Mertzig opgrond vun enger Diskussioun, déi mer déi leschte Kéier haten am Zesummenhang mat de Containeren um Kierfecht, drop gehale fir nach e puer Präzisiounen ze gi wat deen Dossier ugeet.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech ginn nach eng Kéier op déi animéiert Diskussioun an, déi mer déi leschte Kéier haten, an och op d'Froen, déi gestallt goufen zur Situatioun vun de Containeren um Kierfecht. Et war gesot ginn, datt de Büro vum Doudegriewer net ze gebrauche wier an och schonn eng Zäit laang keen do schaffe kéint. Den Doudegriewer ass effektiv an en zweete Container geplënnert, an dëst am Kader vun den Analysen, déi de Fournisseur huet musse maache fir Konklusiounen a Léisungen ze fannen.

Den 30. Juni ass de Plafong mat der Isolatioun am Container erofgeholl ginn, an et konnt direkte Schued festgestallt ginn. Den Daach ass gekuckt ginn, an et konnt keng Infiltratioun vu Flëssegkeet festgestallt ginn. Mir waarden op weider Dichtungsanalysen, déi den 29. September duerchgefouert gi sinn.

Déi aner Fro, déi gestallt ginn ass, dat war, datt d'Aarbechtsgeschir dobausse géif stoe well de Container de Moment net ze gebrauche wier. D'Äntwert dorop ass: dës Container waren ni virgesi fir e Stockage vum Doudegriewer sengem Material. Hanner de Container steet eng Garage, déi implizit fir dësen Zweck virgesinn ass. Bei enger „visite des lieux" ass awer d'Méiglechkeet an d'A gefaasst gi fir zousätzlech Späicherkapazitéiten ze schafen, wou mer dann och eng Konstruktioun virgesinn, déi mir an Eegeregie wäerte realiséieren.

Des Weideren ass d'Fro opgeworf ginn, datt Glaswoll um Buedem vum Container läit. D'Glaswoll, déi erofgeholl ginn ass, konnte mer jo awer net einfach virun d'Dir tässelen. A wann een esou Aarbechten duerchféiert, dann ass dëst leider net ze vermeiden.

Eng nächst Fro ass opgeworf ginn, datt d'„Santé" Bedenken ausgedréckt hätt wat d'Behandele vun de Läichen ugeet an ob de Container dofir ka gebraucht ginn oder net. D'„Santé" huet eis widderhuelt den Accord fir eis Projete ginn. Dësen Avis ass virun der Commande vun de Container geschitt, an d'Container sinn esou amenagéiert ginn ewéi mir d'Instruktioune vum Ministère kritt hunn. An dat op eng Visite vum Lallenger Kierfecht hin, wou déiselwecht Containerstrukturen ze fanne sinn. Dëst op Recommandatioun vum Här Schuh vum Ministère. Net méi spéit wéi de 6. November 2016 huet de Gesondheetsministère – „Direction de la Santé, Division de l'inspection sanitaire" – hire prealabelen Accord gi wat de Volet „sanitaire" ugeet. An dëst ass och ze fannen ënner dem Courrier, deen hei an der Gemeng gespäichert ass ënner der Nummer 201402744.

Eng nächst Fro ass ofgeworf ginn, an zwar datt, wann esou schro Mängel do sinn, wéi et méiglech ass, datt d'Gemeng d'Rechnunge schonn all bezuelt huet. Dës Container sinn elo iwwer 1 Joer installéiert an d'Problemer mat der Fiichtegkeet sinn eréischt dëst Joer festgestallt ginn. Déi lescht Aarbechten, déi do ausgefouert goufen, war den Amenagement vun der Ëmgéigend, deen awer eréischt konnt gemaach ginn ewéi d'Container do stoungen.

Déi lescht Fro, déi opgeworf gi war ass, wéini déi lescht Receptioun vun den Aarbechte gemaach gouf an ob dee Moment alles an der Rei war. D'Receptioun vun den Aarbechte gouf den 12. Mee 2015 gemaach. Do war och alles an der Rei. Den 23. September 2016 hunn ech mam Beamten eng „visite des lieux" gemaach fir en zousätzleche Constat ze maachen. Dee Moment gouf och d'Entscheedung geholl, de Fournisseur drop hinzeweisen, datt Problemer bestinn. Dëse Courrier déngt als Basis fir eventuell Verbesserungen ze maachen. E kuerze Réckbléck: den 8. Mäerz 2016 hu mer fir d'éischte Kéier der Firma „ALHO" signaliséiert, datt Zeeche vu Fiichtegkeet am Container wieren. Den 11. Mäerz 2016 ass d'Inspektioun vun deene Container gemaach gi vum „sous-traitant", wat d'Firma Ludwig war. Den 12. Abrëll 2016 hu mer nach eng Kéier e Rappell un d'Firma „ALHO" gemaach fir d'Resultater vun deenen Analysen ze kréien. De 15. Abrëll 2016 hate mer op der Plaz Rendez-vous mat der Firma „ALHO", mä et konnt keng Infiltratioun festgestallt ginn. Well awer duerno d'Situatioun sech verschlechtert huet, hu mer nees eng nei Interventioun vun der Firma „ALHO" gefrot. Den 30. Juni 2016 ass d'Isolatioun vum Container bannendran erofgeholl ginn an et konnt net festgestallt ginn, firwat datt Waasser am

Container wier. De 15. Juli 2016 sinn d'Analysen an de Rapport vun der Firma „ALHO" op d'Schmelz geschéckt gi wou de Container hiergestallt ginn ass, an dat fir ze kucken, wat lass ass. Den 2. August 2016 ass den Daach geflut gi fir z'analyséieren, wou d'Infiltratiounen hierkéimen. An och do konnt näischt detektéiert ginn.

Duerno sinn nach Kontrolle gemaach ginn. Den 29. September 2016 ass d'Kontroll vun der Dichtheet gemaach gi vun der Firma „ALHO". De 27. Oktober 2016 huet en Här Gurra vun der Firma „ALHO" eis virgeschloe fir d'Dichtheet vum ganzen Dag ze kucken. Net méi spéit ewéi den 3. November 2016 hu mir e Mail kritt vun der Firma „ALHO", an deem hie schreift – an ech zitéieren:

„Sehr geehrter Herr.

Nach der Besichtigung vom 27. Oktober wurde Folgendes festgestellt und diskutiert. Alle Container wurden kontrolliert. Das Ergebnis ist, dass nur ein Container von Feuchtigkeitsproblemen betroffen ist. Die anderen Container zeigen zurzeit keine Probleme diesbezüglich auf. Trotz alledem werden wir die Situation im Auge behalten und sind bereit, zu intervenieren falls die Umstände ändern sollten.

2. Da die Wassermenge, die am meisten in der Mitte des Containers aufgetreten ist, zu hoch ist, ist es unwahrscheinlich, dass es sich um Feuchtigkeit handelt. Wir sind davon überzeugt, dass der Container an verschiedenen Stellen Undichtigkeiten vorzeigt.

3. Deswegen schlagen wir vor, das Dach der beiden Container, die im Friedhof aufgestellt sind, mit einer schweißbaren EPDM-Dachbahn abzudecken. Seitlich an beiden Containern werden wir eine Dachrinne einbauen, wo Wasser dank Dacherhöhungen/Attikaelementen abgeleitet werden kann um schließlich bei zwei Entwässerungsrohren entsorgt zu werden. Eine Darstellung finden Sie im Anhang. (En huet eng Skizz ugehaangen)

4. Nach der Erledigung dieser Arbeiten werden wir selbstverständlich auch die innere Dämmung/Folie verlegen und die abgehängte Decke reparieren."

Dat ass de „Stand der Dinge" vun där Diskussioun. Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat war eigentlech dat, wou de Schäfferot drop gehalen huet fir de Point ze maachen. Et war jo och eng Demande, déi mer am leschte Gemengerot haten opgrond vun deem Dekont, deen zum Vote virlouch. Dir gesitt, datt mer do awer um Ball sinn an och nach bleiwen. Mer hoffen, datt mer fir dëse Projet och eng valabel Léisung fannen, esou datt dat och eng fir alle Kéier aus der Welt geschaf ass.

5.

Travaux extraordinaires.

Vote du projet (mémoire descriptif, devis et plans) concernant la construction de garages communaux à Pétange, rue de Linger – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da gi mer zum Punkt 5 iwwer. Dat ass de Vote vum Projet vun de Gemengegaragen op der Lénger Strooss. Do géif ech och als éischten dem Här Mertzig als Ressortschäffen d'Wuert ginn. Duerno géif natierlech och den Ingenieur- an Architektebüro Informatiounen zu deem Projet ginn. Dofir ass och hei op dem Schierm schonn déi éischt Skizz vun dësen neie Garagen ze gesinn. Mä fir d'alleréischt kann den Här Mertzig eis eng Aleedung zu dësem Dossier ginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir si frou, iech de Projet Gemengenatelieren oder Gemengegaragen ze presentéieren, wou mer elo scho laang Joren amgaange sinn ze debattéieren, ze plangen, a wou et awer duerch verschidden Ëmstänn net einfach war dee richtege Site ze definéieren a wou mer mat deenen ëffentlechen Instanze Récksprooch geholl hunn. Et ass e Projet, deen och dësem Schäfferot staark um Häerz läit. De Moment hu mer verschidde Siten ewéi op der Lénger Strooss, zu Rolleng, hanner Rousen, an der Park-Schoul am Keller an am ale Pompjeesbau niewendrun. Déi nei Lokaler sollen hei op Péiteng op d'Lénger Strooss kommen, do wou haut schonn en Deel vun eisen Servicer ënnerbruecht ass. Eise Fuerpark soll do ënnerdaach kommen. De Site wäert aus 2 verschidde Gebaier bestoen, wat awer technescher Natur bedéngt ass. De Virdeel vun dësem gemeinsame Site ass deen, datt mer vill manner Trajeten an der Gemeng ze maachen hunn, e bessert Zesummeschaffe méiglech ass duerch d'Benotze respektiv d'Deele vun eise Maschinnen. Mir wäerten e gemeinsame Versammlungsraum, gemeinsam Vestiairen, e gemeinsamen lesssall an en adaptéierte Sanitärberäich fir jidderee kréien. Aner Argumenter sinn nach d'Iwwerwaachung an d'Kontrollméiglechkeete mat eng besserer Koordinatioun duerch déi Verantwortlech vun de Regiebetriber, déi jo dann och direkt op der Plaz sinn. D'Kontroll bei der Liwwerung vun eise Bestellungen duerch de Magasinier an adaptéiert Späicherméiglechkeete wäerten och Aspuerunge méiglech maachen, well mer dann alles zesummen hunn.

Dobäi kënnt, datt de Site zu Rolleng fir aner Zwecker ka genotzt ginn. Uewen um Daach wäerte mer och Solarplacken installéieren. De Projet, dee sech op 16,9 Milliounen Euro wäert chiffréieren, stelle mir iech elo nach méi am Detail vir mat dem zoustännegen Architektebüro Weisgerber, a mam Büro Betik, déi eis d'Energiekonzept wäerte virstellen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Deen zoustännegen Techniker, den Här Schiltz, ass och do. Wien iwwerhëlt fir d'éischt d'Wuert? Den Här Weisgerber wäert eis duerch dee Projet féieren. Et ass kee klenge Projet, dat hutt dir schonn duerch d'Zomm eraushéieren. Et ass e wichtege Projet fir eis Betriber, an dofir solle mer eis déi néideg Zäit huele fir eis dëse Projet a Rou unzekucken.

Présentation du projet par M. Louis Weisgerber (weisgerberarchitecte sa) et M. Gilles Christnach (Ingénieurs-conseils Betic S.A.):

Le projet comprend la construction de deux bâtiments:

Le bâtiment A regroupe au RDC les ateliers et magasin, et au premier étage les vestiaires, bureaux et autres locaux sociaux.

Le bâtiment A sera divisé en deux classes énergétiques différentes. A savoir classe énergétique C pour le RDC en construction traditionnelle, structure béton et panneau métallique. Le premier étage sera en classe énergétique A, en construction bois avec isolation poussée et façade en bardage en panneaux composite.

Le bâtiment B comporte également deux niveaux. Le rez-de-chaussée comprend une partie hall / garage, une zone pour camion poubelle ainsi qu'un accès camion pour le stockage sur le premier étage.

Le bâtiment B sera en classe énergétique C non chauffé. Celui-ci comporte une structure béton et métallique avec panneaux métalliques.

L'intégralité des toitures des bâtiments A et B sera recouvert par une toiture verte.

Le total du devis estimatif s'élève 16.900.000 euros ttc.



Schiltz Yves, Ingénieur (Gemeng Péiteng):

Et kann ee vläicht just soen, datt an där Zomm nach keng Equipementer dra sinn. Déi kommen nach eng Kéier separat, net datt dat elo falsch verstane gëtt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv sinn do d'Bannenariichtungen nach net derbäi. Mä fir d'éischt musse mer emol d'Gebäi schafen ier mer de Bürosstull derbäi setzen. Dat kënnt awer nach derbäi, dat ass och ganz richteg gesot. Et ass och wichteg, datt gesot ginn ass, datt dat do net alles ass.

Arendt Patrick (CSV):

No 18 Joer kënnt dësen interessante Projet endlech zum Ofschloss. Ech si frou, datt déi eenzel Betriber eng gemeinsam Plaz fannen, wou bei eenzele Schwieregkeete méi séier kann intervenéiert ginn. Doduerch gëtt och déi alldeeglech Aarbecht erliichtert. Also e grousse Schrëtt no vir fir all déi Betraffen. Ech wollt awer hei eng Fro stellen, déi mer wichteg erschéngt. Den Här vum Architektebüro sot, datt de Präis pro kWh (Kilowatt-Stonn), dee mir vum CREOS ausbezuelt kréien, géif schwanken. Gëtt do kee Kontrakt gemaach, deen eis den aktuelle Wäert iwwer d'Joren ofséchert?

Christnach Gilles (Ingénieurs-conseils Betic S.A.):

Dat hei ass eng Anlag, déi gëtt net subventionéiert. Do ass also och keen „taux de rachat subventionné assuré" hannendrun. Déi heiten Energieproduktioun gëtt um Marché verkaf, deen natierlech op den Energieboursë gehandelt gëtt. Dowéinst schwankt deen, an dowéinst ass deen och esou niddereg.

Arendt Patrick (CSV):

Dat wousst ech net. Da soen ech villmools Merci fir déi Äntwert.

Stoffel Marco (LSAP):

Mir als LSAP-Sektioun Péiteng sinn natierlech ganz frou, datt dee Projet elo virugeet no all deene Jore wou dat geschleeft huet a leider keng Méiglechkeet bis elo bestanen huet, fir dat zum Ofschloss ze bréngen. Desto méi ass do Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn. An doriwwer freeë mer eis natierlech ganz besonnesch. Ech hunn eng Fro wat d'Planung ugeet. Sinn do d'Aarbechter, d'Personal mat abezu ginn? Wéi gesäit et do aus?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kann iech déi Fro mat engem ganz klore ‚Jo' beäntwerten. Mir ware praktesch 2 Joer am gaange mat eise Chef de Servicen a mat eiser Beleegschaft ze kucken, wat noutwenneg wier. Natierlech wäert duerno net all Wonsch zeréckbehale kënne ginn, mä mir hu si awer mat an d'Boot geholl fir déi hei Planifikatioun ze maachen.

Stoffel Marco (LSAP):

Dann hätt ech och nach eng zweet Fro. Beim Equipement ass et jo ugeschwat ginn. Ass do scho gewosst, wat fir e Chiffer do nach an Zukunft op eis wäert zoukommen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kann elo net dee genaue Chiffer soen. Wat ech iech kann äntweren ass, datt mer dee gréissten Deel vun de Maschinne wäerte kënne mat dorower huelen. De genaue Chiffer kann ech iech elo net nennen, ausser den Här Weisgerber kéint do eng Schätzung ginn. Et ass wéi de Buergermeeschter gesot huet. Do si Saachen, déi mir ouni Weideres mat dorower huelen, déi nach gutt sinn an déi mer net mussen nei uschafen.

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Ech ka just als zousätzlech Präzisioun soen, datt mer effektiv mat Luxcontrol duerch déi eenzel Ateliere gaange si fir eis déi eenzel Maschinnen unzekucken, déi do stinn. An déi kann ee souzesoen integral mathuelen. Dat heescht et muss vläicht eng zousätzlech Plaquette oder Signalisatioun drop kommen, mä dee gréissten Deel vun de Maschinnen ass erhalenswäert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech erlabe mer, mech ganz kuerz anzeklicken. Ech hunn dat Wuert „schleefen" héieren, an dat ass eppes, wat mech fundamental stéiert. Et ass net geschleeft ginn. Et ass eng Viraarbecht gemaach ginn, déi eng gewëssen Zäit brauch. Mer wëssen, datt mer do op engem Terrain sinn, deen huet musse sanéiert ginn. Et ass e fréieren Tipp. Dat huet eng ganz Viraarbecht an Usproch geholl. Déi Viraarbechte sinn an de leschte Joren zesumme mat eise Betriber gemaach ginn. Dat ass elo prett, an dofir ass dat elo haut op der Dagesuerdnung. Wann et virun 2 Joer prett gewiescht wier, da wier et virun 2 Joer op der Dagesuerdnung gewiescht. De politesche Wëlle fir d'Garagen op deem Site ze baue besteet zënter 6 oder 7 Joer. Der wësst, datt dee Site do e komplizéierte Site war, deen et net esou einfach gemaach huet ewéi e Plang ze molen. Do war eng ganz Rei Viraarbechte verlaangt. Dofir dat als Erklärung, well ech dat Wuert „schleefen" net einfach am Raum wëll stoe loossen.

Muller Albert (-):

Ech si selbstverständlech och frou, datt mer elo nei Ateliere kréien. Ech sinn och frou ze héieren, datt d'Leit mat deene Projeten, déi virgeluecht goufen, averstane sinn. Et stoung och eng Kéier am Raum, datt eis Aarbechter gesot hunn, si wéilte keng nei Atelieren a si wieren zefridde mat deenen, déi se hunn. Wat ëmmer iergendwéi gestéiert huet. Et freet mech haut immens, datt d'Atelieren elo gestëmmt ginn. Wat geschitt mam Gärtneschbetrib? Gëtt dee Bau mat integréiert? Bleift dee stoen oder wat geschitt domat?

Mertzig Romain, Schäffen:

Dee Site vun der Gäertnerei musse mer einstweilen emol deplacéiere well mer jo hei schaffen. Dee kënnt wahrscheinlech emol einstweilen op Lamadelaine – ech soen dat elo emol, well mer do einfach dee gréissten Espace hunn. An enger zweeter Phas gëtt awer da virgesinn, datt de Gärtneschbetrib nees dorower kënnt, wou en elo ass.

Becker Romain (déi gréng):

Dir hutt elo selwer gesot, datt dat esou laang gedauert hätt wéinst der Viraarbecht, déi hätt misste geleescht ginn. Mer

wësse jo all, datt do während Joerzéngten en Dreckstipp do war zu Péiteng. Si mir fäerdeg mat deene Viraarbechten? Ass den Terrain esouwäit sanéiert, esou datt mer direkt mat Baue kéinten ufänken? Esou wéi ech iech verstanen hu wier dat elo fäerdeg.

Schiltz Yves, Ingénieur (Gemeng Péiteng):

Et muss ee soen, datt d'Viraarbecht an deem Sënn, datt elo direkt do kéint geschafft ginn, natierlech net gemaach ass. Dat gëtt dee Moment gemaach, wou mer d'Entreprise op der Plaz hunn. Wat een awer kann dozou soen, dat ass, datt mer mat der zoustänneger Verwaltung ofgekläert hunn, datt dee verschmotztene Buedem a verschidde Klassen ënnerdeelt gëtt. Am Verhältnis zu deene Klasse muss en dann och fortgefouert ginn op eng speziell Deponie. Oder e kann ugepaakt ginn, um Site nach eng Kéier nei moduléiert an erëm agebaut ginn. Déi Schwellewäerter sinn eis bekannt, an doropshin huet sech och den Devis opgebaut. An doropshi wäert och duerno, wa mer schaffen, d'Konzept opgebaut ginn. Et ass natierlech integrale Bestanddeel vum Kommodo-Dossier, dee mer kucken, elo direkt nom Vote eranzereechen.

Becker Romain (déi gréng):

Well jo do Joerzéngte laang allerlee duerchernee getippt ginn ass, fënnt een elo net eraus, wat wou getippt gouf. Dat läit jo alles konterbont do am Buedem. Da si mer jo nach net esou wäit mat der Sanéierung vum Site ewéi dat elo hei ugeklongen ass. Op där aner Säit, wéi gesäit dat dann aus? Do muss jo da wierklech alles versigelt ginn no der Sanéierung. Wuel wëssend, datt den Hierschtbierg ganz vill Waasserquellen huet. Wa mer do e ganzen Areal zoubetonéieren, wat geschitt mat deem Waasser, dat vum Hierschtbierg erofkënnt?

Schiltz Yves, Ingénieur (Gemeng Péiteng):

Et ass virgesinn, dat Waasser, wat erofkënnt, laanscht den Terrain ze drainéieren. Dat gesäit d'Konzept och vir. An et ass natierlech och eng Retentioun um Site selwer virgesi mat engem oppene Punkt, dee spéiderhin an d'Haaptstrooss geet fir d'Waasser ofzeleeden. Dat elo zum Prinzip, wat mer mam Waasser maachen.

Fir nach eng Kéier op d'Sanéierung zeréckzekommen, do hu mer natierlech am Virfeld Buerunge gemaach, an déi hunn natierlech verschidde Wäerter erausginn, esou datt mer wëssen, wat mer op deenen eenzele Plazen hunn. Mer hunn natierlech net op all Quadratmeter gebuert, mä dat gëtt jo verdeelt um Site gemaach. Mer wësse schonn, wat eis um Site erwaart. Natierlech net op all Quadratmeter. Dat ergëtt sech elo, wa mer schaffen. Do gëtt déi eng oder aner Kontroll gemaach an da kann et sinn, datt een Deel vum Buedem ewechgefouert gëtt. Dat ass och am Budget virgesinn. Deen aneren Deel gëtt um Site gelooss, eventuell ëmmoduléiert oder e bleift esou do leien. Mir mussen einfach kucke fir hannenno eis Gebaier op den Niveau ze kréien ewéi elo virgesinn ass. Dat ass och ee vun de Grënn, firwat et 2 Gebaier sinn, a firwat dat Gebai, dat a Richtung vun der Strooss läit, 2 Niveauen huet a fir esou e Minimum un déi natierlech Topographie vum Terrain musse spillen ze goen.

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Et ass effektiv esou wéi de Buergermeeschter dat och scho gesot huet. Mir si mat eiser Sanéierung esou wäit. Et huet awer kee Sënn, elo de verschmotzte Buedem ewech ze huelen, Lächer ze loossen an dann ze waarde bis mer ufänken ze bauen. Aus Käschtegrënn a fir de Budget net explodéieren ze loossen, mécht een dat an engem Zuch. D'Sanéierungskonzept ass do, et ass validéiert. De Buedem muss just ewechgefouert ginn. Et huet jo kee Sënn, de Buedem ewech ze huelen, dann zou ze tippen, a wa mer da mam Gebai ufänken, dee Buedem, dee mer hate fir ofzesécheren, nees ewech ze huelen. Dat muss beienee gemaach ginn. Dofir si mer elo mat der Sanéierung esou wäit wéi mer kënne sinn, bis mer d'Aarbechte maachen. D'Konzept, de Prinzip steet. Dat heescht, mir si mat der Sanéierung esou wäit. Et gëtt just zesummen duerchgefouert, well wa mer elo eraushuelen, dann hu mer Lächer vun 2 Meter. A wa mer e Wanter mat vill Ree kréien asw., da fält dat Ganzt an e Koup. An dat huet jo och kee Sënn. Dat sinn ewechgehäite Suen.

Becker Romain (déi gréng):

Op der Säit vun der rue Belair sinn d'Leit schonn e bësse beonrouegt, well do momentan „Nuisancen" do besti wéinst engem privaten Entrepreneur, deen e „concasseur" do lafen huet a ganz vill Stëbs a Kaméidi mécht. Elo si se natierlech nach méi beonrouegt wann d'Leit héieren, datt do d'Gemengenatelieren dohinner kommen. Ass virgesi fir e grénge Sträifen dohinner ze maache wéinst dem Kaméidi vun de Camionen, déi moies do fortfueren, esou datt dat net bis bei déi éischt Haiser an der Belair Strooss eriwwer geet?

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Éischtens ass am Kommodo eng akustesch Etude virgesinn. Déi ass gefrot an amgaangen. Zweetens bleift e grousse „Grüngürtel", dee ronderëm gemaach gëtt. Drëttens muss ee wëssen, datt déi Gebaier do mat hirer Front, déi se hunn, och nach eng akustesch Barrière maachen. Also d'Situatioun vun de Leit, déi hei uewen an der rue Belair wunnen, gëtt éischter besser ewéi méi schlecht. Mä wéi gesot, mir mussen eng akustesch Etude maachen. Déi ass net negativ, déi ass positiv. A mir maachen hei eng akustesch Barrière géintiwwer vum Noper, dee säi „concasseur" do stoen huet. Dat hält e groussen Deel vum Schall zeréck.

Becker Romain (déi gréng):

Bon, d'Leit ware beonrouegt duerch d'Camionen, déi moies do erausfueren. Mä wann dir kënnt verspriechen, datt do eng Etude gemaach gëtt.

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Dat ass Bestanddeel, dat ass eng Obligatioun.

Becker Romain (déi gréng):

Fir eis eege Leit ze schützen, déi do schaffen, ass virgesi fir an de Garagen eng Ofsauganlag ze maache wann d'Camionen ufueren ewéi dat z.B. am Pompjeesgebai ass. Oder ass dat net virgesinn?

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Also eng Ofsauganlag ass bei deene moderne Gefierer net méi noutwenneg. Fréier sinn d'Camione wéivill Minutte laang lafe gelooss gi wéinst der Hydraulik. Bei deene moderne Camionen ass dat net méi esou. Mä egal wéi ass eng Ofsauganlag dran, déi esouguer zentral gesteiert gëtt wann eng zevill héich CO-Präsenz do ass.

Becker Romain (déi gréng):

Et ass och opgefall, datt mer kee Schräineratelier virgesinn. Dofir eng Fro un de Schäfferot: brauche mir kee Schräineratelier méi?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Meng Fro ass déi hei: wat stellt dir iech vir, wat eise Schräiner nach an esou engem Atelier mécht? Hutt dir do eng Virstellung als Conseiller?

Becker Romain (déi gréng):

An der Zäit huet de Schräiner Schoulbänken an Diere gefléckt, en huet kleng Bastelaarbechte gemaach wann dat

noutwenneg war, a mir gesinn elo hei näischt méi fir e Schräiner.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir eng Dier ze flécke geet een dohinner, wou eng Dier ass. Da schläife mer se of. Mir hu ganz modern Schoulbänken, déi verstellbar sinn, an do mécht eise Schräiner scho jorelaang näischt méi.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir brauche kee Schräiner méi.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass eng Fro, déi ee sech muss stelle wann de Moment eng Kéier kënnt.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat ass eng Fro, déi sech anescht stellt. Effektiv hu mir kee Schräineratelier virgesinn. Dat verhënnert awer net, datt de Schräiner an engem „gemeinsame Raum" ka schaffen. Mir hunn elo net virgesinn, datt jidderee seng eenzel Plaz kritt. Den Elektriker kann och op enger Wierkbänk schaffen, wou d'Schlässer schaffen. Beim Schräiner ass et vläicht méi delikat. Mä mir hunn et awer elo virgesinn, datt jiddereen dee Raum kann notze fir seng Aarbechten duerchzeféieren.

Becker Romain (déi gréng):

De Buergermeeschter huet gesot, mir bräichten u sech direkt kee Schräineratelier méi, well mer kee Schräiner méi bräichten, wann ech dat richteg verstanen hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen. Wat ech gesot hunn, dat ass, datt déi Aarbechten, déi de Schräiner elo mécht, ganz gutt ausserhalb vun enger Schräinerei kënne gemaach ginn. De Moment maache mir an eiser Schräinerei keng Fënsteren, keng Dieren. Mir flécken déi eng oder aner Dier, mir flécken déi eng oder déi aner Saachen op der Spillplaz, wou eppes muss ersat ginn. Mir schaffen dobaussen, mä datt mir grouss Aarbechten an enger Schräinerei maachen, dat weess ech net. Ech weess och net, wat mir déi lescht 2 oder 3 Joer u Groussem an der Schräinerei gemaach hunn. Mä dat ass eng Diskussioun, déi mer awer am Kader vun den Apparaten a Maschinnen nach eng Kéier mat dem Service féieren. An dat fir ze soen, déi Maschinn hätte mer gär do am Atelier. An dann hätte mir als Schäfferot gären, op alle Fall ech als Buergermeeschter, datt do hannendru gehaange gëtt, wat fir Aarbechte mat där Maschinn gemaach ginn. Da ginn et zwou Méiglechkeeten: entweder mer bréngen eppes op de Pabeier wat mer mat där Maschinn maachen a wat och Sënn mécht, oder mer schafen d'Maschinn of.

Et huet kee Wäert fir eng Maschinn do stoen ze hu wa mer se just all dräi Joer eng Kéier brauchen, well da funktionéiert se och vläicht net. Dofir maache mir esou eng Aktioun doriwwer, an déi maache mer ier mer mat der Lëscht vun deenen neien Apparater hei an de Gemengerot kommen. Mir hätte gäre pro Maschinn, déi mer an deen neien Trakt bréngen, eng Erklärung, wat an Zukunft soll an de Betriber domat gemaach ginn. Och aus Manktem u Plaz. Et huet kee Wäert, datt mer do eng déck Maschinn stoen hunn, déi vill Plaz an Usproch hëlt, wa se net gebraucht gëtt. Dann hunn ech léiwer, mer huelen déi Maschinn ewech a mer huelen déi Plaz fir eppes, wat méi bluttnoutwenneg gebraucht gëtt. Well esou grouss ass dee Site och net an et schaffe vill Leit do. Mer solle spuersam mat där Fläch ëmgoen. An dat wäerte mer iech da weisen esoubal mer déi Lëscht vun den Apparater a Maschinnen a vun de Gefierer, déi mer op deem Site do an Zukunft wëllen, hunn. Dat ass nach eng Aarbecht, déi usteet, an déi ufanks vum nächste Joer fäerdeg wäert sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass och ganz richteg, well anscheinend hu mir Maschinnen an der Gemeng, wou d'Leit net forméiert si fir se voll auszenotzen a se anstänneg ze bedéngen an domat ze schaffen.

Wat mir awer als „déi gréng" begréissen ass dee ganzen energetesche Projet, dee ganze Klimapakt-Projet, esou datt mer dem Klimapakt gerecht ginn. Do komme mer als Klimabündnis-Gemeng net derlaanscht. Do hu mer och Obligatiounen. Et ass gutt, datt mer déi Obligatiounen hunn, well hei ass elo emol ee Gebai, wou dat sech wierklech weist a wou dat anstänneg gehandhaabt gëtt vun Ufank bis zum Schluss.

Wat d'Holzschnëtzel- oder d'Holzhackschnëtzelanlag ugeet, do freet et eis, datt mer mëttlerweil genuch Holz hu fir déi kënnen ze bedreiwen. Wa mir esou Saachen an der Vergaangenheet gefrot hunn, da krute mer geäntwert, d'Gemeng huet net genuch Holz, net genuch Bëscher, dat geet net. Mä elo gesi mer awer, datt et geet, an dat freet eis besonnesch.

Wat eis och nach freet a wat mer begréissen, dat sinn déi Photovoltaïkpanneauen um Daach. Do kéint een eventuell nach esou wäit goen, datt een eng Méiglechkeet géif gesinn – well et jo esou eng riseg Fläch ass – fir eventuell mat Kooperativen ze schaffe wou d'Leit, Privatleit, sech kéinte bedeelegen. Sief dat op deem heite Site oder op engem anere Site. Well mir hu Gemengegebaier, wou dat sech géif eegene fir dat nozerüsten. A well et hei jo schonn direkt am Planning derbäi ass, freet eis besonnesch.

Mir sinn net géint déi Atelieren, mir fannen et am Géigendeel ganz anstänneg. Virun allem déi ganz Pläng an den Energiekonzept, deen do drun hänkt. Mir fannen, datt eis Beleegschaft et endlech verdéngt huet, an normalen, a gerechten Atelieren ze schaffen. Well wéi et bis elo op siwe verschidde Plazen de Fall war, dat war net ëmmer zevirkommend fir eist eegent Personal. Mir begréissen de Projet a mir wäerten deen dann och matdroen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech muss just eng kleng Korrektur maache bei ärer Ausso, Här Becker. Mir hunn de Moment net genuch Hackschnëtt fir hei an eiser Gemeng. Ech hunn dat extra beim Fierschter nogefrot an dat ass effektiv de Fall. Dir hutt gesot, mir hätten ëmmer esou gesot, an dat ass och nach ëmmer de Fall. Dofir hu mir jo eng Mëschanlag geholl, fir net an d'Labrenten ze kommen a mer näischt méi hu fir ze verbrennen. Wéi gesot, et ass es momentan net genuch do an der Gemeng.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Aus där Ursaach muss een och haart nodenken, ob ee sech net awer nach eng Ouverture léisst fir de Fall, wou mer net genuch däers Material hunn, an am Virfeld ausrüste fir eng Gasheizung ze hunn. Well wa mer muer kal do sëtzen, da kräischt och nees jiddereen. Wann et mat deem Holz geet, da wäerte mer et integral mat deem Holz maachen, mä wann et eng Kéier net duer geet, da musse mer eis eng Dier oploossen.

Ech hu léiwer, mer kafen duerno Gas zu engem Präis, dee verstänneg ass, ewéi datt mer de Leit norenne fir Holz ze kréie wou mer keent kréien. Wéi gesot, d'Anlag ass do a mir maachen alles genee ewéi et ass, mä mer mussen eis awer net an eist eegent Fleesch schneiden. Dat ass awer och e Message, dee mer ganz gäre vun eiser Säit hei ginn. Well wann eis Beleegschaft kal do sëtzt, da kommt der kräischen, si géifen an engem schlechten Zoustand do sëtzen.

Becker Romain (déi gréng):

Den Här Tockert huet nach Holz.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Esoulaang hien es huet, ass et jo gutt.

Polfer John (CSV):

Ech kommen dann direkt op dat Holz zeréck. D'Péitenger Gemeng ass Member vum Minett-Kompost. An de Minett-Kompost wäert deemnächst Pellets an Holzschnëtzel maachen. A Gas gëtt och scho vum Offall produzéiert. Wa mer Member dra sinn, da wäerte mer och Holz zu engem anstännege Präis kréien. Dat kann ech nëmme begréissen.

Dir hutt geschwat, datt d'Camione géife gewäsch ginn. De Schäfferot an och Membere vum Gemengerot waren op Bech-Klengmaacher eng Firma besichen, an do ginn och Camione gewäsch, wa se erausfueren. Dat Waasser gëtt opgefaangen, propper gemaach an nees gebraucht. Ass hei, wann d'Camione gewäsch ginn, och esou eppes virgesinn?

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Also mir fänken d'Reewaasser op, dat gëtt et op jiddwer Fall gemaach. Dat gëtt opgefaange fir d'Wäsch. Hei muss ee bedenken, datt dat, wat gewäsch gëtt, haaptsächlech Müllween asw. sinn. Dat Waasser ass ganz schwiereg ze filteren. Ech huelen un, datt déi Firma, déi dir besiche waart, eng ass, déi méi dacks Sand oder aner Saachen transportéiert. Dat ass ganz einfach ze recycléieren. Mä Mülloffäll, asw., ass ganz schwiereg. Dat gëtt méi schwéier. Mä mir hunn awer am Kader vun deem Konzept eng grouss Recuperatiounsanlag vu Reewaasser. Mir hunn och „Schlammabscheider", mir hunn „Ölscheider", an da gëtt et schwéier, nach en Deel ze recuperéieren. Aggregater si méi einfach, awer net de Müll, net dat esou verschmotzte Waasser.

Brecht Guy (LSAP):

Well ech jo och nach ëmmer Member vun der LSAP-Fraktioun sinn, schléissen ech mech de Wierder vum Här Stoffel un, dee virdru gesot huet, datt mir als Fraktioun dee Projet selbstverständlech begréissen. Ech wëll just drun erënneren, an den Här Mellina huet dat ganz richteg gesot, datt en net gären huet, datt hei dat Wuert ‚schleefen' gebraucht gëtt. Mir sinn effektiv 20 Joer am gaangen, e Site ze sichen, dee gëeegent ass fir dat opzeriichten a fir eisen Aarbechter do zur Genüge ze déngen. Ech erënnere just nach drun, datt mer hei – ech weess net, wéi laang datt et hir ass – schonn e fäerdege Site haten. Ech mengen, dat war do wou elo eise Keelenzenter steet. Do hate mer och scho Pläng hei leien, et sinn och schonn Diskussiounen doriwwer komm. An do huet et sech jo och erausgestallt, datt dat kee gëeegente Site war. Dofir sinn ech desto méi frou, datt dat do elo endlech realiséiert gëtt. An och frou, datt eis Aarbechter net méi op verschidde Plaze mussen hantéieren. Do kréie mer jo elo och e ganze Koup Plazen, déi fräi sinn. Do kënne mer elo aner Projete lancéieren. Wéi gesot, als Konklusioun wëll ech iech am Numm vun der Fraktioun an och a mengem Numm begléckwënschen zu dësem Projet. Detailléiert Froen hunn ech net méi ze stellen. Déi meescht si gestallt a beäntwert ginn. Ech hoffen, datt dat do dann elo endlech realiséiert gëtt.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech sinn och elo iwwer 20 Joer am Gemengerot an ech ka mech nach erënneren, wéi dee leschte Projet – ech mengen, et war och den Här Weisgerber, deen dee presentéiert huet – bei 500 Millioune Lëtzebuerger Frang louch. Do housch et „Hu mir se dann nach all? Wat maache mir?" Do sinn och déi Diskussiounen opkomm vu Schräiner, vun engem Atelier hei an engem Atelier do. Do gouf gesot, mer bräichten nëmme Garagen. Meng Fro ass déi heiten: mir sinn elo bei 700 Millioune Frang. Wat fir eng Atelieren huele mer dann hei mat a wat fir eng Ateliere maache mer do? Wéivill Leit kommen all Dag op dee Site schaffen? Well dat ass wichteg fir d'Sanitäranlagen an den Iessraum ze bespicken, wann ee kann esou soen. Wat fir eng Büroe komme mat dohinner? Ech wollt awer och soen, datt mer net dierfe vergiessen, de Gas wéinstens dohinner ze leeën. De Buergermeeschter huet deem jo virgegraff. Dat ass elo e bëssen en neien Trend, och bei den neie Citéen. Et gëtt einfach kee Gas méi geluecht, an dann hu mer duerno e Problem a mer mussen nees oprappe goen. Dat si meng Froen. Dat Eenzegt, wat de Guy och gesot huet, ass dat hei: wat maache mer mat deene Saachen, déi mer elo hunn. An zwar zu Lamadelaine, hanner der Police, rue de la Chiers, asw. Ginn déi Sitten dann all eidel gemaach oder wéi ass dat virgesinn?

Mertzig Romain, Schäffen:

Wann ech richteg am Bild sinn, da sinn et ronn 130 Leit, déi dohinner schaffe kommen. Alles, wat u sech Regiebetriber ass, dat soll erofkommen. D'Büroe si virgesi fir d'Viraarbechter mat hiren Adjointen. De Chef vun der Regie, dee soll och dorower kommen. A wa mer déi Leit all zesummerechnen, da komme mer dann op deen Espace, dee mer fir Büroe virgesinn hunn.

Rosenfeld Romain (CSV):

Mer dierfen net doranner verfalen, datt d'Halschent vun der Beleegschaft um Büro sëtzen an datt mer net méi genuch Leit um Terrain hu fir eis Equippen ze leeden. Dat ass d'Gefor. Bis elo waren se alleguer an hirem Eck. Deen eenzegen Nodeel, deen se hei hunn, dat ass, datt se sech net méi kënne verstoppen ewéi vläicht a verschidde klengen Atelieren.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat ass dat, wat ech an der Aleedung gesot hunn. Mir hunn eng besser Kontrollfunktioun, ouni dat elo iwwer ze bewäerten. Duerch déi Kontrollfunktioun kënne mer och eng ganz aner Koordinatioun hunn. Op jiddwer Fall ass virgesinn, datt - sief et en Atelier oder iergendeppes, wat d'Regiebetriber ugeet – alles, wat d'Regiebetriber ugeet, elo dorower kënnt op de Site op der Lénger Strooss. Inklusiv eist Lager. Et gëtt alles geraumt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Och do gëtt et grouss Virdeeler. Do ënnen ass alles konzentréiert. Och d'Cheffen, déi fir de Moment am Päschenhaus sinn an hir Servicer iwwer déi ganz Gemeng verspreet hunn, wäerten dann hir Servicer all koordinéiert beieneen hunn, datt se och beienee sëtzen a beieneen déi Aarbechten, déi ufalen, kënnen organiséieren. Dat ass e grousse Virdeel.

D'Sécherheetsleit, déi de Moment an der Maison sociale sëtzen, déi kommen och elo bei hir Leit. Wat fir mech och wichteg ass, an dat ass e ganz grousse Virdeel an dësem ganze Projet, dat ass d'Lager. Dat hu mer iwwerall leien, ewéi zum Beispill an der Sportshal. Mer hunn och e ganze Koup Betriber bei eis an de Schoulen, wat och net adequat ass. Dat heescht, et kënnt alles op eng Plaz. A mer kënnen – dofir hu mer schonn e Poste geschafen – dat ganzt Lager zentral organiséieren. Dat gëtt sécherlech d'Kärsték vun dësem Projet fir d'Lager, d'Gefierer an d'Leit all op engem Site ze hunn. An ech ginn dem Här Becker Recht, datt, wat d'Aarbechtsorganisatioun ugeet, et e Meilesteen ass am Verglach zu deem, wat mer haut hunn. Och d'Cheffen, déi déi Betriber do leeden, wäerten eng ganz aner Approche, e ganz aner Bindung zu hire Mataarbechter hunn ewéi dat bis haut de Fall ass.

Et war och ni eng Diskussioun hei an dësem Gemengerot. Ech ginn dem Här Rosenfeld och Recht, datt iwwer 20 Joer vun

deem Projet hei geschwat ginn ass. Et war e politesche Konsens ronderëm den Dësch, datt déi Ateliere solle gebaut ginn. Et war just de Site. An den Här Brecht huet de Site genannt nieft dem Hotel, mä virdru war de Site zu Lamadelaine. Et war ëmmer eng Diskussioun iwwer de Site vun dësen Atelieren, iwwer den Emplacement, mä ni eng Diskussioun iwwer d'Tatsaach selwer, datt mer mussen nei Ateliere bauen. Dofir sinn ech frou, an dat hunn ech elo aus deem ganze Gespréich eraushéieren - ech wëll dem Här Gira hei net virgräifen – datt hei ronderëm den Dësch e Konsens ass, datt déi Ateliere musse gebaut ginn an datt mer elo um gudde Wee si fir dat ze maachen am Intressi vun eise Betriber. A wann ech dat soen, dann ass dat och am Intressi vun eise Bierger, déi duerno vu besseren Déngschter profitéieren.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech wollt awer nach ganz kuerz soen, datt et déi Zäit mat deene 500 Millioune Frang och eng Finanzgeschicht war. Dat gëtt e bësse vergiess. Haut si mer op 700 Millioune Frang. Opgrond vun där virsiichteger Finanzpolitik kënne mer dee Projet ugoen, a mer sinn och wahrscheinlech alleguerte frou, wann en esou realiséiert gëtt ouni zevill déif an d'Schold ze klappen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Finanziell ass dee Projet ze realiséieren. Well ech erënneren drun, datt mer deemools vun enger Verschëldung vu 36 Milliounen ausgaange sinn, haut gi mer vun enger Verschëldung vun 12 Milliounen Euro aus. Dat muss ee ganz kloer soen. Do kéim dee Projet derbäi, an dat ass sécherlech zu där Zäit och e Problem gewiescht.

Gira Carlo (CSV):

Ech kann iech direkt berouegen, datt ech net dee sinn, deen hei dëse Projet géif a Fro stellen. Ech wëll och net méi op d'Geschicht agoen, do ass och genuch gesot ginn. Mer kënne frou sinn, datt mer elo hei e Site fonnt hu wou mer d'Atelieren oder d'Garagë kënne bauen. Den Här Becker huet et jo schonn ugeschwat, datt mer hei op engem Terrain sinn, deen e bësse problematesch ass. Mä et komme jo do awer keng zousätzlech Ausgaben op eis zou? Dat wier eng vu menge Froe gewiescht, déi awer scho beäntwert ginn ass. Ech mengen, wann ee vun Nuisancë schwätzt, da kann een och net soen, datt dat grouss ass. Effektiv fueren déi eng Kéier eraus. Alt emol zweemol am Dag. Moies eraus, mëttes eran, mëttes eraus a mëttes eran. Do si jo awer da keng grouss Saachen, déi do op d'Bierger zoukommen.

Mir schwätze jo och vun Atelieren, mä et ass jo elo net, datt mer grouss Saachen hei produzéieren. Et sinn einfach Saachen, déi hei preparéiert ginn. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, et gëtt e Kärstéck. Et ass eist Zentrallager, wou mer wierklech alles op enger Plaz kënnen zentraliséieren an och verwalten. Insgesamt muss ee soen, datt et eng Verbesserung gëtt. Zemools och en energetescht Konzept hei opgestallt gouf, wat ech natierlech begréissen. Dat ware meng Froen, déi ech wollt stellen. Ma ech stelle fest, datt do bis an dee klengsten Detail geplangt gouf.

Zu de Garagen ass gesot ginn, datt do minimal géif gehëtzt ginn. Wéi ass et am Summer? Besteet do och d'Méiglechkeet, wann et ze waarm ass, fir dat ofzekillen? Ass dat esou?

Wat ze begréissen ass, dat ass och, datt mat deene Leit, déi do schaffen, geschwat ginn ass. Den Här Mertzig huet et och scho gesot: et kann net jidderee seng Wurscht gebrode kréien, mä et ass einfach gekuckt ginn, wat d'Bedierfnesser sinn. An do ass einfach e Konsens fonnt ginn, wou d'Leit an deene beschtméiglechste Konditioune schaffe kënnen.

Wat ech och begréisse wat ugeschwat gouf, ass dat vum Schräinereibetrib. Hir Ateliere sinn esou konzipéiert, datt net einfach gesot gëtt, dat ass deen Atelier an dat ass dësen Atelier. Wann ee kuckt, wéi séier d'Liewe weidergeet, da gesäit een, datt et Beruffer haut ginn, déi et awer vläicht an 10 oder 20 Joer net méi gëtt, an da misst een dat Ganzt erëm ëmbauen. Dofir gesinn ech hei awer d'Méiglechkeet, dat hei op laang Siicht ze bauen. Eng Fro, déi sech do och stellt bei de Garagen. Vun der Regierung gëtt ëmmer méi gesot, datt mer solle vun deene fossille Brennstoffer ewechkommen an op Elektroautoen iwwergoen. Ass dat an deene Garagen och virgesinn, esou datt déi an de Garagen esou gewaacht ginn. Ech denken einfach drun, datt do Opluetstatioune si fir d'Autoe kënnen ze bedreiwen.

Dann ass d'Versigelung ugeschwat ginn. Wat net ugeschwat ginn ass, dat ass dat mat de Parkplazen, well der jo och en etlech dohinner kommen. Ech gi jo awer dovunner aus, datt déi an engem Areal sinn, wou d'Waasser kann oflafen, an datt mer do net onbedéngt déi Parkplaze mussen zoubetonéieren.

Wat dee „Grüngürtel" ugeet, do si mer zwar nach net, mä ech géif awer virschloen – dat hunn ech gëschter an eiser Nopeschgemeng gesi wou bei hire Planze steet „Ech si vun hei" -, datt mer géife Planzen huelen, déi aus eise Géigende si fir datt mer, och wa mer och net méi kënne mat de Kanner dohinner goen, awer nach eenheemesch Planze kënne weisen. Souwäit zu deem, wat ech dozou wollt soen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wat d'Garagen an d'Wartung ugeet, do si mer am Moment nach net um Stand der Dinge fir datt d'Beleegschaft kann un den elektreschen Autoe schaffen. Dat ass awer eng Evolutioun, déi wäert stattfannen duerch Formatioun respektiv duerch déi Leit, déi hir Léier maachen an an Zukunft dat geléiert hunn. Mat de Bornen, dat gesi mer selbstverständlech vir. Mir waarden awer net mat der Vergréisserung vun eisem Fuerpark bis eis Garagë stinn.

Wéi dir och wäert an Zukunft am Budget gesinn, wäerte mer deemnächst och eng ganz Gamme elektresch Autoe virgesinn. Mer probéieren, esou vill wéi méiglech op dee Wee ze goen, wat awer net bei all Gefier wäert méiglech sinn. Mä mer kucken, datt mer, wat eis Gefierer ugeet, e gesond Gläichgewiicht kréien.

Gira Carlo (CSV):

Meng Fro war jo net, datt se schonn ausgestatt sinn, mä datt mer déi Atelieren esou konzipéiere fir se an Zukunft esou auszebauen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat mat de Planzen huele mer mat op de Wee. Dat sinn awer Detailfroen, iwwer déi mer eis zu dësem Zäitpunkt nach net de Kapp zerbrach hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Här Gira hat och nach eng Fro zu de Parkplaze gestallt. Wësse mer do schonn, wéi dat konzipéiert ass? Ob deem Rechnung gedroen ass, wat den Här Gira gefrot huet.

Schiltz Yves, Ingénieur (Gemeng Péiteng):

Just als Präzisioun: d'Parkplaze gi versigelt. Dat war eng Contrainte, well mer ënnendrënner jo formidabel Buedemverhältnisser hunn, musse mer versigelen. An der Peripherie musse mer fir den Drainage d'Waasser ronderëm de Site ofleeden. Dat war och eng vun de Bedingunge vum Environnement. Soss hätte mer léiwer d'Parkplazen net versigelt an den Zäite wou mer haut sinn, mä hei komme mer leider net derlaanscht.

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Dofir probéiere mer jo en Ausgläich, eng Kompensatioun ze schafen andeems mer d'Daachflächen – dat si bal 5.000 m2 –

begréngen. Dat ass e groussen Ausgläich am Verglach zu engem waasserduerchlässege Parking.

Gira Carlo (CSV):

Dir sot, der misst dat versigelen. Dir hat och vum Opfangbecke geschwat fir d'Autoen ze wäschen. Kann dat Waasser dann och do opgefaange ginn?

Weisgerber Louis (weisgerberarchitecte sa):

Dat Waasser gëtt deelweis opgefaangen. Dat iwwerschëssegt Waasser kënnt einfach an en traditionellen Opfangbecken, wou mer vir een 20 m3 grousse Kontrollbasseng hunn. Dat ass dofir. De Rescht ass einfach eng Rechnung wou d'versigelt Fläche minus d'Kubikmeter, déi mer fir d'Opfänke vum Reewaasser hunn. D'Differenz ass dat, wat mer als Opfangbecke brauchen. Dat ass awer och schonn alles mat dem Waasserwirtschaftsamt ofgeschwat.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir gesitt, et ass scho ganz vill Viraarbecht an deem Dossier gemaach ginn. Mir hunn haut de Vote ustoen, an déi aner Prozeduren, ewéi de Kommodo, lafen dann un. Mir hoffen, datt mer déi dann och elo an der Frist, déi virgesinn ass, an déi mer eis och virstellen, evakuéieren. Da wäerte mer mat den Aarbechten ukommen. Wann alles gutt geet, wäert dat am Laf vum nächste Joer sinn. Mer hoffen, datt mer an deenen nächste Méint keng Iwwerraschung kréien. Da kënne mer 2017 mat den Aarbechten ufänken. Mir wëssen awer och, datt déi Aarbechten zwee oder dräi Joer wäerten an Usproch huelen. Dat heescht, mir wäerten – wann alles riicht leeft – 2019 oder 2020 mat deenen Aarbechte fäerdeg ginn. Wichteg ass awer elo, datt dee Projet hei gestëmmt gëtt. An da si mer e weideren oder e wichtege Schrëtt a Richtung nei Garagë weiderkomm.

Accord à l'unanimité.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir gesitt, et huet sech gelount fir e bëssen ze waarden. Elo hu mir en eestëmmege Vote fir dëse Projet, dee fir laang Diskussiounen hei am Haus gesuergt huet. Merci nach eng Kéier de Büroen. Dir sidd elo awer net entlooss, well dir kënnt elo weiderfuere mam Schaffen, well mir waarden op iech, well et hänkt elo alles un iech. An de Gemengerot ass zimlech drop aus, datt dat virugeet. Elo sidd dir gefuerdert, an dir hutt d'Verantwortung wann et net geet. Mir hunn eist elo gemaach.

6.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 10.091.761,39 euros, dont «impôt commercial - 1er trimestre 2016» (2.479.000 euros), «impôt commercial - 2e trimestre 2016» (3.719.000 euros) et «impôt commercial - 3e trimestre 2016» (3.719.000 euros) – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.2.

Administration générale.

Changements dans deux commissions consultatives – décisions.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Votes secrets:

Par 14 voix, la démission est accordée à M. Fabien Hermes comme membre de la Commission de la Jeunesse.

Par 15 voix, Mme Cati Monteiro, de Rodange, est nommée nouveau membre de la Commission de le Jeunesse.

Par 14 voix, Mme Valérie Lemaire, de Lamadelaine, est nommée nouveau membre de la Commission de la circulation et des transports en commun.

M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part aux votes.

6.3.

Administration générale.

Décompte concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux - approbation.

Total du devis approuvé:	*245.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé:	*275.757,60 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*275.757,60 euros (ttc)*

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.1.

Personnel communal.

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) dans la carrière de l'aide-moniteur (m/f) pour les besoins du service du transport scolaire – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir brauchen um Trajet fir d'Kanner an d'Schoul ze begleeden eng Persoun weider. Et ass jo allgemeng bekannt, datt déi meescht Kanner mam Bus hin an hir fueren. Mir hu méi Kanner an de Schoulen, mir hunn der och méi am Blobierg. Eis Educatricen aus de Maisons Relaisen hunn do staark gehollef. Mä eis nei Maison Relais zu Rodange ass elo opgaangen, a mir hunn elo iwwer 100 Kanner weider. Eis Leit aus de Maisons Relaise si scho voll beschäftegt a kënnen net nach weider Kanner mat op den Trajet huelen. An dat well mer jo ëmmer nëmmen eng gewëssen Zuel dierfe mathuelen. Dofir biede mir iech, déi hei Schafung vun engem Posten ze stëmmen. An dat fir 12,25 Stonnen d'Woch. Mir hunn eis dat méi oder manner ausgerechent, wat mir brauche fir mam Bus oder eventuell zu Fouss en Trajet ze maachen, esou datt mer déi Kanner awer sécher op déi eenzel Plaze bréngen. Dat ass esou ausgerechent gi well déi Leit jo während de Vakanzen net schaffen, an dofir komme mer op déi doten Zuel. Ech géif iech biede fir dëser Posteschafung zouzestëmmen, esou datt d'Sécherheet vun de Kanner ënnerwee ka garantéiert ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wann ech iech richteg verstanen hunn, dann denken ech, datt mer awer nach eng Kéier op de Wee vum Pedibus ginn, an datt dir versicht, awer nach dorop anzegoen. Ech weess net, ob dir dat wëllt zu Rodange maachen. Gitt dir eventuell op dee Wee?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir wäre scho ganz frou, wa mir e Pedibus hätten. D'Kanner, déi moies an d'Schoul ginn, ginn normalerweis vun den Eltere gefouert. Hei ass et esou: déi Kanner, déi an de Sport ginn, an eise PiKo, en Ausfluch maachen oder erausginn, déi ginn hin an hir gefouert. Et ass jo haaptsächlech fir déi.

Wann dir kuckt, da kommen um 12 Auer d'Bussen hei un. Déi bréngen d'Kanner aus der Schwämm zeréck bei d'Schoul. Zu Rodange war dat och esou. Zu Rodange sinn eis Educatricë vun der Maison Relais – well et jo do méi no ass – zu Fouss an de Blobierg gaangen. Mä de Moment hu mir nach iwwer 100 Kanner weider an der Maison Relais zu Rodange, esou datt déi Educatricen, déi do matginn, net nach zousätzlech Kanner kënne mathuelen. Et sinn der awer och nach am Blobierg an an der Neiwiss, déi net an der Maison Relais sinn. Déi kënnen se awer net méi mathuelen. Dofir brauche mer nach aner Dammen. Déi huelen a féieren se op déi Plaz, wou de Bus se siche kënnt, wa se mussen iergendwou higefouert ginn. Dat ass nun emol esou. Eis Schoule sinn zimlech verspreet. Eis Schwämme sinn net direkt bei der Schoul, an da brauche mer einfach déi Circuiten. Et geet net anescht.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass haaptsächlech fir déi Weeër, déi net ronderëm d'Schoul sinn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass fir déi méi wäit Weeër. Natierlech ass et och esou, datt Kanner, déi am Blobierg sinn an emol erausfueren oder an d'Schwämm ginn, eng Surveillance brauchen. Dat ass selbstverständlech. Och déi, déi am Pesch- oder am Neiwiss-Schoulgebai sinn. Déi, di mueres bei d'Schoul kommen, déi gi jo vun den Elteren dohinner gefouert. Ausser déi, di an der Maison Relais sinn. Mä dat ass jo en anere Grupp, well déi gi jo vun eisen Educatricë gefouert. Déi si jo schonn um 6.45 Auer an der Maison Relais. Do hu mer jo och genuch Surveillance. Déi ginn awer vun den Educatricë bei d'Schoul gefouert. Dat ass eng aner Grupp.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hu gefrot, well dir elo vum Pedibus geschwat hutt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech mengen, dir verwiesselt de Pedibus. Mir hunn ëmmer gesot, datt de Pedibus eng flott Saach wier wa mir Elteren hätten, déi d'Kanner géife sammelen an déi da mat den Elteren zu Fouss bei d'Schoul géife goen. Esou wéi dat fréier war. Do si mir ëmmer zu Fouss an d'Schoul gelaf. Haut féieren déi meescht Elteren hir Kanner an d'Schoul oder op verschidde Plaze sinn et gewësse Bussen, déi d'Kanner op verschidde Plaze siche ginn a se dann an d'Schoul féieren. Déi maachen e Circuit, well mer gesot hunn, datt all Kand, wat méi wéi 300 Meter vun der Schoul ewech wunnt a wou d'Elteren se net kënne féieren, kann an de Bus klammen a gëtt gefouert. Do sinn natierlech och Leit derbäi, déi op déi Kanner oppassen.

Mir wiere scho ganz frou, wa mir Elteren hätten, déi moies zu Fouss mat de Kanner géife goen. Mir hate jo schonn emol eng Demande lancéiert, mä mir hu keng fonnt, déi dat wëlle maachen. Ech weess, datt an anere Gemengen Elteren déi Verantwortung iwwerhuelen. Mir hate jo och gesot mer géifen deene Leit eng Versécherung ubidden, well se aner Kanner mat op de Wee huelen. Mä mir hunn awer keng fonnt – bis elo -, déi mat hinne gaange sinn. Et ass schwiereg hei bei eis an der Gemeng fir der ze fannen. Dat kënnt och haaptsächlech doduerch, datt déi meescht Leit schaffe ginn. Déi meescht Damme si moies schonn eraus. Dofir hu mir jo moies och esou vill Kanner an de Maisons Relaisen. Vu 6.45 Auer u si se schonn an der Maison Relais, um 7 Auer ass d'Maison Relais scho praktesch voll. An dofir kënne mer och net dorop zeréckgräifen, datt mer soen, mer huelen d'Kanner mam Pedibus mat. Also zu Fouss.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wéi gitt der op den Avis vun der Delegatioun an?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Delegatioun hätt natierlech gären, datt mer iwwer 16 Stonnen ausschreiwen, well dat jo dat ass, wou et geheescht huet, et wier fir d'„sécurité sociale". Et ass awer esou, datt, wann ee kumuléiert, ee vläicht net esou séier op dee Chiffer kënnt, deen ee brauch, an een einfach méi laang muss schaffen. Et ass een awer dran an et gëtt awer ugerechent fir eng Rent duerno. Mir mussen awer och e wéineg kucke wéi et bei eis ausgesäit. Well et huet kee Wäert fir Leit am Leerlauf lafen ze hu fir just ze soen, datt mer hinne 16 Stonne solle ginn. An da wësse mer net, wat mer mat deenen anere 4 Stonne sollen ufänke mat de Leit. Also mir hunn eis ausgeschwat – och am Schäfferot – a mir bleiwe bei eise Stonnen a kucke fir Leit ze fannen, déi déi dote Stonne schaffe kommen. Si kréie jo hir „sécurité sociale", et gëtt jo ugerechent fir eng Rent. Et dauert ebe just e wéineg méi laang bis se op déi Stonne kommen, déi gefuerdert si fir eng Rent ze kréien.

Arendt Patrick (CSV):

Ech wollt mech elo ganz spontan zu där Saach vum Pedibus äusseren, well ech einfach der Meenung sinn, datt et schued ass, datt déi Initiativ bei eis net funktionéiert huet. Et kéint een awer trotzdeem nach e Versuch starte fir dat nees ze lancéieren. Just fir eng Iddi mat op de Wee ze ginn: ech weess, datt et an anere Gemengen och déi Mëttele gëtt, datt de séchere Schoulwee um Buedem, um Trottoir fir d'Kand gezeechent gëtt, an datt een do aus deenen eenzelne Citéë kéint e Wee schafen, wou d'Autoen oder d'Matbierger mat der Zäit wëssen, datt dat de séchere Schoulwee ass, datt do d'Kanner moies ginn an datt dat dee Wee ass, wou se wierklech gutt mussen oppassen. Et ass eng weiderféierend Alternativ, déi méiglech ass. Dofir wier et gutt fir dee Projet nach eng Kéier ze lancéieren an ze kucken, ob dat net awer bei eis zu Péiteng machbar wier, well et trotzdeem eng ganz gutt Saach ass. Och fir eis Kanner an och fir déi Sécherheet ze garantéieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dee Projet louch vir, och mat deem sougenannte séchere Schoulwee, mat deenen Zeechen um Buedem, mat den Hiesercher a mat de Kaweechelcher a wat alles geplangt war fir dat anzezeechnen. Mä wéi gesot, et ass einfach um Manktem u Leit, déi sech wollte verflichte fir d'Kanner ze féieren, datt dat gescheitert ass. Ech mengen, am Ufank muss een d'Kanner jo féiere bis si e gewëssenen Alter hunn an ee ka soen, datt een se eleng ka schécken. Och wann de Wee sécher ass. Mir wësse jo awer och, datt näischt 100% sécher ass. An ech denken, dorunner scheitert et. An des Weideren och dorunner, datt bei eis an der Gemeng vill Damme sinn, déi moies fréi scho fort sinn an d'Kanner net méi kënne feieren.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Personnel communal.

Création d'un poste de salarié (m/f) (ancien employé privé) à plein temps et à durée déterminée – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass eng Damm, déi zu 50% am Office social an zu 50% am „Service médico-socio-scolaire" schafft". Et ass eng Assistance sociale, déi e „Congé de maternité" an duerno e „Congé parental" wäert hunn ab dem 31. Januar 2017. Den Office social ewéi de „Service médico-socio-scolaire" soen eis, datt et net méiglech ass – well et jo kleng Betriber sinn -, ouni eng Hëllef während engem ganze Joer ze schaffen. Et gesäit een, op där aner Säit, awer och um Marché, datt et Assistante

sociale ginn, déi bereet sinn, esou eng zäitlech begrenzt Aufgab während engem Joer unzehuelen. Dee Posten hei soll geschaf an ausgeschriwwe gi fir datt mer vum 1. Februar 2017 eng Damm hunn, déi dann zu 50% am „Service médico-socio-scolaire“ an zu 50% am Office social hëlleft, well mer do awer eng ganz grouss Aarbecht ze bewältegen hunn an et schwéier ze vertriede wier, datt déi Servicer e ganzt Joer laang an der Ënnerzuel géif funktionéieren.

Accord à l’unanimité.

Polfer John (CSV):

Wéi mer all wëssen, hëlt d’Aarbecht am Office social net of, si hëlt nach zou. Wéi ech weess, huet déi Damm, déi hei an de „Congé de maternité“ geet, nawell vill Dossieren ze verwalten. Ech géif dofir dem Gemengerot Merci soen, datt en deem Posten eestëmmeg zougesot huet, fir datt d’Aarbecht fir déi manner bemëttelt Leit awer do ënne virugeet.

7.3.

Personnel communal.

Fixation des indemnités à allouer aux salariés (anciens employés privés) du service d’aide aux devoirs - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l’unanimité.

8.1.

Enseignement.

Organisation des classes de neige pour 2017 – décision.

Explications par M. Raymonde Conter-Klein, échevine.

Les classes de neiges auront lieu du 26 janvier au 4 février 2017 à Sigmundsberg/Mariazell en Autriche. Le nombre de participants sera de quelque 165 élèves et de 33 adultes.

Accord par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

8.2.

Enseignement.

Décompte concernant le réaménagement de la cour avant de l’école «Am Park» à Pétange - approbation.

Total du devis approuvé:	*500.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé:	*579.696,04 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*562.008,32 euros (ttc)*

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei hu mer no enger gewëssener Zäit d’Ofrechnung vun der Park-Schoul virleien, wou mer den Haff nei gemaach hunn. Mir haten deemools e Gesamtdevis vu 500.000 Euro hei gestëmmt an duerno e Kredit vu 579.696,04 Euro. Do ass e Supplement dobäikomm, deen och hei dokumentéiert ass. Et ass jo och gewosst, datt mer eng relativ stramm Petitioun vun den Awunner aus der Parkstrooss um Dësch leien haten. Mir haten och ganz laang Diskussioune mat deenen Awunner a mir sinn hinnen och vill entgéintkomm. Mat gewësse Paarten an Uplanzungen, déi mer gemaach hu fir datt si eng Berouegung kritt hunn. Wat net nëmmen eleng mat deem ganzen Ëmbau vum Schoulhaff ze doen hat, mä wat allgemeng ze doen huet, wat ëm déi Schoul do funktionéiert. Et muss een natierlech och ëmmer dat hei soen: wann ee bei enger Schoul wunnt, da weess ee jo och ganz genee, datt ee mat gewëssen Nuisancen ze doen huet. Mir sinn hinne ganz vill entgéintkomm, esou datt mer duerno nach eng ganz Ausgab vu 562.008 Euro haten. Ech muss awer nodréiglech soen, datt no all deenen Diskussiounen, déi mer haten, an no all deene Supplementen, déi mer do getätegt hunn, ech viru kuerzem vun engem Awunner aus der Parkstrooss ugehale gouf an dee mir matgedeelt huet, datt si an der Tëschenzäit eng besser Liewensqualitéit hätte well et owes vill méi roueg wier. D’Jugend géif sech net méi esou vill do ophalen, an dee Passage, dee mer jo effektiv zougemaach hu fir datt méi Rou a Richtung Parkstrooss soll sinn, deen hätt ganz vill Rou erabruecht. Owes wier et elo op jiddwer Fall an deem Kontext do vill méi roueg.

Mir hu jo och d’Beliichtung do nei gemaach. Et soll jo och esou sinn, datt mer do wollten eng gewësse Sécherheet erakréien, an dat schéngt jo awer elo nodréiglech seng Friichte gedroen ze hunn. Ech hoffen, datt et bei deenen anere Bierger aus där Strooss och esou ukomm ass. Dat géif een och emol freeën, well mer hate jo zimlech Opreegung mat där ganzer Strooss.

Wat de Supplement ugeet, bon, mer haten eng Ausgab vu 562.008 Euro. Et schéngt sech alles eenegermoossen do berouegt ze hunn. Ech géif iech dann elo bieden, deen doten Dekont haut och ze stëmmen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech huelen un, Madamm Conter, dir mengt d’Korstrooss, wou dee Passage war.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Neen, dee Passage war an der Parkstrooss. Dat war dee Passage tëscht der Schoul an hanner de Gäert vun der Parkstrooss. Do ass hannen e klenge Passage gewiescht mat engem Agank hannen eran, a wou och eise Waasserservice och nach Dépoten huet. Mir hunn Dieren do gemaach.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass de Passage op d’Korstrooss hin.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, et ass de Passage, deen op d’Korstrooss geet. Elo hu mer eis richteg verstanen.

Brecht Guy (LSAP):

Do wou de Foyer de la Femme seng Versammlungen huet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, wou si nach de Sëtzungssall hunn. Mir hunn do zwou Diere gemaach a méi ugeplanzt, méi breet ugeplanzt, esou datt do quasi eng gréng Wand soll sinn, déi schonn Nuisancen ewechhëlt. Des Weidere sinn do nach 2 Dieren, déi ëmmer sollen zou sinn a wou de Waasserservice an de Portier e Schlëssel hunn.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt just soen, datt aus menger Siicht déi Aarbechte ganz gutt gelonge sinn, well mer jo e bësse gefaart haten, datt dee ganze Schoulhaff an Usproch geholl géif ginn. Deem ass jo awer net esou. A well dee Site sech och gutt eegent fir Manifestatioune vun der Gemeng aus ze maachen, sinn ech frou, datt och dofir Plaz iwwreg bliwwen ass.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Éischtens hu mer jo no de Kanner gekuckt. Et muss ee jo ëmmer bedenken, datt Schoulhaff Schoulhaff ass. Et muss ee jo och e wéineg no de Kanner kucken. Mir brauche jo och de Schoulhaff, well et ass jo am Gesetz virgesinn, datt all Kand d’Recht op esou vill Quadratmeter zegutt huet fir sech am Schoulhaff ze bewegen. Mir hunn de Schoulhaff och esou

ausgeluecht, datt en agedeelt ass – elo esouguer nach besser – a verschidden Zonen. Déi eng méi berouegend, déi aner, wou se kënne klammen a sech bewegen. An der Mëtt ass e grousse Fräiraum behale ginn, deen och nach fir aner Zwecker ka genotzt ginn. Ech mengen, et ass en Erfolleg.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Romain Richer, curé adjoint de la Communauté Pastorale de Pétange, concernant la mise à disposition du presbytère de Pétange (immeuble avec garage) sis à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin n° 31 – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer uganks dës Joer geschriwwe krute vum Ministère, datt d'Gemengen opgrond vun enger neier Gesetzgebung net méi gezwonge sinn, de Paschtéier Wunnenge gratis zur Verfügung ze stellen. An der Tëschenzäit hu mer och e Changement zu Rodange an Aussiicht. Och do wäerte mir iech e Loyersvertrag virleeën. Hei zu Péiteng hu mer e Changement krut wat den Här Paschtouer selwer ugeet. Den Här Gillen huet eis verlooss, hien ass jo Dechen zu Veianen ginn. Den neie Kaploun oder „curé adjoint" Romain Richer ass op Péiteng komm, a mir hunn och direkt mat him gekuckt fir e Loyerskontrakt ze maachen.

De Loyerskontrakt, deen dir virleien hutt, soll den 1. Januar 2017 ulafen. E soll all Kéier 1 Joer daueren an duerno automatesch verlängert ginn, et sief dann et géif een en opléisen. De Loyer fir d'Haus beleeft sech op 1.464 Euro. Wéi komme mer op déi Zomm? Mir hunn eng Rei Institutiounen, déi och hei bei eis um Terrain Wunnengen oder Raimlechkeete loune fir hir Betriber oder fir de Fonctionnement vun hire Betriber ze garantéieren. Dat ass zum Beispill d'Steierverwaltung, d'Police an esou weider. An do hu mer e Critère vu 6 Euro pro m2. A well d'Haus 244 m2 huet, hu mer deeselwechten Tarif applizéiert an esou komme mer op déi Zomm vun 1.464 Euro de Mount. Dat bedéngt awer, datt de Paschtouer hei am Déngscht vun eise Bierger steet, wann en dat net méi ass, dann ass dee favorabelen Tarif och net méi ze hunn. An da wäerte mer och net méi de Loyerskontrakt mat dem Paschtouer bäibehalen.

Des Weidere kommen och nach all déi Käschten eweí d'Elektresch, de Gas, d'Kanalisatioun asw. zu Laaschte vum Locataire. Wéi gesot, dat ass deen éischte Loyerskontrakt, dee mir iech hei virleeën, deen och vum Bistum a vum Paschtouer guttgeheescht gouf. Dat ass och déi Basis, déi mer virgeschloen hu fir dem Paschtouer vu Rodange déi Raimlechkeeten ze verlounen.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg» à M. Pascal Thill et Mme Nadia Scalise - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 8 centiares se fait au prix de 60 euros.

Approbation à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» avec M. Vitor De Oliveira Ribeiro et Mme Maria Armandina Carreira Seixas Ribeiro - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'échange de terrains se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.4.

Propriétés.

Compromis concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue des Jardins» avec la société «DS2 Promotions» sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'échange de terrains se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

9.5.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Im Heidenbour» de la part de M. Roger Niederkorn - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 2 hectares 26 ares et 50 centiares se fait au prix de 135.900 euros et est faite dans un but d'utilité publique dans le cadre de la mise en œuvre du plan national pour la protection de la nature et des mesures de compensation imposées aux communes en fonction de l'impact d'éventuels projets locaux sur l'environnement naturel.

Approbation à l'unanimité.

10.

Affaires sociales.

Convention avec Proactif asbl et l'Association des Musées et Tourisme Ferroviaires asbl (AMTF 1900) concernant la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass eng Konventioun, déi all Joer erëmkënnt an déi mer mat „Proactif asbl" an der „Association des Musées et Tourisme Ferroviaires" (AMTF 1900) hunn. Do geet et drëm fir Aarbechten um Site vum Fond-de-Gras ze maachen. Haaptsächlech Aarbechten am Kader vun der Renovatioun an dem Ënnerhalt vun dem historeschen Eisebunnsmaterial, dat an der Gare am Fond-de-Gras steet an der AMTF gehéiert. Op där aner Säit ass awer och den Ënnerhalt vun deem ganze Site ze maachen, fir den Débroussaillage laanscht d'Eisebunn ze maachen, wat jo meeschtens de Wanter gemaach gëtt fir datt mer – wann den Zuch am Fréijoer nees fiert – propper Schinnen hunn an do derlaanscht gebotzt ass. Hei kënnt nach en zweete Volet derbäi, an zwar den Ënnerhalt vum Site. Dofir

ass d'Zomm och liicht méi héich ewéi déi Jore virdrun. Do geet et drëm, déi Renovatioun vun deem enge Gebai ze maachen, wat ganz am Ufank nieft der Gare stoung. E Gebai, wat ufanks vun der Asbl selwer opgeriicht gouf a wou den Daach ganz schlecht ass a wat awer elo no 40 Joer, an deenen de Fond-de-Gras richteg exploitéiert gëtt vum Train 1900, an engem zimlech schlechten Zoustand ass géintiwwer deenen anere Gebaier. Dofir geet et drëm fir mat deene Leit vu Proactif dat Gebai méi flott ze gestalten. Hannendrun hu mer jo schonn en neit Gebai gebaut. Op jiddwer Fall gëtt en neien Daach gemaach, esou datt et net méi era reent an datt et sech besser an dat Ganzt integréiert wat mer do eisen Touristen am Summer presentéieren am Fond-de-Gras.

Déi ganz Zomm läit bei 250.075,60 Euro ouni TVA. Wéi gesot, et ass liicht méi héich wéi dat Joer virdrun. Eng 30.000 bis 40.000 Euro, well mer déi Extra-Aarbechten do dëst Joer maachen, déi an deenen nächste Joren net wäerte sinn an déi och d'lescht Joer net waren. Déi Konventioun ass ab dem 1. Januar 2017 a Kraaft an dauert 12 Méint. Si soll hëllefe fir verschidde Leit, déi am Chômage sinn an eng Aarbecht sichen, iwwer d'Associatioun Proactif Formatiounen um Site unzebidden. Op där aner Säit solle si nees eng Perspektiv kréien - nodeems si eng gewësse Formatioun hunn – fir um éischten Aarbechtsmaart Fouss ze faassen. Dat alles ass e Projet, deen op deem dote Site zënter 2000 leeft a wou mer an deene leschte Jore ganz flott Erfahrunge gemaach hunn. Esouwuel um Niveau vun der Réinsertioun vun Aarbechtsloser ewéi och bei der Renovatioun vu flottem touristesche Material, déi mer an deene leschte Jore mat deenen Equippe konnten duerchféieren.

Dat als Aféierung zur Konventioun, déi mer de 17. Oktober 2016 ënnerschriwwen hunn an déi, wa se haut am Gemengerot den Accord fënnt, an de Budget afléisse wäert.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dat ass jo eng ganz flott Saach, datt do geschafft gëtt. Ech maache mer just Suergen. Ass do déi Zomm och dran, wann aner Leit do musse schaffe fir z.B. deen Atelier ze renovéieren? Well dat kënnen si jo net eleng maachen. Se si jo net alleguer ausgebild, esou datt si kënnen e ganzen Atelier renovéieren. Ass déi Zomm dann dra wann do muss den Daach renovéiert ginn? Well do muss awer en anere Betrib kommen, dee richteg etabléiert ass an och déi Verantwortung iwwerhëlt. Well ech mengen, et ass jo ganz flott an et geschéien och ganz vill Saachen do. Ma ech hunn awer meng Bedenken, ob dat an deem Devis do dran ass mat deene Stonnen, wann aner Leit musse mat erugezu ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei sinn am Fong just d'Aarbechten, déi vun deenen Equippe vu Proactif gemaach ginn. Dir hutt Recht, et sinn Aarbechten, ewéi den Daach nei maachen, déi kënnen net vun deenen Equippe gemaach ginn. Dofir ass dat och en extraordinären Artikel vum Budget. Ech kann iech soen, datt d'Käschte fir den Daach bei 85.000 Euro leien. An dat gëtt e Spezialkredit ë.a., well et ginn och nach aner Aarbechten, déi net vun där heiten Equipe gemaach ginn. Et muss och Material kaf ginn, dat gëtt en extraordinären Artikel. Dee wäerte mer mat engem Devis hei am Dezember am Gemengerot stëmmen. Dat kënnt nach dobäi. Hei kënnen nëmmen Aarbechte gemaach gi vu Leit, déi d'Aarbechte kënnen ënner der Regie vu Viraarbechter maachen. Also den Daach ass integral vun enger Firma ofgeséchert, grad esou ewéi eng Rei aner Aarbechten.

Stoffel Marco (LSAP):

Dat do sinn am ganzen 2 Voleten. Dat eent ass d'Beschäftegungsméiglechkeet fir Aarbechtsloser, déi eben iwwer Proactif d'Méiglechkeet kréie fir do ze schaffen. Op där aner Säit muss een awer och begréissen, datt mer doduerch d'Méiglechkeet hu fir dee ganze Site am Fond-de-Gras opzewäerten. Ech mengen, wann do deen Atelier a Stand gesat gëtt, da gesäit dat Ganzt och vill besser aus. An dat kann ee jo nëmme begréissen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech ginn iech do Recht. Et war och eng Ufro komm fir en anert Gebai ze bauen. Mä mir hunn och als Schäfferot deene Verantwortleche vun der Asbl gesot, mer sollte fir d'éischt dat dote Gebai an d'Rei setzen, well et gesäit am Moment net gutt aus. Et muss een awer och wëssen, datt mat deem Gebai alles ugaangen ass, an datt déi Asbl, ier se d'Fonge vun de Gemengen a vum Staat kritt hunn, dat Ganzt an d'Weeër geleet hunn. Ech mengen, et war just de Syndicat d'Initiative, deen deemools eng Hand mat ugepaakt huet. Dofir mengen ech, datt et e flott Zeechen ass, datt déi ëffentlech Hand do hëlleft, fir datt dat Gebai, wat um Ufank vun deem Projet stoung, an d'Rei gesat gëtt. An ech mengen, wann dat elo klappt, da wäert dat am Laf vum nächste Joer oder vum nächste Summer scho vill besser ausgesi wann d'Touriste kommen.

Approbation à l'unanimité.

11.

Cimetières.

Vote d'un crédit spécial 18.350 euros pour l'apport financier de la Commune de Pétange au cimetière «Bei den Gruben» sur le territoire de la Ville de Differdange – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Am Kader vum Bëschkierfecht schloen ech de Vote vun engem Spezialkredit vir, dat am Kader vum regionale Bëschkierfecht „Bei den Gruben" an der Gemeng Déifferdeng. Duerch Gespréicher mam Fierschter huet sech leider erausgestallt, datt et net méiglech ass, en adaptéierten Terrain um Gebitt vun eiser Gemeng ze fannen, an et esou onméiglech ass, e Bëschkierfecht ze realiséieren. Déifferdeng proposéiert eis eng eemoleg paritéitesch Participatioun fir déi 4 Kordallgemengen. Dat bedeit fir Péiteng eng Participatioun vun 18.350 Euro, wou Déifferdeng fir de Finanzement vun dësem flotte Bëschkierfecht virgestreckt huet. Dofir géif ech de Gemengerot och froe fir dëse Spezialkredit ze approuvéieren.

Gira Carlo (CSV):

Ech wollt just drop hiweisen – ech hat mam Här Mertzig Rieds -, datt mer eis hei akafen an dann hu mer d'Méiglechkeet, datt d'Leit kënnen do bäigesat ginn. Wéi d'Formalitéite ginn, dat gëtt an enger Konventioun geregelt an dorop wëll ech net agoen. Mä ech hunn d'Méiglechkeet fir dat ze maache wann et esou wäit ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, do kréie mir eng Konventioun virgeluecht. Et war geduecht fir emol fir d'éischt de grondsätzlechen Accord ze kréien. An duerno wäerte mer dann eng Konventioun virgeluecht kréie fir z'ënnerschreiwen.

Accord à l'unanimité.

12.1.

Urbanisation.

Vote d'un décompte provisoire et d'un crédit additionnel de 130.000 euros concernant le Plan d'Aménagement Particulier du Centre de Pétange – décision.

Total du devis approuvé: *69.613,34 € (ttc)*
Total du crédit approuvé: *69.300,69 € (ttc)*
Total de la dépense envisagée: *200.000,00 € (ttc)*

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei wollte mer iech e provisoreschen Dekont virleeë vun deenen Aarbechten, déi mer am Kader vum PAP vum Zentrum vu Péiteng gemaach hunn. Mir schwätzen hei vum Site vum LTMA. Do hu mer eng Rei Projete vu Ministèrë virleien. Haaptsächlech vum Familljeministère. Anersäits hate mir och ugefaangen, eis Gedanken ze maache fir do eis Museksschoul ze etabléieren.

Mir haten am September 2014 hei virgeschloen, e Kredit ze stëmme fir datt mer prett wiere fir emol unzefänken a fir eis beroden ze loosse vun engem Büro am Hibléck op déi Verhandlungen an Diskussiounen, déi mer mam Ministère sollen hunn. Awer och am Hibléck op e PAP, wou mer wëssen, datt – mat all deenen Ausgaben, déi mer hei hunn – deen aneren a gréisste Proprietaire vun deenen Terrainen sech duerch en deelweise Remboursement un dëse Käschte bedeelegt.

Déi Diskussioune sinn 2014 e bëssen an eng Sakgaass geroden, goufen awer 2015 nees eng Kéier lancéiert an et sinn eng ganz Rei Gespréicher a Léisunge gesicht ginn. An ech muss ganz kloer soen, datt eise Büro do dee gréissten Deel vun der Viraarbecht gemaach huet, esou datt mer dëst Joer am Summer deene Ministèren – och nach eng Kéier opgrond vun enger Nofro vum Minister Claude Meisch – eng Propositioun, eng Ébauche virgeluecht hunn ewéi dat an eisen Aen no, an opgrond vun deene Verhandlunge mat deene staatlechen Instanzen, kéint ausgesinn. Mir waarden eigentlech zënter e puer Méint op eng Réckmeldung vun dësen Servicer fir ze wëssen, ob dat dann elo dee richtege Wee ass fir weider ze fueren. Mir hunn awer gemengt, mir sollten awer kuerz stoppen a Loft huele bis mer eis dann eens si op dat, wat eise Büro do ausgeschafft huet a wou déi dee gréissten Deel vun den Aarbechte gemaach hu fir dat kënnen ofzeschléissen a fir datt ee sech kéint op d'Positioun vum Staat an de Gemenge festleeën. Esou wéi et ausgesäit, si mer eis eens. Mir brauchen elo nach just déi nächst Schrëtt an deem Kontext ze huelen.

Fir déi Käschten do ze decken, wollte mer iech hei eng Propositioun maachen. Déi éischt Etapp wäert 200.000 Euro kaschten ier se fäerdeg ass. A mir wollten dann och virschloen, en zousätzleche Kredit iwwer 130.000 Euro ze stëmme fir dann déi Viraarbechten do ofzeschléissen. Vun dann u musse mer awer, ier mer weider Engagementer huelen, e gemeinsame „Go" vun de staatlechen Instanzen hunn, awer och den Engagement, d'Konventioun, esou wéi dat och all aner Privatpromoteur opgrond vun engem PAP mécht. An dat, fir datt mer do eng Participatioun vum Staat, eng Réckféierung vun engem Deel vun de Käschte vum Staat kréien. Dat ass d'Situatioun am Kader vum PAP. Ofschléissend kann ee soen, datt mir zënter Juni oder Juli op eng Réckmeldung vun de staatlechen Instanze waarden an dësem Kontext, an opgrond vun den Diskussiounen, déi mer an deene leschte Wochen a Méint intensiv mat hinne gefouert hunn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

An ärer Aleedung hunn ech héieren, datt mer nach ëmmer net wëssen, wat do soll geschéie well mer keng Äntwerten dorop kréien. Eng Gemeng kann a soll plangen. Mä wa vum Staat awer näischt nokënnt, da kënne mer eis dout plangen, wa keng Äntwert kënnt. Wéi ech dat do gesinn, wësse mer dat awer net richteg. Ech huele jo un, datt d'Gemeng weess, wat se wëll dohinner maachen. Mä wat de Staat wëll maachen, wësse mer net. A wann dee seet, et wier näischt, da waren d'Sue jo all fir d'Kaz?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, ech ass eigentlech esou, datt dat, wat „WW+", déi Firma, déi am Optrag vun der Gemeng geschafft huet, gemaach huet, war haaptsächlech dat, wat an deene Verhandlunge mat deenen eenzele Ministèren erauskomm ass. Mir hate jo gesot, datt mer net alles wéilten am Zentrum konzentréiert hunn. Mir hunn aner Léisungen ausserhalb vum Zentrum gesicht a wou mer eventuell en Tosch vun Terraine maachen. An do ass eppes op den Dësch komm, wat op alle Fall an deene Reuniounen de Konsens vun alle Parteie war. Wat mir elo hei bezuelt hunn, wat ausgeschafft gouf a wat mer nach bezuelen, well déi Aarbechten nach net ofgeschloss sinn, dat ass de Konsens, wat aus all deene Reuniounen erauskoum. Elo ass et natierlech déi politesch Äntwert, datt dat do dat elo ass, déi feelt. Aus eiser Erfahrung eraus misst et dat sinn, mä mer sinn iergendwéi um Waarden ier mer dee leschte „Jo" vum Staat kréien. Wat hei opgezielt ass, dat ass dat, wat erauskomm ass aus den Diskussioune mat deenen Instanzen. Et ass net, datt mir an eiser Gemeng eppes gemaach hunn, eppes geplangt hu wat guer net mat deenen aneren ofgeschwat ass. Do ware regelméisseg Reuniounen a Verhandlunge fir ze kucken „kënne mer dat do net dohinner maachen oder dat do heihinner". An do koum e Bild eraus, wat „WW+" an eisem Optrag gemaach huet, mä wat och deem entsprécht, wat déi eenzel Ministèrë sech virstellen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn eng Fro zum Terrain vum LTMA, wou dir sot, datt et dat Ganzt betrëfft. Ech hu schonn e puer Mol intervenéiert. An der rue des Jardins ass e Bam, deen op d'Strooss stéisst, op den Trottoir stéisst. Den Här Mertzig weess och scho Bescheed, an ech hat och d'Servicer gefrot. Mä wéi et schéngt muss dat och iwwer de Staat goe fir datt dat gemaach gëtt. Besteet do eng Méiglechkeet fir dee Bam ze schneiden? Ech si jo net deen, deen d'Beem wëll ewech schneiden. Mä hei mussen d'Foussgänger an d'Strooss trëppelen. Elo kënnt de Wanter an da mussen se duerch de Verkéier goen. Dat ass net ganz glécklech. Hutt dir eng Méiglechkeet fir ze maachen, datt dat endlech geschitt?

Mertzig Romain, Schäffen:

Mer brauchen ëmmer d'Autorisatioun vum Fierschter. Mä mir wäerten elo mat eisen Servicer kucken, datt mer – wat deen ëffentlechen Deel ugeet – déi Äscht kënnen ewech huele fir datt u sech keng Gefor méi duerch déi Bam soll bestoen. Wéi gesot, do hu mer och eng Flicht ze erfëllen, an där wäerte mir och nokommen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass am Fong geholl just ee Bam. Ech soen iech Merci.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat ass do, wou d'Haus ofgerappt gouf.

Scheuer Romain (déi gréng):

Jo. Ech soen iech Merci.

Gira Carlo (CSV):

Ech sinn eigentlech frou, datt dat hei Thema ugeschwat ginn ass, well et ginn awer Froen, déi d'Bierger sech stellen. An et wier gutt, wann een hinnen eng Kéier kéint soen, wat do géif geschéien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass effektiv esou datt, wa mer eis eens si mat de Ministèren iwwer dat, wat soll dohinner kommen, eens sinn a wa mer konkret vun de Ministèrë gesot kréien datt dat, wat mer mateneen ausgehandelt hunn och definitiv hir Positioun ass,

da gëtt d'Prozedur vum PAP gemaach. Dat soen ech de Bierger all Kéier. Dir gitt an déi ganz Prozedur agebonnen, well am Kader vum PAP ass eng ëffentlech Versammlung, wou d'Leit kënne kucke kommen oder Asproch aleeë kënnen, wéi bei all PAP. Dat heescht, an dës Prozedur ginn d'Bierger agebonnen. Ma ier se kënnen agebonne ginn, musse mer eis eens si mat de Proprietairë vun den Terrainen datt dat och dat ass, wat si wëlle bauen. Net datt mir eppes un d'Bierger weiderginn a soen „dat ass elo dat, wat heihinner kënnt" an da seet de Proprietaire „ma dat ass guer net, wat mir wollte maachen". An da fänke mer nees vu vir un. Dat heescht, de Projet muss elo räifen, muss fäerdeg sinn, mir mussen eis eens sinn op dat, wat mer schlussendlech ausgehandelt hunn an de Summerméint. A wa mer do esou wäit sinn, da gëtt d'Prozedur vum PAP gemaach. Mer mussen och vläicht eng Rei Etudë maache mam Verkéier an esou virun. Och déi Saache muss ee kucken. Dat hei ass jo awer e Site an der Mëtt vun eiser Uertschaft, deen awer en Impakt huet op de Fonctionnement vun der Péitenger Uertschaft, esou datt mer do schonn de Bierger musse mat abannen.

Gira Carlo (CSV):

Jo, dat hunn ech jo am Fong geholl gesot. Et ass gutt, datt de Point gemaach ginn ass, well d'Leit mengen, mir hätten eppes ze verstoppen. Dat ass jo net de Fall. Et ass einfach esou, datt ee muss um Programm festhalen an dann eben deen ausschaffen an dann de Leit konkret soen, wat dohinner soll kommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ganz richteg.

Stoffel Marco (LSAP):

Jo, meng Fro geet bal an déi selwecht Richtung. Ass et méiglech, datt mir als Gemengeréit déi Erkenntnisser, déi um Dësch leien, matgedeelt kréie fir datt mir eis och selwer e Bild kéinten driwwer maache wat do vun Iddien um Dësch leien?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass kee Problem. Dir kënnt zu all Moment an den techneschen Service goen an iech déi Saach ukucken. Ech hunn et och selwer net um Büro, et läit do iwwer am techneschen Service. Mä et ass awer och net fir mat deem Projet no baussen ze goen, well dee Projet ass nach net fäerdeg. Mir hu vun eisem Partner nach net gesot krut, datt dee Projet einfach esou kann iwwerholl ginn. An ech géif och do virdru warnen, well dat kann awer déi gutt Entente, déi elo op eemol besteet a wou mer eis och eens sinn, hypothekéieren. Dat wier schued. Mir sinn elo wäit komm. Dee leschte „Go" kënnt nach, mä ech mengen, mir sinn op engem Punkt ukomm, wou dat do kéint definitiv ficeléiert ginn. Mir sollen eis awer elo och nach e bësse gedëllegen ier mer dee leschte „Jo" vun der Regierung kréien. Dann ass de Moment do an et ass och nach genuch Zäit fir de Bierger dat ze weisen an och deene Leit nozelauschteren, déi nach eventuell Iwwerleeungen an dësem Kontext kënne maachen.

Accord à l'unanimité.

12.2.

Urbanisation.

Vote du projet (mémoire descriptif, devis au montant de 1.235.000 euros et plans) concernant l'aménagement d'une «allée verte» au quartier 'Neiwiss' à Rodange – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat hei ass e Projet, deen interessant an och scho laang gewënscht ass. Mir kënnen deen elo ufänke well mer elo aus den Erkenntnisser eraus – wat de „Shared space" ubelaangt - , datt mer déi Plaz net esou séier brauchen ewéi dat geduecht war. Et ass de Projet ëm de fréiere Kiosk, déi Plaz ronderëm de Kiosk zu Rodange bei der Neiwiss Schoul an der rue Jos. Moscardo. De Projet läit elo vir esou wéi mer e wëlles hunn ze gestalten. En huet e puer Eegenschaften: et ass eng Zone, wou ee sech begéint, wou d'Leit, wou d'Generatiounen sech kënnen treffen a wou awer och dat Sportlecht, dat Edukatiivt an d'Fräizäit derbäi kommen. Et ass e funktionelle Projet, deen awer och e gréngt Konzept a sech huet.

Et ass geduecht fir datt een déi Plaz verkéiersfräi gestalt, an zwar vun der Villa Bambi u bis erof un d'rue Jos. Moscardo. Déi Plaz, déi un d'rue Jos. Moscardo stéisst soll als „shared space" betruecht ginn, wou de Foussgänger méi Prioritéiten huet. Dat Ganzt gëtt agebett an esou e „Grüngürtel", dee vun der Neiwiss-Schoul fortgeet, am Fong geholl vun deem Noutausgang un, deen da géif verschwannen. E géif anescht konzipéiert ginn, et kéime Beem dohinner, esou datt d'Beplanzung do géif ugoen a bis bei d'Villa Bambi erop géif goen.

Datselwecht ronderëm d'Sportshal, déi och e bësse méi doranner agebett géif ginn. An der Mëtt géif eng Fläch an der Mëtt bleiwe wou de Kiosk géif verschwannen, mä déi nach ëmmer denkbar wier fir Fester an Organisatiounen.

Zur Säit vun der Neiwiss-Schoul, wou en Dénivellement ass, géif dat an Terrasseform ugebaut ginn, esou datt een do kéint sëtzen an dat Ganzt nokucken oder fir d'Fräizäit notzen. Dat Ganzt géif och esou gestalt ginn, datt eng ganz Rei Beem derbäi kommen. Et gi 5 Beem ewech geholl an et kommen der 50 an d'Plaz. De Projet ass einfach interessant an elo méi wichteg an dréngend. Wa mer deen haut géife stëmmen, da kéinte mer déi noutwenneg Prozeduren ulafe loossen. Mer kéinten ufanks vum Joer oder bis Mëtt vum Joer mat der Beplanzung vun der Plaz ufänken. Anerefalls hu mer déi Zäit iwwergaangen an da geet et an den Hierscht.

Mir hunn och dru geduecht fir e ganze Koup Saachen z'amenagéieren. Mir hunn och mam Fussball geschwat wéi hir Mauer vum Terrain soll ausgesinn. Dat kann eng Graffiti-Mauer sinn, et kann een awer och nach eng zousätzlech Entrée virgesinn. Dat sinn awer elo Detailer, déi net direkt an de Projet afléissen. Mä et soll awer dru geduecht ginn. Et soll an 2 Phase gemaach ginn. An der 1. Phas soll och nach – op engem anere Kredit – eng ëffentlech Toilette ageriicht ginn, déi dann och zougänglech ass ewéi zu Lamadelaine an zu Péiteng. Eng Toilette, déi sech automatesch botzt a sécher géint Vandalismus ass.

De Projet géif an 2 Phase geschéien. An enger Phas géif haaptsächlech dee „Grüngürtel" mat den Terrassen ageriicht ginn, déi am Fong ronderëm d'Neiwiss-Schoul bis un d'Villa Bambi géif goen. Déi 2. Phas wier am Fong geholl de Belag mat der Mauer. Dat packe mer héchstwahrscheinlech net an der selwechter Period. Mir hunn en Devis vun 1.235.000 Euro virleien. Am Budget 2016 sti 50.000 Euro dran. Wann der averstane sidd, da géife mer 700.000 Euro an de Budget 2017 stelle fir déi 1. Phas ze realiséieren. An 2018 wieren et nach 500.000 Euro zousätzlech wa mer op déi Zomm géife kommen. An enger 1. Phas géif haaptsächlech dat ofgerappt gi wat stéiert. Dat ass de Kiosk, dee géif verschwannen. Dofir géife mer awer déi Gradine kréien, dat ass e bësse wéi en Amphitheater. D'Kanalisatioune mussen nei gemaach ginn. D'Waasserinfrastrukture musse geluecht ginn, esou wéi och d'Beliichtung. Et gëtt e ganze Koup gemaach. Et ass eng Fläch vun 2.400 m2, déi nei amenagéiert muss ginn. Et sollen och Placken dohinner geluecht ginn, déi Waasser ofloossen. D'Beplanzungen hunn ech schonn ugedeit. Do komme ronn 50 nei Beem an och Heckebeem dohinner. Et komme Bänken a Bornen, déi ee kann ewech huelen, dohinner, fir wann emol e Camion oder d'Noutdéngschter missten erafueren. Et

kommen och 16 Luuchten dohinner fir déi Plaz anstänneg ze beliichten. Dat ass de Projet wéi e virläit. D'Pläng an d'3D-Fotoe sinn am Dossier. Dir kënnt iech dat ukucken. En ass ganz attraktiv an deem Sënn, datt déi Kanner, déi do ronderëm sinn, vill vun dëser Plaz kënne profitéieren. Nieft der Spillplaz op där aner Säit kënne si sech hei och e bëssen austoben oder sech a Gruppe sammelen a Spiller oder aner Aktivitéite maachen. Mir hunn d'Kanner aus der Maison Relais, aus der Villa Bambi an aus der Neiwiss-Schoul, also ass et gutt, wann do e „Grüngürtel" entsteet, wou déi sech och kënne wuel fillen a Loft kënne schnapen. Ech huelen un, datt e ganze Koup Froen do sinn. Den Dossier ass relativ kompakt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat elo déi Mauer vum Fussballsterrain mat der Entrée ugeschwat. Et wier zwar net schlecht, wa mer déi direkt géife mat aplange fir frësch ze maache wa mer dee Site elo esou schéin amenagéieren ewéi dir eis dat elo weist. Soss fänke mer spéider nach eng Kéier u fir déi Mauer an déi Entrée frësch ze maachen. Déi meescht heibanne wësse jo, wéi et do ausgesäit. Dofir wier et jo normal wa mer dat direkt géife maachen. Et géif och méi e schéint Bild vun deem Ganze ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn dat mat der Architektin geschwat. Mir wëlle souwisou déi gréng Allee, déi ronderëm entsteet an um Plang agezeechent ass, e bëssen eropzéien, esou datt d'Mauer fir d'éischt emol e bësse verstoppt wier. Si kann esou schéi si wéi se wëll, et ass ëmmer eng Mauer. An och wa se mat Graffiti gemaach gëtt. Et wier besser, wa se e bësse méi diskret wier. Da géif déi Bamallee e bësse méi eropgezu ginn. Wat mam Fussball muss beschwat ginn ass, wéi wäit si jo wëlles hu vun där Entrée ze profitéieren a wéi wäit déi nach soll zougänglech sinn a fir wien. Dat muss mat hinne gekläert ginn. Awer d'Mauer ass am Konzept mat dran. Si gëtt esou konzipéiert, datt ee se an der 1. Phas mat eran hëlt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech géif soen, datt d'Entrée gutt wier fir d'Sécherheet wann d'Leit eng Kéier misste vum Terrain erofkommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et war ëmmer eng Entrée do. Elo muss d'Funktionalitéit vun der Entrée beschwat ginn. Mir hu vun enger ëffentlecher Toilette geschwat, déi mer dohinner wëlle maachen. Deemno wou mer se wëlle maachen, musse mer kucken, wien déi da profitéiert. Ass et nëmme fir d'Kanner, déi op de Spillplaze sinn, oder wëll de Fussball se och notze fir déi Leit, déi do sinn. Dat muss nach gekläert ginn duerch Gespréicher. Wat fir eng Funktionalitéit kritt déi Entrée? Ass et fir unzeliwweren, datt e Camion kann do erafueren?

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech war mir deen Dossier ukucken. Dat gesäit ganz flott aus. Ech hu just meng Bedenken duerch d'Ewechfale vu Parkplazen, well jo och nach am Duerf mam „shared space" geschafft gëtt. Et gëtt iwwerall matenee geschafft. Dat do ass zwar eng flott Saach, a wann d'Toilette fir d'éischt ageriicht géif ginn, da géif ech dat och scho ganz gutt fannen. Zur Zäit hu mer jo am Duerf bal guer keng Parkplaze méi an d'Leit sinn net ganz zefridden domatter. An elo falen der nach ewech wann do geschafft gëtt. Ech froe mech, wéi mer déi Saach do an de Grëff kréien? Oder ass et virgesinn, eppes provisoresch iergendwou anescht ze maache wann déi Aarbechten ustinn? Also ech sinn net géint dee Projet, well ech fannen e ganz flott. Mä datt awer elo op eemol am Duerf iwwerall do geschafft gëtt, wou gi mer dann hin? Et si jo och nach Geschäftsleit am Duerf, an ech géif mengen, mer missten do vläicht provisoresch e Parking ariichten. Dofir ass meng Fro, ob do eppes virgesinn ass.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt Recht, datt de Parkingsproblem e bëssen akut ass well mer do zwee Schantercher beieneen hunn. Hei war eng Funktioun vu Parkplaz, déi awer net esou geduecht war. Mer hunn e grousse Parking an der rue Jos. Moscardo Strooss laanscht de syntheteschen Terrain, mer hunn een dertëscht. Gutt, wa vill lass ass an der Sportshal, dann ass e gefrot. Mer hunn awer e puer Alternativen am Kapp, wou mer eis kënne provisoresch hëllefen. Dat eent ass ronderëm de Kulturzenter, wou elo geschafft gëtt. Ausgangs des Mounts wäerte mer och un de Parking kommen, esou datt déi Parkplazen och verschwannen. Dat wäert awer nëmme fir eng gewëssen Zäit sinn, mä se sinn dee Moment fort well mer do d´Netzer musse verdeelen. Mir sinn amgaangen, intensiv un engem provisoresche Parking an der rue Nic. Biever ze schaffen. Wann een d'Strooss erof fiert, da leie rietserhand déi Wisen. Do wou d'Bushaische steet. Mir sinn amgaange mam Proprietaire ze verhandele fir déi Parzellen ze lounen an do kënnen e provisoresche Parking anzeriichten a wou mer vun 80 Parkplaze schwätzen, déi kuerzfristeg do kéinten entstoen. Dat ass imminent. Déi sinn no beim Kulturzenter awer och net allzewäit aus dem Wee eraus. Dann hu mer nach den Eck 'chemin de Brouck' a 'rue Moscardo'. Do läit eng Plaz, déi eis gehéiert. Do hu mer zwar wëlles, mat engem Promoteur eppes an d'Aen ze faassen, mä déi Plaz kann awer och nach provisoresch als zousätzleche Parking geschafe ginn, esou datt mer dat, wat mer hei op der Plaz verléieren, awer bei wäitem géife kompenséieren. Esouwuel op der Plaz ewéi och an der Peripherie.

Arendt Patrick (CSV):

Als drëtte Riedner huet een et natierlech e bësse méi schwéier. Ech hunn elo grad festgestallt, datt ech genee déiselwecht Gedanken hat ewéi d'Madamm Conzemius, meng Nopesch hei am Gemengerot. Ech sinn effektiv och frou iwwer d'Äntwert vum zoustännege Schäffen am Sënn vun enger nohalteger a gudder Bezéiung zu eise Bierger vu Rodange.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer haten deene Veräiner, déi Aktivitéiten am Kulturzenter hunn, ewéi elo fir d'Barbelfeier, annoncéiert, datt kee Parking ronderëm zur Verfügung steet. Wa gréisser Saache stattfannen, da kënne mer och eng Navette asetzen. Do si mer amgaange mat eise Servicer ze kucken, wat an nächster Zäit am Kulturzenter lass ass a wat kéint vun ënnen zerwéiert ginn, also vun deene Parkplazen, déi mer nei schafen. Wann do Leit derbäi sinn, déi net méi esou mobil sinn, da kéinte mer déi Saachen awer zur Verfügung stellen.

Rosenfeld Romain (CSV):

Déi Affär vun der Mauer vum Fussballsterrain, do mengen ech, datt dat keng grouss Entscheedung ass. Dat ass alles faul, alles fir ewech ze rappen. An domatter fäerdeg. Et muss ee just kucken, wéi een et duerno fäerdeg mécht. Et ginn och nach aner Zougäng fir d'Leit. Et ass ee laanscht d'Sportshal, am Brouckerwee ass een. Ech mengen, dat misst bei wäitem duergoen.

Ech hat de Problem mat dem Parking schonn ugeschwat, well wann een do laanscht fiert, bei der Sportshal hannenaus a bei der Crèche, da stinn do – ech wëll net iwwerdreiwen – 50 Autoe vu moies 8 bis owes 7 Auer. Also op där Plaz, wou soll geschafft ginn. Also et muss ee gutt oppassen, wat een do mécht, well de Leit geet d'Loft aus am Duerf. Ech géif mengen, dëst Joer geet de Schantjen och nach bei mir un an da verschwënnt dee Parking och nach. Da gëtt et awer flott. Fir déi Leit, déi do awer mussen hiert Geld verdéngen, déi pake geschwënn an. Da musse mer eis Verantwortung awer do och iwwerhuelen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi gesot, et sinn 80 Parkplazen, déi 50 Parkplazen nieft iech, ënnen déi Parkplazen, déi op där heite Plaz wieren, déi kënne mer mat deenen um Eck vum chemin de Brouck kompenséieren. Wat stëmmt, dat ass, datt am Zentrum vum Duerf keng grouss Parkingen do sinn. D'Distanz gëtt elo e bësse méi grouss. Loosse mer dat esou soen.

Mir hunn am Zoning an am Zentrum selwer eng 25 Parkplazen, déi mer do zielen. Déi wëlle mer intensiv kontrolléieren an do hu mer och wëlles, d'Zäiten nach eng Kéier nozekucken an op zwou Stonnen ze bréngen. Da muss een net ëmmer op eng Stonn goen. Da versiche mer, méi Disziplin dohinner ze kréien. Dann hu mer vläicht fir déi, déi eng Kommissioun oder e Besuch maache ginn, mat der Zäit eppes opgebaut, wat déi arrangéiert. De Moment ass d'Kontroll och nach net intensiv genuch. D'Reglementatioun muss och nogekuckt ginn. Ech hunn der Verkéierskommissioun dat och eriwwer ginn, déi de 14. soll zesummekomme fir ze kucken, ob een do net muss eppes adaptéieren.

Et stëmmt: dee Moment, wou geschafft gëtt, sinn Inconvenienten do. Dat gesäit een iwwerall. Iwwerall ginn ee Moment Parkplaze verluer. Duerno kommen se awer erëm. Dofir ass et wichteg, datt dee Schantje gutt virugeet. Hei ass elo eng gutt Geleeënheet fir deen heite Projet e bësse méi virzezéie well mer mat deem anere Projet hannendra sinn am „shared space". Do misste mer elo scho bei der Kierch ukomm sinn, wann alles normal gaange wier an d'Autorisatioun do gewiescht wier. Dofir hu mir ëmmer gesot datt, deemno wéi de Schantjen evoluéiert an déi Plaz hei gebraucht gëtt als Schanterchersinstallatioun, mer keng zwee beienee wëllen hunn. Mat deem Rhythmus, dee mer am Blobierg an hei hunn, kann dat gutt laanschtenee goen. Mir profitéieren da vun där Period fir déi zwou Saachen esou séier wéi méiglech heihinner ze kréien.

Rosenfeld Romain (CSV):

Roland, du schwätz vun de Kontrollen. Wann s de awer iergendwou bass an du kriss ni eng Parkplaz, da stells de dech iergendwou. Da bass de 10 Minutten iwwer der Zäit an du kriss nach e Protokoll, ma deen nächsten Dag kriss de nees keng Parkplaz. Déi Kontrolle misste gemaach ginn op anere Plaze wou wierklech abuséiert gëtt. Wann ech gesinn, wou de Masseur am Duerf ass, do stinn der andauernd um Eck. D'Police fiert 4 Mol den Dag laanscht an déi stinn nach ëmmer riicht virun do. A wann s du dann eng Kéier 10 Minutten iwwer d'Zäit stees, da kriss de och nach e Protokoll.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech wëll mech net an der Police hiren Job amëschen. Ech wëll just soen, wat mer an der Peripherie gemaach hunn a wat fir Méiglechkeete mir hunn. An der rue de l'Ecole hu mer e Parking ageriicht. Mir faassen e Parking an d'Aen um Eck vum Brouckerwee. Mir riichten e provisoresche Parking an der rue Nic. Biever an. Alles zesummen hu mer dann iwwer 150 Parkplazen an der Peripherie, déi manner wéi 300 Meter vum Zentrum ewech leien.

Gutt, dat ass eng Tatsaach. Et si Koppelen derbäi. Lo muss ee kucke wéi een déi amenagéiert. Wann et net anescht ass, da musse mer eben Navetten asetzen, déi zirkuléieren. Da musse mer eis iwwerleeën, ob dat eng Léisung kéint sinn. Ech verstinn datt, wann ee bei de Masseur an d'Rééducatioun geet an een den Auto stoe loosse muss. Da brauch een nëmmen de Bierg erop ze goen an da brauch e guer net méi bei de Masseur ze goen. Et muss ee sech dat also iwwerleeën, wat mir kënnen ubidden a wat mir am Duerf fir Parkplaze brauchen. Déi Dauerparker dierfen net do stoen. Dat ass sécher. De Problem ass net einfach ze léisen D'Ausgankssituatioun ass do, de Perimeter ass bekannt. Et ass net, wéi wann näischt do wier, et muss ee just kucken, wéi een dat richteg matenee vernetze kann.

Brecht Guy (LSAP):

An där ganzer Saach wëll ech mech u meng Rodanger Frënn ralliéieren. D'Loft gëtt ëmmer méi enk zu Rodange fir d'Leit. Et kritt ee weider näischt wéi Reklamatiounen. Mä et kann een awer och soen, datt deen Eck, wou den neie Projet entsteet, méi flott gëtt. Datt de Kiosk eng Kéier géif verschwannen, dat si mer eis bewosst. Et ass guer keng Aktivitéit méi do. Dee steet nach just do. Vandalismus an esou virun. Do soen ech iech jo näischt Neies. Wéivill Mol hu mer dee schonn ugestrach? Ech mengen, dann ass en am beschten ofgerappt.

Dir hutt gesot Här Breyer, do kéim eventuell en Amphitheater dohinner.

Breyer Roland, Schäffen:

Ugedeit.

Brecht Guy (LSAP):

En ugedeitenen Amphitheater. Esou een hu mer schonn zu Rolleng. D'Aktivitéite sinn awer net allzevill grouss do zu Rolleng.

Breyer Roland, Schäffen:

En ass och net esou geselleg ewéi deen heiten. Deen heite gëtt agebett an eng Parksituatioun. Deelweis kommen esou Ligestill, déi fest installéiert sinn, dohinner. En ass anescht agebaut. Et ass am Fong geduecht wann eppes op der Plaz lass wier, fir haaptsächlech dann eng Vue op d'Plaz erof ze hunn. Stellt iech vir laanscht d'rue Moscardo kënnt eng Bühn stoen an do gëtt eppes gebueden. Dann huet een einfach natierlech Ebenen dran, déi een elo och huet, mä wou een awer kann erof kucken a sech ophalen. En huet eng aner Funktioun well e sech einfach de Gegebenheete vum Buedem upasst.

Brecht Guy (LSAP):

Dir hutt vu Festivitéite geschwat, déi nach sollen do stattfannen. Dat ass en anert Thema, dat diskutéiere mir eng aner Kéier.

Ech wollt och eppes iwwer déi Plaz zum Brouckerwee hi froen. Dat ass jo scho beäntwert ginn. Déi Plaz läit och schonn iwwer 2 Joer brooch. Do ass guer näischt méi geschitt.

Déi Toilette ass natierlech ze begréissen. Et waren ëmmer ëffentlech Toiletten do an déi hu mer och missten duerch Vandalismus zou maachen. Wa méi grouss Fester stattfonnt hunn op där Plaz – ech erënneren un d'Museksfester vun der Rodanger Musek an der Zäit, wou 600 bis 700 Leit op enger Plaz waren – do waren déi Toilette gutt. Elo de Moment, wou esou vill Aktivitéit op där Plaz ass, do si ganz Famillen, déi mat hire Kanner dohinner kommen an déi Leit mussen och emol op d'Toilette goen. Fir ze vermeiden, datt se do bei eis Planze ginn oder d'Kanner einfach an d'Luucht hiewen, gehéiert einfach eng ëffentlech Toilette dohinner. Och fir déi Leit, déi do ronderëm trëppele ginn. Ech wollt och nach eng lescht Bemierkung maachen: Wéi mer hei diskutéiert hunn iwwer d'Parkplazen zu Péiteng, an datt do keng wieren, do hu mer hanner der Shell e Parking amenagéiert. Den Här Breyer huet och ëmmer drop higewisen datt, wa mer iwwer de Problem vum Parkplaz-manktem geschwat hunn, ee soll hanner d'Shell goen. Wann een haut awer hanner d'Shell geet – an dat ass e bëssen de Problem bei den ëffentleche Parkplazen – da gëtt déi nees vu Grenzgänger, vun Dauerparker benotzt. An zu Rodange ass dee Problem nach méi grouss. Déi stellen hiren Auto moies um

7 oder 8 Auer dohinner an kommen en owes sichen. Déi Gefor lafe mer tatsächlech. Zu Rodange nach méi wéi zu Péiteng. Deem musse mer awer vun Ufank un entgéint wierken.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir kréien de Problem an de Grëff wa mer eng Reglementatioun hunn an och eng permanent Kontroll. Mir kréien déi ganz Problematik an de Grëff, wann de Park&Ride zu Rodange am Joer 2019 oder 2020 do ass. Da kréie mer do 1.600 bis 1.800 nei Parkplazen dohinner. Do ass de Wee méi kuerz fir op den Zuch ze goen oder eng Fuergemeinschaft ze maachen. De Problem gëtt also net direkt geléist. Mer kënnen e just besser kontrolléieren a versichen, deen an de Grëff ze kréien.

Mir hunn de Moien nach enger Réunioun gesot, datt op all Parkplaz Belsch a Fransouse vu moies bis owes stinn. Ob dat beim WAX ass oder beim Fussballsterrain. Mir hu Studenten, déi sech einfach dohinner stellen. Mir hunn zevill Demanden, awer net genuch Offerten. D'Offertë fir d'Grenzgänger solle jo besser ginn. An der Politik, déi mer bis elo haten, hu mir, wou nëmme Méiglechkeete waren, Parkplaze kaf. Mir hunn eis a Residenzen akaf a wann dee Projet vum PAP vum Zentrum vu Péiteng sollt Realitéit ginn, dann ass och e gréisseren ënnerierdesche Parking virgesinn. Mä mir musse reagéieren. De Moment lafe mer e bëssen hannendran.

Brecht Guy (LSAP):

An dann nach eng lescht Bemierkung, Här Buergermeeschter, wann dir dat erlaabt. Mer mussen awer och kucke fir déi Schantercher ze koordinéieren. Et ka jo net sinn, datt een duerch d'rue de la Gendarmerie net méi an d'Duerf kënnt an da géif och nach a Richtung Brouckerwee oder an der rue Jos. Moscardo geschafft ginn. Wann d'Aarbechte solle parallel stattfannen, da musse mer se awer och koordinéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Also de „shared space" an der rue Jos. Moscardo ass dat lescht, wat mer maachen. Do gëtt et och um Buedem agezeechent. Do geschitt keng Ëmännerung. Et gëtt einfach en Iwwergang gemaach vun der neier Plaz eriwwer op d'Spillplaz. Dat ass dee leschte Moment. De Verkéier leeft.

Accord à l'unanimité.

13.1.

Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de porte à porte de la part de l'association « KAGEPE asbl » dans la Commune à partir du 1er décembre 2017 – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Ordre public.

Décompte concernant le remplacement des portes de garages au service d'incendie et de sauvetage - approbation.

Total du devis approuvé:	*22.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé:	*22.000,00 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*21.402,60 euros (ttc)*

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

14.

Agriculture.

Décompte concernant la réalisation des travaux dans l'intérêt de la voirie rurale – approbation.

Total du devis approuvé:	*52.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé:	*52.000,00 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*47.778,00 euros (ttc)*

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Approbation à l'unanimité.

15.

Voirie vicinale.

Décompte concernant le renouvellement et la réorganisation des feux de signalisation le long de la route N5 à Pétange – approbation.

Total du devis approuvé:	*250.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé:	*284.212,06 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*283.620,93 euros (ttc)*

Breyer Roland, Schäffen:

Do geet et ëm d'rout Luuchten hei am Zentrum zu Péiteng. Do war en Devis vun 250.000 Euro virgesinn, e Kredit vun 284.212 Euro, a mer hunn Ausgabe vun 283.620,93 Euro. Do waren de Kredit an d'Ausgabe méi grouss ewéi den Devis ginn, well do Simulatioune gemaach goufen. Et gouf eng Zielung gemaach iwwer Dronen an esouguer iwwer Satellit. Et huet ee missen e méi geneet Bild kréie vun deenen Zonen, déi do hu mussen ausgebaut ginn. Dat ass net nëmmen den Zentrum, dee gekuckt gouf, mä et ass bis un d'Réimerstrooss gekuckt gi wéi de Verkéier leeft, esou datt déi Analyse méi extensiv waren ewéi mer am Ufank geduecht haten.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech wollt do nach eng Kéier d'Interventioun maachen, déi ech schonn emol gemaach hunn. An zwar, datt d'Foussgänger sech ëmmer beschwéieren, datt et einfach ze laang dauert bis se gréng kréien. Ass do net eppes ze maachen, datt déi Zäite vu 45 Sekonnen oder 1 Minutt nach eventuell kéinten erofgesat ginn? Et ass awer net ëmmer agreabel fir do ze waarden.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech mengen net, datt dat ze maachen ass. Mir kënne just d'Leit nach eng Kéier informéieren, wéi laang et dauert. Wa mer an Asie wieren, da géifen d'Sekonne lafen op de Luuchten. Da géif et net esou laang wierken. Wann ee dann dréckt an da 65 oder 80 dohinner stoe kënnt, dann ass dat näischt, well da kucken se dat no. Wa se hei 80 Sekonne stinn, dann ass dat eng Éiwegkeet. Duerch déi dynamesch Saachen ass d'Demande vun den Autoen dat, wat déi vun de Foussgänger e bësse mat regléiert. Wa vill Demandë vun Autoen do sinn, da muss de Foussgänger emol méi laang waarden. Déi längsten Zäit, déi e muss waarden ass 2 Minutten an eppes. 2 Minutte fir déi eege Sécherheet. Dat muss ee sech iwwerleeën. Et sinn natierlech och méi kuerz Perioden derbäi. Wa keng Demande aus der rue Gillardin do ass oder aus der rue de l'Hôtel de Ville, an d'Leit drécke virun der Gemeng, da kann ee schonn no 10 oder 20 Sekonnen eriwwer goen. Et ass eng dynamesch Anlag. Si funktionéiert einfach op Demande.

Stoffel Marco (LSAP):

Wann 20 Leit do stinn ze stoen an net frou sinn, datt se musse waarden, dann ass dat och net glécklech. Nach eng aner

Saach, déi méi um Mo läit. Mir hunn elo déi nei Luuchten, déi mer fir d'Foussgängerstréife setzen, an elo leien iwwerall Stroosseschëlter, déi erausgerappt goufen, op der Säit a sinn net méi op där Plaz, wou se sollen de Verkéier regelen. Net datt mer do eng Kéier Schwieregkeete kréien. Et sinn elo 3 Plaze wou ech Schëlter gesinn hunn an eng Batterie um Buedem gesinn. Schonn zënter Wochen. Ech weess net, wat ech vun deem Entrepreneur hale soll.

Breyer Roland, Schäffen:

E weess dat. Déi Schantercher sinn net ganz gutt gefouert a mir sinn och net zefridden, datt se esou laang daueren. D'Liwwerung vun de Luuchte fir d'Foussgängerstréifen zitt sech och an d'Längt, well déi extra op d'Mooss gemaach ginn. Déi kommen elo anscheinend an 2 Wochen, da soll alles do sinn. Mir kënnen nach eng Kéier mam Entrepreneur schwätze fir datt e méi seriö ass.

Mir hunn awer och eng ganz Rei Topegkeete vun de Leit, déi einfach d'Schëlter ëmgeheien an se da dohinner geheien. Dat hunn ech och gesinn.

Approbation à l'unanimité.

16.

Transports et communications.

Règlement de la circulation routière concernant les travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue du Parc à Pétange - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 14. November 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Abwesend und entschuldigt:

Gira Carlo (CSV) - *ab Punkt 12.2.*; **Polfer John** (CSV) - *ab Punkt 12.2*; **Thein Joe** (adr)

1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Gemeindeangestellten (w/m) auf unbestimmte Zeit - Beschluss.

Frau Cristina Fraccalvieri aus Beles wurde als Gemeindeangestellte auf unbegrenzte Zeit ernannt.

Ernennung eines diplomierten Erziehers (w/m) für die Maisons Relais (30 Stunden/Woche) - Beschluss.

Frau Vanessa Sauerwein aus Petingen wurde als diplomierte Erzieherin (Teilzeit, 30 Stunden/Woche) auf begrenzte Zeit ernannt.

Ernennung eines diplomierten Erziehers (w/m) für die Maisons Relais (40 Stunden/Woche) - Beschluss.

Frau Ana Pereira Paixao Fernandes aus Petingen wurde als diplomierte Erzieherin (Vollzeit und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Herr Albert Muller hält seine Antrittsrede als neues Gemeinderatsmitglied und Herr Romain Mertzig, Schöffe, gibt Auskunft zu den auf dem Petinger Friedhof aufgestellten Containern.

5. - Außerordentliche Arbeiten.

Votum des Projektes (Denkschrift, Kostenvoranschlag und Pläne) in Bezug auf den Bau von kommunalen Werkstätten in der rue de Linger in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Allgemeinde Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 10.091.761,39 Euro: Gewerbesteuer 1. Trimester 2016 (2.479.000 Euro), Gewerbesteuer 2. Trimester 2016 (3.719.000 Euro) sowie Gewerbesteuer 3. Trimester 2016 (3.719.000 Euro) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.2. - Allgemeinde Verwaltungsangelegenheiten.

Änderungen in zwei beratenden Ausschüssen – Beschlüsse.

Geheime Abstimmungen:

Mit 14 Stimmen wurde der Rücktritt von Herr Fabien Hermes als Mitglied des Jugendausschusses angenommen.

Mit 15 Stimmen wurde Frau Cati Monteiro aus Rodange als neues Mitglied des Jugendausschusses ernannt.

Mit 14 Stimmen wurde Frau Valérie Lemaire aus Lamadelaine als neues Mitglied im Ausschuss für Verkehr und öffentlichen Transport ernannt.

Herr Becker hat nicht an den Abstimmungen teilgenommen.

6.3. - Allgemeinde Verwaltungsangelegenheiten.

Abrechnung bezüglich der Glasfaservernetzung der Gemeindestandorte - Bewilligung.

Gesamtkostenvoranschlag: 245.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 275.757,60 € (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 275.757,60 € (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig.

7.1. - Gemeindepersonal.

Schaffung eines Angestelltenpostens (ehemals Arbeiter) in der Karriere des Hilfsbetreuers (w/m) für den Schulbus - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Gemeindepersonal.

Schaffung eines Angestelltenpostens (w/m) (ehemals Privatbeamte), ganztags und zeitlich unbegrenzt - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.3. - Gemeindepersonal.

Festlegung der Vergütung der Angestellten (ehemals Privatbeamte) der Hausaufgabenhilfe - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.1. - Schulwesen.

Organisation der Schneeklassen für 2017 - Beschluss.

Die Schneeklassen finden vom 26.01.2017 bis zum 04.02.2017 in Sigmundsberg/Mariazell in Österreich statt. Die Teilnehmerzahl liegt bei 165 Schülern und 33 Erwachsenen.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

8.2. - Schulwesen.

Abrechnung in Bezug auf die Erneuerung des vorderen Pausenhofs des Schulgebäudes Am Park in Petingen - Bewilligung.

Gesamtkostenvoranschlag: 500.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 579.696,04 € (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 562.008,32 € (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig.

9.1. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herr Romain Richer, beigeordneter Priester der Pfarrgemeinde Petingen bezüglich der Zurverfügungstellung des Pfarrhauses (Gebäude mit Garage) auf Nummer 31 in der rue J.B. Gillardin in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstückverkaufs am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen an Herr Pascal Thill und Frau Nadia Scalise - Bewilligung.

Das 8 m2 umfassende Grundstück wird für 60 Euro verkauft.

Bewilligung einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.3. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstücktauschs am Standort „Chemin de Brouck“ in Rodange mit Herr Vitor De Oliveira Ribeiro und Frau Maria Armandina Carreira Seixas Ribeiro - Bewilligung.

Der Grundstückaustausch ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

9.4. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstücktauschs am Standort „rue des Jardins“ in Rodange mit der Gesellschaft „DS2 Promotions sàrl“ - Bewilligung.

Der Grundstückaustausch ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

9.5. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückkaufs am Standort „Im Heidenbour“ in Lamadelaine von Herr Roger Niederkorn - Bewilligung.

Der Kauf eines 2 Hektar, 26 Ar und 50 m2 großen Grundstücks erfolgt zum Preis von 135.900 Euro wird für gemeinnützige Zwecke getätigt. Dies im Rahmen der Umsetzung des nationalen Plans zum Schutz der Natur und der Kompensationsmaßnahmen, welche den Gemeinden auferlegt wurden entsprechend dem Impakt eventueller lokaler Projekte auf die Umwelt.

Bewilligung einstimmig.

10. - Soziales.

Konvention mit Proactif asbl und der „Association des Musées et Tourisme Ferroviaires asbl“ (AMTF 1900) bezüglich der Wiedereingliederung von Arbeitslosen auf den Arbeitsmarkt - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

11. - Friedhöfe.

Abstimmung eines Spezialkredits über 18.350 Euro für die finanzielle Beteiligung der Gemeinde Petingen am Friedhof

„bei den Gruben“ auf dem Gebiet der Stadt Differdingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12.1. - Stadtplanung.

Abstimmung einer provisorischen Abrechnung sowie eines Zusatzkredites über 130.000 Euro bezüglich des Teilbebauungsplanes des Petinger Zentrums – Beschluss.

Gesamtkostenvoranschlag: 69.613,34 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 69.300,69 € (MwSt. inkl.)
Geplante Gesamtausgabe: 200.000,00 € (MwSt. inkl.)

Beschluss einstimmig.

12.2. - Stadtplanung.

Abstimmung des Projektes (Denkschrift, Kostenvoranschlag über 1.235.000 Euro und Pläne) bezüglich der Einrichtung einer „grünen Allee“ im Wohnviertel „Neiwiss“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.1. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür-Verkaufsaktion der Vereinigung „KaGePe asbl“ ab dem 1. Dezember 2017 in der der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.2. - Öffentliche Ordnung.

Abrechnung bezüglich der Ersetzung der Garagentore der Feuerwehr und des Rettungsdienstes – Bewilligung.

Gesamtkostenvoranschlag: 22.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 22.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 21.402,60 € (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig

14. - Landwirtschaft.

Abrechnung bezüglich der Umsetzung der Arbeiten im Bereich der Feldwege.

Gesamtkostenvoranschlag 52.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit 52.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 47.778,00 € (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig.

15. - Nebenstraßen.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung sowie der Reorganisation der roten Ampeln entlang der N5 in Petingen- Bewilligung.

Gesamtkostenvoranschlag: 250.000,00 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 284.212,06 € (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 283.620,93 € (MwSt. inkl.)

Beschluss einstimmig.

16. - Transport und Kommunikation

Verkehrsverordnung zwecks Erneuerungsarbeiten der Infrastrukturen in der rue du Parc in Petingen.

Bestätigung einstimmig.

Séance publique du 9 décembre 2016

***Durée de la séance**: 17.30 à 19.10 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)

Breyer Roland, 1er échevin (CSV)
Conter-Klein Raymonde, 2e échevin (CSV)
Mertzig Romain, 3e échevin (LSAP)

Arendt Patrick (CSV)
Conzemius-Holcher Josette (CSV)
Gira Carlo (CSV)
Polfer John (CSV)
Rosenfeld Romain (CSV)

Brecht Guy (LSAP)
Stoffel Marco (LSAP)

Becker Romain (déi gréng)
Scheuer Romain (déi gréng)
Thein Joe (adr)
Tockert Claude (DP)
Muller Albert (-)

Absent et excusé:

Birtz Gaby (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance publique (17.30 heures)

1. Point unique:
   Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevin sur le budget rectifié de 2016 et le projet de budget pour 2017 de l'administration communale.

COMPTE RENDU

1.

Budget rectifié de 2016 et projet de budget pour 2017 de l'administration communale.

Présentations et commentaires du collège échevinal.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir Dammen an Hären,

Fir dëse Budget 2017 virzebereeden, kruten d'Gemenge gläich 3 Mol Post vum Inneministère. Fir d'alleréischt de 24. Oktober déi traditionell Circulaire 3420 mat vir op enger Rei vun Uweisungen a makroekonomesch Eckdate fir de Gemengebudget opzestellen. Mä dëst Joer besonnesch mat enger Introduktioun iwwer 4 Säiten, wou Erklärungen iwwer d'Reform vun de Gemengefinanzen opgefouert ginn, déi am Budget 2017 fir d'éischt hiren Néierschlag fanne soll. Duerno, de 25. Oktober, krut all Gemeng en individuelle Bréif vum „Premier Conseiller de Gouvernement" vum Inneministère - d'Transparenz léisst gréissen - wou si fir d'Joer 2017 hir individuell Beträg vun der kommunaler Gewerbesteier – direkt Participatioun, vun der „Recette du Fonds de dotation globale des communes" an der „Participation au Fonds pour l'Emploi" matgedeelt kruten. A schlussendlech den 21. November d'Circulaire 3427 mat enger Aktualisatioun vun der kommunaler Gewerbesteier fir de rektifizéierte Budget 2016, wou mat enger Erhéijung par rapport zum Kont 2015 vu 16,4% amplaz vun den urspréngleche 0,5% gerechent gëtt.

Et ass deemno wichteg, sech dës Reform vun de Gemengefinanzen am Detail unzekucken, déi op den éischte Bléck fir eis Gemeng als positiv ugesi gi kann, well laut den Zuele vum Inneministère an enger Simulatioun eis Gemeng fir d'Joer 2015 1,3 Milliounen Euro oder 3,15% méi un Netto-Recetten erwaarde kann. Kuckt ee sech dëst awer méi genee un, esou mierkt een awer gläich, datt opgrond vun den Tatsaachen, datt der Gemeng Péiteng an de leschte Joren ëmmer tëscht 2,7 an 2,9% vun de Gesamtrecettë vum FCDF an der kommunaler Gewerbesteier zoustoung an d'Regierung, esou wéi den Inneminister schreift, eng zousätzlech Enveloppe vun 90 Milliounen Euro an de „Fonds de dotation globale des communes" gëtt – dorop kommen ech nach spéiderhin ze schwätzen -, d'Gemeng Péiteng bei gläichem Verdeelungsschlëssel ronn 2,5 Milliounen Euro méi un Netto-Recettë krut hätt, also bal duebel esou vill wéi elo no deem neie Verdeelungsschlëssel, deen am Kader vun der Reform vun de Gemengefinanzen definéiert gouf.

Wéi kënnt et zu dëser supplementarer Enveloppe vun 90 Milliounen Euro? D'Regierung entbënnt d'Gemengen ab 2017 vun hirer Participatioun un 1/3 vun de Gehälter vum Léierpersonal am Grondschoulunterrecht ze bezuelen, e Käschtepunkt fir de Gemengesektor vu ronn 150 Milliounen Euro an de leschte Joren, a fir d'Gemeng Péiteng vu knapp 5 Milliounen Euro. Als Géigeleeschtung mussen d'Gemengen deen Deel, deen de Staat bis elo all Joer an d'„Caisse de Prévoyance des fonctionnaires et employés communaux" afléisse gelooss huet – wat fir de gesamte Gemengesektor ronn 50 Milliounen Euro ausmécht – selwer droen. An do ginn et zwou fundamental Bemierkungen ze maachen. Fir d'alleréischt gëtt de „Fonds de dotation globale des communes" fir den Totalbetrag an d'„Caisse de Prévoyance des fonctionnaires et employés communaux" pauschal belaascht an net individuell ofgerechent, wat net ze akzeptéieren ass, well d'Gemengen, déi eng vernünfteg Personalpolitik maachen, fir déi iwwerdriwwe Personalpolitik vun anere Gemeng matbezuele mussen. Des Weideren huet des Reform vun de Gemengefinanzen en negativen Impakt op de Budget 2017 well d'Participatioun vun de Gemengen un de Gehälter vum Léierpersonal vum Joer 2016 laut Circulaire 3415 vum 30. September 2016 als ordinär Ausgab am Budget 2017 figuréiert – fir d'Gemeng Péiteng eng Zomm vu 4,9 Milliounen Euro – a gläichzäiteg déi nei Contributioun vun de Gemengen an d'„Caisse de Prévoyance des fonctionnaires et employés communaux" vum Joer 2017 och schonn 2017 pauschal am „Fonds de dotation globale des communes" ofgerechent gëtt. Sécher ass dëst am Joer 2017 eemoleg, mä net desto Trotz huet dëst een negativen Effekt op den ordinären Iwwerschoss vum Joer 2017.

Wéi virdru schonn ugeschwat setzt sech ab 2017 den neie „Fonds de dotation globale des communes" engersäits aus der kommunaler Gewerbesteier zesummen, esouwäit ewéi dës Steier net direkt un d'Gemengen ofgefouert gëtt. Dës Zomm aus dem „Fonds de dotation globale des communes" gëtt dann no 5 verschidde Critèrë verdeelt, an zwar d'„population ajustée". Och wann et duerch dat komplett Feele vu chiffréierten Argumenter fir d'Gewiichtung tëscht deenen eenzele Critèrë festzeleeën onméiglech ass, dës Reform vun de Gemengefinanzen ze beuerteelen, esou ass et awer kloer, datt et komplett inakzeptabel ass, datt zum Beispill eng Gemeng Esch als „Centre de développement et d'attraction" iwwer de Schlëssel vun der „population ajustée" e Bonus vu 25% kritt – dat entsprécht ongefeiert 15 Milliounen Euro – par rapport zu deem, wat si opgrond vun hirer reeller Awunnerzuel zegutt huet. D'Argument vun de regionalen Aufgaben ass an deem Sënn net valabel well d'Reform a kenger Hisiicht dës regional Aufgaben definéiert. Och ass de Critère vun de soziale Wunnengen ze verwerfe well domat aus „revenus non-affectés" „revenus affectés" gemaach gëtt. Eng Reform vun de Gemengefinanze war noutwenneg, well de Verdeelerschlëssel aus dem leschte Joerhonnert net méi den haitege Gegebenheeten ugepasst ass. D'Bevëlkerungsentwécklung an déi erweidert an nei Aufgabe vun de Gemengen huet dës Reform onëmgänglech gemaach. Déi Reform, déi awer elo virläit, kann awer net den Usproch vun enger besserer Verdeelung fir sech beusproche well dës Reform iwwer de Knéi gebrach gouf ouni eng fundéiert Analys vun den Onkäschte vun de Gemengen am Virfeld ze maachen.

Den Inneminister geet a senge Circulairë vun dësem Joer – am Géigesaz zu de leschten 2 Joer – net méi op d'Zomm vun dem Méiwäert an, deen aus der Erhéijung vun der TVA entsteet, déi hien zeréckhält fir de „Fonds pour la réforme des services de secours" ze speisen. 2015 waren dat laut senger

eegener Berechnung an der Circulaire 3195 scho 25.022.000 Euro an 2016 – ebenfalls no senger eegener Berechnung an der Circulaire 3298 – nach emol 36.875.000 Euro. Fir 2017 muss een dann op d'mannst nach emol vun engem ähnleche Betrag wéi am Joer 2016 ausgoen. Wat dann elo an 3 Joer manner Recettë fir de gesamte Gemengesektor vu ronn 100 Milliounen Euro ausmécht - an dat entsprécht ronn 3 Milliounen Euro fir eis Gemeng – ouni datt awer um Terrain iergendeng konkret Ännerung wat d'Rettungsdéngschter am Land, a besonnesch an eiser Gemeng, festgestallt ka ginn. An eiser Gemeng kann ech op jidder Fall meng Ausso vum leschte Joer widderhuelen andeems ech feststellen, datt mir weiderhi frou sinn, op d'Kompetenz an den Asaz vu fräiwëllege Membere vum Péitenger Pompjeescorps an Interventiounszenter zielen ze kënnen.

Wéi et zu Péiteng Traditioun ass, presentéiert haut an enger éischter Sëtzung de Schäfferot dem Gemengerot déi wichtegst Eckdate vum leschte Budget vun dëser Mandatsperiod, dem initiale Budget 2017, a vum rektifizéierte Budget 2016. An enger zweeter Sëtzung, den nächste Méindeg, kënnen dann déi eenzel Gemengeconseilleren hir Kommentaren a Froen zum Budget stellen an zum Ofschloss stinn dann haut an enger Woch, de 16. Dezember, an enger drëtter Sëtzung de Budget mat den entspriechenden Devisen zum Vote.

De Budget 2017 ass duerch déiselwecht Eegenschafte wéi déi Jore virdru gekennzeechent, dat heescht:

1. Mir behale weiderhin en héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget, och wann dësen opgrond vun der Reform vun de Gemengefinanzen 2017 mat liicht iwwer 9 Milliounen Euro méi kleng ausfält wéi déi Jore virdrun.
2. D'Investissementer bleiwe mat engem Total vu ronn 23,5 Milliounen Euro op engem extrem héijen Niveau.
3. Mat dësem 6. Budget vun der Mandatsperiod hu mir bis op 2 Ausnamen – an do hoffe mir am Laf vum nächste Joer nach den Duerchbroch ze kréien – den iwwerschaffte „Plan pluriannuel de financement", deen de Schäfferot an der Sëtzung vum 24. Februar 2014 dem Gemengerot virgeluecht hat, a senge grousse Linnen entweder ausgefouert oder op d'Schinne gesat.
4. D'Gemengeschold geet och 2017 ëm weider knapp 2 Milliounen Euro zeréck.

Schlussendlech schléisst dëse leschte Budget vun dëser Mandatsperiod mat engersäits enger Gemengeschold vun 10,73 Milliounen Euro an anersäits mat Reserve vu 15,72 Milliounen Euro – 6,24 Milliounen Euro am „Fonds du Pacte Logement" an 9,48 Milliounen Euro als definitive Boni. Dëst ass eng aussergewéinlech gutt Finanzsituatioun, déi eis erlaabt, an aller Serenitéit déi nächst Mandatsperiod ze plangen.



Am Budget 2017 ginn déi ordinär Recettë par rapport zum Budget 2016 ëm 1,67% zeréck an déi ordinär Ausgabe klammen ëm 1,61%. D'Konsequenz dovunner ass, datt den ordinären Iwwerschoss fir d'drëtt Joer hannereneen – dës Kéier ëm 17,27% - op elo 9,1 Milliounen Euro fält. Dëst ass, wéi gesot, aus de virdrun ugefouerte Grënn, am Joer 2017 eng exzeptionell Situatioun. Am Joer 2018 klëmmt dësen Iwwerschoss nees op 13 bis 14 Milliounen Euro opgrond vum Ewechfale vun der Participatioun un de Gehälter vum Léierpersonal.




Am Verglach zum ordinären Deel vum initiale Budget 2016 klammen déi ordinär Recetten am rektifizéierte Budget 2016 ëm 3,82% a parallel ginn déi ordinär Ausgaben ëm 3,82% erof, wat zur positiver Entwécklung am rektifizéierte Budget 2016 vum ordinären Iwwerschoss vu 4,4 Milliounen Euro respektiv 40,25% féiert.


Op der Recettesäit läit d'Haaptursaach vun der Verbesserung bei der Neiberechnung vun der kommunaler Gewerbesteier opgrond vun der ministerieller Circulaire 3427, wou elo fir eis Gemeng mat engem Plus vu 16,4% an deemno ronn 2,4 Milliounen Euro gerechent gëtt. Am éischten Trimester d'nächst Joer wësse mir, a wéi fern dës Berechnung, déi vum Inneminister proposéiert gëtt, dann och richteg ass.

Op der Säit vun den Ausgabe gëllt et besonnesch als Ursaach vum Réckgang op d'Indextranche hinzeweisen, déi och am Joer 2016 net erfall ass an elo laut STATEC am 1. Trimester 2017 ufält. Des Weidere leien d'Ausgaben an der Rubrik 242 „Maisons Relais / Foyers scolaires" am rektifizéierte Budget ëm ronn 400.000 Euro méi niddereg ewéi am initiale Budget. An dat aus deem einfache Grond well d'Maison Relais „Bei de Bujellien" zu Rodange e puer Méint méi spéit ewéi virgesinn seng Dieren opgemaach huet. Och ass d'Contributioun un de interkommunale Syndikat SIACH am rektifizéierte Budget 2016 par rapport zum initiale Budget 2016 ëm iwwer 300.000 Euro méi niddereg ausgefall. Schlussendlech louch am Joer 2016 d'Participatioun un de Gehälter vum Léierpersonal ëm ronn 250.000 Euro méi niddereg wéi dat, wat mir am initiale Budget 2016 virgesinn haten.

Och am 6. Budget vun dëser Mandatsperiod ass et gelongen, den ordinären Iwwerschoss, d'Basis fir eng ambitiéis Investitiounspolitik, mat 9,1 Milliounen Euro héich ze halen. Tëscht 2004 an 2010 louch dësen Iwwerschoss – mat enger Ausnam am Joer 2009 – nëmmen tëscht 3,4 a 6,8 Milliounen Euro, éier mir dann 2011 d'Grenz vun den 10 Milliounen Euro erreecht hunn. Déi éischt 5 Joer vun dëser Mandatsperiod louch dësen Iwwerschoss all kéier an de respektive Budgete bei ëm déi 11 Milliounen Euro. D'nächst Joer fale mir zënter längerem nees ënner d'Grenz vun 10 Milliounen Euro. Dat



wäert awer, wéi virdrun erkläert, opgrond vun der Duebelbelaaschtung am Budget 2017 – d'Participatioun un de Gehälter vum Léierpersonal fir d'Joer 2016 an d'Contributioun vun der Gemeng an d'„Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux" fir d'Joer 2017 – eng Ausnam sinn an 2018 wäert de Budget nees en Iwwerschoss vu wäit iwwer 10 Milliounen Euro opweisen.




Am Budget 2017 belafe sech déi ordinär Recetten op 62,4 Milliounen Euro. De gréissten Deel mat ronn 75% kënnt iwwert déi net zweckgebonne Recetten, dem „Fonds de dotation globale des communes", der kommunaler Gewerbesteier an der Grondsteier, an d'Gemengekees. Dat bedeit zwar fir déi net affektéiert Revenuen e Réckgang vun 0,85% par rapport zum Kont 2015, a vun 8,26% par rapport zum rektifizéierte Budget 2016. Ab 2018 gëtt dann dëse Réckgang duerch d'Ewechfale vun der Participatioun un de Gehälter vum Léierpersonal kompenséiert.

Déi affektéiert Revenue maachen 8% vun allen ordinäre Recetten aus. Duerch d'Ouverture vun der 4. Maison Relais zu Rodange bei der Schoulrentrée dëst Joer klëmmt d'Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun de Maisons Relaise vun 2,45 Milliounen Euro am Budget 2016 op elo 3,4 Milliounen Euro am Budget 2017. Mat 65,3% fir d'Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun de Maisons Relaisen an 18,3% fir déi staatlech Bäihëllef am Kader vun der Museksschoul maachen dës Ënnerstëtzunge bei wäitem de gréissten Deel vun den affektéierte Revenuen aus.

D'Taxenerhiewunge stellen, esou wéi déi Jore virdrun, 13% vun de Gesamteinname vum ordinäre Budget 2017 duer.

D'Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten, sief et vu verschiddene soziale Wunnengen an d'Raim, déi mir dem Staat, der Police, dem Office social, der Keelefederatioun, dem Restaurant WAX asw. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, mä awer och vum Joer 2017 un d'Paschtoueschhaiser, déi mir de Paschtéier verlounen, maachen 1% vun alle Recetten aus.

Déi restlech 3% setze sech aus verschidden ordinäre Recetten zesummen, ë.a. d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs", d'Remboursementer vun der TVA a vun de Gehälter vum Office social esou wéi d'Bankzënsen.



Am ordinären Deel vum Budget 2017 klammen d'Bruttoausgaben ëm 1,61% par rapport zum Budget 2016, dat heescht vun 52,4 op 53,3 Milliounen Euro, a stellen sech esou zesummen:

D'„Charge salariale" – an déi begräift esouwuel d'Gehälter vum gesamte Personal, dat vum Schäffen- a Gemengerot agestallt ass, souwéi och fir d'lescht am Budget 2017 d'Remboursementer un de Staat vun engem Drëttel vun de Gehälter vum Léierpersonal aus eiser Gemeng – klëmmt vum Budget 2016 op de Budget 2017 vun 28,2 op 28,7 Milliounen Euro. Dat entsprécht 55% vun allen ordinären Ausgaben. Ab 2018 wäert dëse Prozentsaz duerch d'Ewechfale vun der Participatioun un de Paie vum Léierpersonal ënner 50% falen.

2017 geet den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzele Gemengesyndikater liicht zeréck op 5,4 Milliounen Euro, wat 10% vun den ordinären Ausgaben duerstellt.

Mat 4% an 1,9 Milliounen Euro maachen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2017 weiderhin eng akzeptabel Charge fir eise Gemengebudget aus. Hei gëllt besonnesch ervirzesträichen, datt opgrond vun den nidderegen Zënsen an dem permanente Réckgang vun der Gemengeschold an de leschten 10 Joer, d'Zënslaascht op den historeschen Déifstand vun ënner 50.000 Euro gefall ass.

Mat 3,8 Milliounen Euro, dat heescht 7% vun den ordinären Ausgaben, leien am nächste Joer d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – liicht iwwer dem Niveau vum Budget 2016. Hei muss een drop opmierksam maachen, dass duerch déi nei Gebaier – d'Maison Relais zu Rodange, d'Rout Haus zu Péiteng, d'„Mémoire collective communale" zu Rolleng, den neien Tounstudio zu Rolleng an d'Rollenger Millen – 5 nei Gebaier um Enn vun dësem Joer oder ufanks 2017 hir Dieren opgemaach hunn oder opmaache wäerten.

E wichteg Posten an eisem Budget stellen nach ëmmer d'„Prévisions sociales" an eiser Gemeng duer. Dat heescht de

Fonctionnement vum Office social, de „Repas sur roues“, d'Téléassistance, de Kontrakt mat „Défi-Job“, d'Beschäftegung vun CAEen oder Apprentien, d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a vum ProActif, der „Main Tendue“ an dem Cent Buttek. 2,9 Milliounen Euro oder 5% vun den ordinären Ausgabe sinn heifir am Budget 2017 virgesinn.

D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Bensin oder Diesel, d'Versécherungen, souwéi den Ënnerhalt chiffréiere sech am Budget 2017 op 551.000 Euro, wat 1% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

2% vun allen ordinären Ausgaben oder 832.000 Euro ginn am Budget 2017 un Associatioune verdeelt. Dat stellt op där enger Säit mat knapp 190.000 Euro oder 22,8% d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng an zu Rodange duer, mä awer och den Transfert un eise Pompjeescorps an un de Péitenger Zivilschutz ewéi och eis Subsidie fir eis Lokalveräiner. Een neit Subsidiereglement, dat ufanks 2016 vum Gemengerot gestëmmt gouf, stäerkt weiderhin d'Veräinsliewen an eiser Gemeng.

Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eise Reseauen a Stroosseninfrastrukture belafe sech am Budget 2017 op 1,8 Milliounen Euro, dat heescht iwwer 3% vun allen ordinären Ausgaben.

Interessant ass och ervirzeträichen, datt am Budget 2017 dat politescht Entscheedungsorgan, dat heescht de Gemengen- a Schäfferot mat senge legalen a konsultative Kommissioune grad emol 680.000 Euro oder 1,25% vun den ordinären Ausgaben an Usproch hëlt.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 12% oder 6,6 Milliounen Euro fir eng helle Wull vu verschiddenen ordinären Ausgaben, ënner déi d'Informatik mat geschate 680.000 Euro, d'Schoulmaterial fir d'Schüler aus der Grondschoul mat geschate 500.000 Euro an de Schoultransport mat geschate 417.000 Euro als Beispiller ervirzeträiche sinn.



D'Analys firwat fir Beräicher, déi net zweckgebonne Revenue agesat ginn – dat heescht, de „Fonds de dotation globale des communes“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – erlaabt eis, d'Schwéierpunkte vun der Péitenger Gemengepolitik duerzestellen.


Hei gëllt et, d'Entwécklung vun deenen eenzele Beräicher am Aen ze behalen am Sënn vun enger laangfristeger politescher Orientéierung. Ech hunn dës Ausgaben, ewéi all Joer, an 11 gréisser Kapitelen, déi di Haaptausgabeberäicher an eiser Gemeng duerstellen, agedeelt.

Déi net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2017 op 46,2 Milliounen Euro. Dat sinn 2,3 Milliounen Euro oder 4,7% manner ewéi am Budget 2016.

Si solle laut Budget 2017 esou verdeelt ginn:

1. Fir „Administration générale, ordre public, culte a sécurité“ 11 Milliounen Euro oder 23,74%.
2. Fir Annuitéite vun eiser Gemengeschold 1,9 Milliounen Euro oder 4,16%.
3. Fir d'„Prévisions sociales“ 2 Milliounen Euro oder 4,33%.
4. Fir de Grondschoulunterrecht 10,2 Milliounen Euro oder 22,05%.
5. Fir eis Maisons Relaisen a Crèchen 1,5 Milliounen Euro oder 3,23%.
6. Fir Sport, Kultur, Tourismus, Jugend a Fräizäit 3,7 Milliounen Euro oder 7,96%.
7. Fir „Voirie, Park, Ëmwelt a Kierfechter“ 2,6 Milliounen Euro oder 5,59%.
8. Fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung 100.000 Euro oder 0,21%. Et stellt een deemno fest, datt an dëse Beräicher keen Iwwerschoss am ordinäre Budget erwaart gëtt an esou den Amortissement vun den Investissementer net méi gedeckt ka ginn. Och wa mir opgrond vun engem negativen Avis vum Inneminister - deem d'Taxen-upassung vum Waasserpräis, déi de Gemengerot den 11. Juli 2016 gestëmmt hat, net konsequent genuch war - dës Upassung net maache konnten, esou wäerte mir kuerzfristeg an no Récksprooch mat de SIACH-Gemengen dës Taxenupassung virhuele mussen.
9. Fir eis Museksschoul 824.000 Euro oder 1,78%.
10. Fir eis Schwämmen 1,9 Milliounen Euro oder 4,16%.
11. Fir den ëffentlechen Transport 1,4 Milliounen Euro oder 3,09%.

Deemno stinn am Budget 2017 9,1 Milliounen Euro, dat heescht 19,70% vun den net affektéierte Revenue fir ausser-gewéinlech Projeten zur Verfügung.




An senger Sëtzung vum 18.06.2012 hat de Péitenger Gemengerot fir dës Mandatsperiod 2012-2017 en Investitiouns-programm vun 110 Milliounen Euro virgesinn an 2 Joer méi spéit, de 24. Februar 2014, dësen esouguer nach op 129 Milliounen Euro erhéicht. Mam Budget 2017 komme mer zum Schluss vun dëser Mandatsperiod an et wäerten um Enn extraordinär Ausgabe vun 120,8 Milliounen Euro realiséiert ginn, wat 93,8% vum „Plan pluriannuel“ ausmécht. Eigentlech ginn et just 2 gréisser Projeten, déi virgesi waren, déi eréischt dat anert Joer an d'Realisatiounsphas kommen, an zwar d'„zone économique Grand Bis”, wou de Startschoss fir d'Infrastrukturaarbechten d'nächst Joer virgesinn ass an de

Projet vun eise Gemengegaragen, e Projet vu 16,9 Milliounen Euro, deen eestëmmeg vum Gemengerot an der Sëtzung vum 14.11.2016 ugeholl gouf a wou d'Bauaarbechte viraussiichtlech am Laf vum nächste Joer ufänke wäerten. Fir e leschte Projet, dee vun der neier Museksschoul, deen am Kader vun der Entwécklung vum fréieren LTMA-Site geplangt soll ginn, bleiwe mir weiderhin ofhängeg vun de staatlechen Instanzen. E rezente Bréif vum Minister François Bausch léisst eis awer optimistesch sinn, datt mir op d'mannst dat anert Joer d'Planungsphas vun dësem interessante Projet ofschléisse kënnen.

D'Ausgaben am extraordinäre Budget verdeele sech esou:


1. Am Kapitel „Enseignement fondamental" sti fir 2017 0,85 Milliounen Euro, wat fir dës Mandatsperiod am Total Investissementer vun 21,76 Milliounen Euro ausmécht a mir esou ronn 2,5 Milliounen Euro iwwer deenen am „plan pluriannuel" ageschriwwen Ausgabe leien.
2. Am Kapitel „Établissements sociaux", dat heescht d'Maisons Relaisen, d'Crèchen an den neien Office social sti fir 2017 360.000 Euro, wat fir eis Mandatsperiod am Total Investissementer vun 13,12 Milliounen Euro oder 93,6% vun deenen am „plan pluriannuel" ageschriwwenen Ausgaben ausmécht.
3. Am Kapitel „Sports, Culture, Loisirs, Tourisme, Jeunesse" sti fir 2017 4,2 Milliounen Euro, wat fir dës Mandatsperiod am Total Investissementer vum 26,24 Milliounen Euro oder 99,6% vun deenen am „plan pluriannuel" ageschriwwenen Ausgaben duerstellt.



4. Am Kapitel „Administration" sti fir 2017 500.000 Euro, wat fir dës Mandatsperiod am Total Investissementer vun 2,25 Milliounen Euro oder 29% vun deenen am „plan pluriannuel" ageschriwwenen Ausgaben duerstellt.
5. Am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux", sti fir 2017 13,17 Milliounen Euro, wat fir dës Mandatsperiod Investissementer am Total vun 38,48 Milliounen Euro oder 79% vun deenen am „plan pluriannuel" ageschriwwenen Ausgaben duerstellt.
6. Am Kapitel „Syndicats intercommunaux" sti fir 2017 540.000 Euro, wat fir dës Mandatsperiod Transferten an Héicht vun 3,4 Milliounen Euro entsprécht an deemno liicht iwwer der virgesinnener Zomm am „plan pluriannuel" läit.
7. Am Kapitel „Acquisition immeubles" sti fir 2017 nach emol 1,98 Milliounen Euro, wat fir dës Mandatsperiod en Total vun 9,18 Milliounen Euro ausmécht, an deemno bal den Duebele vum Betrag ass wéi deen, dee mir am „plan pluriannuel" virgesinn haten.
8. A schlussendlech am Kapitel „Divers" sti fir 2017 1,88 Milliounen Euro, wat an dëser Mandatsperiod zesumme 6,3 Milliounen Euro oder ronn 1 Millioun Euro méi wéi am „plan pluriannuel" bedeit.

Am Joer 2017 ginn dës extraordinär Ausgaben esou finanzéiert:

- zu 39% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2017,
- zu 4% iwwer Staatssubsidien,
- zu 32% iwwer de Verkaf vun Terrainen,
- zu 12% iwwer den iwwerdroene Report vun 2016,
- zu 0% iwwer de „Fonds de Réserve Pacte Logement"
- zu 13% iwwer verschidden extraordinär Recetten ewéi zum Beispill Taxen an am Budget 2017 besonnesch een aussergewéinleche „Retour de fonds" vum SIDOR an Héicht vun 1,37 Milliounen Euro an der Participatioun vum SIKOR un den zwou Wirtschaftszonen am PED an um Grand Bis an der Héicht vun 1 Millioun Euro.



An dëser Mandatsperiod 2012-2017 läit de Finanzéierungsmodus voll an der Linn vun deem, deen de Schäfferot am „plan pluriannuel de financement" virgesinn hat, dat heescht, d'Investissementer ginn zu


- 64% iwwer den ordinären Iwwerschoss vun de Konten 2012, 2013, 2014 an 2015, de rektifizéierte Budget 2016 an den initiale Budget 2017,
- 8% iwwer Staatssubisidien,
- 9% iwwer de Verkaf vun Terrainen,
- 12% iwwer den iwwerdroene Boni vun 2011,
- 3% iwwer de „Fonds de Réserve Pacte Logement",
- 4% iwwer verschidden extraordinär Recettë

finanzéiert.


Wat de „Pacte Logement" ugeet, esou huet d'Gemeng Péiteng fir d'Joren 2007 bis 2015 Recettë mat engem Total vun 9.440.752,50 Euro bis elo verbucht. Dat opgrond vun der Entwécklung vu senger Awunnerzuel, déi tëscht dem 1. Januar 2007 an dem 31. Dezember 2015 – dat heescht bannent 9 Joer – ëm 2.853 Bierger oder 18,99% vu 15.017 op 17.870 geklommen ass. Am Joer 2016, dat lescht Joer vun der lafender Konventioun vum „Pacte Logement" kann ee mat enger Progressioun vu weideren 300 Awunner rechnen, an esou wäert d'Recette am Kader vum „Pacte Logement" fir dat lafend Joer nach eemol op d'mannst bei 800.000 Euro leien. D'Recetten iwwer de „Pacte Logement" wäerte sech also an




den 10 Joer viraussiichtlech op iwwer 10,24 Milliounen Euro belafen. Am Joer 2012 hu mir op 1 Millioun Euro an am Joer 2014 op weider 2 Milliounen Euro vun dësem Fong zeréckgegraff fir verschidden extraordinär Projeten am Schoulberäich ze finanzéieren. An am Joer 2016 ass eng weider Millioun Euro fir de Bau vun der neier Maison Relais zu Rodange gebraucht ginn. 2017 wäerte mir net op dës Reserve zeréckgräifen, esou datt de viraussiichtleche Solde am „Fonds de Réserve Pacte Logement“ Enn 2017 bei 6,24 Milliounen Euro leie wäert.



Wéi am „plan pluriannuel“ virgesinn ass, ass och fir de Budget 2017 keen neien Emprunt noutwenneg fir eisen Investitiounsprogramm weider ze féieren. Am Géigendeel, am Budget 2017 si weider Remboursementer an Héicht vun 1.872.741,47 Euro geplangt, esou datt Enn 2017 eis Gemengschold op 10.725.314,42 Euro zeréckgoe wäert. E Minus vu 27,4 Milliounen Euro zënter dem 1. Januar 2004.



Enn 2017 wäert d’Pro-Kapp-Verschëldung bei gläich bleiwender Awunnerzuel bei 590 Euro leien. Dat bedeit eng wesentlech Verbesserung iwwer déi lescht 13 Joer. 2004 louche mir nach bei enger Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.500 Euro. 2017, also 13 Joer méi spéit, leie mir nach bei knapp 25% dovunner a befannen eis zur Zäit am Spëtzegrupp vun de Lëtzebuerger Gemengen.



Ier dann elo meng Kollegen aus dem Schäfferot hir Beräicher am Detail beliichten, wollt ech dann och nach kuerz e puer Detailer vun deene Beräicher uschwätzen, déi laut Schäfferotserklärung vu mir begleet ginn.

Wat d’Revisioun vun eisem PAG (Plan d’aménagement général) ubelaangt, esou ass dat wéi esou dacks, wann ee vu staatleche Ministère ofhänkt, eng „never ending story“ ginn. Nodeems déi sektoriell Pläng vun der Regierung zeréckgezu gi sinn, krute mir no méintelaangem Waarden den 19. Oktober 2015 e säitelaangen Avis vum „Ministère du Développement durable et des infrastructures – Département de l’Environnement“ opgrond vun deem – wéi kann et anescht sinn – nach weider Etudë gefrot sinn. Am Hierscht ass déi viraussiichtlech lescht Etude ofgeschloss ginn, a mir hoffen, endlech Ufank 2017 an d’Prozedur ze goen. De Käschtepunkt vum neie PAG wäert sech schlussendlech op 625.000 Euro belafen.



Wat d’Lotissement „An den Atzéngen“ ugeet, esou hunn d’Infrastrukturaarbechten am November 2015 ugefaangen. Ee Joer méi spéit, de leschte Mount, huet d’„Société Nationale à Habitations à bon Marché“ mat dem Bau vun de Residenzen an den éischten Haiser ugefaangen. Kierzlech huet d’Gemeng dann och de Verkaf vun de 44 Terrainen an d’Prozedur ginn an ufanks vum nächste Joer wäerten d’Compromise mat jonke Familljen aus eiser Gemeng ënnerschriwwe ginn.

D'Gemeng war jo scho méi laang am Besëtz vun 3,25 Hektar, mä huet an de Joren 2013-2015 nach weider Terrainen – an der Gréisst vun 1,24 Hektar – an een Haus kaf fir dëst Lotissement ze realiséieren. De Käschtepunkt läit fir dës rezent Immobilientransaktioune bei genee 2.595.144,39 Euro. De Käschtepunkt fir eng Rei vum Prozedurkäschten (punktuell Modifikatioun vum PAG, PAP, „Umweltverträglichkeitsstudie", archäologesch Recherche, d'Etude an d'Kompensatiouns-moossnamen am Kader vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, asw.) läit nach net definitiv fest, mä et kann een emol vun 200.000 Euro ausgoen. D'Käschte fir d'Pläng vun de 44 Haiser chiffréiert sech laut Devis, dee mir am Gemengerot vum 14. November guttgeheescht hunn, op méi oder manner 970.000 Euro. D'Infrastrukturaarbechte vum Lotissement, mat den noutwennegen Aarbechten an de Stroosse ronderëm, belafe sech mam zousätzlechen Devis, dee mir den nächste Freideg zum Vote virgeluecht kréien, op 8,1 Milliounen Euro. D'Käschte vum Virfinanzement vum Projet wäerte schätzungsweis och bei ronn 55.000 Euro leien. Am Total wäert de Käschtepunkt vun dësem Projet deemno bei ronn 12 Milliounen Euro leien.

Iwwer d'Konventioun mat der „Société Nationale à Habitations à bon Marché" erwaarde mir vun dësem staatleche Promoteur fir d'Terraine vu 54 Haiser an 3 Residenzen esou wéi déi proportional Participatioun un de Käschte vun den Infrastrukturaarbechten eng Totalrecette iwwer 4,68 Milliounen Euro. Wat de Verkaf vun de 44 Terrainen inklusiv d'Baupläng ugeet, wou mir en Ar-Präis vu 40.000 Euro verrechnen, wäert d'Totalrecette bei 6,48 Milliounen Euro leien. Schlussendlech erwaarde mir staatlech Subsidie vum „Ministère du Développement durable et des infrastructures " iwwer 275.000 Euro, esou datt d'Totalrecettë sech op knapp 11,5 Milliounen Euro belafe wäerten.



Schlussendlech wollt ech op de Personalbestand vun der Gemeng Péiteng ze schwätze kommen.

Op den 1. Januar 2017 hu mir 405 Posten, wat opgrond vun der Deelzäitaarbecht 321,39 Ganzdagessstelle (ETP) gläichkënnt. E Plus par rapport zum 1. Januar 2016 vun 12,29 Ganzdagesstellen oder knapp 4%. Dës setze sech zesummen aus:

- 72 Posten (oder 67,5 ETP) si reservéiert fir Beamten,
- 187 Posten (oder 157,5 ETP) fir Salariéen, déi ënner de Südkollektivvertrag falen,
- 49 Posten (oder 33,3 ETP) fir „employés communaux",
- 97 Posten (oder 63,09 ETP) fir Salariéen ënner dem Statut vum Privatbeamten, wouvunner dee ganz groussen Deel an eise Maisons Relaise beschäftegt ass.

Ech soen iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir Dammen an dir Hären,

Nodeems de Buergermeeschter iech elo déi finanziell Eckwäerter vum Budget 2017 virgestallt huet, wier et dann u mir fir a verschidde Ressorten, wou ech d'Verantwortung hunn, méi genee anzegoen. Ech soen och Merci all menge Mataarbechter, déi un dësem Budget matgeschafft hunn. Speziell déi, déi a meng Ressorte falen, mä och menge Kollegen aus dem Schäfferot, mat deenen ech an deene leschte Wochen intensiv geschafft hunn.

Et sinn dës Rubriken:

1. „Autres loisirs, culture et cultes"
2. „Cultes"
3. „Fêtes publiques"
4. „Tourisme"
5. „Centres culturels et salles des fêtes"
6. „Loisirs"
7. „Affaires économiques et commerce"
8. „Relations publiques et affaires générales"
9. „Voirie vicinale et rurale"
10. „Parkings"
11. „Éclairage public"
12. „Places publiques"
13. „Circulation"
14. „Transport"
15. „Alimentation en eau"
16. „Gestion des eaux usées"

Loosse mer zesummen an déi verschidden Detailer kucken an dës zousätzlech Erklärunge ginn.

„Autres loisirs, culture et cultes":

Wéi all Joer stinn do 5.000 Euro fir dat eent oder dat anert Konschtwierk ze kafen. Den Archivage an de Scanning vun Dokumenter, speziell déi vum 2. Weltkrich an aner informatesch Equipementer fir eis „Amis des Jumelages" fale mat zesumme 14.000 Euro un.

Eis Rentnerfeiere bleiwe mat 40.000 Euro konstant. Eis „Journée des Méritants" mat 15.000 Euro an eis „Journée du Grand Âge" mat 9.000 Euro och.

Aktivitéite vun eiser Kommissioun, mä och aner Initiativen am Déngscht vun der Integratioun bleiwe mat 10.000 Euro erhalen.

D'Formatiounscoursen, mä och dat kulturellt Angebot vun eiser Konscht-Millen asbl am WAX fält mat 30.000 Euro zu Buch.

Déi verschidden Organisatioune vun eiser Gemeng kaschte 40.000 Euro, déi spezifesch fir d'Jugend 10.000 Euro an déi fir den 3. Alter 5.000 Euro.

De Kredit fir d'Jumelage-Feierlechkeeten an den Austausch ass 30.000 Euro, well mir am Joer 2017 de 25. Anniversaire vun de Jumelagë mat Schio a Maribor wäerte feieren.

A schlussendlech kaschten déi offiziell Receptioune vun eiser Gemeng an d'Betribsfeieren a d'Receptioune fir eist Personal ronn 70.000 Euro.

Subventioune fir déi kulturell Vereenegunge sti mat 35.000 Euro zu Buch, an de „Fonds de support" fir kulturell Organisatiounen am Kader vum „Partenariat privilégié" mat der Gemeng kaschte viraussiichtlech 50.000 Euro.

Dat esou wäit zu den ordinären Ausgabe fir dës Rubrik. Kënnt dobäi dat, wat nach Neies am extraordinäre Budget steet, an zwar:

D'Ofsécherung an d'Astandsetze vun der Rollenger Millen ass mat 200.000 Euro ugesot. Dorënner falen Aarbechten am Sënn vun enger „mise en conformité" an der Sécherheet bannen a baussen, grad esou wéi verschidden Ëmännerungen.

D'WAX-Mille kritt en Abrochalarm fir 10.000 Euro.

Bei eiser Chrëschtbeliichtung kommen nach Akeef vu 25.000 Euro dobäi, fir eis ganz Gemeng lues a lues a méi e schéi beliichte Kader ze setzen.

An och fir eis Manifestatioune muss deen een oder anere Chalet ersat ginn. Dofir hu mir 5.000 Euro virgesinn.

De Kultus kascht eis am ordinäre Budget – wat d'Hëtzen, d'Waasser an den Ënnerhalt ubelaangt – genee 65.845 Euro.

Fir déi ëffentlech Fester a Manifestatioune vun eise Veräiner, mä och vun eis selwer, brauche mir 75.000 Euro, dovunner 15.000 Euro fir nei Uschafungen a 60.000 Euro fir d'Locatioun vun Tribünen, Zelter, Toiletten, asw.

An der Promotioun vum Tourismus si mir amgaangen, ee méi aggressiven a kloren, strukturéierten an homogene Wee ze goen. An dofir ass eng Gesamtausgab am ordinäre Budget virgesi vun 155.000 Euro. Dovunner si 5.000 Euro fir d'Informatik-Assistenz.

60.000 Euro si virgesi fir déi touristesch Propaganda ewéi Deplianten, Annoncen, Affichen an eng monatlech Editioun vun engem Informatiounsblat mat deene wichtegsten Eventer an der Gemeng souwéi aner Marketingspromotiounen an der nationaler Press.

90.000 Euro si fir Subventiounen, esouwuel an de Minettpark (31.733 Euro) ewéi an den „Office Régional du Tourisme" (21.228 Euro) an nach aner Syndicats d'Initiativen oder Acteuren um touristesche Plang. Wa mir vum Ufank vun der Konstruktioun vun engem JUFA Hotel a kuerzer Zäit ausginn, da musse mir och déi néideg Viraussetzungen a Begleetmooss-namen opbauen.

Am extraordinären Deel vun den Ausgabe fir den Tourismus stinn nach 230.350 Euro. Dofir sinn 169.000 Euro fir Aarbechten am Kader vum Train 1900, mat ë.a. d'Astandsetzen an d'Verschéinerung vun der 1. Hal an d'Restauratioun vun Eisebunnsween; 20.300 Euro fir alles, wat mat enger „mesure au réemploi" verbonnen ass; 36.000 Euro fir d'Erneierung vum Wee um Doihl.

Den Ënnerhalt an de Fonctionnement vun eise Kulturzentren an aner Festsäll schléit dat anert Joer mat 689.153 Euro zu Buch. Den Haaptposte sinn natierlech do d'Personalkäschten, déi mat den Zentren zesummenhänken. Dat si 427.663 Euro, dann d'Hëtze mat 63.500 Euro, den Ënnerhalt vu verschidden Installatioune mat 49.700 Euro a weider 37.700 Euro fir d'Beliichtung an aner 33.900 Euro fir Material an den Ënnerhalt.

Als extraordinär Ausgaben an dëser Rubrik schätze mir et op 1.292.579 Euro, an dat an dëse Beräicher:

Eis Toun- an Televisiounsstudioen zu Rolleng an der fréierer Neoapostolescher Kierch. Do sinn nach 680.579 Euro fir dat éischt Semester 2017 virgesinn, an da sollen dës Studioen esou gutt der Gemeng ewéi de kulturelle Veräiner, mä och dem Jugendhaus an dem LTMA zur Verfügung stoen. Ugepeilt sinn do Opnamen, esou gutt Audio ewéi fir op d'Televisioun, mä och verschidde Prouwe vu kulturelle Vereenegungen an engem semi-professionellen Ëmfeld.

Mir erneieren och en zweeten Deel vun de Fënsteren am Kulturzenter zu Rodange, an dat fir 115.000 Euro, erneieren de Musekssall am selwechten Zenter fir 70.000 Euro, maachen datselwecht am Gebai vun der Péitenger Musek, wou och de Sall vun der Chorale erfrëscht gëtt. Käschtepunkt: 270.000 Euro. Mir installéieren eng nei Heizung zesumme fir A Rousen, d'Fischen-Haus an eist Verwaltungsgebai fir 87.000 Euro an hunn nach e Kredit vu 70.000 Euro virgesi fir nei Miwwelen am Paschtoueschhaus zu Rolleng fir d'Geschichtsfrënn an och nach nei Schief fir d'„Société Chorale" vu Lamadelaine.

An der Rubrik „Loisirs" stinn ordinär Ausgabe fir 131.800 Euro.

Den Ënnerhalt an d'Signalisatioun vun eise verschiddene Vëlospistë kascht 10.000 Euro.

D'Subside fir Sport- a Fräizäitveräiner belafe sech op 96.800 Euro an nach zousätzlech 25.000 Euro si fir Organisatioune virgesinn, déi sech am „partenariat privilégié" mat der Gemeng ofwéckelen.

Wirtschaftsaffären:

No laange Verhandlungen a Virbereedungen deet sech esou lues eppes an eiser Gemeng. Am ordinäre Budget steet eis Participatioun um interkommunale Kordall-Syndikat SIKOR mat 32.170 Euro wéi och eise Bäitrag zu enger nationaler Plattform vun E-Commerce, wou mir matmaachen a versichen, eis Geschäftswelt an déi nei Erausfuerderunge vum E-Commerce anzeféieren an drop virzebereeden.

Extraordinär Ausgabe stinn da mat ronn 900.000 Euro am Budget, déi mir och an den extraordinäre Recetten erëmfannen. Ronn 400.000 Euro si fir d'Viabilisatioun vun 3 Parzellen um PED an aner 500.000 Euro fir den Ufank vun der Viabilisatioun vum Grand Bis. D'Kontrakter iwwer d'Nëtzungsrecht vun dëse Parzelle leien elo vir an d'Studie si praktesch fäerdeg, esou datt mir Optimist si fir nach 2017 zügeg kënne mat den Aarbechten unzefänken.

Relations publiques an „affaires générales":

Am normale Budget steet eng weider Ausgab vu 15.000 Euro fir Informatiounstafelen an eise Kultur- a Sportzentren. Tafelen, déi op d'Occupatioun vun deene verschiddene Raim hiweisen oder Eventer ukënnegen.

Extraordinär Ausgabe fannen sech hei fir en Total vun 236.501,37 Euro zesummen. De Gros ass eise Bäitrag un de SIGI, eisen Informatiksyndikat mat genee 136.502,37 Euro. Eng ronn 45.000 Euro si fir d'Nummeréierung vun eise Registeren a Beschlëss wéi och nach 55.000 Euro fir dynamesch an obligatoresch Informatiounen un eis Bierger. Een an all Uertschaft, déi de fréiere Raider ersetzen.

Mir hu bal 40 Kilometer Stroossennetz an eiser Gemeng, an déi mussen ënnerhale ginn. Dat kascht fir d'Joer 2017 ronn 2.030.998,76 Euro am ordinäre Budget.

De Gros ass och hei nees d'Personalkäschte mat 895.864 Euro an zousätzlech nach d'Soziallaaschte vun 148.709 Euro, mä och 150.000 Euro fir den Ënnerhalt vun de Siphonen an nei Moossname fir bei Iwwerschwemmunge besser virbereet ze sinn. D'Stroossebeschëlderung kascht all Joer 65.000 Euro, den Ënnerhalt vun eise roude Luuchten eng 80.000 Euro, d'Botzen an d'Flécke vun de Stroosse jee 80.000 Euro.

Da kafe mir fir ronn 1.140.000 Euro am ganze 74 Stellplazen. 33 an der avenue Dr. Gaasch fir 500.000 Euro an nach weider 41 Stellplazen an enger neier Residenz, déi am Zentrum vu Rodange gebaut gëtt, an dat fir 640.000 Euro.

Ëffentlech Beliichtung:

Am ordinäre Budget stinn 114.378 Euro fir den Ënnerhalt an d'Flécken souwéi aner Pannen an d'Wartung.

Am extraordinäre Budget hu mir e Kredit vun 380.000 Euro, dat fir nei Armaturen ze ersetzen (30.000 Euro), neit Signalisatiounsmaterial (50.000 Euro) an d'Erweiderung vun de speziell beliichte Foussgängeriwwerweeër iwwer d'Haaptstrooss zu Rolleng bis op déi Rodanger Grenz. Dofir sinn nach weider 300.000 Euro virgesinn.

Ëffentlech Plazen:

Mir schaffen dat anert Joer op 2 ëffentleche Plazen. Um „Grüngürtel" vum Schoulgebai Neiwiss bis un d'Villa Bambi zu Rodange fir 700.000 Euro, an un enger neier Passerelle vun der Liberatiounsplaz zu Péiteng op de Vëlos- a Spadséierwee, wou 50.000 Euro fir Virstudien am Budget stinn.

Verkéier:

Do hu mir am Kader vun engem Interreg-Projet d'Verbindunge vun eise Vëlospistë mat den nationale Vëlospisten ze erreechen an do ass eng Verbindung duerch de Schwaarze Wee zu Péiteng virgesinn. Dat mam Accord a mat Hëllef vun der Eisebunn. Mir hunn d'Ausgaben op 150.000 Euro geschat a sinn zouversiichtlech, datt mir een Deel iwwer Interreg an de Ministerium rembourséiert kréien.

Den Transport schléit zu Buch mat 417.000 Euro am ordinäre Budget an nach mat 1.429.430 Euro am extraordinäre Budget.

Hei ass en erweidert Angebot mat eisem P-Bus virgesinn, deen och separat mat engem zweete Won exklusiv fir d'Maisons Relaise fiert an dofir méi Kapassitéite fir eis aner Bierger versprécht. Dat Ganzt kascht 120.000 Euro. Och eis Participatioun beim TICE ass mat 1.307.934,14 Euro gebucht, dat well och den TICE eng besser an erweidert Offer ubitt.

D'Waasserversuergung kascht am ordinäre Budget 2.287.487 Euro. Dovunner si ronn d'Halschent fir den Akaf vum Waasser. Déi aner Halschent besteet aus Personalkäschten a Soziallaaschten (zesumme 620.287 Euro), dem Ënnerhalt an den Ersatzdeeler fir de Rescht.

Extraordinär Ausgabe vun 238.000 Euro sinn den Akaf vun neie Computere fir nei Wunnunitéiten, d'Télégestioun a vun anere Maschinnen.

Och eis Ofwaassergestioun huet hire Präis, an dat ass méi en héijen ewéi d'Uliwwerung vum Waasser selwer.

Ordinär Ausgaben hu mir do fir 2.162.292,80 Euro. Do ass de Gros haaptsächlech de Bäitrag fir de SIACH, dem interkommunalen Ofwaassersyndikat mat 1.741.912,80 Euro a weider 420.000 Euro fir den Entretien an d'Wartung.

Am extraordinäre Budget fanne mir dann nach eng Zomm vun 1.510.000 Euro. Dovunner ass ee Kredit fir 160.000 Euro fir Etuden zum Schutz virun Iwwerschwemmungen an Héichwaasser. Wa mir virdru scho verschidde Gedanken an dësem Sënn ugeféiert hunn, da war dat méi fir den Ënnerhalt an d'Präventioun bei staarkem Reen. Mä et mussen och nach verschidde punktuell hydraulesch Verbesserunge komme fir deem ganze Problem entgéint ze wierken.

Weider musse mir geschwënn de Fonçage an der rue des Chemins de Fer realiséieren. Dofir sinn 200.000 Euro virgesinn.

Et ass schonn ugeschwat ginn. Mir brauchen och 100.000 Euro fir d'Viraarbechte vum Reeniwwerlafbecken an der rue de la Fonderie zu Rodange. An da sinn nach weider 735.000 Euro virgesi fir d'Sanéierung vun eise Kanäl, speziell um Kierfecht zu Rodange. A weider 300.000 Euro si fir punktuell Verbesserungen, dat an der rue de la Chiers zu Péiteng.

A schlussendlech installéiere mir och nach eng weider ëffentlech Toilette bei der Sportshal zu Rodange. D'Locatioun kascht 46.600 Euro.

Dir Dammen an dir Hären, dat wier et vu menger Säit aus. Merci fir d'Nolauschteren an an der Erwaardung vun äre Bemierkungen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir Dammen, Dir Hären,

Fir d'Presentatioun vum leschte Budget an dëser Mandatsperiod erlaben ech mer, zousätzlech e Réckbléck op d'Evolutioun vu menge Ressorten ze geheien. Ech wëll, wéi an de vergaangene Joren, net ze vill op Zuelen agoen. De Buergermeeschter huet d'Finanzsituatioun jo scho kommentéiert.

Meng Ressorte sinn d'Educatioun, d'Opfankstrukturen, d'Famill, d'Jugend, d'Museksschoul, d'Gläichheetskommissioun, de Kultus an d'Santé. Iwwer dës Punkte wollt ech iech en Iwwerbléck ginn, an zwar iwwer alles, wat mir an de leschte Jore fir eis Matbierger realiséiert hunn, an doriwwer eraus déi Projeten – et sinn der net vill -, déi virun de Walen an der Maach sinn an 2017 fäerdeg ginn.

Ugefaange bei de Schoulen, e grousse Ressort. An eise Primärschoule sinn de Moment iwwer 1.800 Kanner ageschriwwen. Méi wéi 50% hunn en auslänneschen Hannergrond. Si sinn op 8 Schoule verdeelt a gi vun 150 Schoulmeeschteren/Léierinnen an aner Intervenanten ënnerriicht. D'Zuel vun de Kanner, déi aus anere Kulture kommen, klëmmt och bei eis an der Gemeng. D'Konsequenze vun dësem Zouwuess bedeiten en Ëmdenken an der Programmatioun vun de Schoulprogrammer a bei de Planunge vun de Gebailechkeeten. Ons Schoulen, déi mir an de leschte Jore mat groussen Efforten ëmgebaut, moderniséiert a vergréissert hunn, wäerte fir d'Zukunft trotzdeem nach Upassunge brauche fir dëser Evolutioun gerecht ze ginn.

Ech denke speziell un déi Kanner, déi nei bei ons an d'Land wunne komm sinn, an déi fir verschidde Stonnen zousätzlech Coursen ugebuede kréie well se duerch d'Sproochebarrière an nei Programmer méi Hëllef brauchen. Ech denken och un déi Kanner, déi ganz spezifesch Bedierfnesser hunn a sollen integréiert ginn. Mir mussen an der Zukunft d'Innenandeelung vun de Schoulen nei iwwerdenken a gestalten an eng méi enk Verbindung mat de Maisons Relaisen ugoe fir déi Raimlechkeeten ze notzen, déi während dem Schoulunterrecht eidel stinn.

Dee gréissten Ëmbau huet d'Schoul vu Lamadelaine ze verzeechne mat dem stattleche Präis vu 7.556.458,38 Euro. Do si 4 Klassesäll dobäi komm, d'Innenarchitektur huet e moderne Look kritt, villes ass pädagogesch ugepasst ginn, och d'Material, dat fir den Unterrecht agesat gëtt. Do sinn interaktiv Tafelen installéiert ginn, e Computerssall, wou eng ganz Klass zesumme schaffe kann, de Museks- an den Turnsall sinn erneiert ginn an d'Schoul huet eng flott pädagogesch Kichen installéiert kritt.

Op d'Alentoure vun dëser Schoul, wou d'Aarbechten 2017 ufänken, kommen ech spéider ze schwätzen.

D'Éigent-Schoul zu Péiteng ass an enger éischter Phas fir iwwer 6.200.000 Euro ausgebaut ginn. Am ganze si 6 Säll fir den Zyklus 1 an den Zyklus 2 bis 4 dobäi komm. D'Schoulhäff si bei dëser Schoul nei ugeluegt a moderniséiert ginn.

D'"Mise en conformité" vum Block B ass uschléissend an Ugréff geholl ginn, den Ofschloss hunn d'Renvatiounsaarbechte gemaach, déi elo eréischt zu Enn goungen. Nach eemol sinn iwwer eng Millioun Euro an dëser Schoul verschafft ginn. An dësem Block sinn elo d'Gäng an d'Klassesäll renovéiert. Akustesch Plafonge sinn agezu ginn, Waasser- an Heizungsleitunge sinn duerch nei Materialien ersat ginn. E

frëschen Ustrach war ugesot, d'"mise en conformité" vun de Sanitäranlagen um Rez-de-chaussée an um éischte Stack huet méi eng laang Aarbechtszäit mat sech bruecht, well sech während den Aarbechten erausgestallt huet, datt eng Partie Kanal misst erneiert ginn.

Alles an allem e grousse Schantjen, d'Schoul ass vergréissert a konform, an awer kommen nees Ufroe fir zousätzleche Schoulraum.

An der Park-Schoul ware mir mat enger Rei vu Problematike konfrontéiert ginn, déi net virauszegesi waren. Dës Schoul steet haut sanéiert do, zum Deel moderniséiert esouwäit et ze maache war. Nei Aarbechte si fir ufanks 2017 an der Planung.

Fir Miwwelen, Beamerween, Tafelen a weidert Schoulmaterial ze ersetzen hu mir fir eis Schoule 25.000 Euro virgesinn. Zousätzlech 50.000 Euro fir d'Erneiere vun de Computeren. A well mir net nëmmen op den Interieur vun de Schoule kucken, wëlle mir eis un eng ministeriell Circulaire hänken, déi dozou oprifft, d'Schoulhäff méi pädagogesch ze gestalte fir datt d'Kanner sech während de Schoulpause méi bewegen.

Mir hunn dëse Wee zesumme mam Léierpersonal ageschloen, mat Kannergemengerot a mat enger Landschaftsarchitektin, a mir hunn eng Rei vu Schoulhäff an deem Sënn erneiert. Mir kënnen zur vollsten Zefriddenheet vun de Kanner schwätzen, fir déi dës Pläng ausgeschafft a realiséiert goufen.

Déi rezentst Erneierung ass de Schoulhaff vun der Park-Schoul. Deen ass komplett ëmgestalt ginn an huet mat 541.312,28 Euro zu Buch geschloen. Méi héich Ausgaben ewéi initial geplangt sinn doduerch bedéngt, datt mir d'Grénganlagen a Richtung rue du Parc vergréissert hunn, zousätzlech 2 Paarten agebaut hu fir den Awunner vun dëser Strooss méi Berouegung unzebidden. Dëst huet e Supplement vu 41.312,28 Euro erginn.

An der Neiwiss-Schoul sinn d'Vergréisserungen an d'Ëmbaute scho méi laang a Betrib. Déi moderniséiert Schoulhäff si vun de Schüler gutt akzeptéiert. De Problem vum Vandalismus um Gebai vun dëser Schoul geheit ëmmer nees nei Froen op. Mir sinn derbäi, no Léisunge mat dem Léierpersonal ze siche fir do Ofhëllef ze schafen. Et ass gewosst, datt dëst net einfach ze léisen ass.

An der Paesch-Schoul ware keng gréisser Aarbechten ze verzeechnen. D'Aussenanlage sinn erneiert ginn. Dëst sinn Investitiounen, déi sech regelméisseg stelle wann an eise Géigende mat Holz geschafft gëtt.

E flotte Projet ass den Neibau am Blobierg. E Bau, wou verschidde Generatiounen zesumme kënnen dra liewen – eeler Leit a kleng Kanner. D'Kanner vum Zyklus 1 sinn a 4 groussen, agreabel Raimlechkeeten ënnerbruecht. Eng ofgeséchert Spillplaz schléisst sech un d'Gebai un. Mir hunn an eiser Gemeng fir d'Rentrée 2016/2017 eng Logopädie-Klass zougesprach kritt fir déi Kleng am Spillschoulsalter. 8 Kanner brauchen net méi an d'Stad ze fueren a kënnen zu Rodange vu Spezialisten déi Hëllef kréien, déi fir si noutwenneg ass. An dësem modernen Haus hunn d'Kanner eng „salle de défoulement", déi fir vill verschidden Zwecker ka genotzt ginn. Dës Struktur hu mir eis 2.266.463 Euro kaschte gelooss.

An der Fonderie-Schoul huet d'Fiichtegkeet vun der Terrass mussen ënner Kontroll kommen – eng méi laang Geschicht. Am Schoulhaff sinn Ännerungen ugesot. Zesumme mam Léierpersonal sinn nei Bewegungsspiller erausgesicht an och scho bestallt ginn. Fir déi kleng Goaler, déi gefrot sinn, muss de Schoulhaff nach ofgeséchert ginn. Dës Ausgabe falen ënner de Budgetsartikel vun de Schoulhäff.

An dem Volet Ausgabe vun der Schoul sinn d'Ausgabe fir de Schouldokter an d'Infirmière, déi di virgeschriwwe Gesondheetsuntersuchungen duerchféieren, mat abegraff.

Déi ordinär Ausgabe fir 2017 fir eis Schoule si mat 10.253.779,20 Euro agedroen. Déi ordinär Recettë si bescheiden. D'Schoulkäschte fir Kanner - fir déi mir zoustänneg sinn - aus anere Gemenge belafe sech op 28.000 Euro. Fir de Museksunterrecht an de Primärschoule stellt de Ministère eng Participatioun vu 35.000 Euro. Déi extraordinär Ausgabe fir d'Schoule falen dat nächst Joer méi bescheiden aus. Mir hunn 845.000 Euro do virgesinn.

D'Maisons Relaisen:

600 Kanner kommen dagsiwwer an eis 4 Maisons Relaisen. 80 Leit Personal, diplomiéiert Educateuren an Educatricen an Hëllefseducateuren an –educatricen hunn d'Verantwortung fir dës Kanner während hir Elteren net do sinn. Dat beinhaltet och d'Educatioun allgemeng während deene Stonne wou si an der Maison Relais ageschriwwe sinn, eng Hëllef bei schoulesche Froen, d'Iwwerwaachen an d'Begleede vum Timing fir Zousazaktivitéiten ewéi Sport oder Kultur. Fir d'Kanner bedeit den Educateur en Uspriechpartner wa perséinlech Problemer opdauchen, Rotschléi bei der Hand hunn. Taktgefill muss e weise géintiwwer vun de Kanner an den Elteren. Eng deeglech Erausfuerderung un eis Mataarbechter, déi ganz dacks net esou bekannt ass.

Dat Lamadelainer Haus, dat klengst mat 64 Kanner, huet méi e familiären Touch, gëtt awer de Fuerderungen, déi haut un eng Maison Relais gestallt ginn, net méi gerecht. An Zukunft muss zu Lamadelaine deem Rechnung gedroe ginn an Neierunge musse kommen.

Mir hunn a eisem Péitenger Haus eng Kapassitéit vun 300 Kanner. Ënner deenen, déi do ageschriwwe sinn, sinn och Charakteren, déi mol mussen aus de Gruppen isoléiert ginn. Dofir déi Extensioun vun engem Relaxatiounssall, wou déi Kanner nees zur Rou kënne fannen.

Zu Rodange hu mir de Moment 232 Kanner ageschriwwen. 102 Kanner koume bei der Rentrée direkt an dat fuschneit Haus, wat virun engem Mount ageweit gouf. Dëst Haus ass no den neiste kandgerechte Critërë gebaut ginn. Eng nei Approche an der Erzéiung vun de Kanner huet mat sech bruecht, datt d'Bedierfnesser an den Haiser sech gewandelt hunn.

D'Opfankstrukturen hunn hire Präis:

Mat 4 Milliounen Euro gouf den Devis fir déi nei ageweite Maison Relais vu Rodange am extraordinäre Budget gestëmmt. Dobäi koum eng éischt Ausstattung vun 105.000 Euro. Den Dekont kënnt am Laf vun 2017 zur Ofstëmmung. Mir erwaarden eis an den extraordinäre Recetten nach eng Tranche vun de Subsidie fir dëst Haus an der Héicht vu 561.750 Euro. Ëm 120.000 Euro huet de Relaxatiounssall an der Péitenger Maison Relais de Budget erhéicht.

Am ordinäre Budget sinn d'Ausgabe vun der Gemeng mat 5.316.531 Euro vermierkt. Deem entgéint steet an de Recetten eng Participatioun vum Ministère vun 3.397.279 Euro plus 465.000 Euro fir d'Elteren.

Eis zwou Crèchen, déi jeeweils vun enger Asbl geleet ginn, weisen ordinär Ausgabe vu 37.880 Euro un, haaptsächlech Ënnerhaltskäschten un de Gebaier.

D'Spillplazen, e Complement zu all dëse Strukturen, gi lafend erneiert. Leider mécht de Vandalismus och virun de Spillplaze keen Halt. Ob do Holz erausgeseet gëtt, Schrauwe lass gedréint oder einfach erausgeholl ginn, e ganze Katalog kéint do opgezielt ginn. Et ass e richtegt gefëierlecht Trauerspill

wann ee bedenkt, datt et hei ëm d'Sécherheet vun de Kanner geet.

Op der Spillplaz bei der Liberatiounsplaz ersetze mir dee groussen hëlzene Klotertuerm a kommen den Empfehlunge vu Luxcontrol entgéint. Mir mussen un Alternative beim Akaf vun den neie Spiller denken. Haaptsächlech op deene Plazen, déi méi isoléiert leien a wou mir dauernd Reparature mussen ënnerhuelen. Multisport-Terrainen zu Rodange a Péiteng goufe fir jee 25.000 Euro pro Terrain ëmgebaut. Do si mir en anere Wee gaangen an hunn déi ganz Zonk am Metall installéiert. Dës Terraine ginn de Moment vun allen Altersgruppe benotzt, dofir ass et vu gréisster Wichtegkeet, d'Sécherheet am Aen ze behalen.

Fir den Ënnerhalt vun de Spillplaz sinn 19.000 Euro ageplangt, fir nei Spiller 50.000 Euro an 20.000 Euro fir Spiller bei de Schoulen.

D'Jugend:

Fir d'éischt wëll ech ganz kuerz eis Mathëllef beim Bau vum neie Scoutschalet zu Rodange ernimmen. Fir 2017 hu mir nach 220.000 Euro budgetiséiert an erwaarden da voller Spannung d'Aweiung vun dësem Gebai, e Gebai wat fir d'Jugendaarbecht vun de Scoute vu Wichtegkeet wäert sinn.

Ons Jugendhaiser, d'Haus zu Péiteng an d'Antenn zu Rodange. Dat Rodanger Haus, wat soll e Pique sinn, huet sech an de leschte Joren als regelméissegen Treff vun der Rodanger Jugend installéiert. Vu ministerieller Säit koum och déi Unerkennung mat engem zousätzlechen Erzéier-Posten. Ofwiesselnd ass de Streetworker zu Rodange an zu Péiteng am Asaz. De Programm „Outreach Jugendaarbecht" leeft zënter 2015, e Projet, wou mir no 2 Joer eng Analys virgeluecht kréien. D'„Semaine de la Prévention des toxicomanies, des conduites à risque et de la violence", déi zesumme mat professionellen Intervenanten organiséiert gëtt, bréngt de Schüler aus de Lycéeën all Joer Opklärung iwwer d'Gefore vun den Drogen, den haarden Drogen oder vum Alkoholkonsum. Eng interessant Woch fir d'Schüler, déi am Pubertéitsalter sinn an eng Äntwert of vill Froe brauchen. De „Mérite Jeunesse" huet och d'Jugendhaus scho méi dacks mam 1. an 2. Präis priméiert. Dat schwätzt fir déi gutt a seriös Aarbecht, déi an dësen Haiser mat der Jugend erbruecht gëtt.

D'Jugendhaus war am Kader vun den Aktivitéite säitens der Familljekommissioun, fir dräi Generatiounen aktiv zesummen ze bréngen, e gudde Partner. Bei 3 Projete waren déi Jugendlech präsent, zesumme mat den eelere Matbierger an deene Klengen aus der Crèche Kordall.

Déi ordinär Ausgabe fir d'Jugendhaus si mat 185.306 Euro agedroen. Mir bedeelegen eis zousätzlech am extraordinäre Budget mat enger Ausgab vu 16.000 Euro um Kaf vun engem neie Minibus.

Déi ëmstrukturéiert Skateboard-Pist ass eng gréisser Rendez-vous-Plaz vun der Jugend, an den Treff fir dat traditionellt Summerfest vun der Jugendkommissioun. Wann ech d'Jugendkommissioun ernimmen, déi mat 10.000 Euro a 15.000 Euro fir interkommunal Aktivitéite verzeechent ass, dann dierf ech de Kannergemengerot net vergiessen, deen ënner der Leedung vun enger Educatrice aus der Maison Relais steet.

De „Rock the South" huet eng fest Bestëmmung am Kalenner vun den Aktivitéite vun der Jugendkommissioun. Den „Job Day", d'Léiersich, d'Zesummenaarbecht mam SNJ si wichteg fir eis Jugend. Dobäi net ze vergiessen: d'Ausgabe fir d'Jugendënnerstëtzung, dat sinn 145.000 Euro fir Studiesubsiden, de „Late Night"-Bus mat 32.500 Euro, d'Loyere fir den SNJ a fir d'„Main Tendue asbl Angela" mat 30.502,13 Euro, d'Recettë fir d'Käschten, déi do ufalen, si mat 4.080 Euro verbucht. Studenten, déi während de Vakanze bei eis schaffen, sti mat 69.000 Euro agebucht. Déi zäitweileg Beschäftegung vu jonke Chômeuren zesumme mat der Ausbildung fir Léierbouwen a -meedercher an den „Défi-Job" sinn an den ordinären Ausgabe mat 354.700 Euro festgehalen. Dobäi kommen awer nach d'Soziallaaschte fir 55.900 Euro. De Ministère rembourséiert eis fir dëse soziale Volet 265.400 Euro.

Mir denken u weider Projete mat der Abannung vun der Jugend aus eiser Gemeng. Dës Projete wäerten op d'Hëllef vun der „Main Tendue asbl Angela" net kënne verzichten, genee ewéi mir an de Maisons Relaisen ëmmer mat dëser Asbl zesumme Problemer léisen. D'„Main Tendue asbl Angela" ass déi Organisatioun, déi hëlleft fir déi méi kriddeleg Interventioune bei Gewalt an der Famill. Si vermëttelt bei der Ënnerbréngung vun de Jugendlechen an Nout an déi Studioen, déi zur Verfügung stinn – och wann hei gewosst ass, datt e Manktem besteet well d'Demande méi grouss ass ewéi d'Zuel vun de Wunnengen, déi mir kënnen ubidden.

Dir Dammen, dir Hären, dëse Volet, dee keng spektakulär Zommen opweist, beweist awer, datt mir eiser Jugend verschidde Pisten ubidden, eis Jugendlech domatter ënnerstëtzen an hoffen, datt si de richtege Wee fannen. Dës Zommen dierfen a kengem Budget feelen.

Mir erhoffen eis säitens dem Ministère – wann den ugeduechte Projet vum Site vum alen LTMA Realitéit soll ginn – zousätzlech Hëllefe fir eis Matbierger, déi an Nout sinn.

Mir sinn zënter längerem a Gespréicher a Planunge mat deene verantwortleche ministerielle Beamten ewéi d'Bestëmmung vun dësem Site soll ausgesinn. An dovunner ass och den Neibau vun der Museksschoul ofhängeg.

D'Planung vun enger neier Museksschoul ass schonn zimlech laang am Gespréich an am Fënnefjoresplang fest agedroen. Et ass gewosst, datt fir déi 500 Schüler, déi ageschriwwe sinn, d'Konditiounen net optimal si well d'Unterrechtssäll net fir de Museksunterrecht geduecht waren. Et besteet a verschidden Instrumenter eng Waardelëscht, wat bedauerlech ass, well mir der Demande net kënne gerecht ginn. Méi en neie Moment huet sech presentéiert, e Weiderkommen ass a Siicht, a mir hu fir eng Ausschaffung vun engem Projet 50.000 Euro an den extraordinären Ausgabe vermierkt. 10.000 Euro si bereet-gestallt fir der Museksschoul eng nei visuell Identitéit ze ginn.

Mir hunn, wat d'Musekscoursen ugeet, wou den Undrang u Schüler net esou grouss ass, eng Konventioun mat de Kordallgemengen. Déi Course sinn an enger vun de Kordallschoulen ugebueden, wat et erméiglecht, Käschten anzespueren. Eng Initiativ, déi gutt funktionéiert. An der „Association des écoles de musique" gëtt no neie Weeër gesicht fir d'Kanner aus de Maisons Relaisen net vum Museksunterrecht ewech ze halen. Mir hunn dëser Problematik Rechnung gedroen, a mir bidden exklusiv fir d'Kanner aus de Maisons Relaisen en Transport mam P-Bus un. An dat an d'Museksschoul a gläichzäiteg op de Sporttraining. D'Sécherheet vun de Kanner um Trajet gëtt vun enger Begleetpersoun iwwerholl. Dëse Projet leeft fir dëst Schouljoer an enger éischter Phas gratis. Eng Analys steet fir de Juli 2017 um Programm.

Den Artikel 3/836 ëmfaasst déi sämtlech Ausgabe vun der Museksschoul, de Museksgesellschaften an de Chorallen. An der Zomm vun 1.978.908 Euro sinn déi ganz Ausgabe gebündelt. Mir erwaarden eis Recettë fir d'Museksschoul säitens dem Ministère vun 950.000 Euro. 70.000 Euro Minerval, Käschten, déi d'Elteren droe mussen, a 4.500 Euro Verschiddenes.

An der Egalitéitskommissioun si mir derbäi, d'Charta weider auszeschaffen. Dëst huet eng gréisser Envergure wéi ufanks geduecht. D'Punkte musse realistesch fir eis Gemeng analyséiert an ausgewielt ginn, fir datt déi Wiel och Sënn mécht fir all eis Matbierger. Villes ass scho gesetzlech verankert oder reglementéiert. Et bedeit eng komplex Aarbecht, wou déi ganz Gesellschaft ënner d'Lupp geholl gëtt an net wéi nach dacks gemengt gëtt, nëmme Froen, déi d'Fraewelt betreffen.

D'Gesondheet ass kommunal gesi méi e klenge Volet, vu staatlecher Säit ass de Gesondheetssystem an eisem Land gutt geregelt. De Syndicat vum „Hôpital Princesse Marie-Astrid" steet virun der Opléisung. D'Versuergung vun eiser Bevëlkerung, déi vum CHEM aus geleet gëtt, wäert sech an den nächste Jore substantiell änneren.

E Katastropheplang fir d'Sécherheet vun eise Bierger - wann esou e Fall géif antrieden – ass prett gestallt, an der Hoffnung, en ni notzen ze mussen.

Kultus:

Am Kultus stinn déi ordinär Ausgabe fir den Ënnerhalt vun eise Kierche mat 65.845 Euro agedroen.

Fäerdeg Projeten:

Zwee Projete kommen 2017 zur Ausschaffung. D'Verbindung vun der Lamadelainer Primärschoul an der Spillschoul. Et ass dat eng Planung a Phasen:

Déi éischt Phas ass praktesch Realitéit. Et huet mussen en neie Parking ugeluecht ginn an eng zousätzlech Entrée vum Kierfecht vu Säiten „Op de Gehren" gebrach ginn.

Déi 2. Phas begräift d'Aarbechten tëscht deenen zwou Schoulen, Aarbechten, déi während dem Joer 2017 bis zur Rentrée 2017/2018 dauere wäerten. D'Parkplaze beim Kierfecht ginn duerch en neie Foussgänger- a Vëloswee ersat. Eng Beplanzung säitlech vun de Schoule wäert dem Site méi e parkähnlechen Aspekt ginn. De motoriséierte Verkéier gëtt esou ënnerbonnen. D'Spillschoul kritt des Weideren eng Spillplaz, déi scho laang iwwerfälleg ass. Säitlech bei der Primärschoul kënnt den Holz-Mikado fort. Luxcontrol huet eis scho méi laang drop higewisen, datt dëst Klotergerüst veraalt ass. Op Demande kënnt dohinner e Multisportterrain. Déi Verbindung versprécht méi Sécherheet fir d'Kanner, déi dës Schoule besichen, an och eng Vereinfachung bei der Benotzung vum Multisport vun deene Klengen. D'Ausgabe fir dëse Projet am Joer 2017 si mat 670.000 Euro agedroen.

Obscho gréisser Ausbauten an Ëmbauten un de Schoulen ënnerholl goufen, feele Klassesäll hei zu Péiteng. Fir kuerzfristeg nei Säll zur Verfügung ze stellen hu mir Ëmbauten an der Park-Schoul geduecht. D'Portierswunneng steet zënter Joren eidel. Eisen techneschen Service ass beoptraagt fir eis eng Planung virzeleeën.

Mir hunn 100.000 Euro am Budget bei den extraordinären Ausgabe festgehalen. Dëse Chiffer wäert sech erhéijen deemno wéi de Plang ausfält. An enger nächster Sëtzung wäert de Projet prett sinn. Et ass wënschenswäert fir d'Rentrée 2017/2018 neie Schoulraum ze hunn.

Fir déi éischt Ausstattung vun dësem Projet huet de Schoulservice 25.000 Euro ugesat.

Dir Dammen, dir Hären, ech hunn e klenge Rondbléck iwwer d'Aarbecht a menge Ressorte gemaach. Eng Aarbecht, déi gréisstendeels mam alldeegleche Fonctionnement ze doen huet. Eng Aarbecht, déi grouss ass an eng Erausfuerderung duerstellt, vill Zefriddenheet ka ginn, an nei Perspektiven erabréngt.

Un neien Iddie fir d'Zukunft, u Visioune fir d'Weiderentwécklung vun eiser Gemeng feelt et net, mä d'Walen am nächste Joer wäerten doriwwer bestëmmen ewéi déi nächst Projete solle realiséiert ginn. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren an eise Beamte fir d'Opstellen an d'Mathëllef bei dësem Budget.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir Dammen an dir Hären, ech presentéieren iech hei a kuerzen Zich déi Haaptpunkte vum Budget 2017, déi ënner mäi Ressort als Schäffe falen a wou ech mech haaptsächlech op déi extraordinär Ausgabe baséieren.

Extraordinär Ausgaben:

Techneschen Service (30.000 Euro):

Do wäerte mir en neit Gefier fir eisen techneschen Service uschafen. Mir ersetzen e Gefier vun 12 Joer (VW Sharan) duerch en neien Elektroauto, fir dee mer den Invest dann och wäerten duerch de Klimapakt offiederen.

Parkservice (415.000 Euro):

- Do ersetze mer e Camion (Renault Master), deen 2004 immatrikuléiert gouf an dofir gesi mir 100.000 Euro vir.
- Mir schafen eis 2 Méimaschinne weider un, déi d'Gras mulchen a fir déi mer 50.000 Euro virgesinn.
- Mir ersetzen eng Camionnette (Mega), déi de Moment schonn ausser Déngscht ass. Do gesi mir 50.000 Euro vir.
- Mir ersetzen eis kleng Kierbiischt, déi 2008 fir d'éischt a Betrib geholl ginn ass an am Joer 2016 duerch Reparature 4 Méint ausser Betrib war. Déi kascht eis 125.000 Euro.
- Des Weideren ersetze mir e „Grillo Vertidrain", deen 2006 fir d'éischt a Betrib geholl ginn ass, a gesinn dofir 90.000 Euro vir.

Service Gemengegebaier:

- Do gesi mir fir Maschinnen a Spezialausstattungen 10.000 Euro vir.
- Fir weider Maschinnen a Spezialgeschir an „divers" gesi mir 8.000 Euro vir.
- Mir ersetzen e Gefier vun 2006, fir dat mer 25.000 Euro virgesinn hunn.
- Mir ersetzen den Usträicher hire Won, deen 2005 fir d'éischt a Betrib geholl gouf, a gesinn do 20.000 Euro vir.
- Och der Schräinerei hiert Gefier, dat 2003 ugemellt gouf a wat e Gefier mat enger „Hebebühne" ass, ersetze mir a gesinn dofir 55.000 Euro vir.

Ëmweltservice (50.000 Euro):

Hei hu mir 50.000 Euro virgesi fir Primmen auszebezuelen, wat ënner anerem den Naturschutz betrëfft an natierlech och am Kader vum Klimapakt ass. Doduerch wäerte mir de Bierger Subventiounen zoukomme loosse bei Ufroe fir d'Ëmsetzung vu konkrete Moossnamen.

Voirie rurale (80.000 Euro):

Déi 80.000 Euro si virgesi fir d'Erneierung an d'Astandsetze vu Bëschweeër, ënner anerem um Hierschtbierg, wou mer déi Aarbechte weiderféieren, déi mer an de Jore virdrun ugefaangen hunn a wou de Gemengerot sech de leschte Summer scho selwer konnt dovunner iwwerzeegen. 2017 wäerte mir och nach emol esou eng Visite virgesinn. Bei dësen Aarbechte wäerte mer vum Hondsterrain bis bal an d'rue du Bois erop schaffen.

Offallverwaltung (40.205 Euro):

Dëst ass d'Zomm, déi mir bäisteieren, ewéi déi Jore virdrun och, fir d'Memberschaft am Syndikat Minett Kompost. Et bleift

ervirzesträichen, datt mir als Péitenger Gemeng dee mannste Reschtmüll an eisem gréngen Dreck dran hunn, an dat vu sämtleche Gemengen, déi Member an deem Syndikat sinn. Ech wëll vun dëser Plaz aus och nach emol eise Matbierger e grousse Merci soe fir hir Disziplin beim Ofliwwere vun hirem organeschen Dreck.

Naturschutz (44.500 Euro):

Mir gesi 24.000 Euro fir Analyse vun der Loftqualitéit an eiser Gemeng iwwer Biomonitor vir, wou och ze soen ass, datt eis Loftwäerter gutt sinn. 10.000 Euro hu mir virgesi fir d'Ausschaffe vun engem Konzept mam Ministère a vu Moossnamen am Kader vun deem neien Naturschutzgesetz. An dëst an enker Zesummenaarbecht mat deem zoustännege Ministère.

Iwwer de Sicona gesi mir eng Restauratioun vun engem Bongert vir, wou 8 nei Uebstbeem an eng duebel Heck iwwer eng Konventioun geplanzt ginn. Dofir sinn 10.500 Euro virgesinn.

Service Voirie – Fuerpark (263.000 Euro):

Bei dësem Artikel ass virgesi fir deen ale Camion mat Kran ze ersetze fir 253.000 Euro. Dat ass och néideg, well de Kranwon, deen elo nach am Déngscht ass, 2002 immatrikuléiert gouf a mëttlerweil säin Déngscht gemaach huet. Des Weidere gesi mir eng Ausstattung fir eise Bagger fir 10.000 Euro vir.

Kierfechter (15.000 Euro):

Fir de Bau vun neie Griewer um Rollenger Kierfecht gesi mir 15.000 Euro vir.

Gemengegaragen (500.000 Euro):

Fir de Bau vun neie Gemengegaragen op der Lénger Strooss gesi mir dëst Joer 500.000 Euro vir. An dat am Kader vun dem Projet, fir dee mer en Devis vu 16,9 Milliounen Euro de 14. November 2016 hei am Gemengerot gestëmmt hunn.

Service Garage (29.000 Euro):

Do gesi mir 4.000 Euro vir fir Spezialausstattungen an dann nach emol 25.000 Euro fir e Gefier ze ersetzen, mat deem mir eis Depannagë maachen an dat 2003 ugemellt ginn ass.

Ëffentlech Hygiène (3.000 Euro):

Déi 3.000 Euro gesi mir fir eng Spezialausstattung vir.

Waasserservice (93.000 Euro):

Et sinn 3.000 Euro virgesi fir Maschinnen a Spezialausstattungen, a mir wëllen 2 nei Gefierer uschafe fir déi al, déi vun 2004 an 2005 sinn, ze ersetzen. Dofir gesi mir 90.000 Euro vir.

Sportsterrainen (2.000.000 Euro):

Do hu mir en Devis vun 2.370.000 Euro virleien, wou mir virgesinn, d'Vestiairë beim Terrain 2 um „Stade Municipal" ze erneieren, an dat och mat Duschen auszestatten, esou datt mer och do eiser Jugend modern an adaptéiert Infrastrukturen zur Verfügung kënne stellen. Do gesi mer dann och behënnertegerecht an „normal" Sanitäranlage vir fir d'Zuschauer. Da gesi mir dann och eng modern Buvette vir, an dat Ganzt iwwer e Leitprojekt am Kader vum Klimapakt.

Schwämmen (100.000 Euro):

Well mer mat deem Projet, dee mer dat lescht Joer realiséiert hu fir eis Kelleren an der PiKo dréchen ze kréien, zefridde waren, gesi mer elo dëst Joer nach en nächsten Deel vir, wou mer dann och nach emol 100.000 Euro virgesinn.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Gemeinderatssitzung vom 9. Dezember 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Abwesend und entschuldigt:

Birtz Gaby (LSAP)

Einziger Punkt.

Abgeänderter Haushalt des Jahres 2016 sowie Haushaltsentwurf 2017 der Gemeindeverwaltung.

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

Séance publique du 12 décembre 2016

***Durée de la séance**: 14.15 à 19.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Absent et excusé:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance huis clos (14.15 heures)

1. Enseignement musical
   1.1. Classement de deux chargés de cours (m/f) - décision.
   1.2. Ratification des contrats de travail avec plusieurs chargés de cours - décision.

Séance publique (14.30 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale: Approbation des titres de recettes - décision.
4. Personnel
   4.1. Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.
   4.2. Conventions avec trois salariés pour l'obtention du permis de conduire (BE) - décision.
5. Enseignement
   5.1. Changement d'affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2016/2017- décision.
   5.2. Décompte portant sur le réaménagement partiel des locaux de l'école fondamentale de Lamadelaine - décision.
6. Affaires sociales
   6.1. Augmentation de la tâche d'un aide-éducateur (m/f) pour le service des Maisons Relais - décision.
   6.2. Approbation du budget rectifié de 2016 et du budget de l'exercice 2017 de l'Office social - décision.
   6.3. Approbation du compte de l'exercice 2015 de l'Office social - décision.
   6.4. Aide aux victimes du tremblement de terre en Italie centrale - décision.
   6.5. Décompte provisoire portant sur les travaux d'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais à Pétange - décision.
7. Ordre public
   7.1. Autorisation pour une action de porte à porte dans la localité de Rodange - décision.
   7.2. Autorisation pour une action de porte à porte dans la Commune - décision.
8. Dépenses diverses: Octroi d'un cadeau de service - décision complémentaire.
9. Vie associative
   9.1. Statuts de l'association «Marka Kabelu Bedju» asbl - information.
   9.2. Statuts de l'association «Cabas de Harmonia» asbl - information.
10. Environnement: Programme d'action annuel pour l'exercice 2017 du Sicona - décision.
11. Budget rectifié de 2016 et budget pour 2017: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision.

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech hätt eng ganz kuerz Matdeelung ze maachen. Eise Centre de recyclage ass mat engem Label iwwer d'Superdreckskëscht ausgezeechent ginn. Dëse Qualitéitslabel steet fir eng propper a sécher Superdreckskëscht an och Sammelstatioun. Dat heescht, déi Stoffer gi konform sortéiert a gelagert an noutwenneg Sécherheetsvirkéierunge ginn agehalen. Zu de Critèrë vum Qualitéitslabel zielen donieft och d'Qualifikatioun vun de Mataarbechter, esou wéi d'Informatioun vun de Clienten iwwer Offallvermeidung an de sécheren Ëmgank mat Problemstoffer. An dee Certificat gëllt elo bis de Februar 2018.

3.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 4.463.789,57 euros, dont impôt commercial - 4e trimestre 2016 (4.339.000 euros) - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

4.1.

Personnel.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité. M. Roland Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.2.

Personnel.

Conventions avec trois salariés pour l'obtention du permis de conduire BE - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Rosenfeld Romain (CSV):

Dat doten ass eng Nouveautéit, géif ech soen. Ausser de Rettungsbetriber. Wéi ass et méiglech, datt mer ob eemol keng Leit méi zur Verfügung hunn, déi di Führerschäiner hunn? Hu mer do e Feeler gemaach beim Astellen? Well a Betriber, wou grouss Gefierer sinn, muss ee Leit astellen, déi esou Führerschäiner hunn. Ech fannen dat net gutt, datt elo d'Gemeng higeet – an ech mengen, ech schwätzen elo net perséinlech, ech kennen déi Leit net an ech weess net, wien et ass – an ufänkt fir Führerschäiner ze bezuelen, wann d'Leit hei sinn. Éischtens kréien se haut bal eng «fleur» gemaach, wa se hei engagéiert ginn an da loosse mer se duerno och nach de Führerschäin op eis Käschte maachen. Dat ass meng Meenung.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ginn zwou Differenzen. Selbstverständlech hu mir eng Rei Leit, déi verschidde Führerschäiner hunn, an déi ginn och an enger Carrière vum Chauffer bezuelt, wat eng supplementar Remuneratioun ass a wat eng ganz aner Carrière ass. Déi Leit kaschten eis och méi deier.

Dann hu mer eng Rei Leit, déi och op eise Camionnetten zum Deel fueren. Dat sinn déi heiten, an déi sinn an der Carrière vum Aarbechter. Dat heescht, déi hunn net deen Avantage vun där Chaufferscarrière. Elo hu mer als Gemeng d'Méiglechkeet fir ze soen, datt mer nach méi där Leit brauchen, déi dee Führerschäin hunn, well se dräimol am Mount mat deene Camionnettë fueren, an da bezuele mer hinnen déi Carrière. Da kënne mer natierlech – wéi dir richteg sot – och d'Obligatioun an d'Konditioun stellen, datt déi Leit deen heite Führerschäin hunn. Et kann awer och sinn, datt mer soen, dat hei sinn 3 Leit, déi nach ëmmer an der Carrière vum Aarbechter sinn, an déi kënne bis elo mat der Camionnette fueren – an an dësem Fall nach mat engem zousätzlechen Unhänger hannendrun – a si kënnen der Gemeng e groussen Déngscht leeschten ouni datt se eng supplementar Remuneratioun kréien. Si kréie keen «avantage pécuniaire» doduerch, datt se elo dee Führerschäin hunn, mä da gi mer awer hin a mir iwwerhuelen d'Fraise vun deem Führerschäin.

Mir musse just als Gemeng wësse wat mer wëllen. Wëlle mer elo soen, mir wëllen déi Konditioun stellen, an da bezuele mer och a Funktioun vun deem, wat déi Leit da vu Konditioune matbréngen – dat heescht, eng Rei Führerschäiner – oder mir soen, datt mer dat elo net supplementar bezuelen – als «rémunération supplémentaire» - well et nëmme ganz wéineg Momenter sinn, wou se dat brauchen, an dann iwwerhuele mer natierlech déi Fraisen, déi do ufalen, an déi – an deem heite Fall – mat 1.500 Euro net substantiell sinn. Mä während 5 Joer kréien se keen «avantage financier», mä si musse während 5 Joer heibleiwen an och nach hei schaffen an dee Führerschäin, dee mer finanzéiert hunn, mat rentabiliséieren.

Wa mer den Total maachen, da wier et besser, fir déi heite Léisung ze sichen, well 1.500 Euro op 5 Joer sinn 300 Euro d'Joer, déi mer fir déi 3 Leit investéieren. An dat anert géif eis sécherlech méi deier kaschten.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Enseignement.

Changement d'affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2016/2017 - approbation.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Enseignement.

Décompte portant sur le réaménagement partiel des locaux de l'école fondamentale de Lamadelaine - approbation.

Total du devis approuvé: *7.470.000,00 euros (ttc)*
Total du crédit approuvé: *7.620.313,61 euros (ttc)*
Total de la dépense: *7.556.458,48 euros (ttc)*

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Affaires sociales.

Augmentation de la tâche d'un aide-éducateur (m/f) pour le service des Maisons Relais - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn ëmmer méi Kanner, déi an der Maison Relais ageschriwwe sinn, an déi awer och ausserhalb vun der Maison Relais gewëssen Nomëtteger entweder an de Sport oder an d'Museksschoul ginn. Well déi Kanner och net kënnen eleng dohinner goen, hu mer se mam P-Bus gefouert. Mä et ginn der ëmmer méi, an dofir si mer ob de Wee gaange fir ze soen, datt mer dofir eng extra Navette mussen huele fir déi Kanner ze féieren. D'Kanner mussen natierlech och begleet ginn, an doduerch géife mer dann elo haut – wann der domatter averstane sidd – eng «augmentation de tâche» maache vun enger Aide-éducatrice oder engem Aide-éducateur, an zwar vun 11 Stonnen op 20 Stonnen an der Woch. Esou datt déi Kanner dann an d'Museksschoul oder an de Sport kënne gefouert ginn, entweder vu Péiteng aus oder vu Rodange aus, well se jo dee ganzen Dag bei eis sinn an d'Elteren net präsent sinn.

Ech géif iech also bieden, fir deem dann och elo haut Rechnung ze droen, fir datt déi Kanner da kënnen och ausserhalb vun der Schoul – well mer jo och gären hunn, datt se Sport a Kultur maachen – un deene Stonne kënnen deelhuelen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn eng Fro zum Prakteschen. Dat heescht, mir stëmmen elo d'Eropsetze vun der Tâche an dann duerno gëtt dat ausgeschriwwen, oder wéi fonctionnéiert dat ënner dem aktuelle Personal?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat gëtt – genee wéi bei anere Plazen – fir d'éischt intern ausgeschriwwen. A wa mer da Persounen hunn, déi averstane wiere fir dat ze maachen, da kucke mer, ob dat vum Horaire iwwerenee stëmmt, mir kucken och no der Anciennetéit, an deementspriechend huele mer eis Decisioun.

Becker Romain (déi gréng):

De Fall gesat, do mellen sech all déi Leit, déi do a Fro géife kommen, da gëtt awer d'Anciennetéit gekuckt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, d'Anciennetéit an, wéi gesot, deemno wéi och hir Horairestonne sinn. Dat muss stëmmen. Well soss geet et jo net a mir geheie jo erëm déi aner Gruppen op d'Kopp. An dat wëlle mer jo net.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Affaires sociales.

Budget rectifié de 2016 et du budget de l'exercice 2017 de l'Office social - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn de Budget haut hei virleien an deen ass och vum Conseil d'administration vum Office social ugeholl ginn. Ech géif hei emol vun der Geleeënheet profitéiere fir dem President a senge Matstreider am Conseil d'administration vum Office social Merci ze soen. Ech wëll awer och den Assistantes socialen an dem administrative Personal aus dem Office social Merci soe fir déi Aarbecht, déi se während deem ganze leschte Joer gemaach hunn an och d'nächst Joer musse maachen, fir kënnen deene Leit, déi an Nout sinn, ze hëllefen.

Mir hunn en Total am Budget vun Ausgabe vu bal 2,2 Milliounen Euro virleien, wat e ganz substantielle Betrag ass, a wou een awer och ganz kloer gesäit, wéi vill Aarbecht, datt do op déi Leit kënnt, déi dat Ganzt geréieren. Dofir nach eng Kéier hinnen e ganz grousse Merci.

Mir mussen natierlech och en Deel als Gemeng dozou bäidroen. Et ass dat e Betrag, deen och net wéineg ass, mä dee sécherlech net am Verhältnis steet zu deem, wat déi Leit do schaffen. Nach eng Kéier e grousse Merci.

Polfer John (CSV):

Dir Dammen an dir Häre,

Am Budget 2017 vum Office Social hu mer Recettë vun 2.339.928 Euro an Depensë vun 2.198.278 Euro, dat mécht e Plus vun 141.650 Euro. Wa mer de Boni présumé 2016 vun 366.493 Euro dobäi zielen, dann hu mer e Boni total vu 508.143 Euro.

D'Haaptrecetten am Budget komme vun Aide Social, Caisse nationale de Santé, Fonds National de Solidarité, Caisse Nationale Prestation Familiale, Administration de l'Emploi, asw, an dat maache ronn 539.000 Euro aus.

Bénéficiaires sous Gestion hu mer 150.000 Euro virgesinn, Contribution Communale si 548.100 Euro an dee selwechte Betrag kréie mer vum Familljeministère, och 548.100 Euro.

De Remboursement des salaires et frais de bureau par la SNAS bedréit 173.705 Euro a fir d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte hunn mer fir 2017 emol 250.000 Euro virgesinn.

Am Extraordinären hu mer eng Zomm vu 714.850 Euro stoen. Hei maachen ech wéi all Joer drop opmierksam, dat déi Sue fiktiv sinn, well do dran enthalen och dat Geld ass, wat mer nach ausstoen hunn an déi mer mat 50 Euro oder 100 Euro de Mount erëmkréien. De Moment sinn dat 649.345 Euro, déi opstinn.

Och hei, genee wéi bei der Gemeng, kuckt den Office Social mat dem Receveur, ob mer nach Sue kënnen andreiwen oder op déi Leit net méi ze fanne sinn.

Also, 714.850 Euro minus 649.345 Euro maache 65.505 Euro, esou datt de Boni méi reell 508.143 Euro plus 65.505 Euro 573.648 Euro ausmécht.

Ech wëll hei net vergiesse fir der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte e grousse Merci ze soe fir hir alljäerlech Ënnerstëtzung. Mir hunn 2016 vun hinnen 388.575 Euro kritt. Vun deene Suen hu mer dëst Joer 55.326 Euro ausginn. Déi Sue ginn haaptsächlech gebraucht fir Renovatioune vun eisen Appartementer, wann eent erëm fräi gëtt. De Moment sinn eis Aarbechter zu Rodange am gaangen een Haus fir eng Famill mat Kanner ze renovéieren. Och hinne Merci, well si maachen dat ganz gutt.

Ausserdeem hu mer eng nei Killthéik fir den Cent Buttek bestallt.

Mir bezuelen och ee Bäitrag u manner bemëttelt Familljen, deenen hiert Kand mat an d'Classes de neige geet. Un deenen

Depensë bedeelegt sech d'Gemeng an de Familljeministère net, well dat wier awer ze vill schéin.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt hei am Numm vu menger Fraktioun dem Office social e grousse Respekt an e grousse Merci ausspriechen, virun allem de Fonctionnairen an hirem President mat der ganzer Ekipp. Natierlech och der Gemeng fir d'Ënnerstëtzung. Et ass wierklech keng liicht Aarbecht, virun allem fir déi Fonctionnairen, wat déi sech net all Dag fir Geschichten do mussen unhéieren. Do ginn engem d'Schudderen aus an dofir verdéngen déi Leit, déi di Aarbecht maachen, op jiddwer Fall eisen opriichtege Respekt.

Approbation à l'unanimité.

6.3.

Affaires sociales.

Compte de l'exercice 2015 de l'Office social - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Le bilan et les comptes de profits et de pertes de l'exercice 2015 clôturent avec un bénéfice de 89.267,90 euros et un résultat reporté de 714.850,68 euros.

Polfer John (CSV):

Ech wëll nach kuerz soen, datt de Ministère keng Remarken zu deene Konten hat an dofir wollt ech de Mataarbechter an haaptsächlech eisem Receveur villmools Merci soen. Well do gëtt eng gutt Aarbecht geleescht.

Approbation à l'unanimité.

6.4.

Affaires sociales.

Aide au montant de 2.500 euros aux victimes du tremblement de terre en Italie centrale - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité. M. Joe Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.5.

Affaires sociales.

Décompte provisoire portant sur les travaux d'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais à Pétange - approbation.

Total du crédit approuvé:	*100.000,00 euros (ttc)*
Total de la dépense:	*89.729,56 euros (ttc)*
Total de la dépense prévisible:	*120.000,00 euros (ttc)*

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Bis de Moment hu mer vun deenen 100.000 Euro, déi mer als Kredit guttgeheescht haten, 89.729,56 Euro ausginn. D'Depense wäert awer trotzdeem méi héich ginn. Do sinn e puer Inconveniente komm. D'Gros-oeuvre war méi deier wéi mer geduecht haten. Well an deem Eck, wou mer do sinn, ass et net esou einfach wann een do an de Buedem geet. Dat ass gewosst. Dat ass e bësse Schwämmland vun der Kor. An do hunn d'Fondatiounen e wéineg anescht misste geluecht ginn.

Mir hunn och du gesot, datt mer e platten Daach géife maachen, esou datt mer duerno eventuell nach e puer Fotovoltaike kënnen drop setzen.

De Bardage vun der Fassad ass och méi deier ginn ewéi ugeholl. An de Mobilier war urspréinglech net mat am Devis virgesinn. Dat ass awer keng esou eng héich Zomm, well net esou vill Mobiliar do erakënnt. Do si méi esou Puffen oder Matelase virgesi fir ze relaxéieren.

Wat mer awer am Nachhinein nach gemaach hunn – well mer grouss Fënsteren an deem Sall hunn an dat d'Südsäit ass – dat ass, datt mer nach banneschte Storen ubruecht hunn an esou dat Ganzt nach géint d'Sonn schützen.

Esou datt mer denken, datt mer beim Décompte final bei 120.000 Euro géife leien.

Approbation à l'unanimité. M. Joe Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.1.

Ordre public.

Autorisation pour une action de porte à porte de la société Amicale Nidderréideng dans la localité de Rodange pendant la période du 1er au 28 février 2017 - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Ordre public.

Autorisation pour une action de porte à porte de l'association Amnesty International dans la Commune pendant la période allant du 12 au 22 décembre 2016 - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

8.

Dépenses diverses.

Octroi d'un cadeau de service - décision complémentaire.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

Statuts de l'association «Marka Kabelu Bedju» asbl - information.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Il en est pris acte.

9.2.

Vie associative.

Statuts de l'association «Cabas de Harmonia» asbl - information.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Il en est pris acte.

10.

Environnement.

Programme d'action annuel pour l'exercice 2017 du Sicona - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wéi déi Jore virdrun hu mer de Programme d'action annuel vum Sicona virleien, wou dann dee Moment och de Budget drun hänkt. Den uerdentleche Budget ass op 90.606,08 Euro festgesat a wouvunner d'Gemeng 55.000 Euro dréit.

Folgend Aarbechte si fir d'Joer 2017 virgesinn:

Taille écologique des haies en hiver 2017/2018	30.008,22 €
Entretien des plantations et clôtures, fauchage des prairies maigres et bandes écologiques	27.719,39 €
Coopération avec les agriculteurs	513,01 €
Information et sensibilisation	9.250,45 €
Activités écologiques parascolaires	9.576,60 €
Panneaux d'information et circuits didactiques	2.999,91 €
Monitoring biologique	2.486,46 €
Négociations en vue de la réalisation de projets	2.000,37 €
Plans de gestion	1.047,81 €
Espèces du milieu urbain	5.003,86 €

Am ausseruerdentleche Budget stinn 10.506,01 Euro an déi Sue gi gebraucht fir folgend Projeten:

Entretien des plantations et clôtures, fauchage des prairies maigres et bandes écologiques - Taille écologique des haies en hiver 2017/2018	5.500,15 €
Plantations	3.003,94 €
Restauration et entretien de vergers	2.001,92 €

Wéi der konnt gesinn, hu mer am Dossier och e flotte Kadasterplang leien, op deem ee ganz genee ka kucken – iwwer d'Nummere vun de Projeten – wou geschafft gëtt. Dat ass ganz flott gemaach an ech géif de Gemengerot froen, fir dee Plan d'action, zesumme mam Budget, ze stëmmen.

Gira Carlo (CSV):

Ech war mer den Dossier ukucken, an dee Projet mat de Päiperleken ass jo elo fir d'nächst Joer dran. Ass dee Projet elo just op enger Plaz virgesinn? Well et waren u sech 3 Plazen erausgesicht ginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Am Dossier, wou den Detail vun deem ganze Projet steet, gesitt der, datt dee Päiperleksprojet op méi Plaze virkënnt. Mir hunn hei an der Gemeng 3 Plazen, wou dee Projet virgesinn ass. An de Sicona wäert – wéi d'lescht Joer – och virgesinn, fir d'Leit – an net nëmme mir als Administratioun – ze sensibiliséieren an doduerch och esou Kierfercher mat verschiddene Plazen ausdeelen, déi d'Päiperleken unzéien an deenen domatter e Liewensraum geschafe gëtt. Et soll sech net nëmme just op d'Projete vun der Gemeng begrenzen.

Gira Carlo (CSV):

Jo, ech hunn dat gesinn. Mä et steet all Kéiers just nëmmen dra vun engem Bongert. Dofir ass mer dat opgefall.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass virgesinn zu Rolleng beim Fräizäitzentrum, zu Rodange bei der Fonderie-Schoul an zu Péiteng beim CIGL a beim Ëmfeld vun eiser Sportshal. Dat sinn déi dräi Projeten.

Accord à l'unanimité.

11.

Budget rectifié de 2016 et budget pour 2017.

Discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

Polfer John (CSV):

Schonns beim Budget 2015 hat ech geschwat vun Ongewëssheet a vu Spuermoossname vun der Regierung, an dëst Joer ass et net besser. De Schäfferot huet eis awer och dëst Joer e Budget vun der Kontinuitéit presentéiert. An eisem ordinäre Budget hu mer e Plus vun 9.102.471,75 Euro, wat beweist, datt mer den ordinäre Budget am Griff hunn.

Eis Populatioun wiisst bestänneg a mir kommen iwwer 18.200 Awunner an et ass logesch, datt eis Recetten, a virun allem eis Depensen erop ginn. An trotzdeem geet eis Gemengeschold nach all Joer erof. Zur Erënnerung: Enn 2000 hate mer nach eng Schold vu 34,7 Milliounen Euro. Enn 2017 sinn et der nach 10,7 Milliounen Euro. Dat mécht bei 18.200 Awunner eng Kappverschëldung vu ronn 590 Euro.

An der Finanzkommissioun hunn ech de Memberen d'Depensen am extraordinäre Budget virgestallt. Haaptsächlech déi grouss Ausgabe sinn erkläert a kommentéiert ginn. Hei schléisst de Budget mat enger Recette vun 11.469.884 Euro an enger Depense vun 23.477.492 Euro of. Dat ass e Minus vun 12.007.608 Euro.

Wa mer dann dee viraussiichtleche Gewënn vun 2016, de Gewënn vum ordinäre Budget, huelen, da mécht dat en Total vun engem Plus vun 21.490.420 Euro aus, minus déi 12.007.608 Euro (de Mali aus dem extraordinäre Budget), da bleift e Gewënn vun 9.482.811 Euro.

En etlech Projete wäerten d'nächst Joer fäerdeg ginn, oder an Ugréff geholl ginn. Nodeems mer am Gemengerot 16,9 Milliounen Euro fir d'Ateliere gestëmmt hunn, wou 20 Joer drun erëm gedoktert ginn ass, genee esou wéi de «Grand Bis».

No all den Erklärunge vu menger Säit, hunn d'Membere vun der Finanzkommissioun eestëmmeg en «avis favorable» ofginn.

Merci dem Här Buergermeeschter, de Schäffen an de Mataarbechter fir dat Budgetsdokument.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Polfer Merci fir seng Explikatiounen. Och Merci fir déi Informatioun, déi hien eis ginn huet, datt d'Finanzkommissioun dëse Budget eestëmmeg favorabel aviséiert huet.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kann iech just bei där Saach vun de Gemengegaragen zoustëmmen. Wat der do alles gesot hutt, stëmmt ganz genee a mir wiere wierklech frou, wann dee Projet endlech géif absolut Realitéit ginn.

Arendt Patrick (CSV):

Ech hu mir den Dossier vum extraordinären Deel ugekuckt an ech hunn – wéi d'lescht Joer och – e puer Remarken a menger Funktioun als Conseiller dozou ze maachen.

Fir d'alleréischt wëll ech awer all eise Mataarbechter Merci soen, déi mam Schäfferot zesummen dëst Dokument ausgeschafft hunn. Ech wëll och ënnersträichen, datt mer bei der Budgetsvirstellung e puer interessant Eckdaten zu eiser Gemeng gesot krut hunn, an et ass elo net meng Aufgab, fir dëst nach eng Kéier am Detail ze widderhuelen. Ech wëll awer dem Schäfferot felicitéieren, fir eng dach virsiichteg, nohalteg Finanzpolitik, déi trotzdeem verbonnen ass mat villen Investissementer an d'Allgemengwuel vun eise Bierger an hiert Environnement. An do stécht d'Gemengeverscholdung dach enorm eraus, wann ee bedenkt, datt mer 2003 nach bei ronn 38 Milliounе louchen a mir et gepackt hunn, dës Gemengeverscholdung op e Stand vu ronn 10 Milliounen ze drécken. Da weess een, datt do vill geschitt ass a mir eng Echappé op de Peloton vun de lëtzebuergesche Gemenge gemaach hunn, a bei enger Pro-Kapp-Verschëldung vu 590 Euro leien, woubäi mir nach 2004 bei 2.500 Euro louchen.

Ech komme fir d'alleréischt op eis Jugend ze schwätzen. Mir sinn, esou wéi d'lescht Joer ugedeit, an der Endphas vun der Realisatioun vum Jugendgemengerot. De Jugendgemengerot ass déi logesch Konsequenz vun enger optimaler politescher Sensibiliséierung vun eise potentiellen Nofolger hei am Gemengerot. Nodeems elo scho säit 3 Joer ee Kannergemengerot besteet an do exzellent Aarbecht geleescht gëtt, wëll ech hei dës Plattform och notze fir iech och Eppes iwwert déi zwee wichteg Gremien ze zielen. D'Jasmine Quintus, wat un der Spëtzt vum Kannergemengerot als responsabel Educatrice steet, ass am gaange mat de Kanner zesummen un engem «Buddy»-Projet ze schaffen, nodeems ech dës interessant Method an engem Bäitrag op de soziale Medie gesinn hunn, a wou et drëms geet, eenzel Schüler mat Hëllef vun de Schoulmeeschteren, Formatiounen an dem ganzen Ëmfeld ze sensibiliséieren, esou eng Zort Mediatiounsgrupp ze ginn, déi visibel gekennzeechent am Schoulhaff op «Patrouille» geet. Ausserdeem si se am gaangen op all Spillplaz eng Lëscht ze preparéieren, zu wellechem Alter et gëeegent ass, a wat misst reparéiert ginn, bzw. wat d'Kanner sech virstelle kéinten. Besser kann een aktiv bedeelegt Demokratie bal net maachen. Hei ginn et dräi Saachen ze soen:

Éischtens hat ech schonn d'lescht Joer Babyschaukele gefuerdert an hunn elo gesinn, datt esou Nestschaukelen installéiert goufen, wat een nëmme begréisse kann. Sinn där och an all Uertschaft?

2. Et misst een, wéi gesot, éier een de Budget, dee virgesinn ass fir eis Spillplazen, opbraucht, de Rapport vum Kannergemengerot ofwaarden an do wëll ech just mat op de Wee ginn, datt een och de Kanner mat der zoustänneger Educatrice misst d'Méiglechkeet ginn, all eis Spillplazen, déi deels ëmzäunt sinn, well se zu Institutioune gehéieren, och nozekucken.

3. Mat de ganze Verännerungen an deene ganzen zousätzlechen Aufgaben, deene sech d'Jugendkommissioun ugeholl huet, misst de Budget och adaptéiert ginn. Ech mengen, wann ee wëll eppes realiséieren, muss een och Faarf bekennen.

Am Jugendgemengerot gi mir op de Wee, konkret eis ee Partner ze sichen. Deen hu mir an der Institutioun vum Jugendhaus fonnt, an nodeems mir e puer mol eis gesinn hunn an intern och e Waggon op d'Schinne geluecht hunn, mat enger neutraler ASBL, der 4 Motion asbl, dëse Wee gemeinsam unzegoen, kënne mer mat Houfregkeet soen, datt dëse Gremium d'nächst Joer wäert un de Start goen. An ech maachen op dëser Plaz schonn een Opruff un all eis Matbierger, an och un d'Sortante vum leschte Kanner-gemengerot, déi u sech eis gefrot hu firwat et nach kee Contenu gëtt. 4 Motion soll am Ufank hëllefen de Prozess ze starten, mä idealerweis wier et, wa mir ee Gremium géifen op d'Been bréngen, dee sech selwer mat enger zoustänneger Educatrice aus dem Jugendhaus dréit.

An do denken ech u ganz vill flott Projeten, wéi zum Beispill Jonker aus eiser Gemeng ausbilden an hinnen e klengen Niewenjob ze ginn am Kader vun der neiapostolescher Kierch an der Gemeng, déi néideg Filmer zesummeschneit, wou mir an der Vergaangenheet ëmmer op extern Firmaen zeréckgegraff hunn. Bei dësem Beispill hätte mer schonns 2 Mécke mat enger Baatsch getraff. Duerch de Jugendgemengerot entsteet e regelméissege Kontakt tëscht de Politiker, déi ausféierend Organ sinn, an de Jonken. Mir erhalen also eng Win-Win Situatioun, well wat Jugendlechen an Zukunft wichteg erschéngt, bleift also keng Spekulatioun méi fir d'ausféierend Organ, mä et gëtt konkret um Terrain mat de Betraffene geschwat. Ech ginn och dovunner aus, datt dat eise Veräiner och vläicht entgéint kënnt, well duerch de Jugendgemengerot léieren eis Jonker och sech sozial, politesch an éierenamtlech ze engagéieren, an eiser Gemeng an doriwwer eraus.

A menger Funktioun am Verwaltungsrot vum TICE kann ech och zesumme mam Buergermeeschter eng Neiegkeet soen. Jonker d'Méiglechkeet ze bidden, Accidentfräi op hir Nuetseil-Plazen ze kommen, ass säit laangem e Bedierfnes fir all Gemengeverantwortlechen. Ab dem 1. Dezember fiert dowéinst een TICE-Latenight-Bus elo zousätzlech zu allen aneren Offeren, freides, samschdes an op Virowenter vu Feierdeeg. A mengen Aen ass dat e Meilesteen op eisem Gemengegebitt an déi gesamt Südpalette gëtt domatter volltrefflech ofgedeckt.

Eng weider Saach, déi ech wëll uschwätzen, an déi ech och schonn eng Kéier intern ugeschwat hat, an dowéinst och elo wësse wëll, wéi wäit mer doranner sinn, ass déi Saach mat eise Remplacementer vun der Centrale d'incendie – woubäi mir elo am Budget 39.000 Euro fir d'Villa Bambi zu Rodange virgesinn hunn. Ech begréissen déi Saach, an och fir do eng anstänneg Alarmanlag virzegesinn. Ech wollt awer ze bedenke ginn, datt normalerweis ëmmer nëmme Feiermelder installéiert ginn. Ech sinn awer der Meenung – ech hu mer dat och privat zougeluecht a mech an deem Kontext informéiert – datt mer, an dat «surtout» op Plaze wou mer Kanner betreien, och sollen un CO-Melderen denken. Kuelestoffmonoxid ass, wéi der all wësst, ee gerochloost a faarfloost Gas an ass extrem gëfteg, well een nämlech, nodeems de Gas sech mat eise roude Bluttkierpercher zesummegesat huet, wou normalerweis de Sauerstoff gebonne gëtt, een erstéckt ouni et bewosst matzekréien. Et entsteet bei onvollstännege Verbrennungen, déi ëmmer optrieden, wa fossil Brennstoffer, wéi zum Beispill Gas oder Ueleg, Holz oder Holzkuel, oder Bensin verbrannt gëtt. Et kann deemno och an Heizungen oder Boileren entstoen.

Ech wëll hei och gären d'Geleeënheet notzen, fir op déi lokal Alternativ vun Energiekooperatiounen anzegoen, wou jo eise Schäfferot och wëll Akzenter setzen, wat ee just begréisse kann. Firwat also an Zukunft a komplizéiert Fongen investéieren, wa virun der Dier eng lokal Alternativ fir erneierbar Energie besteet. A ville Fäll hei zu Lëtzebuerg geet eng Participatioun vun 100 Euro duer, fir deelzehuelen un der Kooperativ. No uewen hi musse mer awer eng Grenz virgesinn, fir ze vermeiden, datt eenzel Deelhueler alles opkafen. D'Risiko u sech, an ech weess et aus eegener Erfahrung, ass u sech geréng, well déi Zomme fir d'Aspeisung vum Stroum oft am Virfeld festgesat gëtt a staatlech garantéiert ass. Ech si frou, datt d'Gemeng och an deem Dossier do weiderkënnt. Méi spéit kéint ee vläicht ee Solarkadaster, wéi an der Gemeng Hesper, virgesinn, deen de Leit et erméiglecht, privat ze kucken, ob hiren Daach gëeegent

ass fir eng Solaranlag, respektiv eng Fotovoltaikanlag, well et jo ganz dovunner ofhänkt, wéi d'Ausriichtung an d'Neigung vum Daach sinn, oder op et Verschiedunge gi vum Nopeschhaus oder eventuelle Beem oder Kamäiner. De Ministère fir Nohaltegkeet an Infrastrukturen wëll an deenen nächsten 2 Joer 15 ëffentlech Gebaier mat Solaranlage bestecken. Ech denken do och un eisen LTMA, well de facto kéint een eng Schoul energieautark maachen. D'Rifkin-Strategie géif dës Demarchen och ganz kloer um Gemengenniveau ënnerstëtzen, well d'Fotovoltaik wéinst dem Batteriespäicher ëmmer méi interessant gëtt. Et ass also alles an allem en Invest an d'Nohaltegkeet.

Ech begréissen och eis Demarchen am Dossier Interreg (150.000 Euro) fir eis Vëlospisten international unzebannen, an déi sougenannte Mobilité douce ze förderen. Ech vermëssen awer nach ëmmer de Virstouss vun eiser Gemeng an de Südprojet Vël-ok, woubäi 6 Gemengen dëse vum CIGL vun Esch initiéierte Projet schonn zougetratt sinn. D'Stad Lëtzebuerg geet esouguer op de Wee, hir Vëloen, déi een ausléine kann, mat Hëllefsmotoren ze ergänzen, woubäi mir hei vum E-bikes schwätzen, cycles électriques, déi Maximum bis zu 25 km/h kënne fueren.

Mir hunn am Budget eng Zomm vu 40.000 Euro virgesi fir d'Mesurë vun der Securisatioun vun eise Sites scolairen. An deem Kontext wëll ech drop hiweisen, datt ech ugeschwat gouf, datt hanne bei der Parkschoul een Zebraträife ganz gutt géif kommen, well sech do muench Autofuerer net un déi Limitten hält. Wann ech de Park zu Péiteng uschwätzen, wëll ech och gären op de Raider hiweisen, deen an der Entrée steet an dee ganz futti ass. Dat gëtt direkt am Agank vun eisem schéine Park leider kee schéinen éischten Androck. Ausserdeem ass do – an dat gesäit een am Moment net gutt well Blieder driwwer leien – een Deckel vun enger Sprenkler- respektiv Bereenanlag futti an dat ass ganz geféierlech, well do kleng Kannerféiss ganz liicht kënnen dran hänke bleiwen, wou ech och vun enger jonker Mamm drop higewise gi sinn. U sech kéint een dee Raider ewech huelen, well mer jo fir 55.000 Euro virgesinn hunn, fir 3 nei elektronesch Raideren – an all Uertschaft een – fir alles, wat muss publizéiert ginn, wou ech och begréissen, datt och zu Rodange an zu Rolleng esou een hikënnt.

Zu allerlescht wollt ech mech der Gestioun vun eisem Dreck an der Gemeng unhuelen an do vläicht een Ustouss ginn. Mir hate jo eng ganz informell Visite mam Gemengerot bei d'Valorlux gemaach. Deemools hat ech schonn op déi gréng a Plaz déi blo Tuten higewisen a krut d'Äntwert, et wier nach e Pilotprojet. Elo hunn ech awer kierzlech an der Zeitung gelies, datt zwou weider Gemengen dat wëllen aféieren. Mat der grénger Tut däerfen d'Bierger zousätzlech Folien an Tuten aus Plastik draleeën. Mir kommen also dem Phänomen "méi Inhalt / méi Recycling" méi no an et ass bewisen, datt dës Offer den Nerv vun de Bierger getraff huet a säit deem hunn d'Bierger sech vermehrt mam Thema Recycling ausernee gesat fir hiren Offall geziilt ze trennen. Et ass ugekënnegt, de Projet gläich landeswäit lafen ze loossen. Dofir als Ureegung: et wier net schlecht, wa mer als Péitenger Gemeng an eisem zoustännege Syndikat op dësen Zuch mat opsprange géifen. Dann dréit eis Visite ëmsou méi Friichten, och op eisem Terrain a fir eis Bierger.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir soen dem Här Arendt Merci fir seng Interventioun am Kader vun dëse Budgetsdebatten. Ech wäert op 2 Saachen agoen, wou ech selwer am Fong als responsabele Member vum Schäfferot concernéiert sinn. Engersäits hutt der richteg ënnerstrach – esou wéi den Här Polfer et och scho gemaach huet - , datt mer an deene leschte Joren eis Gemengeschold wesentlech zeréckgefouert hunn an datt mer haut mat 10 Milliounen Euro op engem Punkt ukomm sinn, wou mer wierklech ënner deene bescht situéierte Gemenge leien. Doropshi kann een nach bäifügen, datt mer dogéint och nach iwwer 15 Millioune Reserven hunn, esou datt mer am Fong geholl – wann een déi 15 Millioune géif huele fir den Emprunt zeréckzebezuelen – mer reellement kënne soen, datt mer scholdefräi sinn.

Deen zweete Volet, dee vläicht interessant ass – an dat ass ënnerstrach ginn – dat ass, datt den TICE elo eng supplementar Offer mécht fir Nuets ze fueren. Dat beschränkt sech natierlech op den TICE-Réseau. Et ass dat eng interessant Offer. Et muss een natierlech elo kucken, a wéi fern déi Offer dann och elo ugeholl gëtt. Mir wäerten awer och als Gemeng den Nightrider mam ProSud weiderhi bäibehalen an och weiderfueren. A mir wäerten och eisen Nuetsbus, dee vun der Käerjenger Brauerei bis an d'Gemeng Péiteng fiert – opgrond vun der Ligne 215 – och bäibehalen. Esou datt mer do awer eng relativ grouss Offer maache fir eis Jugend, déi Nuets ouni Auto kann erausgoen.

Da wëll ech kuerz op d'Alarmanlag vun der Villa Bambi agoen, déi der ugeschwat hutt, a wou der vu Kuelemonoxidmeldere schwätzt. Et muss ee kucken, a wéi fern dat dran ass. Ech kann dat net direkt soen. Dat mussen eis Techniker kucken. Ech ginn iech awer Recht, wann et do e Moyen gëtt an dat ouni grousse supplementaren Invest méiglech ass, da soll een dat och an Zukunft an eise Gebaier virgesinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Dossier Interreg, wat d'Vëlospisten ubelaangt, do frot der, firwat mer eis nach net un de Südprojet Vël-ok drugehaangen hunn. Ganz einfach, well mer d'Etappen eng no där anerer maachen. Fir d'éischt hu mer emol d'Vëlospisten an der Gemeng Péiteng selwer amenagéiert. Da siche mer iwwer d'Grenzen eraus den Uschloss un d'Nopeschgemengen, esou gutt Käerjeng an esou weider. An dann denke mer drun, fir esou ee System zur Verfügung ze stellen, wou ee Vëloe ka lounen. Do stellt sech awer nach ëmmer d'Fro, ob et opportun ass fir sech un dee grousse Südprojet drunzehänken, ob deen net ze grouss gëtt an der Gestioun an ob dat iwwerhaapt e Sënn mécht fir Hin a Hier. Do muss een e bëssen d'Tendenz kucken, wou d'Leit wëlle fueren an duerch genee Observatiounen a Fühlunge kucken, ob et net duer geet, fir mat Déifferdeng oder Käerjeng eppes ze developpéieren, well dat de Ballungspunkt ass, wou ee vläicht mam Vëlo fiert an een net vun hei op Diddeleng fiert. Et muss een diskutéieren, ob dee Syndikat – deen elo do am gaangen ass sech ze bündelen – net ze grouss gëtt an een net soll eppes méi Klenges maachen. Ob dat elo Elektrovëloe sinn oder anerer, dat soll der Tendenz an der Demande ugepasst ginn.

Dir wëllt vläicht bei der Parkschoul en Zebraträifen. Ech huelen un, datt der domatter hannen d'rue de la Chiers mengt. Do ginn et Regelen, wat d'Zone 30 ubelaangt. Do dierfen d'Stroossen nëmme méi am Ufank an zum Schluss en Zebraträife kréien an net méi dertëschent. Do wou d'Kanner aus der Schoul kommen, do sinn et ongefëier 20 Meter bis bei deen nächste Foussgängerträifen. Et kann een sech iwwerleeën, ob een dee soll réckelen, mä et kann een net een Zebraträifen niewent deen anere maachen, soss si mer net méi regelkonform.

Dir begréisst och, datt déi Raideren entstinn. Dat gi Raidere mat Informatioune fir de Bierger. Dee Raider, deen dir awer elo hei uschwätzt, dat ass deen, deen am Park steet. Dat ass u sech kee Raider am Prinzip. Dat war eng Tafel, wou de Park Théophile Kirsch erkläert ginn ass. An déi ass viru Jore scho futti geschloe ginn. Do ass et ronderëm geféierlech an deen

huet wierklech keng Dosinnsberechtegung méi. Ech huelen un, datt de Romain Mertzig iech nach wäert dorobber äntweren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Déi Punkten, déi mech betreffen, si jo haaptsächlech déi iwwer d'Jugend, d'Spillplazen an de Kannergemengerot. Dir begréisst et – an ech kann et och nëmme begréissen - , datt mer mam Kannergemengerot eng Plattform geschafen hunn, wou mer selbstverständlech de Kanner ëmmer am Ae behalen – hirem Alter bedéngt – mä se awer drop hiweise fir hei an der Gemeng e wéineg d'Aen op ze hunn an e wéineg matzeschaffen an esou mat hiren Demanden un d'Politiker erunzetrieden. Et ass eng ganz flott Entente, déi do schonn e puer Joer besteet an dofir si mer jo de Moment am gaange fir ganz staark drun ze schaffen, fir dee sougenannte Jugend-gemengerot an deem selwechte Sënn bei eis an der Gemeng opliewen ze loossen. Mat der Partnerschaft, déi mer do wëllen ugoen, mat 4 Motion an dem Jugendhaus, hu mer dee richtege Choix getraff fir esou ee Jugendgemengerot op d'Schinnen ze setzen, fir datt mer an deenen nächste Jore mat eiser Jugend nach besser a Kontakt kënne sinn an och nach méi schnell op hir Bedierfnesser kënnen agoen. Ech fannen, et ass eng ganz flott Saach a mir kucken och, datt mer dat d'nächst Joer un d'Rulle kréien.

Wann der vun den Nestschaukele schwätzt, esou si mer jo no an no am gaangen, fir no eise Spillplazen ze kucken a se ze erneieren. A wann déi Demandë kommen, da gi mer selbstverständlech ëmmer op dee Wee, fir därer dohinner ze setzen, well d'Demande vun de Kanner an deem dote Sënn ëmmer grouss gëtt.

Wat och elo déi Institutiounen ubelaangt, déi ëmzäunt sinn - déi Spillplazen – esou sief et awer och erlaabt, datt och eng Educatrice mam Kannergemengerot kann dohinner goe fir sech e Bild ze maachen an eis och hir Iddie mat op de Wee ze ginn. Dat si jo déi selwecht Kanner, déi och an deene Schoulhäff spillen, esou datt mer och an deem Sënn kéinte soen, datt se dat och nach kéinten an Zukunft maachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir hutt de Solarkadaster ugeschwat. Do ass et esou, datt mer schonn e Solarkadaster hunn, mä nach net fir d'ganz Gemeng. Deen hu mer u sech gemaach am Kader vun eisem Klimapakt. Do hu mer emol e gudden Ufank gemaach, wat eis Gebaier vun der Gemeng ugeet. An an där Hisiicht sti mer besser do wéi d'Gemeng Hesper, wat de Klimapakt ugeet. Et ass awer ëmmer gutt e Verglach gezunn. Wéi gesot, et sinn awer nach vill Aufgaben do ze maachen.

Dir hutt och den LTMA ugeschwat. Den LTMA ass e Gebai, dat dem Staat gehéiert an do hu mer als Gemeng u sech guer keen Impakt drop. Mir wäerten awer an Zukunft déi Saachen d'office virgesinn. Wéi der wësst, mat eise Gemengenatelieren, kréie mer do eng gutt Opportunitéit an do wäerte mer dat dann och d'office virgesinn, fir do Solarzellen dropzesetzen. An dat selwecht maache mer och bei eisem Projet vun deenen neie Vestiairen um Stade municipal.

Dir hutt d'Gestioun vum Dreck och ugeschwat. Jo, mä mir waren do net bei Valorlux. Mir waren do bei d'Firma Hein, wat u sech zwou verschidde Saache sinn. Et ass awer esou, datt een déi Folien och kann an déi normal Tuten draleeën. Ech hu mech e bësse schlau gemaach, firwat datt si esou schaarf si fir déi Saachen iwwer eng gréng Tut, oder eng aner Tut, ze sammelen. Do war ech e bëssen erstaunt, firwat datt dat esou ass. Well déi Folien ass hiert Gold am Recyclage. Do kréien se nämlech vill méi Suen erëm wéi bei deem normale Recyclage. A si wëllen domatter dat éischter détectéieren, esou datt se dat och aneschters kënne sënneren. Dat ass awer elo net gesot, datt mer dat net solle maachen. Awer allgemeng huet dee Projet-pilot net deen néidege Succès an dee Projet-pilot ass bei eis an der Gemeng och nach net ofgeschloss. A wann dat eemol esou wäert sinn, da wäerte mer och net verpasse fir op deen Zuch mat opzesprangen, wéi der dat esou flott ausgedréckt hutt.

Wat dee Raider hei ënnen ubelaangt, esou ass deen effektiv ausser Betrib. Mä dat hätt der och scho kënnen deem néidegen Service matdeelen, da wier dee Raider schonn ewech komm. Ech mengen, dir hutt jo d'Méiglechkeet och, fir eppes engem Service ze aviséieren an dann hätte mer net onbedéngt hei missten an de Budgetsdebatten doriwwer debattéieren.

Arendt Patrick (CSV):

Ech kommen emol fir d'éischt op déi Äntwerten zeréck vum Här Buergermeeschter. Ech gi schonn dovunner aus, datt déi Jonk dat wäerte benotzen, déi Offer. Well ech mengen, mir hunn do och eng Chance, datt mer d'Nuetsliewen am Süden erëm méi verstäerken. Well ech kennen, oder ech weess et selwer aus menge vergaangene Joren, mir si ganz oft an d'Stad gefuer. An dat bréngt awer eng Chance, och op 2022 hin, fir dat Ganzt erëm e bëssen ze revaloriséieren.

Dir sot et selwer, d'CO-Melderen ass kee ganz groussen Invest, mä et bréngt awer ganz ganz vill. Well mir sollen se u sech just do installéieren, wou d'Heizunge sinn. An ech mengen, fir eis Kanner kënne mer dat roueg maachen. Dat ass fir mech keen esou ee groussen Impakt.

Da wëll ech och dem Här Breyer Merci soe fir déi Äntwerten, déi ech krut. Et ass awer esou, datt ech weess, datt Déifferdeng am Vël-ok schonn dran ass. Dat heescht, ech weess net a wéi fern si wëllen do erausklammen oder a wéi fern mir dat sollen zesumme maachen. Mä ech selwer géif scho mengen, datt et opportun ass, fir do mat eranzeklammen, well ech mengen, datt et eng ganz gutt Saach ass, déi do am Süde leeft. A wa si schonn Erfahrungen hunn, firwat net op déi Erfahrungen zeréckgräifen.

Dir hutt der mer och d'Äntwert gi mam Zebrasträifen. Ech hunn der Madamm dat och erkläert, mat de Regele vun der Zone 30. Mä trotzdeem bleift de Fait, datt d'Kanner do enger gewëssener Gefor ausgesat sinn. An ech mengen och do muss ee reagéieren, och wa verschidde Regelen dee Moment gëllen.

Ech soen och der Madamm Conter villmools Merci fir d'Äntwerten. Zum Kanner- a Jugendgemengerot hunn ech net méi vill dozou ze soen. Ech mengen dir wësst alleguerten, dat ass a bleift mäin Dadder.

Ech soen och Merci fir d'Äntwerte vun de Spillplazen. Dat wäert d'Jasmine Quintus honnertprozenteg freeën, well dat war och eng Fro vun him u mech.

Da wollt ech nach ganz kuerz op den Här Mertzig ze schwätze kommen. Ech mengen ech si frou, datt mer e Solarkadaster hu vun eisen eegenen Institutiounen. Mä ech mengen et ass awer ganz kloer eng Offer fir eis Bierger, fir ze kucken, datt se op engem normale Internetsite och erausfannen, an zimlech schnell erausfannen, watfir een Daach gëeegent ass oder watfir een Daach net gëeegent ass. D'Gemeng Hesper huet dat op hirem Site. Dat ass fir mech eng zousätzlech Offer fir eis Bierger. An dofir géif ech et awer wichteg fannen, datt mer an deem Dossier och weiderkommen.

Ech si frou, datt der iech och e bësse schlau gemaach hat mat der Firma Hein. Ech wousst och, datt dat d'Firma Hein war, mä dat war net meng Fro. Meng Fro war dat mat der Valorlux. An ech mengen, datt dat eng Saach ass, déi mer sollen ugräifen an datt mer do sollen um Ball bleiwen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Fir nach eng Kéier op de Solarkadaster zeréckzekommen, esou hu mer do schonn e gudden Ufank gemaach. Mir mussen awer och wëssen, datt dat net vun haut op muer geet. Mir wäerten dee Solarkadaster och ausbauen.

A mam Recyclage, esou ass et do esou, datt eis Gemeng eng mat deene beschte Gemengen ass, wat d'Recycléiere vum Dreck ugeet. Mir stinn net schlecht do, mä natierlech ass nach ëmmer eppes ze maachen a mir wäerten eis och deenen Defien an Zukunft unhuelen.

Arendt Patrick (CSV):

Just nach eng kleng Remark. Dir hat nach gesot, datt ee vläicht déi Saache kann hannendru regelen. Ech ginn iech och honnertprozenteg Recht, mä ech sinn awer trotzdeem der Meenung, datt e Conseiller an där heite Sëtzung d'Méiglechkeet huet, fir seng Saachen ze soen. An ech sinn net hei fir d'Daumen ze drécken an dofir hunn ech och déi Saache gesot an et ass och wichteg, datt mer dat soen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Selbstverständlech hutt dir d'Recht, fir ëmmer alles ze soen, Här Arendt. Mä mir sollen eis awer op dat begrenze wat um Ordre du jour steet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif awer proposéieren, datt mer vläicht elo iwwer de President fueren an net esou een Zwigespréich féiere vu béid Säiten. Well soss, mengen ech, kéime mer e bëssen duercherneen.

Domatter géife mer da bei deen nächste Riedner iwwergoen.

Birtz Gaby (LSAP):

Ech hu mer de Budget ugekuckt an dozou muss ech bemierken, datt ech dee Budget hei ganz virbildlech opgestallt fannen an datt e ganz zefriddestellend ass. Ech hu mer awer nach déi eng oder aner Fro dozou gestallt a wollt déi dann hei am Gemengerot stellen.

Déi éischt Fro concernéiert d'Pecherten an de Bannhidder. Ech wollt emol froen, ob et méiglech wier, fir iwwert eng Neiastellung vu Pecherten nozedenken, well momentan an eiser Gemeng eng ganz Rei Saachen, wat d'Zirkulatioun ugeet, net riicht lafen a wou ee lues a lues d'Impressioun kritt, datt jiddereen einfach mécht, wéi et him gefält a sech einfach u kee Reglement méi gehale gëtt.

Wann een déi Iddi do awer och nach wéilt weiderspannen an ausdehnen, kéint een och iwwert eng Astellung vu Bannhidder – eng Zort 'Ordnungsamt' wéi an Däitschland – nodenken. Well eis Gemeng jo rasant wiisst an ëmmer méi Leit heihinner wunne kommen, bleift et jo och net aus, datt et leider och ëmmer méi Verstéiss géint d'Gemengereglementer gëtt. Fir datt déi Reglementer, déi mir hei stëmmen, awer och respektéiert ginn, wier et vläicht sënnvoll an Zukunft méi Leit um Terrain dobaussen ze hunn, déi esou Saache kënne kontrolléieren an de Verstéiss déi néideg Suitte ginn.

Natierlech ass mer bewosst, datt elo net an dëser Sëtzung iwwer Neiastellungen an deem Ausmooss diskutéiert gëtt. Et sollt awer e Punkt sinn, fir dee mir eis d'nächst Joer sollten Zäit huelen an haart driwwer nodenken, erëm méi Kontrollen anzeféieren, fir de Verstéiss géint Gemengereglementer entgéint ze wierken. Reglementer gi jo zum Wuel vun allen Awunner an der Gemeng agefouert an da muss sech jo och dorunner gehale ginn.

En nächste Punkt, zu deem ech mer Froe gestallt hunn, war de Parking fir Camionnettë vun Entreprisen. Virun enger Zäitchen ass am Gemengerot decidéiert ginn, datt d'Camionnettë vun den Entreprisen aus dem Duerf eraus parke missten. Dat klappt och ganz gutt, mä leider muss ee feststellen, datt op verschiddenen Opfangparkingen ausserhalb ewell dee ganzen Dag iwwer keng Plaz méi ass, well d'Leit d'Camionnettë mam hirem Privatauto siche ginn an deen dann do stoe loossen, bis se owes Heem kommen an d'Camionnetten erëm mam Privatauto tauschen.

Ganz schlëmm ass et am Moment op der Péitenger Gare. Do kréien d'Leit, déi wëllen den Zuch huelen, emol keng Parkméiglechkeet méi fir hiren Auto no 7 Auer mueres.

Et ass begréissenwäert, datt elo esou ee Parking zu Péiteng beim Train 1900 amenagéiert gëtt. Et wier awer och néideg, fir esou Plazen zu Lamadelaine an zu Rodange ze schafen. Zu Rodange am Doihl ass déi Situatioun och zu engem Problem ginn, an d'Awunner sinn net frou doriwwer. Des Weidere kéint een och driwwer nodenken, fir den Entrepreneuren eng minimal Taxe de stationnement ze froe fir dës Parkméiglechkeet, an iwwer dee Wee kéint esou een Investissement sech selwer droen.

Dann hätt ech nach eng Fro zu Rodange. Do hu mer nämlech e relativ grousse Problem mam Tanktourismus. Scho säit längerem ass de Problem zu Rodange un der Grenz bekannt. Et kommen ëmmer méi Camionneuren dohinner tanken an d'Strooss packt dee ganze Flux, deen dagdeeglech un Autoen a Camionen do ass, net méi.

Mëttlerweil ass et iwwerhaapt net méiglech, wann een zu enger Spëtzestonn aus der Belsch oder aus dem Frankräich kënnt, nach iwwer den normale Wee a Rodange eranzefueren, wëll heeschen entweder iwwer d'route de Longwy oder iwwer d'Fontaine d'Olière erop. Do deet ee gutt drun, et fiert ee weider bis bei de Lycée Technique Mathias Adam an dann iwwer Lamadelaine op Rodange.

D'Camione stinn, Dag an Dag aus, an der Schlaang bis hannen an de Rond-point um PED, wat och net grad immens ass fir eis Ëmwelt, kommen tanken a fueren dann erëm dee selwechte Wee zeréck op d'Autobunn, well Frankräich hanner der Grenz e Fuerverbuet fir d'Camionen duerch hiert Duerf opgestallt huet.

Zudeem kënnt derbäi, datt owes an de Spëtzestonnen, ab ongeféier 17.30 Auer, d'rue du Clopp als Schläichwee benotzt gëtt, fir dann ënnen an der Fontaine d'Olière erauszekommen, an esou de Stau op der Lonkescher Strooss ze ëmgoen. Wann een dann och nach weess, datt an der Fontaine d'Olière eng Sortie vun enger grousser Tankstell ass, da kann ee sech de Chaos virstellen, deen dann do ass.

Et wier vläicht gutt, fir do e Projet virzegesinn, deen dem Eck do géing eng Entlaaschtung ginn an eng Léisung zu deem Problem géing weisen.

Dann hunn ech nach e leschte Punkt, dee mech beschäftegt huet, an dat ass d'Reparatur un de Waasserleitungen. Ech hu gesinn, datt am Budget net allze vill Sue virgesi sinn, fir eis Waasserleitungen an der ganzer Gemeng a Stand ze halen an ze reparéieren. Nach dobäi kënnt, datt eisen Service des Eaux chronesch ënnerbesat ass, an et esou bal net méiglech ass, all deenen Aarbechten nozekommen.

Fir deem Problem entgéintzewierken, wier et vläicht och net schlecht, wann och géing driwwer nogeduecht ginn, an dësem Service nach Leit anzestellen an och am Budget méi Sue virzegesi fir d'Reparature vun eise Waasserleitungen an der Gemeng.

Ech soe Merci fir d'Wuert an ech wollt awer zu gudder Lescht nach deene Leit Merci soen, déi un dësen Dokumenter hei

geschafft hunn, an dem Schäfferot, deen eng gutt Presentatioun vun dësem Budget gemaach huet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Madamm Birtz, ech soen iech Merci fir är Interventioun. Ech wollt haaptsächlech op ee Punkt agoen, dee mech a Fong concernéiert. Dat ass d'Kontroll vun de Gemengereglementer.

Dir hutt Recht, et wier sécherlech noutwenneg, datt ee méi eng konsequent Kontroll vun de Gemengereglementer kéint maachen, esou datt déi och respektéiert ginn. Ech mengen, de Respekt vun eise Gemengereglementer ass sécherlech op eisem Territoire – mä net nëmmen op eisem Territoire, mä generell iwwer d'ganz Land – net assuréiert, aus där ganz einfacher Ursaach, well mer einfach déi gesetzlech Basis net hu fir déi Kontroll wierklech ze maachen.

An do ass en éischten Unhaltspunkt ze maachen. E Bannhidder hëlleft eis näischt, well e Bannhidder kann – esougutt ewéi dir – nëmme soen, datt dat net an der Rei ass, mä et geschitt absolut net méi, well hien huet iwwerhaapt kee Moyen fir kënnen ze agéieren. Hie muss also erëm op d'Polizei zeréckgräife fir datt och eng Aktioun geschitt. Dofir gëtt jo scho jorelaang un engem neie Gesetz geschafft, fir datt mer kënnen administrativ Strofen ausschwätzen. Esou wéi mer elo administrativ Strofen ausschwätzen, wann iergendee falsch parkt, misst een och kënnen déi kleng Verstéiss géint d'Gemengereglement ahnde mat administrative Strofen. Dat ass eben an der aktueller Gesetzgebung nach net assuréiert. Op e Bannhidder do ass oder net, ob d'Polizei do ass oder net, déi kann nëmme feststellen an e Protokoll erstellen an et op de Parquet schécken. An do ass ganz oft – doduerch datt de Parquet, an do ginn ech hinnen och Recht, vläicht mat anere Problemer befaasst si wéi di doten – keng Suite méi. An dat ass dat, wat dozou bäidréit, datt d'Gemengereglementer net méi respektéiert ginn. A wann ee géif higoen, an et géif een déi Gesetzgebung ännere, datt ee géif soen, datt d'Gemenge kéinte Strofe verhänken – déi natierlech ënner der Kontroll si vum Inneminister, esou wéi dat jo och misst sinn – a wann dann e Bannhidder géif feststellen, datt iergendeen – zum Beispill – d'Nuetsrou net géif respektéieren, d'Fënstere vun engem Café Nuets nach op sinn, d'Terrassen owes no 10 Auer besat ginn, d'fräi Nuechten net respektéiert ginn, an deen agreéierte Fonctionnaire stellt fest, datt do eppes net respektéiert gëtt, da kascht et 200 Euro a mir stellen eng Rechnung aus, esou wéi de Pechert eng Rechnung ausstellt, wann ee falsch parkt. An déi Rechnung gëtt iwwer d'Police encaisséiert a wann een net bezilt, da kritt een am Fong eng Suite um Geriicht. An da sinn ech sécher, da wier déi Problematik ganz séier geregelt.

Mä e Bannhidder anzestellen, deen nëmme ka feststellen, datt eppes net respektéiert gëtt an näischt ka maachen, bréngt eigentlech net vill. Mir hunn nach ëmmer d'Hoffnung, a mir hunn nach all Kéiers a bei all Geleeënheet – wa mer bei der Police, beim Parquet oder beim Syvicol zur Sprooch komm sinn – gesot, datt dat misst gemaach ginn. Ech weess, datt do scho länger dru geschafft gëtt, an ech hoffen, datt mer eng Kéier eng nei Gesetzgebung kréien. An da kann ech iech garantéieren, da wäerte mer och Leit astelle fir dat ze maachen. Well da gëtt et och Sënn, fir Leit anzestellen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech ginn dem Buergermeeschter Recht. Den Ënnerscheed tëscht Bannhidder a Pechert ass zwar combinabel. Et sinn och Gemengen, déi dat gemaach hunn, mä dat bréngt näischt am Sënn vun de Gemengereglementer, esoulaang wéi d'Gesetzgebung net geännert ass. An esoulaang et en Delit ass, deen iwwer de Parquet muss goen, ass dat verlueren Zäit.

Dir schwätzt iwwer d'Pecherten am Grousse Ganzen an iwwer d'Zirkulatioun an d'Stationement an eiser Gemeng. Do si mer am gaangen nei Iwwerleeungen ze maachen. Mir hunn de Moment 4 Pecherten. Dat misst och duergoe fir déi Aufgab ze maachen. Mir sollten se awer net schematesch ausféieren. Mir sinn am gaangen eis Gedanken ze maachen. Dat Stationéieren iwwer den Dag musse mer sécherlech kontrolléieren, mä mir wëssen och, datt een net iwwerall ka sinn. A mir wëssen och, datt – wa Pläng ausgeschafft ginn – d'Leit séier wëssen, wéini de Pechert laanscht kënnt, zum Beispill mueres um 10 oder mëttes um 2, an duerno net méi. Et mussen also aner Mesurë geholl oder aner "coup de poing" gemaach ginn. Dat si mer am gaangen ze kucken.

Mä mir constatéieren nach aner Saachen. Ondisziplin vun de Leit bei Parken. Dir gesitt et am Beschte wann een an dee Quartier kucke geet, hei hanner der Gemeng. Do sti se an de Kräizunge geparkt. Et ass dat eng Gefor fir déi Leit, déi normal fueren. Et ass awer och eng Gefor fir eis Müll oder wann d'Ambulanz misst kommen. Déi kommen emol net méi duerch a si kréien net méi gedréint a gekéiert.

An deene Säitestroossen alleguerten, Péiteng oder Rodange, do wou Sakgaasse sinn, do gëtt owes zu 2 Säite geparkt. Wann do eng Ambulanz muss komme fir en Hëllefsdéngscht ze maachen, dann ass déi drun, well se kënnt net méi duerch.

Mir mussen also deem och Rechnung droen, datt mer net nëmmen am Dag e Problem mam Parken hunn, mä och owes, haaptsächlech wann net kontrolléiert gëtt. Normalerweis no 18 Auer gëtt wëll geparkt hei an der Gemeng. Dat ass e Phenomen, dee mer ëmmer méi feststellen an deem mer mussen entgéint wierken. An do ginn nëmmen "actions coup de poing", wou owes wierklech alles protokolléiert ass, wat do ass. Well wann et eppes bis kascht, da kann et eppes déngen.

Da kommen ech zu de Parkinge fir d'Camionnettë vun den Entreprisen. Do maache mer de Moment mat eise Pecherten eemol d'Woch – awer ëmmer verschidden Deeg – owes Kontrollen, ob déi Camionnetten op deene Plaze sti wou se solle stoen. Dat gëtt scho kontrolléiert. Mä dir hutt och e Phenomen ugefouert, deen och richteg ass. Déi Camionnettë kommen owes dohinner, si fuere mam Auto Heem a mueres gëtt den Echange gemaach. Da gëtt den Auto dohinner gestallt a d'Camionnette matgeholl. Do gesi mer, datt déi Parkplazen – déi net dofir geduecht sinn – awer praktesch dee ganzen Dag profitéiert sinn. Do si mer am gaangen nozedenken. Op der Gare Péiteng hu mer jo e Park&Ride fir Camionnettë gemaach an do ass et ganz kloer, datt mer do eng Tax envisagéieren, esou wéi aner Gemengen dat och virgesinn hunn. Ech ka mer virstellen, datt déi bei 500 Euro d'Joer kéint leien. An do gëtt da kontrolléiert, wien do drop geet. Et muss wéi doen, datt dee Patron, dee säin Aarbechter am Fong forcéiert fir d'Camionnette matzehuelen – well hie keng Plaz fir se ze stationéieren huet – op eemol en anere Wee muss goen an d'Camionnette eventuell bei sech hält. De Moment ass dat en Echange a mir gesinn dat op deene Plazen. Haaptsächlech op der Gare Péiteng, déi ass ganz dramatesch doranner, mä och op anere Plazen, déi e bësse méi ofgeleeë sinn, wéi de Parking um Fussballsterrain, gesi mer, datt mueres 6 bis 7 Parkplazen nach fräi sinn an de Rescht ass dee ganzen Dag besat, well do dee Co-Sharing, awer och deen Echange gemaach gëtt. Do musse mer also nei Weeër goen. Mir mussen do ëmdenken a méi konsequent virgoen. Och soll dee Park&Ride op der Rodanger Gare, mat 1.500 oder 1.700 Plazen, an deenen nächsten 3 Joer Realitéit ginn. Da kréie mer effektiv Loft an da kënne mer och aner Mesuren an och aner Kontrollen hei an der Gemeng maachen.

Problem "Rodanger Tanktourismus". Dat ass nach ëmmer e Problem. Ech fannen, datt d'Problematik net gutt ass, mä si ass awer net méi schlecht gi wéi virun engem Joer. Mir kënnen esouguer manner Tanktourismus do feststellen, dat ass och duerch Zuele beluecht, well de Mazout an der Belsch net méi

vill méi deier ass wéi hei, an duerch Bonifikatiounen, déi se do kréien, ass den Trafic manner grouss. Et stëmmt awer, datt nach ëmmer Chaos ass, haaptsächlech mëttwochs. Dat ass den Dag, wou den Tanktourismus am stäerksten ass a wou mer och stonneweis Fluktuatioune gesinn. En ass net besser doduerch, datt Longlaville seng Grenzen zougemaach huet. Sécherlech net. Mä et ass eng Problematik, déi mer schonn 100 mol erwähnt hunn, mat Bréiwer, mat Entrevuen, mam Ministère. Et ass de Ponts et Chaussées an de Ministère de développement durable, déi dofir zoustänneg sinn. Mir hu selwer als Gemeng Léisunge proposéiert, wou mer mengen, wéi et kéint besser goen. Mir sinn och averstane fir mat de Fransousen nach eng Kéier zesummenzekommen. Mir ware scho mat deenen am Ministère selwer, mir haten och de Préfet mat. Et waren allerhand Aktioune geholl ginn, mä bis elo hu mer ëmmer versprach kritt, et wier eppes ënnerwee. Mä et ass leider näischt ënnerwee. Wann et net besser gëtt, da sinn ech gären domatter averstanen, fir dem Gemengerot eng ëffentlech Protestaktioun ze proposéieren. Da maache mer och eng Kéier do e Gemengerot an der Strooss a mir weisen drop hin. Ech sinn deen éischten, déi mat geet dohinner. De Buergermeeschter soll d'Schärp undoen an da maache mer och e Gemengerot do a mir blockéieren d'Strooss a soen, elo geet et duer. Bon, da maache mer dat.

Reparatur vu Waasserleitungen. Do mengt der, eis Servicer wieren iwwerlaascht. Dozou kann den Här Mertzig iech vläicht eppes soen, well hie méi fir den Entretien zoustänneg ass. Ech kann iech nëmme just soen, datt déi Saachen, déi mir vun externe Firme maache loossen, déi eise Betrib net brauch ze maachen, ass d'Surveillance vun de Bassengen. Da maache mer eemol am Joer eng Inspektioun vu sämtleche Waasserleitungen, déi duerchgespullt ginn. Mir maachen och eng Fléck vun de Waasserleitunge vu baussen oder vu bannen, mat "inliner" duerch eng spezialiséiert Firma, woufir mer och e Koup Suen am Budget stoen hunn. Dat gëtt eemol am Joer gemaach.

Et stëmmt awer, datt mer och nach Gosseleitungen am Buedem leien hunn. A wann déi duerchgespullt sinn, dann dauert et heiansdo net laang, dann hu mer eng Fuite dran. Dat ass d'Konsequenz dovunner. D'Fuitte ginn natierlech vun eise Leit gefléckt. Mir sinn awer am gaangen e "contrat d'entretien et de maintenance" mat där Firma ze maachen, déi och botze kënnt, fir datt déi och kann agräifen an dee Moment eis Leit och kënnen e bëssen entlaaschten.

Eis Leit hu fir de Moment d'Waasserleitungen an de Stroossen ze maachen. Mir hunn awer de Moment keng grouss Schantercher. An der Belair-Strooss si se bal fäerdeg, an der Park-Strooss si se am gaangen ze schaffen a fir de Rescht si se mat de Fuitte beschäftegt. Wann dat der vill sinn, si se natierlech méi staark beusprocht. Mä si hunn nei Leit bäikritt a si sinn elo op deem Effektiv, dee se selwer gefrot hunn. Esou wäit et mir bekannt ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass esou, wéi den Här Breyer gesot huet. Laut Organigramm ass deen Service voll besat. Si sinn u mech erugetruede fir nei Gefierer ze kréien, elo virun de Budgetsdebatten. Et ass mer näischt zu Ouere komm fir nei Leit bäizekréien. An engem Betrib, wou Reparature gemaach ginn, ass et kloer, datt och heiansdo e bësse méi an heiansdo e bësse manner Aarbecht ufält. Et ass awer esou, datt mir eis déi Saach ëmmer ukucken, wa Leit sollten nogefrot ginn. Da mussen se eis dat och beleeën, wéi d'Opdeelung ass. An, wéi gesot, hei sinn effektiv keng zousätzlech Leit vun hinne selwer gefrot ginn.

Birtz Gaby (LSAP):

Ech soe Merci fir d'Äntwerten. Déi hu mech zefridde gestallt. Ech wollt awer nach zu de Camionnettë soen, datt d'Entrepreneuren effektiv sollten an d'Flicht geholl ginn. Et dierf awer och net vergiess ginn, datt den Entrepreneur net onbedéngt ëmmer d'Camionnette mat gëtt, fir datt en se lass ass. Et muss een och net vergiessen, datt – wa Schantercher hei ronderëm sinn – déi Jongen och net musse bis op Biekerech oder bis an d'Stad oder Sandweiler fueren, do hiren Auto wiesselen an d'Camionnette huelen an erëm erof op Esch op e Schantje kommen. Dat muss een och bedenken. Et ass net ëmmer just den Entrepreneur, deen eppes sicht fir d'Camionnetten ënnerdaach ze kréien. Mä e soll awer an d'Flicht geholl ginn, dat ass richteg.

Breyer Roland, Schäffen:

Si wäerten alleguerten zur Keess gebiede ginn. Ee bezilt an da fir watfir Grënn, dat mussen se dann ënnert sech ausmaachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Fir d'alleréischt wéilt ech dem Schäfferot an de Beamten, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, Merci soen. Ech géif awer op eenzel Punkten agoen.

Nodeems de Schäfferot eis Propositioun, fir den Alter fir d'Benotzer vum P-Bus erofzesetzen, ugeholl huet, fanne mir d'Iddi vun engem zweete P-Bus eng gutt Saach. Just wéilte mer weider Informatiounen, wéi, fir wien a wéini mer dësen zweete Bus asetzen.

Bei der Opzielung vun der Signalisation routière ass mer opgefall, datt keng nei "Smiley"-Panneauen derbäi stinn. Hei wollt ech froen, wéivill där Panneaue mir hunn a firwat net virgesinn ass fir neier ze kafen. Dës Panneaue si sënnvoll am Kader vun der Sécherheet vun eise Bierger.

Den Här Breyer huet dee leschte Freideg gesot, datt am Kader vun der Sécherheet fir d'Foussgänger eng besser a méi hell Beliichtung op den Iwwergäng zu Rodange a Lamadelaine fir 2017 virgesi sinn. Dës Acquisitioun schléit mat engem Chiffer vun 300.000 Euro zu Buch. Menges Wëssens no sollt dëst awer nëmme fir Rodange gëllen an net fir Rolleng. Kënnt dir mir dat confirméieren?

Beim Punkt "voirie vicinale" steet am Libellé "2017 – JUFA", ouni weider Explikatiounen. Firwat steet dat esou ouni Erklärung bei dësem Punkt?

Mir si frou, datt endlech – nodeems mir dat scho säi Joren ugeschwat hunn – Hondsstatioune mat Tuten an engem Dreckseemer op deenen eenzele Plazen installéiert goufen. Just Schued, datt – wa keng Tute méi dra sinn – dës net opgefëllt ginn, ausser bei der Morgue virum Kierfecht. An eisen Ae mécht et absolut kee Sënn, wa Leit awer keng Tute virfannen. Firwat ass dat nach ëmmer esou? Mir géifen et och gäre gesinn, datt de Schäfferot eng Kaart vun der Gemeng publizéiert, wou ee genee gesäit, wou dës Hondsstatioune stinn, wa se dann emol mat Tute gefëllt sinn, genee esou wéi déi mat de Spillplazen. An dës soll dann och public gemaach ginn.

Beim Punkt "sécurisation des sites scolaires, études des divers sites scolaires" wéilte mer gäre wëssen, wat domatter gemengt ass. Well ronderëm eis Schoulen aart dat Ganzt ëmmer méi am Chaos aus, virun allem well d'Kanner vu klengem u geléiert ginn, iwwer den Zebrastraifen ze goen an dann huele mer dës bei de Schoulen ewech, well an der Zone 30 keng méi virgesi sinn.

Beim Punkt "acquisition de terrains" steet fir 2017 am Libellé "extension site garage". Kënnt der mer soen, wat domatter gemengt ass?

Direkt hannendrun, beim Punkt "acquisition d'immeubles bâtis du secteur public" steet fir 2017 "acquisiton du Home St Remy et divers". Och hei wéilt ech eng Erklärung vum Schäfferot.

Bei “Piscine PiKo à Rodange: système de caisse” steet fir 2017 “régularisation du litige avec le fournisseur – 61.000 euros”. Kann de Schäfferot dem Gemengerot erklären, wat do virgefall ass, dass dee Montant esou héich ass?

An der Parkschoul zu Péiteng sti fir 2017 100.000 Euro am Budget fir eng weider Schoulklass an der fréierer Portierswunneng ze maachen. Firwat war dat net virgesinn, wéi di ganz Schoul renovéiert gouf? Wéini fänken déi Aarbechten un?

Madamm, dir Häre, dat wiere meng Froen zum Budget. Ech soen iech Merci fir d’Äntwerten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt eigentlech just op zwee Punkten agoen. Dat sinn d’Immobilientransaktiounen, déi am Budget 2017 virgesi sinn. Dat eent ass dee fir 2017, wou steet “acquisition de terrains – extension site garage”. Et ass zwar net nëmmen dat. Et steet nämlech an der Rubrik och, datt mer géifen Terraine kafe fir eventuell dat Lotissement “Neiwiss” ze maachen. Dat ass och 2017 virgesinn. Mä dir hutt Recht. Mir hu Verhandlungen am gaangen ze féieren, fir nach Terraine bäizekafen niewent eisem Terrain wou d’Gemengegaragë sollen hikommen. Et geet haaptsächlech do drëm, fir Terrainen ze kafen an eis déi néideg Plaz ze gi fir eis Gäertnerei. Do si mer awer nach net um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm, esou datt et elo vläicht ze fréi ass fir doriwwer ze schwätzen. Mir hunn op jiddwer Fall do eng gewëssen Zomm reservéiert, sollten dës Negociatioune positiv zu Enn kommen.

Wat “acquisition du Home St Remy et divers” ubelaangt, esou ass dat haaptsächlech den Home St Remy, an dat wousst der an dat stoung och schonn 2016 am Budget. Mir haten awer gesot, datt mer géifen d’Fäerdegstellung vum Scoutschalet ofwaarden éier mer den Home St Remy géife kafen, well fir de Moment d’Scouten nach do dra sinn a well mir et als Gemeng – wa mer et kafen – et kafe fir et ofzerappen a fir et ze integréieren an den Zentrum vu Rodange a fir esou eng besser Verbindung ze kréien tëscht dem Zentrum vu Rodange an der Neiwiss-Schoul. Dat ass de But dovunner. Mir wäerten awer Uganks 2017 déi Verhandlunge weiderféieren an dann dëst Gebai kafen. Mir ginn dovunner aus, datt Mëtt vum Joer de Scoutschalet am Doihl disponibel ass an da steet näischt entgéint, datt mer dann och déi néideg Demolitiouns-aarbechten do virhuelen. Dat ass dat, wat zu dësem Zäitpunkt gewosst ass. Mir hunn et an de Budget gesat a Viraussiicht vun deem, wat soll geschéien. Sollten awer déi Verhandlungen net positiv ausgoen, da ginn déi Suen, déi am Budget stinn, net gebraucht. Mä bei Immobilieverhandlungen ass et ëmmer esou, datt ee muss vun zwou Säiten averstane si fir et ze maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt 4 oder 5 Saachen ugeschwat, déi ënnert meng Ressorte falen. Beim P-Bus ass et esou, datt mer do Leit jo scho vu 65 Joer u mathuelen. Mir hunn och d’Zäite geännert, wéini datt e fiert. Haaptsächlech hu mer d’Deeg geännert. E fiert net méi samschdes, mä e fiert méindes, esou wéi d’Leit et och gäre gehat hätten. Mir hunn d’Statistike gekuckt a mir hunn déi de Wënsch no adaptéiert. Mir hu festgestallt, datt haaptsächlech dënschdes an donneschdes mëttes eng staark Demande do war vu Kanner, déi an der Maison Relais sinn, an déi vun do aus an d’Museksschoul oder an de Sport gefouert si ginn. Do waren e bësse Reklamatioune vun deenen eelere Leit, datt si net méi géife bäikommen an d’Waardenzäit méi héich wier. Mir hunn eis dunn decidéiert, fir en zweete Bus ab dem 1. Januar bäizehuelen, deen esouguer vläicht mat Elektro fiert an dee just da fir d’Kanner aus de Maisons Relaisen do ass fir déi Dépôten ze maachen. Dee Moment gëtt déi Kapassitéit erëm komplett fräi fir déi eeler Leit, oder déi handicapéiert Leit. A mir hoffen dann dee Moment erëm alles zur vollster Zefriddenheet kënne lafen ze dinn.

Zu de Smiley-Panneaue sief ze soen, datt der bestallt sinn. Mir haten se bei enger Firma bestallt, déi se net konnte liwweren a mer doduerch Verspéidung hunn. Et kommen nach 2 Smileyen dobäi, esou datt mer der dräi am Ganzen hunn, déi mer amovibel kënnen opstellen. Wa mer gesinn, datt mer Problemplazen hunn, da kënne mer se och definitiv installéieren. Et sinn nach Plazen net komplett ofgeschloss, wéi den Zentrum vu Rodange, wou et kee Wäert huet fir eppes Festes ze installéieren, well een net weess, wou gerannt gëtt. Do wou d’Leit Reklamatioune maachen, do gi mer da selwer dee Panneau dohinner setzen. A wat d’Leit heiansdo net gesinn a wat awer ganz efficace ass, dat ass eis Radars-këscht, déi mir selwer vun der Gemeng hunn. Déi ass net bekannt an ech wëll och net hei soen, wéi se ausgesäit. Si ass kleng an diskret an déi hänke mer dann op deene Plazen, an deene Stroossen op, wou anscheinend soll gerannt ginn. Ech hunn de Muere Reklamatiounen aus der Neistrooss vu Péiteng gehat, wou d’Leit gesot hunn, do géif gerannt ginn. Mir haten d’Këscht do eng Woch laang hänken an et ass dobäi erauskomm, datt 90% vun de Leit an de Limitte vun der 30er Zone leien. Et ass also net dat subjektiivt, heiansdo, wat zielt, mä dat objektiivt Gefill vun de Leit. A mat där Këscht kënne mer feststellen, wéini dass gerannt gëtt. Mir kréien dat enregistréiert a mir kënnen dat och weiderginn. Mir maachen dat ganz diskret – awer efficace – mat der Polizei zesummen, datt mer hinnen dann déi Donnéeë ginn. A wann dann zum Beispill ëmmer dënschdes mueres tëscht 8 an 9 Geräibers op där Stréck ass, da wäerte si och hir Kontrolle maachen. Mä där Smiley-Panneaue kommen nach dobäi.

Bei de Foussgängeriwwerweeër schwätze mer vu Rodange, Jo. Mä fir op Rodange ze kommen, musse mer awer e Stéck duerch Lamadelaine fueren. Dat ass esou ee Wutz, deen eriwwer geet, an do kommen der och 2 hin. Dat heescht am Ganze kommen der 13 dohinner. Et ass u sech déi ganz Streck, wann een iwwer d’Haaptstrooss bis op d’Rodanger Grenz géif fueren.

D’JUFA steet einfach esou dran, well mer fir de Moment net méi zur JUFA ze soen hunn. Mir sinn awer ganz zouversiichtlech. A wéi den Zoufall et wëll, huet mech de Mueren nach d’JUFA ugeruff. A si sinn am gaangen, hiren Timing, hir Hausaufgaben ze maachen. Hir Hausaufgabe gesinn esou aus, datt si nach dëst Joer sollen e kloert Konzept op den Dësch bréngen, wéi dee JUFA-Konzept kéint ausgesinn, wien investéiert a wéini datt se kéinten ufänken. A mir sinn nach ganz optimistesch – an ech op alle Fall - , datt mer dat virun der grousser Vakanz nach iergendwéi konkret hei am Gemengerot ze diskutéiere kréien. D’Viraarbechten hu mir gemaach. Dat ass de Wee, deen dohinner féiert, deen ass fäerdeg. Mir hunn dee jo e bësse verlängert, fir datt e bis un den Terrain JUFA erugeet. An do wäert nach eppes hannendru kommen, dovunner sinn ech iwwerzeegt.

D’Securisatioun ronderëm d’Schoulen, wou dir sot, et wier Chaos do. Et ass Chaos do, mä et ass geuerdente Chaos. Et ass net méi esou, wéi e war. Mir hu schonn e ganze Koup ënnerholl. De Chaos kënnt och net, well d’Signalisatioun net deementspriechend wier. De Chaos kënnt, well d’Eltere mengen, si missten hir Kanner bis an de Schoulhaff erafëieren. Do kënnt de Chaos hir an do musse mer eppes änneren. Mir kënne Schëlter, Barrièren a Polderen dohinner setzen, mä doduerch gëtt et net besser. Si fannen ëmmer e Wee fir hir Kanner bis an de Schoulhaff ze féieren. Mir mussen do effektiv méi Pädagogie nach maachen. An déi Signalisatioun, wou dir mengt, datt déi nach muss kommen, déi ass net esou efficace. D’Zone 30 huet – an do muss een

d'Zäit ofwaarden – an deem Joer, wou mer se hei zu Péiteng hunn, praktesch nach keen Accident mat sech bruecht. Et sinn ëmmer emol esou kleng Schréipsen dorëmmer gewiescht, awer näischt Gravéierendes. Et muss ee sech dru winnen, den Automobilist als Éischten, d'Kanner awer och. An d'Zone 30 ass geduecht, datt d'Kanner sollen iwwer d'Strooss kënne goen ouni Zebrasträifen. Dat ass ee vun de Konzepter vun der Zone 30. A mir mussen och emol eng Kéier agesinn, datt mer d'Kanner net kënnen an e léiwe Käfeg maachen, wou se dann aus der Schoul geschützt Heem kommen. Spéitstens wa se wëllen zu Fouss goen, a si sinn 100 Meter gaangen, da si se mam Verkéier confrontéiert. Et muss een se op d'Gefor vum Verkéier opmierksam maachen. Et kann een net iwwerall rout Luuchte maachen, et kann een net iwwerall Foussgängersträife maachen, mä et muss ee lues a lues d'Leit an d'Kanner dozou kréie fir opzepassen an een op deen anere Récksiicht ze huelen. Dat ass de Konzept vun der Zone 30 a beim "shared space" nach méi. Dee si mer jo och am gaangen anzeféieren an do musse mer méi d'Mentalitéit ännere wéi d'Stroosseverhältnisser oder d'Signalisatioun ze änneren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Den Här Scheuer huet haaptsächlech drop higewisen, wat d'Schoulpolitik ubelaangt. Do freet hie vun der fréierer Portierswunneng, wéini déi Aarbechten uginn a firwat déi net virgesi ware wéi d'ganz Schoul renovéiert gouf. Hei geet et jo haaptsächlech ëm d'Parkschoul, Här Scheuer. Dat lescht, wat an där Schoul gemaach ginn ass, war eng Mise en conformité. D'Schoul ass net ausgebaut gi gewiescht. Do ass reng eng Mise en conformité gemaach ginn, well mer do sollten Erneierunge bannendra maachen, an do hu jo verschiddene Aarbechten – op déi mer net agestallt waren – misste gemaach ginn. Déi lescht Vergréisserung vun där Schoul läit ongeféier awer bal eng 10 Joer zeréck. An deemools waren d'Usiichte vun der Schoul nach ganz anescht. Mir waren deemools deem no komm, wat gefrot war, a mir louchen och deemools nach ganz an der Moyenne vun deene Schoulklassen an deem Schoulraum, dee gebraucht gi war an der Parkschoul.

Wat elo déi fréier Portierswunneng ubelaangt, hu mer jo 1.000 Euro an de Budget gestallt. Mir sinn am gaangen d'Pläng auszeféieren, ze kucken, fir se op den Niveau ze kréie fir dat, wat mer kënne mat där dote Wunneng elo maachen. An da wäert ech denken, datt mer am nächste Gemengerot – ausganks Januar, uganks Februar – iech kënnen e Plang virleeën, wou mer dann är Matbestëmmung brauche fir déi Aarbechten da kënnen am Laf vum nächste Joer auszeféieren, fir datt mer fir d'Rentrée 2017/2018 op deem dote Stack an der Parkschoul neie Schoulraum kënne schafen. Ech rechne mat 2 bis 3 Säll, an dat géif eis hëllefe fir elo am Ufank hei zu Péiteng deem gerecht ze ginn, wat d'Léierpersonal eis freet.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech géif dann op d'Hondsstatiounen agoen. Effektiv hu mer déi bestallten Hondsstatiounen alleguerten opgeriicht. Déi nächst si schonn erëm bestallt, well déi awer relativ flotte Succès dobaussen hunn an och efficace sinn. Déi Saach mat den Tuten ass folgend: Mir hu gréisser Problemer mat eisem Fournisseur, deen eis momentan ëmmer nëmme kleng Quantitéite vun Tute liwwert. An dofir ass et effektiv bedauerlech, datt mer d'Statiounen net alleguerten opgefëllt hu fir de Moment. Mä wann d'Leit Tute brauchen, da kréien se der zu jiddwer Zäit – och a klenge Quantitéiten – an eisem Service écologique op der Gemeng.

Wou déi Hondsstatioune stinn, dorobber kommen ech gären an enger spéiderer Sëtzung zeréck. Awer de But wäert sinn, datt mer där an der ganzer Gemeng wäerten opriichten.

Bei der PiKo steet effektiv am Budget e Posten "système caisse – 61.000 euros". Do ass Folgendes geschitt. Dee Projet war dekontéiert, an do hu mer 3 Joer – nodeems de Projet dekontéiert war – nach elo kuerzfristeg Rechnungen erakritt, datt mer mat där Firma am Litige sinn. Mir mussen déi Saache préiwen, an dofir hu mer u sech emol virgesinn, déi 61.000 Euro, déi si eis nach froen, ze budgetiséieren, ob mer se brauchen oder net.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt den Här Breyer nach eppes froen zu de Smiley-Panneauen. Dir hutt gesot, datt der nach 2 bestallt gi sinn. Sinn déi amovibel?

Breyer Roland, Schäffen:

Jo.

Scheuer Romain (déi gréng):

OK. Well dir hat gesot, datt et kee Wäert hätt fir se zu Rodange ze stellen, well do jo nach de Schantjen ass. Mä wa se amovibel sinn, dann ass déi Saach an der Rei.

Dann nach eng Fro zu der Radarskëscht. Wann elo ee mengt, dobaussen, datt a senger Strooss ze séier gefuer gëtt, huet deen dann elo d'Recht bei iech ze kommen an ze froen, fir datt iwwer dee Wee eng Kontroll ka gemaach ginn?

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass elo net, datt mer all Kéiers virun der Hausdier Kontrolle maachen. Et muss schonn e Problem do sinn. Normalerweis leeën ech der Verkéierskommissioun déi Propositioune vir, wa mer eis gesinn. Anerefalls geet et an de Service technique an da gëtt gekuckt, ob nach aner Reklamatiounen dobanne sinn. Wa mer elo déi Propaganda maachen, a wann der mengt, virun ärer Dier géif gerannt ginn a mir setzen dann d'Këscht dohinner, da gi mer net méi fäerdeg. Et sinn d'Problemzonen, déi gekuckt ginn an déi och och bekannt sinn. An et ass heiansdo fir ze kucken, wéi de Flux vum Trafic ass, um wéi vill Auer, an dat ass heiansdo interessant. Wa keng Kontrolle vun der Polizei do sinn, oder vun eise Pecherten, da gëtt plazeweis gerannt, an do kënne mer da speziell Aktiounen emol ënnerhuelen. Also wa Leit mengen – ech soe "Leit", net "Een" – datt virun der Dier gerannt gëtt, da kënnen se dat duerchaus am Service technique mellen. Et gëtt vläicht net direkt kontrolléiert, mä et gëtt iergendwann kontrolléiert. De Moment ass déi Këscht andauernd ënnerwee. Mir haten se elo wéi laang an der Kuerstrooss hänken, an do hu mer ganz interessant Resultater kritt. Duerno hate mer se an der Rue Neuve, duerno geet se erëm an d'Nic. Biever-Strooss, asw. An do kann ee signaléieren, wann een d'Gefill huet, datt do gerannt gëtt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat d'Foussgängerweeër bei de Schoulen ugeschwat. Zebrasträifen ass esou eng Saach. Do kann een driwwer diskutéieren. Ech soen ëmmer – esou wéi ech et och am Text gesot hunn - , datt een d'Kanner léiert, fir iwwer den Zebrasträifen ze goen. Als Beispill huelen ech d'Eigent-Schoul zu Péiteng. Dir hutt Recht, wann der sot, datt d'Leit ëmmer méi mat den Autoe bei d'Schoule fueren. Mä wann ech gesinn, datt d'Personal aus de Maisons Relaise mat hire Kanner hin an hir ginn, si mussen am Zick Zack lafe fir datt se iwwerhaapt bei der Schoul ukommen, da wier et awer net schlecht gewiescht, wa mer deen Zebrasträife bei der Eigent-Schoul – entweder deen an der Pierre Hamer Strooss oder deen an där anerer Strooss – stoe gelooss hätten, fir datt se awer de Moyen gehat hätte fir iwwer d'Strooss ze goen. Och wann et d'Zone 30 ass – den Här Arendt hat dee Problem och schonn hei ënne bei der Park-Schoul ugeschwat – esou ass et awer en Thema,

iwwer dat een awer fir d'Sécherheet vun de Kanner kann diskutéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Et kann een ëmmer driwwer diskutéieren. Mä dir sidd jo selwer Member vun der Verkéierskommissioun, an dir wësst selwer, wéi d'Reglementer vun enger Zone 30 sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech sinn e Member an der Verkéierskommissioun, mä ech hu keen Afloss drop. Ech ka meng Meenung dozou soen, mä et sinn awer och nach aner Leit, déi mat decidéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass e Gesetz. Ech mengen, dir hutt de System vun der Zone 30 explizéiert kritt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Jo, mä et ginn och aner Gemengen, wou an enger Zone 30 et awer méiglech ass, fir dat ze maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Da sot mir emol konkret wat.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech soen iech dat an der Verkéierskommissioun, mä et sinn awer Méiglechkeeten do fir dat ze maachen. Oder maachen déi dat dann esou op hir eege Verantwortung? Dat ass dann eng aner Saach.

Breyer Roland, Schäffen:

Sot mir emol déi Fäll an da kucke mer dat no.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt nach e Wuert zu der Portierswunneng soen, Madamm Conter. Dir wësst, datt déi Problematik, datt mer Klassesäll brauchen, ëmmer méi grouss gëtt. Wou mer schonn an der Schoul geschafft hunn, hat ech geduecht, datt et méi einfach gewiescht wier, fir déi Aarbechten an engems ze maachen. Déi Aarbechte ginn awer elo an der Vakanzenzäit gemaach, wa se gemaach ginn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et gëtt zum Deel an der Vakanzenzäit geschafft. Dat hänkt elo ganz dovunner of, wéini di gréisser Aarbechten ukommen. An där dote Wunneng kann ee jo och schaffen, wann de Schoulservice leeft, ausser et gëtt gerappt a geklappt. Dat gëtt natierlech an de Vakanze gemaach. Mä deemools, wou d'Mise en conformité vun deem Gebai vu sech gaangen ass, war keng Demande do fir e méi héije Klasseraum. Mir mussen och bedenken, datt d'nächst Joer eng ganz aner Situatioun op eis duerkënnt. Wann d'Unterrechtsstonnen ewechfalen, da wäerte mer Klasseraim zur Verfügung hunn. Mir sinn de Moment am gaange fir souwisou eng gréisser Analys duerchzeféieren an eisem Service enseignement, fir ze kucken, wéivill Klasseraim mer de Moment zur Verfügung hunn, wéivill mer nach brauchen, wéi d'Demande ass. An deementspriechend wäerte mir, oder déi Ekipp, déi no de Walen do steet, sech mussen opstelle fir ze kucken, wéi et bei eis an der Gemeng mat de Schoulen ausgesäit. Et ass natierlech ëmmer esou, datt – wann ee gären nëmmen en Effektiv hätt vu 15 Kanner pro Klass – een och méi Klasseraum brauch. Fréier waren d'Klasse mat 20 bis 25 Kanner besat an do huet ee manner Schoulraum gebraucht. Haut ass de Trend deementspriechend, fir meng kleng Klassen ze hunn an da brauch een och méi Klasseraum. An deementspriechend wäerten och déi nächst Joren – mengen ech – d'Schoule mussen ëmgestallt ginn. Mä dat ass eng Saach vun deenen nächste Joren. Wann d'Analyse fäerdeg sinn, da wäert een dat emol gesinn. An da muss een och emol ausrechne fir ze kucken, wéi schnell wiisst eis Gemeng, wéi ass den Zougank vun eise Kanner. Well et geet net duer fir ze soen, mir kréien ëmmer méi Leit dobäi, et muss een och kucken, wéi vill Kanner kommen dobäi. An deementspriechend, wéi déi Analysen ausgesinn, esou kann ee sech duerno och opstelle fir neie Klasseraum ze schafen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dann hätt ech just nach eng Remark zu den Hondstuten ze maachen. Et ass schued, datt mer erëm eng Kéier e Problem mat engem Fournisseur hunn. Et ka jo net sinn, datt mer Poubellen do stoen hunn, bei deenen et extra virgesinn ass fir déi Tuten dran ze maachen. Da kuckt, fir déi Tuten ze kréien. Kënnt der mer just nach ee Gefale maachen? Kënnt der mam Fournisseur schwätzen, datt déi Sprooch, déi op den Tute steet, och esou ass, datt d'Leit se och verstinn? Obschonn d'Leit wëssen, datt déi Tute fir deen Zweck do sinn, hunn ech awer vu Leit eng Remark gemaach kritt, firwat mer esou eng Sprooch op deenen Tuten hätten.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kann iech doranner just Recht ginn. Ech mengen, dir sidd net deen eenzegen, deen déi dote Remarke gemaach kritt. Ech kann nëmme widderhuelen, datt et enorm bedauerlech ass, datt d'Situatioun esou ass. Mä, wéi gesot, et ass net eise Feeler. Et ass effektiv bedauerlech.

Scheuer Romain (déi gréng):

Denkt der dann och un d'Sprooch?

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech soen iech Merci fir d'Äntwerten.

Tockert Claude (DP):

Ufanks der Sëtzung wollt ech all deenen, déi un dem Ausschaffe vun dëse wichtegen Dokumenter bedeelegt waren, e grousse Merci ausschwätzen.

Als DP begréisse mer et, datt d'Verscholdung vun eiser Gemeng nees ëm knapp 2 Milliounen erof geet, an domatter d'Pro-Kapp-Verscholdung esou op 590 Euro fält.

Well am Zentrum vu Rodange geschwë mat de groussen Aarbechten ugefaange gëtt, fir de "shared space" ze verwierklechen, muss onbedéngt – an dat betounen ech – un eis Geschäftsleit geduecht ginn, an och datt genuch Parkplazen do sinn, déi net ze wäit ewech leien.

Mir hoffen allerdéngs och, datt et deemnächst net erëm zu enger Waasserpräiserhéijung kënnt, well déi sëllechen Taxen ëmmer nees op d'Käschte vun eise Bierger ginn.

Och wann dëse Budget Punkten enthält, deenen ech voll zoustëmmen, esou sinn och Punkten dran, déi ech e bëssen aneschters gesinn a wäert mech och – wéi schonns virun engem Joer – beim Vote enthalen. Ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Här Tockert, mir soen iech Merci fir är Interventioun. Dir ënnersträicht, wéi schonn zwee aner Virriedner – den Här Polfer an den Här Arendt – de Fait, datt mer eis Scholden nach emol ëm 2 Milliounen Euro reduzéieren, esou datt mer op engem Niveau ukomm si mat 590 Euro, wat en absolute Mindestbetrag ass, mat e puer Ausnamen. Ech mengen, et ginn nëmmen eng hallef Dose Gemengen hei am Land, déi

absolut keng Verscholdung hunn, well se eigentlech favoriséiert sinn duerch de Modus, wéi déi eenzel Gemengen hir Interventiounen um ICC, respektiv um Fonds de dotation de l'Etat krut hunn. Bei deene Gemengen, déi normal fonctionnéieren, hu mer en exzellent Resultat an ech soen iech Merci fir déi positiv Interpretatioun.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir schwätzt den Zentrum vu Rodange un, datt do eppes méi Attraktives soll geschéien. Mir denke ganz staark un d'Geschäftswelt, déi de Moment do ass, an och un déi, di an Zukunft nach soll dohinnerkommen, an datt se och déi néideg Attraktivitéit kréie mat Parkplazen. Mir hunn eis bei 75 Parkplazen an 2 Residenzen akaf, déi am Bau sinn oder deelweis elo kommen. Mir sinn am gaange fir e provisoresche Parking an der Proximitéit zum Zentrum anzeriichten, an esou – wa mer elo am Zentrum nach méi schaffen – deem entgéintzewierken. A mir wäerten och aner Mesurë maachen, fir de Geschäftsleit entgéintzekommen.

Dir hofft och, datt de Waasserpräis net an d'Luucht geet. Ech maachen opmierksam op d'Circulaire vum Inneminister, deen eis jo dat, wat mir proposéiert haten, erëm zeréckgeschéckt huet, well et him net wäit genuch geet. Mir hunn de System vum "pollueur/payeur" hei am Land. A wa mir déi Aufgab elo musse maachen, déi hien eis elo virgeschriwwen huet, dat heescht ganz genee d'Fakten op den Dësch leeë vun deene verschiddene Sparten, da wäerte mer feststellen, datt d'Ausgaben, déi mer als Gemeng hunn, méi héich si wéi d'Recetten. An da muss ee kucken, wéi d'Konsequenz dovunner ass.

Thein Joe (adr):

"*The budget should be balanced, the treasury should be refilled, public debt should be reduced, the arrogance of officialdom should be tempered and controlled, and the assistance to foreign lands should be curtailed lest Rome fall.*"

Dëst Zitat, dat dem Cicero als ee Leetgedanken zougeschriwwe gëtt, schéngt selbstverständlech. Net awer esou, fir d'CSV-gefouert Aalparteiekoalitioun mat hirem Haushalt. Wéi all Joers, goufen ons d'Budgetsanalys an d'Gesamtsituatioun vun der Péitenger Gemeng mat subjektiver an egozentrescher Selbstluefrhetorik, Applaus a Schëllerklappen zum Beschte ginn, an onverbesserlech gëtt gemengt, d'Gemeng aus dem Billerbuch realiséiert ze hunn, d'Bild vun der sougenannter „perfekter Gemeng", Péiteng besser beschriwwen, wéi den ideale Staat am Platon senger „Politeia". Bei rationeller, éierlecher a korrekter Analys vun der CSV-LSAP Integralpolitik, bréckelt d'jolie fassade awer ferm, well dat hei onverkennbar, een ideologesche Make-up op d'Realitéit ass, a mir als adr soen, haalt op d'Leit ze lénken, d'Mëssstänn ze ëmschreiwen, oder d'Problemer ze ëmgoen. Wie gleeft, de Budget wier gesond an d'Politik virbildlech esou, dee gleeft och un de Kleeschen.

Sécherlech, ass d'Comptabilitéit richteg, a selbstverständlech soe mir dofir och allen involvéierte Gemengeservicer, déi vill Zäit, vill Professionalitéit, a vill Aarbecht an d'Opstelle vum Budget investéiert hunn, fir dës, sou detailléiert a strukturéiert Haushaltsgrondlag, villmools Merci. D'reellt Verständnis dovunner läit allerdéngs der politescher Interpretatioun vun Iech fern, an als adr si mir dofir hei, fir Iech eng Géigepositioun ze ginn. Mir wëllen, datt de Bierger weess, wéi d'adr politesch zum Aalparteieclan steet, a woufir mir net d'accord mat deem sinn, wat hei verzielt gëtt.

Mir hunn hei zwou Parteien, d'Chrëschtlechsozial Volleksspartei an d'Sozialistesch Partei, déi sech d'Gemeng net just parteiesch zu Eege gemaach hunn, mä déi mat hirem Numm och representativ fir d'Gemengeschold stinn. D'Aalparteien droen d'Verantwortung fir hir desastréis finanzpolitesch Situatioun an d'Problemer an anere gemengepoliteschen Dossieren. D'Gemengeschold beleeft sech op 10,73 Milliounen Euro oder 590 Euro pro Kapp, an d'Aalparteien hunn d'ganz Mandatsperiod, an och d'Jore virdrun, op enger Scholdelaascht opgebaut a Gesamtverschëldung kreéiert, dëst och mat jovialer Ënnerstëtzung vu grénger a bloer Participatioun an de Koalitiounsjoren. Et kann een net vun engem "positive Budget" schwätzen, wann ee weess, datt dësen um Scholdebockel vun de Leit, de Steierzueler, den Awunner gedroe gëtt, an d'Péitenger Gemengevollek domat onfräiwëlleg zum Bierg vun der Affär gëtt. Hei loung dach kloer d'politesch Prioritéit. Jiddefalls wier den Ofbau vun der Gemengeschold, een equilibréierte Budget, an ee verantwortungsvollen Invest an d'Gemeng, fir d'adr eng Prioritéit. De quasi lächerleche Réckgang vun der Gesamtverschëldung vu just 1,8 Milliounen Euro, léisst een dofir getrouscht d'Finanzpolitik vun der Aalparteiekoalitioun a Fro stellen. Och beim Wëssen ëm d'analog Strategie vun dëser Koalitioun, déi op weidere Populatiounswuesstem setzt an alt erëm Steiererhéijungen als Mëttel zum Zweck an d'Ae faasst, d'Schreckensdecisiounen och op nationalem Niveau mam Ofbau vun der Gemengenautonomie an d'Finanzsituatioun vum Zentralstaat, da muss ee soen, datt et fir d'Gemeng nach eng elle Noss gëtt. Fir dee Populatiounswuesstem, un dem d'Gemeng déckkäppeg festhält, ass weder Plaz, nach Kapassitéit, Ressourcen a Moyenen do, a weist eis schonns haut a senge reellen Zuelen, datt eng Gesamtpopulatioun mat 18.000 Leit, dovu 50% Auslänner an 100 verschiddene Nationalitéiten, immens Erausfuerderunge sinn. D'Gemeng wëll wuessen an zoubauen, fir d'Geld vum Staat ze kasséieren – méi Awunner, bedeit och méi Subsiden – a niewesächlech huet de Schäfferot d'Ambitioun, fir mam Knacke vun der Populatiounsmark de Wee fir zwee weider Gemengeréit fräi ze maachen, fir do d'CSV z'installéieren.

Jiddereen hei weess, datt d'kommunal Taxen, a besonnesch d'Grondsteier an d'Gewerbesteier, nieft der Speisung aus dem Fond communal de dotation financière, d'kommunal Subsiden an d'Bedeelegung um Klima- Wunnengsbaupakt, d'Haaptbudgetsressource fir d'Gemeng sinn. Mir wëllen dowéinst eng gerecht a fair Steierpolitik mat de lokale Betriber a wat den Eegentum u Grond a Buedem ugeet, wou souwuel d'Einname fir d'Gemeng garantéiert sinn an dës ekonomesch progresséiert, bei gläichzäiteg niddreger a liewensgerechter Taxepolitik fir d'Ottonormalbierger an hirem Alldagsliewen. Mir kritiséieren d'Taxenaugmentatiounen, déi permanent als Noutléisung zur Matfinanzéierung vun der Gemengepolitik déngen, a wëllen d'Gemeng net bei hirer Philosophie ënnerstëtzen, d'Gemeng deier ze maachen. Mir plädéieren z.B. och fir e soziale Waasserpräis an een eenheetleche gratis Wassersockel pro Kapp a Joer.

Da gesäit d'Reform vun de Gemengefinanze vir, bis 2021 ee Finanzausgläich tëscht de Gemengen am Land erbäi ze féieren. Hei géinge keng Ännerunge bei den Haapteinnamequelle geschéien, a mam „Fond de Dotation global" (FDG) géing e Fong an d'Liewe geruff ginn, deen den ICC (Impôt commercial communal) an den FCDF (Fond communal de dotation financière) regroupéiert fir uschléissend, mat engem Verdeelungsschlëssel no fënnef Kritären d'Geld un d'Gemengen ze distribuéieren. Als klenge Rappell: d'population rectifiée mat 82%, d'emplois salariés mat 3%, dem indice socio-économique mat 9-10%, z.B. de Chômage an d'Duerchschnëttspaien, d'surface rectifié mat 5%, also gemengenterritorial Fläch an d'Populatiounszuel, an zulescht 1.500 € pro logements sociaux.

D'adr leent d'nei Reform national als ongerechte System of, rappelléiert trotzdem, datt d'Gemeng Péiteng op d'Käpp vun

de Landgemengen am Norden an Osten awer wuel als Gewënner ervirgeet. Notamment d'Berechnung vun der Direction des Finances Communales - an hei geet et jo ëm Péiteng - an hirer entspriechender Simulatioun, ass och no der Reform fir Péiteng, eng „Dotation forfaitaire" vun 300.000 € virgesäit, ee plus am „avoir disponible" vun 2.411,68 € pro Awunner oder iwwer 43 Milliounen € am Total. Ausserdeem wäert d'Gemeng mat +3,15% méi Nettorecetten op 42 Millioune beim Entfale vu 4.706.000 Euro Chargen am Enseignement fondamentale, mat vun der Partie sinn. Mir bieden d'Gemeng dowéinst och ze soen, datt hir Finanzpolitik vun der Mandatsperiod nach a kenger Relatioun zur Gemengefinanzreform steet, well d'Inkrafttrieden den 1. Januar 2017 virgesinn ass, a soumat also nach keng Geldtransferte geschitt sinn, an d'Gemeng och mat Pluspunkten hei rechne kann. Fir de Gemengebudget selwer, gëllt och ze soen, datt d'Resultéiere vum ordinäre Budget am Boni mat 9.482.000 Euro notamment op d'Clôture mat 12.387.000 Euro d'Joer virdrun, zeréck weist.

Och d'Berécksiichtegung, datt all d'extraordinär Servicer, also de Budget extraordinaire, géigewäerteg defizitär ass, spigelt sech am ordinäre Budget net erëm, wëssend awer, datt héich Zommen als „coûts suppléments" existéieren, an d'ordinär Finanzsituatioun parallel am Zesummenhang mat der extraordinärer Partie steet. Och weist ons de Budget 2017, datt mam Sénke vun der ordinärer Recettesäit an dem Klamme vun de Bruttodepensen, par Rapport zu de Budgete virdrun, eng negativ Entwécklungstendenz am gaangen ass. De Moment schloen och zwee vun de gréisste Projeten, de Grand-Bis an d'Gemengegaragen, nach net zu Buch, well dës net an der Mandatsperiod realiséiert goufen an d'fortlafend Käschte fir all aner Projeten an der Maach, sollten net vergiess ginn. Och droen d'Ausgabe vun 21,6 Milliounen Euro an der Educatioun géintiwwer bal just der Halschent am Sozialberäich, engem gesonden Equiliber vu sozio-edukativen Aufgaben, kengeswees Rechnung, a mat 13,7 Milliounen Euro dëst Joer, bei 38 Milliounen Euro an der Gesamtheet fir d'Infrastruktur an d'Stroossen, also ee gréissere Problemdossier, hu vill Awunner aus eiser Gemeng sech laang fir hir Liewensqualitéit misse gedëllegen. Och hei spillen d'Politiker gären d'Sanéierungsinitiativ als Wahljoker, fir de Leit e puer Méint virum Wahltermäin d'sanéiert Image vun der Gemeng ze presentéieren.

Dir Dammen, dir Häre Conseilleren,

Mat dëser Budgetsdebatt haut, geet d'Mandatsperiod 2011/2017 symbolesch op hiert Enn, wuelwëssend, datt d'adr souwuel politesch ewéi budgetär, bis zum geneeën Zäitpunkt vun de Gemengerotswahlen am Oktober, iwwert d'Politik vun den Aalparteie waacht an d'Politik woort fir déi si als adr steet, fir sech dann no sechs Joer engagéierter politescher Aarbecht, am gudde Wëssen a Gewëssen ëm ons politesch Aufgab, an am Interessi fir d'Wuel an d'Zukunft vun eiser Gemeng, nees als Alternativ zum Aalparteieclan, an als Reformkorrektiv vun der Scholden- a Problematiken, dem Péitenger Gemengevollek zur Wiel ubitt.

D'adr huet an alle Budgetsdebatte vun der Mandatsperiod a besonnesch an der fondéierter an detailléierter Ried zum Budget vum 14. Dezember d'lescht Joer een explizitten Exkurs an d'Gemengepolitik gewot, an lech hei, all eis punktuell Messagen zu enger alternativer Budgetspolitik justifiéiert. D'adr gouf hirer Aufgab als Oppositiounspartei an der Mandatsperiod voll a ganz gerecht, si dréit de Merite vun der aktiivster Partei, mat de meeschte schréftleche Gemengefroen un de Schäfferot, nieft hire mëndlechen Interventiounen. Nodeems ech virdrun d'allgemeng Finanzsituatioun vun dësem Joer, an och d'integral Mandatsperiod kommentéiert hunn, a well alles dat noliesbar a nolauschterbar ass, an alles selbstverständlech ëmmer nach gëlteg ass, wollt ech haut d'Zäit notzen, e puer konkret Kapitelen zum Budget, déi ons um Häerz leien, nach unzeschwätzen.

Integratioun an Immigratioun

An der Budgetsdebatt ass, bis eng genannten Zomm vun "10.000 €" vum Här Breyer, an der Ausso datt mir iwwer "50% Auslännerkanner hunn, an ons entspriechend adaptéiere missten" vun der Madamm Conter null iwwert d'Integratiounspolitik verzielt ginn. Als adr sti mir awer fir eng vollwäerteg Integratiounspolitik, wou d'Lëtzebuerger Sprooch an de Verdéngscht vun der Nationalitéit am Mëttelpunkt vum Integratiounsprozess stinn. Net d'Lëtzebuerger musse sech integréieren, net d'Gemeng sech entspriechend nei revolutionéieren. Et ass d'Aufgab vun der Gemeng, d'sozialistescht Gespenst vum Internationalismus ze verjoen, an d'Integratiounskommissioun an d'Integratiounspolitik op de Piliere vu nationalem Intressi ze reorganiséieren. Et gëtt héich Zäit, datt d'Integratiounspolitik en héije Rang an der Gemengepolitik kritt, well d'Gemeng ass de Motor, an déi primär Ulafstell als Verwaltungs- a Vernetzungsorgan vu Bierger, Gesetz a Politik. Méi wéi jee virdrun, ass d'Integratiounspolitik, nieft de Gemengefinanzen, ee vun de wichtegsten, gemengepoliteschen Themen. Hei feelt et der Gemeng un ausser-gewéinlech instruktiven a fruktive Konzepter a Programmer, nieft der Offer vu Sproochecoursen. Am selwechte Kontext, wär et och nennenswäert gewiescht, d'aktuell Flüchtlingspolitik an d'Zouwanderung zum Thema ze maachen. Fir d'Kapitel Integratioun huet d'adr eng helle Wull Virschléi a Schreiwessen un lech vermëttelt, e.a. nennenswäert, d'adr-Interpellatioun zur Flüchtlingspolitik den 1. Februar dëses Joers.

Sécherheet

Och iwwert d'Sécherheet an d'Uerdnung an der Péitenger Gemeng huet de Schäfferot keng Invester a Pläng verroden. Mat Referenz op d'Schreiwes vum 20. August 2016, rifft d'adr dowéinst och gären hir Gemengefro zur Kriminalitéitsstatistik an Erënnerung, wou d'Faktelag ons Positioune confirméiert huet. D'Gemeng Péiteng war ze oft am Fokus vu kriminellen oder gesetzeswiddregen Aktivitéiten, déi och an der Press fir Schlagzeile gesuergt hunn. Fir datt d'Gemeng e gudden Numm huet, an d'Bierger d'Recht hunn, sécher a friddlech ze liewen, fuerdert d'adr och hei Konzepter fir méi Sécherheet. Fir d'Sécherheet an d'Uerdnung an de Respekt virun eise Gemengegesetzer, gesi mir d'Police, d'Pecherten, d'Fräiwëllegendéngschter an d'Streetworkeren als wichteg Instanze fir dës Aufgab.

Educatioun a Famill

Och d'Educatioun ass ee wichtege Kompetenzberäich vun der Gemeng. Och hei vermësst d'adr eng erfollegräich Educatioun, mat Bildungsqualitéit an der Grondschoul, ee leeschtungsorientéiert Schoulwiesen an eng gutt Vermëttlung vun Allgemengbildung a Kulturbewosstsinn. D'Gemeng soll hire Schoulprogramm entwéckelen an hiert Matsproocherecht wouer huelen, fir de Kanner eng gutt Schoul unzebidden. Als adr doe mir vermëssen, datt d'Schoulpolitik net genuch am Virdergrond steet, obwuel d'Educatioun och e lokale Sujet ass. Zäitgläich muss een op de familljepolitesche Plang vun der Gemeng ze schwätze kommen. D'adr gesäit an de Crèchen e kommunaalt Betreiungsorgan fir d'Familljen, plädéiert awer gären op méi finanziell Ënnerstëtzung fir Familljen, déi nach dem traditionellen Erzéiungsmodell doheem noginn. Fir ons ass "Hausmamm" sinn ee Beruff, an de Staat sollt sech wäitgehend aus der erzéierescher Aufgab eraushalen. Och hei misst méi gemaach ginn, datt d'Leit Aarbecht an Erzéiung besser ënnert een Hutt kréien. Vun Investitioun an d'Familljen, huet een och kee Wuert héieren.

Aarbecht a Soziales

Och an der d'Aarbechtspolitik, fir déi d'Gemeng suergt, huet ee keng konkret Plädoyeren héieren, wéi sech d'Gemeng am Gesamtintressi vum Ofbau vum Chômage am Land engagéiert. Sécherlech huet d'Gemeng eng ganz Rei Posten ausgeschriwwen, Gemengepersonal an Educateuren agestallt, oder verschidden Aarbechtsmesurë geschaf, trotzdem feelt et un Emploi an d'Efforte gi net wäit genuch. Hei muss d'Gemeng den dreiwende sozialpolitesche Motor sinn, fir nees d'Kreéiere vun Aarbechtsplazen a Geschäftsliewen, d'Kreatioun vu lokale Kleng- a Mëttelentreprisen, dem „Tante Emma Buttek", an d'Stäerkung vum Handwierk. Mat der Aarbecht verbonnen ass natierlech och d'Sozialpolitik, wou ëmmer méi Leit, nieft der Sich no Aarbecht, och un der Deierecht vun der Gemeng, den Immobilien an dem Loyer an de Präisser vum Alldag kapituléieren. Hei muss de Budget am Sozialberäich an d'Luucht gesat ginn, fir méi a Richtung Sozialpolitik ze maachen. Mat der Existenz vum Office sociale, dem Cent Buttek an dem „repas sur roues" si méi Initiativen op lokalem Niveau gefuerdert.

Dir Dammen, dir Häre Conseilleren,

Well dir Iech d'lescht Joer esou gelangweilt hutt, a meng Ried Iech ze laang an ze komplizéiert wor, d'Politik Iech och net esou wierklech intresséiert, an dir och am Allerléifsten eng Story mat Happy End vun der rosarouder Gemeng géingt héieren, hunn ech mir geduecht, fir Iech fir déi lescht Budgetsdebatt, eppes aus eisem Pefferkär hei ze verzielen, an domat d'lokalpolitesch Problemer – ma jo – ze resuméieren. Hei ass en.

Zitat:

"[…] *Haut stelle sech Problemer vum ongebremste Populatiounswuësstem, Non-Stop Immigratioun an Integratiounsversoen am Kontext vu Lëtzebuerger Sprooch a Nationalitéit, anarcheschem Frontalierstraffic an Enkpäss op eisem Territoire, sozialer Nout an Dekadenz vum Mëttelstand a Klengbiergertum mam logesche Klamme vun der Aarbechtslosegkeet, allgemeng, ee Feele vu Plaz, Ressourcen, Kapazitéiten, Moyen'en a Liewensqualitéit fir Jiddereen. Aner Phänomener a Begleederschéngunge, sinn d'Augmentatioun vun der Kriminalitéit an ëmmer méi Verstéiss géint d'Gesetzer, d'Erhéijung vun de Gemengentaxen, d'Verbaue vun all klenger Plaz Natur, Wunnengsnout verbonne mat extremen Immobiliepräisser, a notamment d'Verschëldung vun der Gemeng,* […]"

D'adr steet lokalpolitesch fir Reformen. D'adr wäert an noer Zukunft och hire Gemengewahlprogramm public maachen. E wäert ganz sécher och eng Reaktioun op d'Koalitiounspolitik an d'Bugdete sinn. Ëmmer da wa mir als adr vu gesonde Gemengefinanze schwätzen, propperem Haushalt a nidderege Steieren an Taxen, nohaltegen Investitiounen ouni Scholdelaascht a Sueverbëtzen, fir eng Brems am Populatiounswuesstem, fir Immigratiounskontroll an Integratiounsförderung, fir ee clevert Verkéierskonzept fir d'Entlaaschtung vum Trafic, fir d'Schafung vun Aarbecht op sozialer Grondlag a sozial-erschwénglechem Wunnraum, fir ee léierräicht a gutt Schoulwiesen, fir Liewensqualitéit an der Gemeng a fir eng Gemeng a Sécherheet, da wësst Dir, datt dëst Prinzipie vun der adr sinn.

Mat der Erëmwiel vun der adr an de Péitenger Gemengerot ass garantéiert, datt d'Problemer, d'Suergen, d'Ängscht an d'Interesse vun all eise Bierger allgéigewäerteg eng Lobby hunn, an d'Déckkäppegkeet vun den Aalparteie gestrooft gëtt. D'adr verséchert a versprécht Iech, datt mat hir keen Interêt méi lénks leie gelooss gëtt. A wann ech soe lénks, da mengen ech och lénks, do, wou sech all d'Parteien, bannen a bausse vum Gemengerot, politesch situéieren a positionéieren. D'Leit solle wëssen, datt all dës Parteien, vun CSV bis d'Kommunisten, déi selwecht lénkspolitesch Agenda vertrieden. An dofir plädéieren dës Parteien, also Dir, och ëmmer sou gäre géint d'adr, wa mir am Bekenntnis zu eisem Numm an eise Faarwen, Politik maachen. Wien net lénks denkt, dee weess, datt d'adr seng politesch Heemecht ass – d'Partei fir all patrioteschen, konservativen, sozialen a klassesch liberale Mënsch.

Well alles gesot ass, wat ze soen ass, mir Iech sechs Joer laang mat eiser Politik op d'Mëssstänn opmierksam gemaach hunn, an elo de Wieler dat lescht Wuert huet, mécht d'adr gären hei Schluss. Mir soen Iech, léif Kollegen, dem Gemengen- a Schäfferot Merci fir déi vill politesch Debatten an der Mandatsperiod 2011-2017, mä mir an d'Leit mierken ons och d'Detailer am Ëmgang mat der adr hei am héijen Haus, z.B. d'Confisquéiere vun eisem Lëtzebuerger Dëschfändel, d'Ausschalte vum Pultmikro, an déi sëllech ondiplomatesch Betitelunge géint ons.

Dat allerlescht Wuert geet un d'adr Sektioun Péiteng an eis Wielerschaft. Hinne vun dëser Plaz aus villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung an hiert Vertrauen a mech, als hire gewielte Gemengeconseiller. Ech verspriechen, d'adr als Spëtzekandidat erfollegräich a staark an de nofolgende Gemengerot ze féieren. Mat der adr geet et souverän an d'politesch Offensiv!

Selbstverständlech a ganz sécher, stëmmt d'adr och dëse leschte Budget net.

Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, dir Dammen an Häre Conseilleren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci Här Thein, fir är Interventioun. Ech wousst net, datt mer elo an enger Wahlversammlung wiere vum adr. Ech hat geduecht, mir wieren am Gemengerot, fir eis ëm de Budget ze bekëmmeren. Dofir wëll ech mech eigentlech just op dat beschränken, wat sech op de Budget concernéiert an de Rescht – wou mer eis Wahlversammlung preparéiert hunn – iwwerloosse mer anere Leit fir do matzeschwätzen.

Ech géif zwar ganz gären op déi englesch Introductioun zeréckkommen, déi der gemaach hutt, an ech wollt Folgendes soen:

"The budget should be balanced", ech mengen, en ass "balanced", oder si mer am Defizit am Enn vun der Period? Ech hat d'Impressioun, mir hätten am Enn vun der Period 9,4 Milliounen Euro Plus. Da misste mer jo eigentlech "balanced" sinn.

"The treasury should be refilled". 15,7 Millioune sinn Enn vun dëser Period an der Tresorerie. Bon, et kann een nach fëllen. Et kann een der 40, 50 oder 60 draleeën, mä ech mengen, fir eng Péitenger Gemeng ass dat schonn exemplaresch.

"Public debt should be reduced". Mir hunn d'Scholden an deene leschten 13 Joer – ech weess net, ob dir net nogelauschtert hat de leschte Freideg – ëm 27,4 Milliounen Euro, vun 38 op 10,7 Milliounen Euro reduzéiert, an an deene leschten 13 Joer ass kee supplementaren Euro geléint ginn. Ech mengen, dat muss een einfach emol eng Kéier zur Kenntnis huelen. Et kann een nach ëmmer driwwer weider spannen, ob een net nach muss manner léine wéi näischt léinen, mä ech mengen, dat ass awer e Fakt. An ech mengen, alles wat dir elo gesot hutt, ass alles schéin a gutt, an do hutt der Recht, d'Comptabilitéit ass richteg. An d'Comptabilitéit seet, minus 27,4 Milliounen Euro, wat eis Gemengeschold ubelaangt an deene leschten 13 Joer. Minus ronn 12

Milliounen Euro vun dëser CSV-LSAP-Koalitioun, déi an deene leschte 6 Joer regéiert huet. Dat ass keng Verschëldungspolitik, déi mer maachen. Mir ginn zeréck ëm 12 Milliounen Euro, eleng an deene leschte 6 Joer. Dat heescht, den Ofbau vun der Gemengeschold, den equilibréierte Budget an e verantwortlechen Invest – wat d'adr fuerdert – ass an deene leschte 6 Joer gemaach ginn. Dat ass op jiddwer Fall eis Meenung, an d'Chiffere léien an dësem Kontext net.

Da schwätzt der vum Populatiounswuesstem. Dat schéngt mer net esou ze sinn, datt d'Gemeng déckkäppeg un deem Populatiounswuesstem festhält. Dee Populatiounswuesstem kënnt eigentlech vum selwen. An dat ass vläicht e gutt Zeeche fir eng Gemeng Péiteng, wann esou vill Leit wëllen op Péiteng wunne kommen. Dat bedeit, datt d'Liewensqualitéit jo muss héich sinn, well soss géifen d'Leit jo net onbedéngt op Péiteng wunne kommen. An ech muss och soen, datt dee Populatiounswuesstem sech net eleng op Péiteng bezitt – well esou gutt si mer guer net, datt jidderee wëll op Péiteng eleng kommen, mä et ass e generelle Faktum am ganze Land, an op deen eise Wuelstand opbaut. Dat muss ee sech och bewosst sinn, ouni datt ech elo déi Politik vun der aktueller Regierung am Fong wëll ënnerstëtzen. Ech wëll ganz kloer soen, datt dat doten dat ass, wat sécherlech mer brauchen – ob een et gutt oder net gutt fënnt – fir déi vill Aarbechtsplazen – an dir wëllt der jo nach méi schafen, wann ech dat liesen, wat nach hei hannendru steet, a wat déi vill Aarbechtsplaze freet.

Eis geet et hei net drëm, fir nach 2 weider Leit op den Dësch hei ze kréien. Mir hu genuch Leit hei um Dësch sëtzen, an ech géif och mengen, datt mer der genuch hu mat 17.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn der schonn ze vill.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Du mengs, mir hätten der schonn ze vill, dat kann och sinn. Mä mat 17 Leit gi mer gutt eens. Mir sinn elo guer net drop aus, fir op 19 ze klammen.

Dann kommen ech op déi ganz Reform vun de Gemengefinanzen ze schwätzen, wou der dee Finanzausgläich uschwätzt. Ech weess net, wat dat mat Péiteng ze dinn huet. Mir sinn net eng vun deene Gemengen, déi e Finanzausgläich kritt. Dir sot, mir wieren eng vun deene Gemengen, déi besser ewech kommen. Dir braucht nëmmen ze kucken – an do war jo esou eng schéi Landkaart – wou mir do leie mat der Pro-Kapp-Einnam. An dat ass net onbedéngt am ieweschte Peloton. Dir schwätzt hei den Norden an den Osten un. Ma et si ganz vill Gemengen am Norden an am Osten, déi pro Kapp wesentlech méi kréie wéi d'Péitenger Gemeng. Esou datt een net onbedéngt ka soen, datt mir elo dee grousse Gewënner do sinn. Mir sinn – an dat hat ech och erkläert, an dat ass och vläicht e bësse méi komplizéiert – eigentlech, wat de Verdeelungsschlëssel ubelaangt, Verléierer an dëser Reform. Mir si vläicht am Globale Gewënner. Dir hutt Recht, déi 3,15 % – déi hat ech jo selwer och de leschte Freideg zitéiert – ass richteg. Mä déi ass nëmmen doduerch komm, well d'Regierung 90 Milliioune méi an de "Fonds de dotation globale" drasetzt. Wann dat net de Fall gewiescht wier, da wiere mer am Minus. Mir sinn eigentlech nëmmen duerch dee Faktor Netto-Gewënner, wéi déi meescht Gemengen, mat Ausnam vun 31 Gemengen, déi Verléierer sinn. Mä wann een dat kuckt a vergläicht, da leien déi Gemengen aus dem Norden nach pro Kapp méi héich wéi d'Gemeng Péiteng. A mat 2.411 leie mer wierklech am leschten Drëttel vun deenen, déi aus deem "Fonds de dotation globale" Suen erauskréien.

Mä dat ass och – mengen ech – net dat Wesentlecht an deem Ganzen. Wesentlech ass an deem Ganzen, ob déi Reform do korrekt ass. An do sinn an där Reform – an déi hunn ech jo och e bëssen déi leschte Kéier opgezielt – eng ganz Partie Ongereimtheeten, déi net mat Zuelen dokumentéiert sinn. An dofir ginn ech iech Recht, an do kann ech iech nëmme mat ärer Meenung ënnerstëtzen, datt ech do och déi nei Reform net gutt fannen, an datt do och nach muenches misst geännert ginn, fir datt dat eng optimal Reform ass. Näischt verhënnert, datt een awer muss – an dat muss ee mat aller Korrektheet soen – deem aktuellen Inneminister zougestoen, datt en eppes gemaach huet.

Da kommen ech zu eppes, wat ech guer net richteg verstinn. Dir schreift ee Moment vun "ordinärem Budget", deen e Boni huet vun 9,4 op 12,3. Déi Chifferen, déi dir do bréngt, hunn näischt mam ordinäre Budget ze dinn. Dat ass de "boni final". Dat ass den ordinären an extraordinäre Budget zesummen. Dat heescht, do hutt der eppes matenee vermëscht. Effektiv, de "résultat final" am Rectifié läit 2016 bei 12,387 Milliounen Euro an am "budget final" 2017 läit e bei 9,482 Milliounen. An dat ass eigentlech ëmmer esou héich. Déi 9,482 hate mer nach ni. Dat heescht, dat ass ëmmer esou, datt am Budget déi Zomme méi niddereg wäerte leien, wéi wa se duerno "finalement" ofgeschloss sinn am Kont. An dat ass einfach doduerch bedéngt, datt eng Rei Projeten awer net esou am ordinäre Budget viruginn, wéi ee sech dat virgestallt hat, an datt déi Ausgaben op dat Joer drop reportéiert ginn. Dat wëll awer vun der Ausso absolut näischt soen, well dat seet eigentlech net ganz vill aus. Dofir mengen ech, do hutt der eigentlech d'Saachen e bëssen duerchernee gehäit.

Esou wéi der och do iergendwou schreift "Och droen d'Ausgabe vun 21,6 Milliounen Euro an der Educatioun géintiwwer bal just der Halschent am Sozialberäich ...", dat ass och den extraordinäre Budget. Dat ass net op de Budget vun 2017 bezunn. Dat ass op dee ganzen Domaine bezunn, wat mer investéiert hunn am Educatiounsberäich während 6 Joer. An dat ass jo awer an eis Jugend investéiert an am Géigesaz zu vläicht iech, sinn ech ganz frou, datt mer esou vill an déi Domainer am Fong investéiert hunn. Och nëmme fir deem Rechnung ze droen, wat virdru scho vum Här Scheuer gesot gouf, datt mer musse kucke fir eis Schoulgebaier an d'Rei ze kréien. Hei hu mer ganz vill an eis Schoulgebaier investéiert, wat awer fir mech awer méi eng positiv wéi eng negativ Situatioun duerstellt.

Da kommen ech nach op dee leschte Punkt am Detail op d'Sécherheet zeréck. Dir sot, datt bei de Gemengegesetzer d'Police, d'Pecherten, d'Fräiwëllegendéngschter an d'Streetworkere sollen dru schaffen. Ech ginn iech komplett Recht. Déi sollen dru schaffen a mir ënnerstëtzen déi Leit och an deem ganze Beräich fir sech fir d'Sécherheet anzesetzen. An do gëtt jo och muenches gemaach. An ech mengen de President an de Vize-President vun der Jugendkommissioun a vum Jugendhaus sëtze jo hei. A mir wësse jo, wéi vill wäertvoll Aarbecht eis Educateuren an deem Beräich maachen.

Zum Schluss, Aarbecht a Soziales, do mengt der, do misst nach méi gemaach ginn, fir nach méi Aarbechtsplazen hei ze schafen. Ech maachen awer drop opmierksam, datt – wann ee méi Aarbechtsplaze schaaft – een och Terrain versigelt an och Verkéier bäikënnt. Do kommen och negativ Effeten. Do mussen och Leit heihinner wunne kommen, déi di Aarbechten dann och maachen. Also do kënnt och dat, wat der virdrun ugeprangert hutt, nach méi zum droen. Mir maachen och eng ganz Rei Saachen an deem Beräich. De Grand Bis, de PED, Avery Dennison gëtt vergréissert, et ass nach eng aner Firma, déi hei zu Péiteng vergréissere wëll. Mir ënnerstëtzen och déi supplementar Aarbechtsplazen, déi hei geschafe ginn a mir sinn och aktiv doranner. De President vum Sikor, de Roland Breyer, mat senge Kollege sinn déck am gaangen do ze schaffen, fir datt mer – esouwuel am Grand Bis wéi och am

PED – Projeten entwéckelen, am Intressi vun der Schafung vun Aarbechtsplazen.

Dir hutt och eng Rei Saachen opgezielt, wéi den Cent Buttek, den Office social an de Repas sur roues. Ech maachen iech drop opmierksam, datt der e puer wichteg Saache vergiess hutt. Hei sëtzen eng Rei Leit, déi am CIGL sinn. Och do gëtt wesentlech geschafft, fir Leit erëm d'Méiglechkeet ze ginn, an den Aarbechtszyklus erëm zeréckzekommen. Do ënnerstëtze mer Leit. Do ass eng ganz Ekipp. Mir waren net méi spéit wéi de leschte Freideg nach zesumme mat deenen. Et si ronn 40 Leit, déi sech dorëmmer këmmeren. Mir hunn CAEen hei, déi mer hei betreien an déi während enger gewëssener Zäit hei kënne schaffen. Ech mengen, an ärer Famill si jo och Leit, déi schonn hei geschafft hunn an deem Kontext, an dofir wonnert et mech, datt der iech net kënnt dorunner erënneren. Mir hunn de ProActif, deen am Fond-de-Gras schafft, a wou mer elo nach eng Kéier d'Enveloppe gehéicht hunn an dësem Budget 2017.

Mir sinn och esou wäit, datt mer soen, mir maache ganz vill fir den Apprentissage. Et si ganz vill Jugendlecher, grad wann der vun Handwierk, asw., schwätzt, déi an engem Apprentissage hei hiert Handwierk kënne léieren an hir Ausbildung kënne maachen, a wou mer grouss Efforten als Gemeng maachen. Déi Efforte sinn net ëmmer einfach, well eis Betriber – nieft hirer Aarbecht, déi se mussen all Dag maachen – och déi Jugendlech musse betreien. Dat ass eng Aarbecht, déi se gäre maachen, mä déi awer och zäitopwänneg ass.

Ech mengen, mir maachen eng ganz Rei Saachen. Ech erënneren eng Kéier un dat, wat den Här Schmit, den Aarbechtsminister, eng Kéier gesot huet, wou mer zesummen an enger Ronn souze mat och enger ganzer Rei Leit aus dem Privatsecteur, a wou dunn och e bëssen op d'Gemenge geklappt gouf. A wou ech dunn emol alles opgezielt hunn, wat mir esou maachen, an ech sot, datt ech emol gären hätt, datt een aus dem Privatsecteur géif opstoen. Well pro 10 Leit, déi bei eis schaffen, hu mer eng esou eng Beschäftegung hei, an da sollen emol déi aus dem Privatsecteur opstoen, déi och 10% vun hirem Effektiv supplementar ausbilden. Mä et ass du keen opgestanen. An dunn huet den Här Schmit gesot, datt mer eng "commune modèle" wieren. An dat hunn ech mer nawell ganz gutt verhalen. An ech wëll et vläicht elo net esou wäit spanen, mä ech wëll awer soen, datt mer ganz vill Efforten als Gemeng an deem Beräich maachen. Et kann een nach ëmmer méi maachen – dat ass ganz kloer – mä et muss een awer och kucken, wou engem seng Limitte sinn am Kader och vun deene gesetzleche Gegebenheeten. Well wann een eng Persoun wëll ausbilden, da muss een och déi néideg Leit hunn an et kann een och net engem Mann do 3 oder 4 Leit zoumudden, déi e muss ausbilden. Dat muss eng Relatioun sinn, déi propper a korrekt ass, an ech mengen, dat hu mer hei awer garantéiert.

Dat ass dat, wat ech wollt zu där ganzer Situatioun soen an ech géif dem Här Breyer d'Wuert da viruginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech huele just 2 Punkten nach eraus, déi ech an ärer Deklaratioun hei héieren a gelies hunn. De Grand Bis wier elo nach net an den Depensë virgesinn an do géifen nach Depensen op eis zoukommen, dat ass är Meenung. Et komme sécherlech nach Depensen op eis zou, mä ganz wéineg. Well vun deenen Depensen alleguerten, déi virgesi sinn, kréie mer 85% vum Staat erëm. Déi sti schonn als Kompensatioun och am ordinäre Budget als Recetten dran. Da bleiwen nach 15% opstoen. All déi Betriber, déi heihinner kommen, kommen net fir näischt op déi Terrainen. Well si kafen déi Terrainen, si kafen en "droit de superficie" vun deenen Terrainen a bezuelen tëscht 8.000 an 10.000 Euro den Ar. An da bleift nach eppes iwwereg an dat gëtt duerch 4 Gemenge gedeelt. Esou datt ech net an der Lag sinn, fir iech genee ze soen, wat dat ass, mä et si minim Zommen, déi op eis duerkommen, an dat schléit de Budget net aus dem Equiliber.

Dann hutt der zum Schluss gesot, an do zitéieren ech iech – ech huelen et zwar aus dem Kontext eraus, awer bewosst – "mécht d'adr gären hei Schluss". Dat huelen ech zur Kenntnis. Mir wäerten iech vläicht vermëssen, awer är Partei net.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Här Thein, bei der Educatioun gitt der haaptsächlech op eng erfollegräich Educatioun mat Bildungsqualitéit an der Grondschoul hin. An do schreift der, d'Gemeng, mir sollen eise Schoulprogramm entwéckelen an eist Matsproocherecht wouer huelen. Ech ass jo allgemeng gewosst, datt enger Gemeng et just zousteet, fir de Rahmen ze schafen, wat d'Bildungspolitik ubelaangt, an ech mengen do si mir de Moment gutt opgestallt. Mir hunn eis Schoulen zum Deel vergréissert, mir hu se sanéiert, mir hu gekuckt fir eis Schoulhäff deementspriechend ze amenagéieren, esou datt d'Kanner kënnen an deem Kontext – wat elo deen dote Punkt ubelaangt, wou mir Matsproocherecht hunn – kënne wouer ginn.

Wat elo selwer d'Bildungsqualitéit ubelaangt, esou ass dat d'Aarbecht vun de Ministèren. Do hu mir kee Matsproocherecht. Wou mir kënnen eis asetzen a wou mir och wëllen hëllefen, dat ass wa mir d'Demanden iwwer den Inspekter kréien – esou wéi mir der d'lescht Joer haten – an datt mer gewëllt si fir bei Kanner, déi e spezielle Besoin hunn, do Klassen ze schafen. Well mer hu jo eng Logos-Klass hei geschafen, fir datt déi Kanner kënnen hei instruéiert ginn an net méi brauchen an d'Stad ze fueren. Dat ass jo och fir d'Elteren e gudden Ausgläich, wou se wëssen, datt hir Kanner hei déi Hëllefe kréien, fir déi se soss misste bis an d'Stad fueren.

Da schreift der nach, zäitgläich muss een op de familljepolitesche Plang vun der Gemeng ze schwätze kommen. Ech weess elo net, wat der mam familljepolitesche Plang vun der Gemeng mengt. Et ass net méi laang hir wéi vläicht elo e knappe Mount, an elo nach eng Kéier virun 8 Deeg, wou mer higaange sinn – wa mer wëlle vum familljepolitesche Plang schwätzen, an u jonk Familljen denken – a wou mer eng ganz nei Cité wëlle bauen, wou jonk Famillje kënnen zu spezielle Präisser Terrainen erwerben an Haiser sech kënne bauen. An dat zu engem ganz angenehme Präis. Mir hate virun enger Woch nach mat der Société Nationale des Habitations à Bon Marché zu Lamadelaine eng Reunioun, wou jonk Famillje kënne wierklech zu engem ganz, ganz gënschtege Präis nach haut zu engem Haus kommen, wat soss um normale Plang dobausse bal net méi ze realiséieren ass.

Da sot der "D'adr gesäit an de Crèchen e kommunaalt Betreiungsorgan fir d'Familljen". Ech mengen, Crèchen hu mer der zwou do stoen, mat iwwer 120 Plazen, a wou mer gutt opgestallt sinn an déi ganz gutt schaffen, a wou mir eis Matsproocherecht als Gemeng dran hunn. Mir stinn och net deene private Crèchen am Wee. Ech weess net, wéi vill et der hei an der Gemeng sinn, ob dat der 6 sinn oder 8 oder 10. Mä et sinn der op jiddwer Fall genuch. Also op eisem Gemengenterrain – mengen ech – kënnen d'Kanner eng ganz gutt Betreiung kréien, well all déi Crèchen, déi sech hei an der Gemeng etabléiert hunn, och mussen en Agreement hunn.

Da schwätzt der nach eng Kéier vun "Ënnerstëtzung vun de Familljen". Ech mengen, déi Familljen, déi eng Ënnerstëtzung brauchen – wat elo de Kannerberäich ubelaangt an déi hir Kanner esou gutt an enger Crèche wéi an enger Maison Relais ënnerbruecht hunn – kréie mat de Chèques Service hir Kanner

dee ganzen Dag betreit, wat jo eng ganz sozial Leeschtung ass. Wann ech elo nëmmen un eis Maisons Relaisen denken, da steiere mir do als Gemeng nach iwwert eng Millioun Euro am Joer bäi, fir datt d'Leit kënnen hir Kanner hei bei eis betreit kréien an an aller Rou kënne schaffe goen. Ech mengen, do hätte mer awer schonn e gudde Bäitrag als Péitenger Gemeng geleescht, als eng Gemeng mat 18.000 Awunner. Wann een do higeet a seet, mir ginn iwwert eng Millioun am Joer bäi, ob een e Kand huet oder net, ob een eng Betreiung vun eis brauch oder net, esou ass dat awer e ganze schéinen Effort vun enger Gemeng.

Dir schreift och, datt fir iech den Hausmamm e Beruff ass. Ob Hausmamm elo e Beruff ass oder ob erzéieresch Aufgaben do erausgeholl ginn, wéi dat sollt ënnerstëtzt ginn, do musse mer bei de Ministère an d'Stad goen. Dat ass elo – mengen ech – net d'Aarbecht vun enger Gemeng an dat läit och net an der Aart vun enger Gemeng, fir sech dozou ze äusseren. Do soll jidderee seng Aufgaben an d'Hand huelen. Do soll jiddereen no sengem Modus schaffen. A wat déi dote Punkten ubelaangt, do solle mer eis d'nächste Kéier un d'Chamber wenden an eventuell kucken – wa Chamberswahle sinn – datt mer eis do da géingen op deen dote Punkt bezéien.

Ech mengen, dat wiere meng Punkten, déi domatter méi oder wéineger beäntwert wieren. Wann der nach déi eng oder aner Fro hutt, da géing ech iech nach ganz gären drop äntweren.

Thein Joe (adr):

Ech wëll iech awer am Numm vun der adr Merci soe fir är Explikatiounen an är Bäiträg zu eiser Interventioun. Ech wëll awer betounen, datt dat heite keng Wahlcampagne ass, déi ech hei féieren, mä hei ass ganz kloer op 6 Säite skizzéiert, detailléiert skizzéiert, wat déi eenzel Rubriken an dëser Gemeng ugeet. An et kann een d'Gemengepolitik net total fern vun der nationaler Politik denken. Dat eent steet mat deem anere selbstverständlech am Zesummenhang. A wann ech op déi eenzel Beräicher ze schwätze komm sinn, da wuelwëssend, datt et am Intressi vun eiser Gemeng ass. Ech wëll e puer Punkten, déi dir kommentéiert hutt, awer och erëm zeréckkommentéieren, well et wichteg ass fir dorobber ze äntweren.

Hei ass ganz kloer, wann ech de Budget analyséiert hunn, dann hunn ech vun den extraordinären Depensë geschwat. Do stellt ee wierklech fest, an allen Tabellen, déi eis presentéiert goufen, dass déi am Defizit sinn. An et muss ee wëssen, datt den ordinäre Budget och net "à part" vum extraordinäre Budget ka geduecht ginn, well den extraordinäre Budget säin Impakt selbstverständlech op den ordinäre Budget huet.

D'Gemengeschold ass nun emol defizitär. Den Total-Montant, déi Zomm ëm déi et am Endeffekt geet, ass defizitär. Do kënnt der net soen, dat wier e positive Budget. An dir kënnt och net vun eis als Oppositioun verlaangen, datt mer en negative Budget matstëmmen. Et ass dach an ärer Flicht gewiescht, fir dee Budget ofzebauen an esou wäit ze equilibréieren, datt ee wierklech ka soen, mir hunn elo keng Gemengeschold méi.

Dann de Populatiounswuesstem. Do hunn ech domatter gemengt, datt mer sollen eng Brems aféieren. Selbstverständlech kann een driwwer diskutéieren, a wéi wäit kann d'Gemeng progresséieren. Et soll een och doriwwer schwätzen. Mä et ass awer e kloer Fakt, datt d'Gemeng et esou net méi packt an datt bis 2021 ganz vill nei Awunner heihinner kommen, an datt bis elo all Mënsch dobausse kapituléiert un der Verkéierssituatioun, un der Aarbechtsmaartsituatioun an un anere Beräicher.

Wann ech soe Finanzausgläich, da mengen ech domatter, datt de Minister virgesäit, fir bis 2021 e Finanzausgläich tëscht den eenzele Gemengen am Land erbäizeféieren. A selbstverständlech betrëfft déi Finanzreform och d'Gemeng Péiteng. D'Finanzreform – an dat hutt dir selwer gesot – kann een net antizipéieren an elo soen, wéi een Impakt dat op d'Gemeng huet. Sécher ass op alle Fall, datt 2017 nach eng Kéier e Boni fir d'Gemeng dobäi erauskënnt, well d'Gemeng vu wesentleche Gelder profitéiert.

De Boni och, hunn ech am Kontext, deen der kritiséiert hutt, hunn ech gesot, datt d'Clôture vum ordinäre Budget deelweis gespeist ass aus der Clôture vum Boni 2016. Selbstverständlech. Ouni de rapportéierte Budget vun 2016 hätt der kéinte jo net déi doten Zuel och eis presentéieren.

Just fir der Madamm Conter och nach ze soen. Jo, d'Chèques Servicen, selbstverständlech ass dat eng gutt Initiative. Déi kënne mer och esou ënnerstëtzen. Mä et wier awer och wichteg un déi Mammen an déi Pappen, déi doheem d'Erzéiung maachen, ze denken. An do wier et awer duerchaus fir eng Mammerent an d'Spill ze bréngen, an do wier et och un der Gemeng hiren Avis ofzeginn. Dir sidd jo awer e consultatiivt Organ, en Organ, wou politesch Decisiounen hëlt a politesch Avise mécht. An deen hutt der selbstverständlech an Zesummenhang mat dem Ministère an aneren Instanzen – mat der nationaler Politik – ofzeginn. Där kënnt jo der nationaler Politik ären Avis ginn. Ech verstinn net, wou do de Problem läit.

Just fir dat gesot ze hunn, nach eng Kéier Merci fir är Explikatiounen. Gäre kënnt der mer och nach eng Kéier dorobber äntweren. Mä d'adr wäert net Schluss maachen. Wa se Schluss mécht, dann ass et fir haut, Här Breyer. Da mécht d'adr just Schluss fir haut, net fir ëmmer.

Breyer Roland, Schäffen:

Ah, et ass schéi fir den Detail ze wëssen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Gutt, ech mengen net, datt mer elo hei sollen am Krees ronderëm fueren. Dat eenzegt, wat mer nach vläicht kënne maachen, ech ginn esou regelméisseg Coursen iwwer d'Gemengefinanzen. Ech kéint iech vläicht eng Kéier do invitéieren, da kéint der vläicht eng Kéier e bëssen d'Technik léieren. Well dir hutt elo erëm ugefaangen alles duercherneen ze geheien. D'extraordinär an d'ordinär Depensë geet awer nach net ganz richteg beieneen.

Thein Joe (adr):

Ech huelen är Offer ganz gären un, mä mir hu selwer an der Partei Leit mat Gemengenerfahrung an déi och op Buergermeeschterposte souzen. An déi hunn eng virbildlech Finanzpolitik gemaach an dorunner wäert sech d'adr och an Zukunft orientéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Tipptopp. Dann orientéiert iech dorunner. Domatter wier d'Diskussioun zu der Interventioun vum Här Thein eriwwer, ausser et géif nach onbedéngt een drop hale fir do ze intervenéieren. Da géif ech der Madamm Conzemius elo d'Wuert ginn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt awer meng Interventioun hei op Lëtzebuergesch virbréngen. Ech sinn net esou beschafen an deenen auslännesche Sproochen, Här Thein. Dir haalt jo soss ëmmer op Sproochen. Dat ass eng Ureegung. Soss sot der ëmmer, dir wiert fir Lëtzebuergesch an da muss der hei op Englesch ufänken. Déi nächste Kéier gitt der eis d'Iwwersetzung mat, dat wier och net schlecht.

Fir d'éischt wollt ech emol Merci soen, eisem Buergermeeschter an dem Schäfferot, fir déi exemplaresch Presentatioun vum

Budget 2017 de leschte Freideg. Net ze vergiessen déi Beamten, déi beim Ausschaffe bedeelegt waren, souwéi de Service Publications, deen elo eis Commentairen nach muss verschaffen an do vill Aarbecht huet.

Mir befaassen eis am leschte Budget vun dëser Mandatsperiod nach mat verschiddene Projeten, déi laut 5-Joresplanung am gaange sinn oder nach realiséiert solle ginn.

Do emol ervirzeträichen de Grand Bis an de PED, wat vläicht bal schéngen Never-ending-Storyen ze ginn an elo endlech weider schéngen ze goen no villen administrativen Hürden. Doduerch gi jo och vill Aarbechtsplazen hei an der Gemeng geschafen, wat jo net esou onwichteg ass an doduerch d'Leit net alleguerte mussen all Dag wäit fuere fir op hir Schaff ze kommen. Och de Projet vun eise Gemengegaragen, wat och net onwichteg ass, ass jo gebongt.

Parkplaze ginn amenagéiert an den Duerfkär zu Rodange gëtt flott gemaach, mä dozou eng Iwwerleeung. Et misst dann awer och gekuckt gi fir duerno dat Ganzt mat Liewen ze fëllen an eventuell ugeduecht ginn, fir d'Geschäftswelt erëm opliewen ze loossen an dass d'Gemeng mat de Promoteuren zesumme sollt dru schaffen, datt mer net nëmme Lokaler, wéi Caféë schafen. Et gëtt vill ofgerappt an nei gebaut, an all Uertschaft aus der Gemeng, mä d'Geschäfter verschwanne lues a lues a mir ginn op eng Schlofgemeng lass.

Et gëtt permanent um Stroossen-, Kanal- a Waassernetz geschafft, wat immens wichteg ass, an och steet eng gréisser Zomm do fir d'Beliichtung vun de Foussgängersträifen, wat bal nach méi wichteg ass.

Endlech kënnt eng Toilette bei d'Spillplaz zu Rodange.

D'Ënnerhalen an d'Astandsetze vun de Gemengegebaier ass e "must", genee esou wéi d'Astandsetze vu Säll fir eis Veräiner. Eng gréisser Zomm ass markéiert fir d'Intrusioun am WAX, mä firwat gesinn d'Architekten dat net bei der Planung vir?

Chrëschtbeliichtung ass mat 25.000 Euro festgehalen. Dozou eng Fro: Ass dat dann och virgesi fir Rolleng a Rodange an den Zentren?

Schoulen a Maisons Relaisen, ob nei oder scho méi al, sollen um neiste Stand sinn, war jo och budgetiséiert ass, och wa laut menge Virstellungen heiansdo iwwerdriwwe gëtt mat der Ausstattung.

Eise Fuerpark muss bestänneg erneiert ginn, wat jo och der Allgemengheet zegutt kënnt. Mä soll do net eventuell nach méi op Elektrogefierer zeréckgegraff ginn, wou jo keng immens grouss Distanzen zeréckgeluecht ginn.

Fir d'Kultur an den Tourismus steet och eng gréisser Zomm am Budget. Wat jo och wichteg ass fir eis Gemeng dobaussen ze presentéieren.

Beim Sport ass e grousse Betrag virgesi fir d'Buvette an d'Vestiairen zu Péiteng um Futtballterrain. Meng Fro heizou ass, ob dat eng Klass A muss sinn an ass dann do un eng Alarmanlag geduecht ginn?

De Projet "Atzéngen" ass och nach héich chiffréiert, mä dat ass eng immens Affaire, fir datt jonk Leit sech kënnen eppes uschafen, wat Haiser oder Appartementer ubelaangt.

Dat waren e puer Iwwerleeunge vu mir, mä am Ganze sinn ech zefridden, an dëser Koalitioun bis elo konnte mat ze schaffen.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Duerfkär zu Rodange gëtt flott gemaach. Dir hutt Recht, datt dat eng flott Initiativ gëtt an duerno ganz gutt ausgesäit. Dir hutt grad esou Recht, datt ee muss kucken, datt dat mat Liewe gefëllt gëtt. Et ass haaptsächlech geduecht, datt et e "point de rencontre socio-culturel", mat Animatioun a Loisirs sollt ginn. Do gehéieren natierlech och Geschäfter dozou. Et muss ee sech awer bewosst sinn – an dat ass déi zweet Äntwert hannendrun, mat deem Ausbau - , datt mer lues a lues d'Geschäftswelt an der Gemeng verschiben. Mir hu se hei zu Péiteng verschiibt doduerch, datt ronderëm de Cactus sech Geschäfter implantéiert hunn an am Zoning d'Geschäfter hikomm sinn, déi net méi am Duerfkär vun den Uertschafte sinn. Mir mussen och domatter rechnen an eis deementspriechend upassen, datt vläicht och déi Zentrumen, déi ronderëm d'Kierchen ëmmer waren, net méi onbedéngt och de Geschäftszentrum sinn. De Geschäftszentrum ass vläicht enzwousch anescht, wou ee méi Parkplazen an der Peripherie huet. An da muss een déi Lokaler aneschters miwweléieren, mä et soll op kee Fall esou sinn, datt et en doudegen Zentrum gëtt. Et soll e liewegen Zentrum sinn, wou d'Leit sech kënne begéinen. An do muss ee kucken, wat zum Begéinen noutwenneg ass a wéi een dat kann eventuell kompenséieren, wann do net géifen déi Geschäfter dohinner kommen, déi traditionell an enger Uertschaft am Zentrum ze fanne sinn.

Dir hutt Recht, datt mer ganz vill a Stroossen an an de Kanal investéiert hunn. Wann ech mat anere Gemenge vergläichen, dann hu mir eis Stroossen an engem gudden Zoustand, esouguer an engem ganz gudden Zoustand. Mir hunn nach ëmmer e puer problematesch Plazen, déi op der Wonschlëscht stinn, mä e groussen Deel – an do géif ech bal soen, 90 bis 95% - vun eise Stroosse sinn an engem gudden Zoustand. Et ass heiansdo nach esou eng Knuppchen, mä net méi dat wéi een et an den Nopeschgemenge ka fannen.

Dir frot, firwat am WAX keen Abrochalarm virgesi war. Dat ass eng Fro, déi ech den Architekten och gestallt hunn. Ech hätt natierlech och selwer kënne mat drun denken, well mer jo ëmmer op de Schantjesreunioune mat dobäi sinn. Mä mir hunn et festgestallt, wou agebrach ginn ass. An do stellt ee fest, datt keng Alarmanlag do ass. Dat ass am Fong geholl Blödsinn a mir hunn am Schäfferot geschwat, datt mer prinzipiell an all eise Gebaier – bei enger Renovatioun oder engem Neibau – dat mat abauen.

D'Chrëschtbeliichtung fir 25.000 Euro ass selbstverständlech net fir Péiteng virgesinn, mä fir Rodange a Lamadelaine. Lamadelaine haaptsächlech elo an der der Verlängerung vu Péiteng. An zu Rodange, esou séier wéi den Zentrum fäerdeg ass, gëtt dat och gemaach. Et ass net esou, datt mer nëmmen eng Uertschaft hunn.

Kultur an Tourismus ass en neit Wuert, wat mer promouvéieren. Dir wësst, datt mer am Hibléck op d'JUFA – a mir gleewen drun an ech hunn et scho gesot – ech gleewen drun, datt mer nach dëst Joer hei am Gemengerot nach e puer Mol driwwer schwätzen. Wa mer dat objektiv gesinn, als komplementarescht Element vun eisem ganzen attraktiven touristesche Beräich, da musse mer méi an den Tourismus, an d'Promotioun an an de Marketing dovunner investéieren. A mir sinn am gaangen, déi néideg Basis ze schafen a lues a lues auszebauen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Madamm Conzemius schwätzt vun de Schoulen a vun de Maisons Relaisen. D'Maisons Relaisen an d'Schoulen hu selbstverständlech hire Präis. Dat sinn zwee Punkten, déi ganz héich an de Budget eraschloen. Mir sinn och der Meenung, datt mer eis Schoulen och op dem neiste Stand sollen hunn, fir datt eis Kanner kënnen déi Stonnen, déi se esou gutt an de Schoulen, wéi och an de Betreiungsstrukture verbréngen, angenehm verbréngen. An natierlech dierfe mer och net vergiessen, datt mer vu ministerieller Säit aus gewëssen Oploen hunn, wat d'Sécherheet an deene Gebaier

ubelaangt. An deene musse mer Rechnung droen. D'Sécherheet ass haut e Punkt, dee schléit an d'Geld, an domatter musse mer liewen. An eis Kanner sollen eis dat och wäert sinn, fir datt se kënnen an esou Gebaier, esou sécher wéi méiglech, hir Stonne kënne verbréngen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech gi kuerz op de Fuerpark an, Madamm Conzemius. Effektiv gëtt eise Fuerpark permanent erneiert. Mir wäerten do och ëmmer méi op Elektrogefierer zeréckgräifen. D'nächst Joer hu mer wëlles fir 3 Elektrogefierer unzeschafen. Mir hunn awer de Moment net déi adaptéiert Méiglechkeete fir déi Gefierer opzelueden, well mer nach keng Bornen hunn. Elo ass et awer esou, datt mer se kënnen iwwer deen normale Wee oplueden, wat awer relativ lues geet. An do musse mer einfach op deene verschiddene Plazen, wou déi Autoen histoe kommen, kucken, datt mer d'Méiglechkeeten hunn. Déi hu mer awer um Site Lamadelaine de Moment nach net. An ech erwaarde mer do ganz vill vum neie Site vun de Gemengegaragen. An op eemol wäert dat ganz séier mat den Elektrogefierer goen. Dat ass och de Wëlle vum Schäfferot.

Bei de Vestiairen zu Péiteng um Terrain hu mer effektiv eng Klass A virgesinn. Et kann een ëmmer driwwer diskutéieren, ob dat muss sinn oder net. Mä d'Klass A ass u sech gewollt, well déi Suen, déi mir vum Klimapakt kréien, musse mir och an deementspriechend Projeten investéieren. Do wäert et awer esou sinn, datt mer dee Projet duerch déi A-Klass – déi eis zwar e gudden Deel méi deier gëtt – duerno iwwer den Daum wäert iwwer 365.000 Euro ofgefiedert ginn. An doduerch datt mer déi Sue vum Klimapakt investéieren, komme mer och erëm weider an deem Punkt.

Wat d'Alarmanlag ugeet, esou hu mer selbstverständlech un d'Alarmanlag an un Intrusioun geduecht. An dat steet mat 19.680 Euro am Projet dran.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Här Thein wëll nach d'Wuert wéinst engem „fait personnel".

Thein Joe (adr):

Villmools Merci. Ech gouf jo an der Ried vun der Madamm Conzemius ugeschwat an dann huelen ech mäi „fait personnel" natierlech wouer. Madamm Conzemius, ech wëll iech soen, datt een en Zitat net a sengem originalgetreie Wuertlaut entstelle geet. Eigentlech hätt ech esouguer missten d'Zitat op Latäinesch bréngen. Als ugehenden Historiker weess ech nämlech quellegetrei ze schaffen. A wann ech et op Latäinesch bruecht hätt, dann hätt der nach vill manner verstanen. Well der awer wësse wëllt, wat dat op Lëtzebuergesch heescht, wëll ech iech et och soen. Et heescht, de Budget muss equilibréiert ginn, d'Tresorerie opgefëllt ginn, d'Budgetsschold ofgebaut ginn, d'Arroganz vun der Chefetage kontrolléiert an temperéiert ginn, d'Auslandshëllef limitéiert ginn, éier Roum fält. Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Tipptopp. Et ass bal dat, wat mer gemaach hunn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Also ech wéilt dem Här Thein awer just äntweren. Den Här Buergermeeschter huet dat scho selwer gesot. Dir hätt mir dat net bräichten nach eng Kéier ze soen. A wann dir iech hei rühmt, ob dir Englesch oder Latäinesch kënnt, esou domm, wéi dir iech opféiert, féieren ech mech net op. Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif da mengen, mir géifen elo do ophale mat där Diskussioun a géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen. An dat wier de Punkt vum Här Stoffel. Den Här Stoffel huet d'Wuert.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech si frou, datt erëm eng ganz Rei vu Projeten deemnächst kënnen ofgeschloss ginn, dorënner ënner anerem d'Haus vun de Geschichtsfrënn zu Rolleng am ale Paschtoueschhaus. Ganz frou sinn ech, datt d'Gemengenatelieren d'nächst Joer Realitéit ginn. D'Investitioune bleiwen ouni Neiverschëldung héich. Merci dem Schäfferot, fir déi flott an informativ Presentatioun vum Budget.

Ech hunn e puer Froen dann zum Budget:

Bei dem Punkt Maison Relais hu mer 285.000 Euro Käschte fir privat Botzfirmae virgesinn. Ech si kee Frënn, fir esou Aarbechten u privat Firmaen ze verginn. Firwat hu mer dat esou an der Maison Relais gemaach, an ass et net méiglech an Zukunft op Gemengepersonal kënnen zeréckzegräifen?

Beim P-Bus, do ass jo och schonn d'Äntwert ginn, datt do en zweete Bus wäert agesat ginn. Dat ass jo da scho beäntwert ginn, well ech wollt do froen, firwat do déi Zomm vun 105.000 op 120.000 Euro an d'Luucht gaangen ass an ob do nei Servicer solle kommen.

Da wollt ech froen, ob eis Sozialwunnengen erëm all verlount sinn?

Beim Eclairage public sinn op ville Plaze Panne gewiescht, wou ganz Stroossen net beliicht waren. Och de Contraire war de Fall. E Sonndeg hunn d'Luuchten am Vullesang an an der Nic. Biever-Strooss dee ganzen Dag gebrannt. Och a verschidde Parken huet Beliichtung net richteg fonctionnéiert a wou och vill Luuchten nach haut net fonctionnéieren. Ass dee Problem bekannt an u wat läit dat?

Ass dëst Joer virgesinn, fir de Wee fir an den Doihl am hënneschten Deel ze erneieren, fir datt Leit mat Kannerkutschen erop bei den Train 1900 kënne kommen?

Et ass näischt virgesi fir de Stockage vu Veräinsmaterial ze maachen. Ass dann an Zukunft awer trotzdeem do nach eppes virgesinn?

De Chalet um Bierg zu Rodange ass an engem ganz schlechten Zoustand. Dat ass d'Schiethaischen. Ass et do net méiglech, datt mir als Gemeng do kënnen intervenéieren?

Dann huet d'Madamm Conzemius Chrëschtbeliichtung fir Rodange a Rolleng ugeschwat. Mir haten hei zu Péiteng an der rue de la Gare och keng Chrëschtbeliichtung hänken. Ech wollt do froen, firwat dat esou war an ob déi vergiess gi war.

Merci wollt ech dann dem Gemengepersonal fir hir Mataarbecht am leschte Joer soen a speziell all deenen, déi um Budget matgeschafft hunn. Ech soe Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat war d'Interventioun vum Här Stoffel. Ech wollt just op ee Punkt agoen. Dat ass dee Punkt vun de soziale Wunnengen. Jo, déi Wunnenge sinn all besat. Et ass just een Haus, zu Rodange beim Kierfecht, wou de Locataire d'Haus verlooss huet an et an engem miserabelen Zoustand hannerlooss huet. Esou datt eis Leit dat emol nach musse komplett renovéieren. Mir ginn dovunner aus, datt am Fréijoer dat Haus nees bezuchsfäeg ass an da wäert och eng nei Famill do kënnen eraplënneren. Mä fir de Rescht sinn d'Wunnengen all besat. Op där aner Säit hu mer – an dat wësst der jo och – 4 Wunnenge weiderginn un „Main Tendue", déi dat dann och no engem anere Prinzip verlounen. Dat sinn da keng Sozialwunnenge méi, mä et ass awer an deenen Haiser, déi mer zu Lamadelaine hu fir sozial Wunnengen.

Breyer Roland, Schäffen:

Beim P-Bus hu mer schonn d'Äntwert ginn. Dat ass, well mer en zweete Bus fir d'Maisons Relaisen agesat hunn, an doduerch kënne mer deen anere Bus erëm komplett zur der Verfügung vun de Leit stellen. Et si just e puer Horairen, déi geännert hunn, awer soss näischt. De Supplement kënnt haaptsächlech doduerch, datt e weidere Bus dobäi kënnt.

Eclairage public: Do hu mer ëmmer erëm Pannen an eisem Netz. Mir haten der relativ vill, well och d'Reseauen heiansdo schlecht sinn. Do gëtt awer regelméisseg kontrolléiert. Mir haten och nach kierzlech am Schäfferot Statistike virleien, wéi eis Leit kontrolléieren a wat ersat gëtt. Et ass relativ vill Aarbecht an et ass och heiansdo bedéngt duerch d'Fiichtegkeet, déi eranzitt. Ech weess awer elo net genee, watfir Problemer et sinn, datt déi eng brennen an déi aner net ginn. Do weess den Här Mertzig vläicht eppes, well dat ass fir mech méi de Volet "entretien".

Am Doihl soll deen ënneschten Deel an d'Rei gesat ginn, wann d'Besëtzverhältnisser bis emol gekläert sinn. Do musse mer kucken, dat eent gehéiert dem Staat an dat anert dem Train 1900. Mir hunn op alle Fall emol Kreditter virgesinn. Wa mer dru kommen an et ass kloer, da kënne mer dat och liicht reprofiléieren.

Beim Stockage fir d'Veräinsmaterial, do si mer déck am gaangen driwwer ze verhandelen. Mir hunn eng Alternativ fonnt, wou mer eng Hal kéinte kafen, wa mer mam Präis eens ginn. Dat wier eng Hal, déi dem Besoin géif gerecht ginn. Méi kann ech iech de Moment net soen. Ech hunn awer muer de Moien eng Entrevue mat Leit, fir dat nach eng Kéier ze kucken an eventuell dem Schäfferot schonn e Mëttwoch eppes kënne virzeleeën. Et kéint sinn, datt mer do en Accord fannen, an da kéinte mer relativ séier de Veräiner eppes zur Verfügung stellen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Den Här Stoffel huet bei de Maisons Relaisen déi héich Käschte vun de Botzfirmaen ugeschwat a firwat mer do eng privat Botzfirma huelen. Et ass jo gewosst, datt eng Gemeng jo e gewëssene soziale Volet huet an och Aarbechtskräften astellt. Mir sollen awer net nëmmen drun denke fir Aarbechtskräften anzestellen, mä mir sollen och u privat Firmaen denken. Déi dobaussen, um privaten Aarbechtsmaart, hu jo och hire Rôle ze spillen. Des Weidere musse mer jo och drun denken, datt an de Maisons Relaisen – wou mer 600 Kanner ënnerdaach hunn – mer jo och musse kucken, datt de Betrib rullt. A mat deene ville Congéen, Krankeschäiner an alles, wat nach esou ass, hu mer hei mat deem Volet, wou mer alles un eng privat Firma verginn hunn – esou gutt d'Kichen, wéi och d'Botzen – eng gewësse Sécherheet. Wa mueres déi eng oder aner Persoun net untrëtt, dann ass och direkt en Ersatz do. Dat ass net ëmmer de Fall, wa mir mat eisem Personal mussen dohinner goen. Ech mengen et ass jo ganz genee gewosst, datt mer heiansdo scho Problemer hunn – wa mer nëmmen eist edukatiivt Personal kucken – wéi schnell datt mer do un eis Grenze komme mat deem Personal, dat mer hunn. A mir kënnen als Gemeng net bis an den Himmel era Leit astellen, well mir mussen och drun denken, datt – wa mer ëmmer weider Hëllefskräften an Ersatzpersonal mussen astellen – dat och en Impakt op eise Budget huet. A mir hätte jo awer och gären de Budget eenegermoossen am Equiliber, och wat eist Personal ubelaangt. An dofir och deen heite Volet, wou mer soen, datt mer och mussen u privat Firmen denken. Well et soll eng gesond Mëschung sinn, wou och privat Firme Leit kënnen Aarbecht ginn an deementspriechend och eng Gemeng soll hire Rôle spillen. Awer dee Rôle soll a mengen Aen net esou grouss sinn, wéi dat bei de private Firmen ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Beim Eclairage public ass dat esou, datt dat heiansdo duerch d'Fiichtegkeet ka virkommen. Do ass et d'selwecht, wéi ech dat scho virdru gesot hunn, wann der dat gesitt, da mellt dat direkt eisem Service. Dat war jo elo ganz kuerz. Dat war zwar elo sonndes, mä mellt dat direkt da méindes mueres an da kënne mer direkt duerno kucken.

Déi Saach mat de Kannerkutschen, fir bei den Train 1900 erop, do hu mer zwar en Deelsték an eisem Budget virgesinn. Mä en Deel wäert och net gemaach ginn, well dat net eisen Terrain ass a mir net einfach kënnen op frieme Leit hiren Terrain schaffe goen. Esou datt dat net zesummenhänkend wäert si bis an de Fond-de-Gras. Fir déi Leit mat Kutschen, déi onbedéngt wëllen eropgoen, sief gesot, datt mer e flotte Quai hei zu Péiteng hu vum Train 1900 a mir hunn och e Quai an der rue de Lasauvage zu Rodange. Esou datt se awer kënnen dovunner profitéieren, wa se onbedéngt wëllen op dee Site kommen a wa se mengen, si kéime mat de Kutschen net dohinner. Natierlech ass et net glécklech, mä – wéi gesot – wann déi Leit, deenen deen Terrain gehéiert, net bereet si fir dozou bäizedroen, da komme mer do net virun.

Dir hat dann nach eng Fro zum Chalet um Bierg zu Rodange gestallt. Wann ech elo gutt informéiert sinn – ech wëll elo net ze wäit mech erausleeën – da gehéiert dee Chalet dem Rodanger Syndicat d'initiative. An do si mir als Gemeng net onbedéngt concernéiert.

Stoffel Marco (LSAP):

Bei där Saach vum Wee fir an de Fond-de-Gras, do weess ech awer ganz sécher, do misst ee sech awer eng Kéier mat der AMTF zesummesetze fir ze kucken, ob den Här Wolter wëlleg ass fir do zesummen ze schaffen. Wann ech dat mat op de Wee kéint ginn, datt een do eng Kéier matenee géif schwätzen.

Wat déi Saach mam Chalet ugeet, gutt, ech wollt dat just ernimmen. De Problem ass, datt deen an esou engem schlechten Zoustand ass. An ech mengen, d'Leit maachen ëmmer direkt de Verglach mat der Gemeng an da fält et op eis zeréck. Dofir wollt ech dat awer hei erwähnen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, dat ka gutt sinn, esou wéi dir dat gesitt. Zum Gratispräis ass ëmmer jiddereen averstanen, datt e seng Saachen a Stand gesat kritt. An déi Verhandlunge si guer net esou einfach, Här Stoffel.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Domatter wier d'Interventioun vum Här Stoffel ofgeschloss a mir kéimen dann zum Här Becker.

Becker Romain (déi gréng):

Här Buergermeeschter, Madamm, dir Häre Schäffen.

Ech wéilt dem Schäfferot gäre felicitéieren, datt si et erëm eng Kéier fäerdeg bréngen, de Conseilleren direkt op déi verschidde Froen ze äntweren. Ob dat elo alles honnertprozenteg esou stëmmt, oder éischter improviséiert Äntwerte sinn, bleift deemno ofzewaarden. Och alleguerten de Beamten, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn, gëllt mäi Merci.

Dëst Joer wéilt ech net op déi verschidde Circulairë vum Inneminister agoen, dat huet de Buergermeeschter jo schonns de leschte Freideg gemaach, wann och mat enger gewëssener Dissonanz, well hien net d'accord ass mat den Iwwerleeunge vum Inneminister. Et ass nach ëmmer erauszehéieren, dass dat, wat dës Regierung och ënnerhëlt, net gutt ass, well et eng Regierung ouni CSV ass.

Et ass dëst Joer jo och fir d'éischt, dass de Buergermeeschter ënner dem Titel „Gesond Gemengefinanzen zu Péiteng" seng Zuelen op de sozialen Netzwierker selwer lueft an a groussen Zich an 2 Sproochen op Facebook schreift, wéi gutt dëse Schäfferot dach geschafft huet.

Ech wëll elo dann awer op eenzel Circulairë vum Syvicol, ee Syndikat, wou eise Buergermeeschter Delegéierte fir d'Gemengen Déifferdeng, Péiteng a Käerjeng ass, agoen. Do gëtt et d'Circulaire n° 12/2015 vum 20. Oktober 2015 mam Objet „Les communes face aux défis de la crise des réfugiés". Hei geet et drëm, datt all Gemenge solle solidaresch sinn, wat d'Ophuele vu Refugiéen ugeet, an datt d'Gemenge solle Méiglechkeete virgesi fir DPI, déi hire Statut hunn, kënnen een Ënnerdaach unzebidden an eventuell – an dobäi gi mer e Schratt méi wäit – eng Aarbecht an engem vun eise Gemengebetriber. Heivunner gesinn ech näischt am Budget 2017.

No der Circulaire n° 13/2016 vum 4. August 2016, déi als Objet huet "Appel à projets dans le cadre du Fonds 'Asile, migration et intégration' ", hu mir och net direkt de Fanger ausgestreckt, wéi den OLAI gefrot huet. Mir hu weder Aktiounen a Projete mat deene puer Refugiéen, déi mir op eisem Territoire wunnen hunn, gemaach, nach hu mir Méiglechkeete geschafen, fir nei Refugiéen an eis dach esou – laut Schäfferot – "interessant" Gemeng opzehuelen. An dëser Circulaire geet esouguer Rieds dervun, datt esou Projeten och nach hätte kéinte "co-finanzéiert" ginn. Eis fält op, datt nach ëmmer näischt an dësem Sënn am Budget 2017 virgesinn ass.

Mir als fënneft-gréisst Gemeng aus dem Land brauchen eis deemno a Saache Refugiéen net ze bretzen. Am Contraire, well déi Wunneng, dee sougenannte "Foyer" zu Rodange am Blobierg, deen absolut insalubre ass, a wou bis zu 22 Leit, Jo, Mënschen ënnert deene gelungenste Konditioune musse wunnen, misst direkt vum Buergermeeschter, deen um Territoire vun der Gemeng fir d'Hygiène, d'Salubritéit an d'Sécherheet zoustänneg ass, zougemaach ginn. A mir wieren als Gemeng Péiteng gutt beroden, een adequate Foyer fir DPI zur Verfügung ze stellen, sief dat als provisoresch Struktur oder andeems mer eppes kafen oder lounen.

De Buergermeeschter hat e Freideg och am Zesummenhang mam Park&Ride zu Rodange an der rue de l'Industrie vun engem gréissere Projet vun engem Privatinvestisseur geschwat. Mir wëlle wëssen, ëm wat et do geet. Kéint dir eis do méi Detailer ginn?

Wat eise Fuerpark ugeet, fält et op, datt am Groussen a Ganze vill ofgeschaaft gëtt an neit Rullmaterial kaaft gëtt. Ech ka mech erënneren, datt de Patron vun engem gréissere Betrib op der Musel, wou mir op Visite waren, gesot huet, et wier nëmme vu Virdeel, wann een als Betrib Autoen, respektiv Camionen oder Camionnettë vun enger an därselwechter Mark keeft. Anscheinend kafe mir e bëssen hei an e bëssen do. Gëtt et e Grond dofir?

Kéinte mer dann net op de Wee goen, fir liicht Camionnettë mat Elektromotor ze kafen? Ech weess aus sécherer Quell, datt bei anere Südgemengen esou Camionnetten zur vollster Zefriddenheet am Asaz sinn. Mir hu just een neien Elektroauto am Service technique am Budget stoen.

Et fält och op, datt mer ee Gefier vun eiser Schräinerei ersetze fir 55.000 Euro, an am Projet vun den neie Gemengenatelieren ass awer keng Schräinerei méi virgesinn. Dëst ass awer net grad konsequent.

De Projet Rollenger Millen kënne mer nëmme begréissen a mir si frou, datt endlech eppes an dësem historesch wichtegen Haus geschitt. Kënnt dir eis soen, wéini dee Projet wäert ulafen?

Well zu Lamadelaine eng nei Maison Relais misst gebaut ginn, wéilt ech an deem Zesummenhang froen, ob de Schäfferot bereet ass op de Wee vun enger Bësch-Crèche ze goen. Och hei hippe mer als fënneft-gréisst Gemeng nawell ferm hannendrun, an et ass net esou wéi de Schäfferot ëmmer erëm seet, datt déi Kanner méi dacks krank sinn. Laut Studien ass genee de Contraire de Fall. Bësch-Crèchë sinn enorm wichteg an hëllefräich fir de Bewegungs- a Forscherdrang vu klenge Kanner, an dëst virun allem well vill Kanner aus de sëllechen Appartementshaiser kommen, déi mir laanscht d'Haaptstroosse vun eiser Gemeng opriichten. Am Bësch léieren dës Kanner eng aner, méi eng gesond Welt kennen. Hei kënne si toben, rennen, bauen, balancéieren an nach villes méi.

Et freet eis awer, datt de Schäfferot bereet ass, fir zesumme mam Ministère eng nei Camionnette fir eist Jugendhaus ze finanzéieren, vu datt déi al onbedéngt, am Sënn vun der Sécherheet vun eise Jonken, muss ausgewiesselt ginn. Et ass jo kee Geheimnis, datt et awer een anere Problem gëtt am Zesummenhang mat eise Jugendhaiser. An zwar sinn déi 2 Haiser net konform, wat d' "accessibilité pour personnes à mobilité réduite" ugeet. Ech géif de Schäfferot bieden, fir zesumme mat de responsabele Fonctionnairen emol ze analyséieren, wéi a wat een do kéint maachen. An des Weidere wollt ech nach eng Kéier nofroen, ob keng Méiglechkeet géif bestoe fir d'Antenne vu Rodange aus dem Doihl an den Zentrum vu Rodange, do wou déi Jonk sinn, ze relogéieren.

Wat den Ëmwelt- an de Klimaschutz ugeet, feelen an eisen Aen nach ëmmer wichteg Punkten am Budget. Punkten, op déi mer scho säit iwwer zéng Joer ëmmer erëm drop opmierksam maachen. Duerch de Klimapakt hu mir d'Flicht endlech ze handelen a Projeten oder esouguer ganz Konzepter auszeschaffen:

- Mir hunn och fir 2017 nach ëmmer näischt am Budget virgesinn, fir datt Péiteng endlech kéint eng "Fairtrade Gemeng" ginn. Do gëtt d'Lat vun de Gemengen, déi matmaachen, ëmmer méi grouss. Et sinn der mëttlerweil 26, just mir fannen et nach ëmmer net fir néideg, fir eng "Fairtrade Gemeng" ze sinn, wat mir als "déi gréng" zudéifst bedaueren.

- Och si mer nach ëmmer keng Pestizid-fräi Gemeng. Et fält op, wann een um Site www.ounipestiziden.lu d'Kaart vum Lëtzebuerger Land kuckt, ëmmer méi Gemengen zu 100% den absolute Verzicht ëmgesat hunn. Déi Gemenge sinn däischtergréng duergestallt, a just ënne lénks ass nach een hellgrénge Wutz. Ech brauch jo net nach eng Kéier drop anzegoen, wéi wichteg deen absolute Verzicht vu Pestizide fir eis Ëmwelt an eis Déieren ass. Als trauregt Beispill zielen d'Beien, déi geschwënn, wann dat esou weider geet, op der rouder Lëscht stinn. An ouni Beie kréie mer ee Problem, wat d'Bestäubung ugeet.

- An eiser Gemeng feelt och nach ëmmer ee Solarkadaster – an dat ass jo hei schonn e puer mol gesot ginn – wou mir als Gemeng a virun allem alleguerten eis Bierger kënnen erkennen, wou et sënnvoll a richteg ass, fir Solarpanneauen ze montéieren. Mir als gréng Fraktioun fuerderen dëse Kadaster och scho säit Joren ëmmer erëm. Des Weidere besti Méiglechkeeten, fir Solarpanneauen op eis 2 Sportshalen, op d'Diercher vun eisen Tribüne vun de Fussballsterrainen, op eis Kierchen – wa se eis da sollte gehéieren - , op eis Centres culturellen, Centres de loisiren an d'Kulturhaus ze installéieren. Hei feelt et wahrscheinlech just um Wëllen, fir déi Projeten ze analyséieren. Dobäi wollt ech just nach eng kleng Äntwert ginn op dem Här Arendt seng Interventioun vu virdrun.

Hien hat vum LTMA geschwat. Den LTMA huet esouwuel Photovoltaikpanneauen um Daach wéi och thermesch Panneauen, wou se hiert Waasser hëtzen. Also, déi si virbildlech.

- An domatter verbonne feelt nach ëmmer e Konzept, fir zum Beispill d'Bierger aus eiser Gemeng am Sënn vun enger Cooperative mat an ee gréissere Projet fir Photovoltaikanlagen op eise Gebaier anzebannen.
- Vu datt mir als Gemeng et jo nach net fäerdeg bruecht hunn, fir Bornë fir Elektroautoen ze installéieren, wollt ech nach eng Kéier nofroen, ob de Schäfferot net drun denkt fir bei eise Sportshalen an eise Kulturhaiser esou Bornen ze installéieren? Wuel wëssend, datt den MDDI elo op de Wee geet, fir bis zu 200 Bornen uechtert d'Land ze installéieren a laut hirer Kaart kéimen 9 där Bornen an d'Péitenger Gemeng. Wësst dir, wou déi hikommen?
- Mir wieren och gutt beroden, fir endlech ee Klimaberoder, dee jo och nach zum Deel vum MDDI co-finanzéiert gëtt, an eiser Gemeng anzestellen, fir déi sëlleche Projeten am Kader vum Klimaschutz auszeschaffen. Dëst, well eng Gemengeneege Persoun déi ganz Relatiounen an déi ganz Begebenheete vun an an der Gemeng besser kennt wéi eng Persoun vun ausserhalb, déi just zäitweis fir d'Gemeng schafft.
- De Sujet "Urban Gardening" gëtt ëmmer méi aktuell, besonnesch well vill jonk Stéit, déi an Appartementshaiser wunnen, keng Méiglechkeet hunn, fir ee Gaart unzeplanzen. Beim "Urban Gardening" gëtt de Gaart erëm an d'Stad geholl, dat heescht op alle méigleche Plazen an der Stad, am Duerf, wéi d'Inselen op der Haaptsstrooss oder tëscht de Stroossen, wéi op der Millen, sämtlech Broochen, een Deel vun eise Parken, am Park bei der Kierch, an Hochbeeter ronderëm d'Maartplaz, virum Stadhaus, virun a ronderëm eis 3 Kierchen, an duerch d'Gemeng verdeelt, asw., kéinte Kraider, Geméis a Blummen ugeplanzt ginn, woubäi sech eise Gärtneschbetrib zesumme mat interesséierte Bierger ëm déi Gäert këmmert a lues a lues sinn et d'Bierger, déi zoustänneg si fir hir Parzell, respektiv hiert Hochbeet. Wann d'Leit bis responsabiliséiert sinn, wäert dat bestëmmt och fonctionnéieren. Wat schonn op ganz ville Plazen am Ausland, an an e puer Gemengen hei am Land fonctionnéiert, kann och an eiser Gemeng klappen. Et muss een et nëmmen ubidden. Mir waarden nach ëmmer op ee Projet an deem Sënn. An net méi spéit wéi haut de Mueren hunn ech am Radio héieren, datt de Rifkin nach méi wäit geet. Do geet et net nëmmen ëm "Urban Gardening", mä do geet et ëm "Urban Farming". Dat geet nach e Schratt méi wäit.

Dir gesitt, et bleift nach vill ze dinn, well d'Lëscht vu Projeten a Saachen Ëmwelt- a Klimaschutz, déi net am Budget stinn, ass nach laang. Madamm, dir Häre, ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir soen dem Här Becker Merci fir seng Interventioun. Ech wollt just op déi puer Plazen agoen, wou der iech op mech fokusséiert hutt. Dat si Saachen, déi ech eigentlech soll gesot hunn, engersäits, datt ech net d'accord si mat där Circulaire vum Inneminister iwwer déi nei Reform. Effektiv, an ech hunn dat och am Syvicol gesot, et feele mer einfach d'Donnéeën, fir kënnen déi ganz Saach nozerechnen. Dat ass dee gréisste Schwaachpunkt an där ganzer Reform, datt do eppes gemaach gëtt, wat sécherlech eng ganz Rei Inkoherenzen huet. An ech hunn och op déi Inkoherenzen opmierksam gemaach. Et kann een och "blauäugig" sinn a soen, et ass alles richteg, wat do gemaach gëtt. Et kann een och soen, et ass alles falsch, wat do gemaach gëtt. Bei mir läit et dertëschent, tëscht deem Falschen an deem Richtegen. A wat am Wichtegsten an deem ganze Kontext ass, dat ass datt absolut kee chiffréiert Material virläit, wat déi Iwwerleeungen am Fong do ënnersträicht. An dat hunn ech kontestéiert, an dat hunn ech net eleng hei gesot, mä dat hunn ech op alle Plaze gesot, esouwuel am Syvicol wéi och zum Här Kersch selwer.

Da kommen ech op Facebook ze schwätzen, datt ech do déi Chifferen dropgesat hunn. Et ass och net déi éischte Kéier, Här Becker, dat där op Facebook stinn. Ech hu schonn des ëfteren op Facebook iwwer d'Finanze geschwat. Dir hutt et elo vläicht fir d'éischt entdeckt, mä iwwer d'Finanzen hunn ech scho méi dacks geschwat an dir hutt dat elo do gelies. An ech mengen, d'Chiffere léien net. Dat, wat do steet, déi Chifferen, déi kënnt der selwer norechnen an nokucken, ob déi richteg sinn. Déi si scho richteg, dat ass d'Realitéit. Ob do elo e Luef dobäi ass oder net, ech hunn am Fong eng Situatioun beschriwwe wéi se ass.

Wat dee Volet vun dem OLAI ubelaangt, do wëll ech awer net virgräifen, well dat ass en anere Member aus dem Schäfferot, deen dorobber wäert agoen. Ech wëll awer soen, datt ech als Delegéierte vum Syvicol do figuréieren an datt do 2 Circulairen erausgaange sinn. Ech kann iech just informéieren, datt ech net ëmmer mat allem averstane sinn, wat de Syvicol erausgëtt, an datt ech an dësem Fall emol net am Virfeld informéiert gouf, wat do erausgaangen ass. Well dat ass éischter vum Bureau erausgaangen an net vum Comité. An ech sinn actuellement nëmmen am Comité.

Da kommen ech zu där Geschicht vun deem Haus zu Rodange. Dir schéngt dat ze wëssen, datt dat Haus an engem schlechten Zoustand ass. Wann der mer dat awer kéint confirméieren, da schreiwe mer dem Staat, well de Proprietaire ass de Staat. Well da musse mer dem Staat awer schreiwen – wéi mer dat och bei private Proprietairë maachen - , datt e soll dréngend no deem Haus kucken a mir géifen drop insistéieren, datt dat Haus esou séier ewéi méiglech erëm salubre gemaach géif ginn. Ech wëll just wëssen, ob ech mech kann op iech beruffen, op déi Insalubritéit, well da géif ech dat awer mat Sécherheet da schreiwen. Well et ass net esou einfach, datt ee seet, mir maachen et insalubre. Well wa mer all Proprietaire géife soen, mir loossen et insalubre ginn, da muss d'Gemeng kucken se ënnerdaach ze kréien, da wier dat awer e bëssen ze einfach. Ech mengen, dat éischt, wat mer hei als Gemeng maachen, dat ass fir dem Proprietaire ze soen, datt e soll no sengem Haus kucken. Dat ass, mengen ech, absolut wichteg. A wann dat deemno esou ass, da schreiwen ech dem Ministère, datt mer elo hei héieren hätten, datt dat Gebai an engem ganz schlechten Zoustand wier a mir géifen se drénglechst dozou forcéieren an opfuerderen, fir no deem Haus do ze kucken.

Dee leschte Punkt, mat deem Park&Ride, datt ech do eppes gesot hätt vun engem gréissere Projet. Ech weess vun engem gréissere Projet, mä ech ka mech net drun erënneren, datt ech elo eppes doriwwer gesot hunn. Ech mengen, et war éischter den Här Breyer, deen eppes doriwwer gesot huet, an da kann hien och dozou Stellung huelen.

Da wëll ech nach op déi ganz Geschicht mat deenen Hochbeeter agoen. Selbstverständlech kann een nach all weidere Projet maachen. Dat ass an der Rei. Mä ech wëll awer ënnersträichen, datt mer hei de "jardin solidaire" hunn, datt mer eng Rei Aktioune schonn an deem Kontext hunn, wou mer Gréngs, Geméis an eis Zentrume bréngen. Ech soen, datt mer niewent der Sportshal Bim Diederich eng gréisser Anlag hunn, wou och Geméis, asw., ugeplanzt gëtt a wou eis Jugendlech, eis Kanner, do a Formatioune ginn a wou se dat gewise kréien.

Och zu Lamadelaine, beim Centre de loisirs, hu mer dat och. Et ass vläicht net dat dote Konzept an et kann een natierlech och iwwert esou ee Konzept nach weider iwwerleeën, mä et ass awer eppes do. Et kann een et net duerstelle wéi wa guer näischt an deem Beräich hei zu Péiteng an der Gemeng geschitt wier. Dat zu menge Punkten an da géif ech dem Här Breyer d'Wuert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

E puer Bemierkungen zu der Circulaire vum 4. August 2016, wat den "Appel à projets dans le cadre du Fonds 'Asile, migration et intégration' " ubelaangt. Déi hu mir kritt gehat a mir hunn déi – esou wéi mer dat maachen – un déi zoustänneg Commission de l'intégration ginn, fir do Propositiounen ze maachen. Do sollten och Projeten ausgeschafft ginn, mä dat ass awer leider a Verzuch geroden duerch d'Demissioun vun der Presidentin, der Madamm Cátia Gonçalves, déi den 1. September demissionéiert huet a wou mer déi Kommissioun nach net richteg lafen hunn. Den Här Mertzig ass elo deen neie Member vun där Kommissioun, déi elo nach eng Kéier fir d'éischt muss richteg configuréiert ginn, an da kucke mer fir erëm do lass ze fueren. Et stëmmt awer, datt mir scho virdrun un de Familljeministère Propositioune gemaach haten, wou kéinten Haiser a Fro kommen. Ech weess, datt mer vum fréiere Verwaltungsgebai vun der MMRA Rieds haten. Mir waren esouguer mam Staat op d'Plaz kucken, mä de Staat huet awer keng Verwendung dofir fonnt. An et waren nach aner Gebaier, déi mer esou ugedeit haten, mä déi awer a privater Hand waren, a wou mer gesot haten, datt do de Staat kéint eng Initiativ huelen. Do ass och näischt geschitt. Mä näischt verhënnert, datt – esou séier, wéi mer erëm funktiounsfäeg sinn – eis mat deem Projet kënnen ofginn.

Ech hat effektiv e gréissere Projet nieft engem Park&Ride zu Rodange ugeschwat, a wou ech gesot hunn, datt mer an der rue de l'Industrie missten d'Infrastrukture komplett iwwerkucken. Dee Projet ass vu privaten Investisseuren an deen ass nach net an enger Phase, wou ee kann domatter heibaussen optrieden. Et ass en interessante Projet, deen esou gutt eng Mixitéit vu Geschäfter, vu Parkplazen a Wunnhaiser kéint an noer Proximitéit vun der Gare ubidden, an deen och an deem Sënn ëmweltfrëndlech wier an deen och am Konzept vun der nohalteger Politik mat aner Hëtzungen oder anere Kategorie géif schaffen, an déi de Moment gefrot sinn. Mä et ass een éischte Projet, a wann dee sollt lassgoen, dann ass et awer eng Affaire vun 3 bis 5 Joer, wou mer musse waarde bis en effektiv Realitéit gëtt. Et wier awer flott fir d'Attraktivitéit vum Site Rodange.

D'Rollenger Millen ass do. Déi Konventioun hate mer schonn hei virleien an de Gemengerot huet se schonn ugeholl. An där Konventioun steet dran – wat dat Touristescht ubelaangt – dat direkt sollt ulafen, an dat Edukatiivt am Fong am zweeten Trimester vum nächste Joer. Dat stoung an der Konventioun dran. An do fänke mer – esou séier, wéi mer Kreditter hunn – mat den Aarbechten u fir ze securiséieren. A mat der Naturschoul zesumme ginn dann déi Aktivitéiten do dra gemaach.

De Gaart an der Stad – fir net "Urban Gardening" ze soen an et an enger Form ze soen, datt all Mënsch et versteet – ass eng Initiativ, déi ee kann huele bei verschiddene Plazen, déi mer renovéieren. Et muss een natierlech – wéi dir selwer ugedeit hutt – Leit fannen, déi als Partner do matmaachen, well soss ginn et Drecksecker. Dat muss gefleegt ginn. Do ass net nëmmen eisen Service dofir responsabel. Et ass och mat Vandalismus ze rechnen. Et muss een et also op Plaze maachen, déi ee ka combinéieren a kontrolléieren. Näischt verhënnert awer, datt mer ganz séier där Hochbeeter opriichte kënnen an e Versuch op där enger oder anerer Plaz maachen. Zu Rodange am Zentrum ass schonn esou eppes Klenges virgesinn, mä dat kann een awer nach ausbauen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir hutt geschriwwen, datt zu Lamadelaine eng nei Maison Relais misst gebaut ginn. Jo, Lamadelaine brauch effektiv eng nei Maison Relais, well déi Maison Relais, déi elo do steet, deene Begebenheete vun haut net méi gerecht gëtt.

Dir gitt dann direkt op en zweete Punkt an a frot, ob mir schonn un eng Bësch-Crèche geduecht hätten. Dat steet fir de Moment net an eise Planinge mat dran. Mä et kann een et awer undenken, fir an deem nächste "plan pluriannuel" un esou eng Bësch-Crèche ze denken. Et sinn de Moment jo scho vill Bësch-Crèchen uechtert d'Land, déi fonctionnéieren. Et kann een natierlech nach Analysen eranhuelen, fir ze kucken, wéi esou eng Bësch-Crèche sech an den nächste Jore bewäert. Et muss een och ëmmer drun denken, datt dat awer eng Crèche muss sinn, déi muss ugegliddert sinn un e gewëssenen Zentrum, fir datt déi Kanner awer net sollen ze vill isoléiert sinn. Well ech mengen, si solle jo awer nach mat deenen aner Kanner a Kontakt kommen. Et ass wahrscheinlech eng ganz flott an eng ganz gutt Saach, fir de Kanner d'Natur méi no ze bréngen.

Dat kommt der un d'Jugendhaiser ze schwätzen. Ech mengen, wa mer un d'Jugendhaiser ze schwätze kommen – an haaptsächlech un d'Rodanger Haus – dann hunn d'Jugendhaiser an deene leschte Jore méi eng grouss Opwäertung kritt. Si gi vill méi benotzt. D'Rodanger Haus sollt nëmmen e sougenannte Pic sinn, wou geleeëntlech sollt eng Reunioun si mat den Elteren eventuell, mat Kanner, déi sollten e klenge Problem hunn. Dat ass awer elo an de leschte Joren zu engem regelrechte Jugendhaus eropgewues, esou datt een och misst drun denken – an dat ginn ech och hei zou – fir eis Jugendhaiser nach eng Kéier ënner d'Lupp ze huelen a fir ze kucken, wat mer an deenen nächste Joren eventuell musse schaffen, fir d'Jugendhaiser méi opzewäerten an hinnen och eng ganz aner Dimensioun ze ginn. Well mat deene Projeten, déi mer jo nach wëllen op d'Schinne setzen – mat Jugendgemengerot a weideren Aktivitéiten – kréien d'Jugendhaiser souwisou nei Aufgaben an da musse mer drun denken, fir de Jugendhaiser eng nei Dimensioun ze ginn a fir ze kucken, wou mer se kënnen ënnerdaach bréngen. Natierlech, zu Rodange ass et e wéineg schwiereg fir se ze relogéieren an den Zentrum, wéi der sot, wou déi Jonk sech besser kéinten erëmfanne wéi hannen am Doihl. Dat misst ee kucken. Vläicht ginn nach Opportunitéiten op an deenen nächste Joren. Et muss ee sech emol ëmkucke fir eventuell do nei Léisungen ze fannen.

Zum "Urban Gardening" wëll ech iech nach just ee klenge Punkt matdeelen. Mir hu bei eise Maisons Relaisen, hanne bei der Eigent-Schoul, schonn zanter annerhallwem Joer Héichbeeter, wou d'Kanner mat engen Educateur hi ginn a wou se da kënne Gaardenaarbecht maachen. Ofgesinn dovunner, datt se och regelméisseg an de "jardin solidaire" ginn. An ech fannen dat eng ganz flott Saach. Natierlech, et huet een net iwwerall bei de Maisons Relaise Plaz fir esou Gaarden- an Héichbeeter hinzeplanzen, mä wou eng Méiglechkeet besteet, kënne mer dat selbstverständlech maachen. Also hei zu Péiteng – wéi gesot – do fonctionnéiert et an et ass och eng ganz flott Saach.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech probéiere fir iech och op verschidde Saachen ze äntweren, Här Becker. Wat eise Fuerpark ugeet, esou frot der, firwat net Gefierer vun där selwechter Mark geholl ginn. Mir si leider kee Privatbetrib. Dir wësst ganz gutt – och op ärer Plaz, wou der schafft, beim Staat - , datt et esou ass, datt mer

verschidde Contrainten hunn. Duerch d'Gesetzgebung kënne mer leider net ëmmer bei deem selwechte kafen, well mer do Ausschreiwungen hunn. Et geet eis awer och op där aner Säit ëm de lokale Commerçant, well mer och soen, datt mer eis lokal Commerçante wëlle liewe loossen. Dofir froe mer och ëmmer bei verschiddene Betriber Offeren un. Natierlech wier et méi glécklech, wa mer och kéinten alles bei engem kafen, mä – wéi gesot – mir hunn déi Méiglechkeet net ëmmer.

Dir sot och, datt nëmmen een Elektroauto präziséiert ass. Dat stëmmt, mä mir wäerten der awer 3 uschafen. An eise Regiebetriber hu mer 2 Gas-Autoen, an déi wäerte mer och ersetzen duerch Elektroautoen. Just wéinst der "petite histoire". Mir hunn do Gas-Autoen, mä leider mussen déi Autoe mëttlerweil bis op Schëffleng fuere fir ze tanken, well de Fournisseur vum Gas, deen hei an der Proximitéit war, net méi konform ass. Wat ech och immens regrettabel fannen.

Fir op dat Geschir vun der Schräinerei zeréckzekommen, esou wousst dir dann anscheinend méi, datt mer kee Schräiner méi wäerten hunn. Ech weess nach näischt dovunner. Op där aner Säit gëtt dat Gefier awer och wéinst senger Hebebühn multifunktionell genotzt. Net nëmme vum Schräiner. An dofir wëlle mer och der Schräinerei en neit Gefier uschafen, well dat Gefier beim Schäiner affektéiert ass. Ech hätt dat vläicht net esou am Detail bräichten ze soen, mä wéi gesot, ech fannen dat awer normal, datt ech soe wou dat Gefier affektéiert ginn ass.

Wat mech natierlech freet, dat ass, datt der frou sidd iwwer déi nei Camionnette fir d'Jugendhaus. Ech mengen, dir sidd jo och deelweis do mat implizéiert. Da kommt, mir ginn eis d'Aufgab datt mer do och op de Wee gi fir eng Elektrocamionnette ze kréien. Da kréie mer ganz flott Wäerter, déi mer duerno och kënne fir d'Gemeng notzen. Wéi gesot, dann hätte mer do eng Aufgab a mir gi gäre mat iech op dee Wee. Ech mengen, wéi der et elo gewisen hutt, verstinn ech et och. Mä kommt, mir probéieren et. Ech mengen, wa mer et schonn op där enger Säit uschwätzen, datt vill Südgemengen esou fueren an datt déi Erfahrungen hunn, da kommt mir probéieren och do fir eis eng Erfahrung ze ginn.

Beim Ëmwelt- a Klimaschutz, esou war et esou, datt mer an der leschter Sëtzung vum Klimapakt doriwwer debattéiert hunn. Et war net jidderee present, mä dat wäert awer dann am Rapport erauskommen, datt mer eis do och nei Aufgabe musse ginn a komplett Konzepter mussen a wëllen ausschaffen.

Mir si vläicht nach net vun de Pestizid-fräie Gemenge festgehalen. Esouwäit ech awer weess – mat Récksprooch mat eisem Magasinier – si mir awer am gaangen, all eis Saache Pestizid-fräi ze kafen. Ech weess awer och, datt verschidde Betriber net doriwwer frou sinn, ënner anerem eise Gärtneschbetrib, well mer vill méi Problemer hu fir eist Onkraut ze tilgen.

De Solarkadaster hat der och ugeschwat. Ech hat do schonn deelweis dem Här Arendt drop geäntwert,esou datt dat och déi selwecht Äntwert dee Moment fir iech wier.

Photovoltaikanlage wëlle mer natierlech op eisen neie Bauten d'office virgesinn, esou wéi mer et och scho gesinn hu bei der Presentatioun vu verschiddene Projeten a wou mer hautdesdaags soen, datt dat scho praktesch e "Must" ass, esouwäit et nëmme méiglech ass.

Wat de Klimaberoder ugeet, esou hu mer deelweis schonn en Här, deen eis iwwer de Klimapakt doriwwer beréit an dee ganz gutt mat eisen Servicer zesumme kollaboréiert. Mir loossen eis och beroden iwwer de Bureau Betic. A mir hunn nach zousätzlech mat engem anere Bureau – wat den Ëmweltberoder ugeet – e Kontrakt lafen, fir datt deen Ëmweltberoder fir eis Gemeng schafft.

Wat d'Gäert ugeet, do ass et esou, datt mer kee spezifesche Projet, wat "Urban Gardening" ugeet, hunn. Et ass awer schonn ugeschwat ginn, datt mer e "jardin solidaire" zu Péiteng an zu Rolleng hunn. An der Eigent-Schoul hu mer en edukative Projet. Mir hunn awer och eise "Coin de Terre et du Foyer", wou mer een zu Rodange, een zu Rolleng an een zu Péiteng hunn. Ech muss awer mat Bedauere soen, datt déi Péitenger an déi Rodanger, déi Terrainen zur Verfügung hunn, fir de Leit e Gaart zur Verfügung kënnen ze stellen, déi gi se net lass. Déi Terraine leie brooch, wat u sech allgemeng ze bedaueren ass. Et misst ee vläicht eng Kéier kucken, fir iwwert een anere Wee d'Leit erëm eng Kéier ze sensibiliséieren, wat e Gaart bedeit. Mir initiéiere Projeten an Afrika, fir de Leit erëm ze weisen, wéi se sech kënne selwer versuergen. Mä ech fäerte ganz, an 20 oder méi Jore musse mer déi Projeten och hei zu Lëtzebuerg uwenden.

Natierlech bleift nach vill ze dinn, mä mir wäerte probéiere fir et unzepaken. Ee Schratt nom aneren. Et ass och net gutt, wann een ze vill zesummen ufänkt an duerno näischt anstänneg fäerdeg mécht.

Becker Romain (déi gréng):

Ech soen iech alleguerte Merci fir d'Äntwerten. Et kléngt jo emol alles guer net esou schlecht, virun allem d'Projete vum "Urban Gardening" an déi ganz Geschichte mat der Photovoltaik an de Panneauen op den Neibauten. Ech hoffen, datt mer dat dann och esou kënnen duerchzéien.

Den Här Mertzig hat mer awer just nach vergiess, ob d'Fairtrade Gemeng ze äntweren. Péiteng ass nach ëmmer keng Fairtrade Gemeng.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mat der Fairtrade Gemeng ass et esou, datt mer do och scho verschidde Reunioune mat Leit haten, wat de Fairtrade ugeet. Mir sinn awer net mat allen Enner openeekomm, well mer verschidde Saachen net esou erbäikréien, wéi mer eis dat deelweis virstellen. Do soen ech awer emol, datt – wat de Fairtrade ugeet – mer awer zu 70% och Fairtrade akafen. Mir sinn awer nach net zu 100% op deem Wee. Natierlech muss een awer och kucken, et huet kee Wäert, datt mer verschidde Saachen, déi mer nach a Stocken hunn, d'office ewechgeheien. Wann mer déi opgeschafft hunn, da wäerte mer och ëmmer méi op dee Wee awer goen. Natierlech bleift eis do nach eng Marge, awer mir sinn och do um gudde Wee.

Becker Romain (déi gréng):

OK, ech huelen dat dann och esou zur Kenntnis. Well et ginn ëmmer méi Fairtrade Gemengen, et gi Schoulen, déi Faireträde sinn. Mir sinn am gaangen als Jugendhaus dofir ze schaffen, datt d'Péitenger Jugendhaus e Fairtrade Jugendhaus gëtt, mam Label a selbstverständlech och mat den Obligatiounen. Och als Fairtrade Gemeng huet d'Gemeng Obligatiounen. Do mussen se zweemol am Joer esou e „petit déjeuner" maachen, mat Fairtrade an esou wieder an esou virun. Ech mengen, et sinn och Obligatiounen, déi dozou gehéieren. Mä op jidder Fall ass et awer gutt fir déi Leit, déi an deene Fairtrade-Geschichte schaffen, Kakao a Schockela. Ech brauch iech elo hei net e Bild dovunner ze molen.

Ech wollt just nach zwou Saache soen. Den Här Buergermeeschter hat gesot – mam Foyer zu Rodange – dat wier e Foyer vum Staat. Neen, dat ass e private Foyer, deen de Staat gelount huet. Well ech hunn hei eng Äntwert op eng „question parlementaire" vum Cecile Hemmen, an do huet d'Madamm Cahen dann och geäntwert, datt de Foyer zu Rodange e private Foyer wier an datt en eng Kapassitéit fir 22 Leit hätt. De Foyer ass privat an de Staat lount en. A mir missten elo iergendwann eng Kéier erausfannen, wien dann

déi Persoun ass, déi dat da verlount. Den Här Polfer mellt sech zu Wuert. Hie weess, wien et ass.

Polfer John (CSV):

Et ass net esou, datt ech weess, wien et ass, mä e Mëttwoch ass mer zu Ouere komm, datt dat Haus soll erneiert ginn. Dat ass mer e Mëttwoch zu Ouere komm vun enger Persoun, déi sech emol vill do agesat huet.

Becker Romain (déi gréng):

Ma dat trëfft sech jo da gutt.

Polfer John (CSV):

An déi Persoun huet mer e Mëttwoch gesot, datt se héieren hätt, datt dat Haus am Blobierg géif a Stand gesat ginn. Méi kann ech elo net dozou soen.

Becker Romain (déi gréng):

Ma dat ass jo genial. Dat trëfft sech gutt, well da kënne mer och soen „néi méi spéit wéi e Mëttwoch". Ma dat trëfft sech gutt an dat war awer elo puren Zoufall.

Dat wier et fir mech an ech soen iech Merci fir d'Äntwerten.

Gira Carlo (CSV):

Här Buergermeeschter, Madamm, dir Häre Schäffen. Wéi een et aus den deelweis ganz ausféierlechen Erklärunge bei der Presentatioun vum Budget 2017 eraushéiere konnt, kéint een eigentlech soen „mission accomplie" no 6 Joer. Domatter kéint ech dann och scho meng Interventioun ophalen. Här Buergermeeschter, Madamm, dir Häre Schäffen, erlaabt mer awer eng kuerz Analys vun dësem Budget ze maachen an e puer méi allgemeng Froen opzegeheien.

Erlaabt mer och, datt ech meng Interventioun esou virdroen, wéi ech mer se virbereet hunn. Gäre verzichten ech awer dann drop, datt der op déi Froen nach eng Kéier äntwert, déi schonn eng Kéier beäntwert si ginn.

Wéi den Här Mellina et ënnerstrach huet, ass den neie Verdeelerschlëssel fir d'Gemengenzouschëss duerch de Staat schwéier nozevollzéien. Wann een den Donnéeën aus der Dageszeitung gleewe kann, da géinge mer wuel zu deene Gemengen zielen, déi am grénge Beräich leien, dat heescht, mer leie méi héich bei de staatleche Subventioune wéi am Referenzjoer 2015. Dach awer leie mer am leschte Peloton – a wann ech gutt gezielt hunn, da leie mer do op der 15. leschter Plaz - wann een eng Tabell no Awunner géing opstellen. Esou ass et gutt, datt mer ënnert der Fiederféierung vum Buergermeeschter Pierre Mellina eng rigoréis Finanzpolitik bei den ordinären Depensë gemaach hunn an deene leschte 6 Joer an doriwwer eraus. Och wann am Budget vun 2017 dëse Montant ënnert 10 Milliounen Euro fält, géinge mer fir 2018 op e Rekordbetrag vun iwwer 13 Milliounen Euro klammen, wann d'Previsiounen da stëmmen! Betruecht een dann och nach déi zolidd Finanzreserve vu bal 16 Milliounen Euro an et consideréiert een, datt d'Gemengeschold ëm weider 2 Milliounen Euro zréck geet, da muss ee festhalen, datt dee Gemengerot, deen no dëser Mandatsperiod d'Geschäfter weiderféiert, iwwer gesond Finanze verfüge kann.

De Lotissementsprojet „An Atzéngen" belaascht de Budget dëst Joer nach mat 3,4 Milliounen Euro fir Infrastrukturaarbechten. Op der anerer Säit stinn awer och Recetten, esou, datt dëse Projet quasi eng Nullnummer fir eis Gemeng gëtt. Dobäi muss een ënnersträichen, datt mer mat dësem Projet d'Infrastrukturen an den ëmleiende Stroossen och verbessert hunn. Nieft Atzéngen wäert zu Rolleng, wann d'Atelieren, déi 2017 endlech an d'Realisatiounsphase kënne goen, fäerdeg sinn, um fréiere Site vun der Commercial Intertech weidere Wunnraum entstoen. Och zu Péiteng wäert sech eppes a punkto neie Wunnraum doen, wann d'Hale vun der Eucosider verschwonne sinn, woumat dann och d'Camionen aus der Nidderkuererstrooss verschwannen.

Stéchwuert Nidderkuererstrooss bréngt mech derzou, datt och an dësem Budgetsprojet vill an d'Stroossennetz investéiert gëtt. Ech erspuere mer hei d'Opzielung, well awer gären den Haaptchiffer vu 4,6 Milliounen Euro Investissement fir 2017 am ausseruerdentleche Budget nennen.

Wie Stroosse seet, denkt un den Transport an dozou zielt och d'Mobilité douce! Ech begréissen et, datt iwwerall do, wou et nëmme méiglech ass, Vëlos- a Foussweeër als Verbindung an der Gemeng, awer och mat de bestoende Netzer zu den Nopeschgemenge gemaach ginn. An dësem Zesummenhang wollt ech froen, ob och de sougenannte „giele Wee", deen elo vun der Kierchstrooss Richtung Käerjeng erneiert ginn ass, och Richtung Fussballsterrain an Athuserstrooss nei gemaach gëtt?

Nieft der sanfter Mobilitéit hu mer als Gemeng och eng sëlleche Spadséierweeër. Wann de Projet JUFA - zu deem sech den Här Breyer zouversiichtlech ausgeschwat huet – dann an noer Zukunft Realitéit gëtt, ass och d'Gemeng gefuerdert fir d'Infrastrukturen a punkto Tourismus auszebauen. De Syndicat d'Initiative et de Tourisme vun der Gemeng Péiteng, als verlängerten Aarm vun der Gemeng op dësem Gebitt, huet sech duerfir schonn nei Strukture ginn. An dëser Optik misst och dofir gesuergt ginn, d'Spadséierweeër an en Topp-Zoustand ze setzen.

Fir mech nach ëmmer dat wichtegst Kapitel am Budget ass a bleift d'Ëmwelt. Och wann ech weider der Meenung sinn, datt dëst Thema mat enger nach méi grousser Konsequenz misst ugaange ginn, esou huet sech an de vergaangene Joren dach villes zum Gudde verbessert. Grad wann ee sech de Projet vun de neie Gemengegaragen ukuckt, esou ass hei wéineg ausgelooss gi fir Richtung Ëmwelt nei Jalonen ze setzen. Déi geplangte Garagë kommen op e Site, wou eis däitlech ginn ass, wat fir Konsequenzen Allaaschten hunn. Um fréiere Péitenger Tipp muss hei versigelt ginn, fir dat keng Schuedstoffer, déi am Buedem sinn, an d'Grondwaasser kommen.

Ech ginn dem Här Breyer a sengen Aussoe Recht, datt et wéineg spektakulär ass, grouss an deier Oeuvren ënnert dem Buedem zu hunn, mä dës sinn awer wichteg, fir datt d'Waasser dee richtege Wee an d'Kor an an d'Kläranlag fënnt. Besonnesch begréissen ech déi Moossnamen, déi an dësem Budget virgesi sinn, fir iwwerschwemmte Kellere bei heftegem Reen ze vermeiden.

Datt déi ugestriefte Verbesserungen am Ëmweltberäich gläich hir Friichte gedroen hunn, ass eis däitlech ginn, wéi mer bei der Zertifizéierung „Klimapakt" direkt an déi zweet Stuf klasséiert goufen. Als Member vum Klima-Team kann ech versécheren, datt et an Zukunft weider Bestriewunge wäert gi fir am Beräich vun den CO2-Emissiounen Aspuerungen ze maachen. Dëst gëtt bei de künftege Projeten an Emännnerungsaarbechten u bestoende Gebaier op Häerz a Niere gepréift. Och bei der neier Buvette um Fussballsterrain ass no der Nohaltegkeet gekuckt ginn. Hei gëtt virun allem d'Solarenergie genotzt.

Wann d'Gemeng a punkto Ëmwelt méi konsequent virgeet an et dofir och staatlech Zouschëss (250.000 Euro am Joer 2017) gëtt, déi fir de Klimaschutz agesat ginn, esou mussen och d'Bierger mat an d'Boot geholl ginn, fir datt och si an d'Nohaltegkeet vun hiren Haiser investéieren. Ech proposéiere fir hei eng méi forcéiert Informatiounspolitik ze

lancéieren an ze kucken, ob et net och sënnvoll ass en Deel vu de Subventiounen, déi mer vum Staat kréien, geziilt fir d'Sensibilisatioun vun de Bierger anzesetzen. Den Här Mertzig huet a senger Presentatioun gesot, datt heifir 50.000 Euro am Budget stinn. Dës Sue sinn an deene leschte Jore wéineg ugezaapt ginn. Et gëllt erauszefannen, wisou dat esou ass an da geziilt Géigemoossnamen ze starten.

Weider proposéieren ech, fir net nëmme just déi Gefierer, déi mer duerch de Klimapakt subventionéiert kréien, als Elektrogefierer unzeschafen. Dat ass schonn hei ënnerstrach ginn. Doduerch, datt de Gros vun eisem Fuerpark sech op kuerzen Distanze beweegt, wier et dach bestëmmt sënnvoll esou vill wéi méiglech nei Gefierer mat Elektromotor unzeschafen. Natierlech do wou et méiglech ass.

Den Här Mertzig huet et och ugeschwat, d'Camionnette vum Jugendhaus als Elektrogefier unzeschafen, do ass awer vläicht dann de Problem, datt dës Camionnette och deelweis an d'Ausland fiert an et do awer mam Luede méi komplizéiert gëtt. A voir.

Fir d'Mobilité douce ze promouvéiere kéint et och sënnvoll sinn de Bierger eng Prime ze ginn, wa se sech en Elektrovëlo uschafen.

Doduerch, datt de Staat elo och gréisser Fotovoltaik-Anlage subventionéiert, sollt ee kucken, ob wéi enge Gebaier sech esou Anlage géinge realiséiere loossen, fir datt sech dann och hei Bierger, déi am Sënn vun der Ëmwelt wëllen investéieren, an enger Kooperativ kéinten akafen.

Och sollte mer als Gemeng d'Bierger sensibiliséiere fir bei Projete matzemaachen, wéi se beispillsweis duerch de Sicona proposéiert ginn. Ech erënneren un d'Aktioun Päiperlek, wou jidderee ka matmaachen a wou mer als Gemeng jo och elo 2017 aklammen. Duerch den Ëmweltdiplom an och d'Aktivitéite vum Sicona ginn d'Kanner fir d'Ëmwelt sensibiliséiert. Et sinn der awer nach wéineg, déi hei un dësen Aktivitéite matmaachen. Sollt een net emol drun denken, fir bei de Vakanzaktivitéiten een Themendag der Ëmwelt ze „widmen"? Wéi gesäit et aus mat den Aktivitéite vun de Kanner an de Bio-Gäert vum CIGL? Wéi wäit ass d'Ëmwelt Thema an eise Maisons Relaisen? Wéi wäit gëtt de "gaspillage alimentaire" hei thematiséiert?

Stéchwuert Maisons Relais, mat Funktiounskäschte fir d'Gemeng vu ronn 1,5 Milliounen Euro. Hei huet d'Gemeng an de leschte Jore grouss Efforte gemaach. D'Madamm Conter sot an hiren Ausféierungen e Freiden, datt mat der Ouverture vun der neier moderner Maison Relais zu Rodange elo kënnen insgesamt 600 Kanner an der Gemeng betreit ginn. Dat si knapps een Drëttel vun alle Schüler, déi hei an d'Schoul ginn. Sollt et d'Zil sinn all de Kanner an eiser Gemeng, déi jo nach weider wuesse wäert – an 20.000 Awunner si laang keng Utopie méi -, eng Betreiungsplaz unzebidden, da wësse mer, wat hei op eis duerkënnt. Och bleift Demande fir Crèchëplaze fir d'Kanner héich. Well d'Schoulkanner zu Rodange aus der Villa Bambi erauskommen an an d'Maisons Relaise wiesselen, kréie mer hei méi héich Kapassitéiten. Och dëst ass verbonne mat Käschten, well d'Gebai muss konform gemaach gi fir déi Kleng.

Wuesse bedeit och méi Kanner an de Schoulen. Wéi steet et ëm adequate Schoulraum? Wéi laang kënne mer do nach der Demande nokommen? Wann an der Park-Schoul d'Portierswunneng ëmfunktionéiert ass, mengen ech hätte mer kaum nach Ausbauméiglechkeeten. Oder?

De Kanner bleift ëmmer manner Raum fir sech auszetoben. Spillplaze si wichteg, sécher Spillplazen och! Ze bedauere sinn déi héich Vandalismuskäschten. Muss een deem net Rechnung droe bei der Uschafung a vläicht ëmdenken?

D'Funktiounskäschte fir eis zwee Jugendhaiser fale mat 185.306 Euro zimlech bescheiden aus. Kuckt een déi wäertvoll Aarbecht – d'Madamm Conter huet se detailléiert opgezielt – déi hei an awer och op der Strooss fir d'Jugend geleescht gëtt, kënnt een an den Iwwerleeungen net derlaanscht, dass dës zwee Haiser méi grouss a méi appropriéiert Raimlechkeete bräichten, an et ass och gesot ginn, vläicht zu Rodange méi no an den Zentrum géife kommen.

D'Funktionéiere vun der Museksschoul schléit mat ronn enger Millioun Euro zu Buch. Méi schwéier ze chiffréiere sinn d'Funktiounskäschte vun de Sportinfrastrukturen, an déi mer och massiv investéiert hunn an déi och eise Kanner ze gutt kommen. Hei kënne mer eis als Gemeng glécklech schätzen, nach ob eng ganz Réi Fräiwëlleger baséieren ze kënnen, déi quasi am Benevolat d'Betreiung vun deene Jonken iwwerhuelen. Mir subventionéieren dat jo och duerch eis Subsiden un d'Veräiner.

Beuechtlech sinn d'Funktiounskäschte vun eise Schwämmen. Käschten, déi mer, wéi bei der Museksschoul, integral mussen iwwerhuelen an och gären iwwerhuelen. Ee fade Bäigeschmaach bleift awer, well eng Rei vun den Usagere vun dëssäits an déisäits vun eise Gemengegrenze kommen.

Alles an allem e Budget, deen ökologesch an och sozial ausgeriicht ass. Dobäi kennt d'Gemeng sengen Aufgaben als modernen Déngschtleeschtungsbetrib ëmmer besser no. Mer bleiwen als Gemeng net stoen a si bestrieft de Bierger déi beschtméiglechst Sécherheet ze bidden, wat bei engem wuessendem Verkéiersproblem net einfach ass. Den ëffentlechen Transport an eiser Gemeng funktionéiert guer net schlecht an awer kann e nach ëmmer net mat der Attraktivitéit vum Individualverkéier Schrëtt halen. Et brauch en Ëmdenke vun eis all fir net am Verkéier ze erstécken.

Ech bleiwen optimistesch, datt mer als Gemengeverantwortlech och dësen Defi packen. Deemno gutt Viraussetzung dëse Budget mat guddem Gewëssen ze stëmmen!

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet a schléisse mech och gären deene Mercien un, un all déi, di gehollef hunn dëst wichtegt Dokument ze erstellen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir soen dem Här Gira Merci fir säi Bäitrag zu dësem Budget. Ech komme just op zwou Saachen zeréck, déi mech eigentlech e bësse méi concernéieren. Deen éischte Volet ass nach eng Kéier dee vun de Finanzen. Ech ginn iech Recht, datt mer fir de Moment gesond Finanzen hunn. Ech ginn iech awer och Recht, datt mer am leschte Peloton sinn, wann ee kuckt d'Pro-Kapp-Recetten aus dem "Fonds de dotation communale globale". Do si mer sécherlech net déi, di an der éischter Rei danzen. Dat wëll awer net onbedéngt eppes heeschen. Et kann een och mat deene Moyenen dann eens ginn, déi een dann huet, an et sollt een dat beschtméiglechst asetzen, wat mer dann och hei wäerte versichen.

Dann hutt der och ënnerstrach, datt mer Wunnraum schafen. Natierlech, an da wëll ech och ganz gären dat – wat den Här Thein seet – ervirsträichen. Wann ee Wunnraum schaaft, da kommen natierlech méi Leit heihinner wunnen. Dat ass sécherlech an de leschte Joren de Fall gewiescht a mat "Atzéngen" wäert dat nach eng Kéier de Fall sinn. Do muss een einfach de Choix maachen, ob ee wëll de jonke Bierger, de jonke Bewunner eng Méiglechkeet ginn, fir säin Eegenheem an der Péitenger Gemeng – an an dësem konkrete Fall zu Rolleng – ze bauen. Et kommen nei Projeten, déi sech kënnen um nächsten Horizont weisen. Dat ass de Site vu Commercial Intertech an et ass doudsécher och um fréiere Site vun Eucosider, wou jo de Ministère de Logement de Terrain kaaft huet a wou hie plangt, fir do en neit

Lotissement – an dat gëtt näischt Klenges – opzeriichten. A mir hu jo och Terraine kaaft – an ënner anerem steet och nach eng Kéier am Budget 2017 eng Zomm – fir bei der Cité Neiwiss zu Rodange nach Terrainen zur Verfügung ze hunn, fir gegebenefalls eng Extensioun vun deem Lotissement ze maachen. Dat sinn alles Diskussiounen, déi mer an deenen nächste Jore mussen treffen a mir mussen dat lues ugoen. Mir kënnen dat net ze vill séier ugoen. Dat muss a verschiddene Phasë goen, fir datt mer do net awer ze séier wuessen. Ech mengen, dat ware Bestriewunge vun deene leschte Joren, déi mer ëmmer hei gemaach hunn. Mir si gewuess, mä mir hunn awer ëmmer versicht fir dat esou ze maachen, datt mer déi néideg Infrastrukturen – esouwuel Schoulinfrastrukturen, wéi och aner Infrastrukturen – gläichzäiteg mat opzeriichten.

Dat zu deem, wat ech wollt zu ärer Interventioun soen. Ech géif dann dem Här Breyer d'Wuert ginn, fir datt hien op seng Domainer agoe kann.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech hu just 4 Punkten, wou ech dem Här Gira wollt eng Äntwert ginn oder dat ënnersträichen, wat hie gesot huet. Et ass ganz vill an eist Stroossennetz investéiert ginn. Dir hutt Recht, 4,6 Milliounen Euro ass net näischt. An et ass schonn ee puermol ënnerstrach ginn, datt mer eis Stroossen elo an engem gudden Zoustand hunn.

Wat d'Verlängerung vun der Vëlospist ubelaangt, oder de Fousswee a Richtung Fussballsterrain/Athuser Strooss, esou ass do virgesinn, datt mer de Reprofilage kéinte maachen, mä mir hu Problemer. Op deem hënneschte Stéck, op de Fussballsterrain zou, ass dee ganzen Talus zesummegetrollt an do muss fir d'éischt d'Gestion de l'Eau mam Ministère zesummekommen, well si dofir ze suergen hu fir d'Kor propper ze maachen a fir d'Beem ze stabiliséieren. An da kann eréischt mam Wee ugefaange ginn.

Et ass richteg, datt d'Spadséierweeër mussen ënnerhale ginn. Dat ass deelweis Gemengeresponsabilitéit, mä et sinn och d'Syndicaten, d'Interesseveräiner an de Fierschter, déi do ugesprach sinn. Mir versichen ëmmer zesummen eng gemeinsam Aktioun ze maachen.

Dir hutt och Recht, datt mer déi Moossname virgesinn, fir dem heftege Reen entgéint ze wierken. Do ginn engersäits preventiv Moossname geholl, wou regelméisseg no engem Plang gebotzt gëtt a mat de Pompjeeën ofgestëmmt gëtt, wou eventuell Sandsäck missten hikommen an och déi néideg Mesurë virpreparéiert ginn. Et ginn hydraulesch Verbesserunge gemaach, wou déi Kanäl musse verstäerkt ginn an Opfangbassenge musse geschafe ginn. Alles dat steet an deene Budgete vun dësem Joer och dran.

A schlussendlech hutt der Recht domatter, datt mer beim Verkéier mussen ëmdenken, wa mer gären hätten, datt Stroossen an Trottoiren erëm eise Kanner an de Leit zeréckkommen. Da musse mer kucke fir d'Autoen esou wäit ewéi méiglech erauszekréien. Dat ass dat Ëmdenken, dat Bewosstsinn fir d'éischt. An dat zweet ass fir déi national a kommunal Strategie ofzestëmmen, wou mer schonn Iddien am Kapp hunn, wéi mer op Gemengeplang wëlle weiderfueren a mir kucken och, wéi mer dat kënnen harmonéiere mat de staatleche Mesuren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Här Gira, dir hutt haaptsächlech Themen ugeschwat, déi eis Maisons Relaisen an eis Schoule beinhalten, wat och dee ganzen Ëmweltproblem mat sech bréngt. Dir schwätzt, ob een net sollt drun denken, fir bei de Vakanzenaktivitéiten en Themendag der Ëmwelt ze widmen. A wéi gesäit et mat de Kanner an de Bio-Gäert vum CIGL aus? Ech kann de Moment jo haaptsächlech schwätze fir d'Kanner aus der Maison Relais. Eis Kanner vun de Maisons Relaise gi regelméisseg – haaptsächlech ëmmer während de Vakanzen – an d'Gäert vum CIGL. An net méi spéit wéi elo am Januar gesinn ech déi Responsabel vum Sicona, fir iwwer dee ganze Volet "Bio-Kichen, Gaspillage alimentaire" ze schwätzen, an datt do och bei eis an de Maisons Relaisen déi Aktivitéiten e wéineg méi zum Virschäi solle kommen.

Wat elo eis Grondschoul ubelaangt, esou hu mer do zu Lasauvage d'Naturschoul, wou d'Kanner jo kënnen drun deelhuelen. An esou wäit ech do am Bild sinn, sinn déi Klassen och regelméisseg besat, an esouguer gutt besat. Net nëmme vu Kanner aus eiser Gemeng, mä do kommen der och nach aus dem Land erof an déi Naturschoul. Dann dierfe mer net vergiessen, datt an nächster Zäit d'Lamadelainer Millen opgeet, wou d'Kanner jo och kënnen duerch Aktivitéiten der Natur méi no kommen. An dat ass jo dann och e weider Punkt a Richtung Natur fir eis Kanner.

Wann ech elo zum Stéchwuert Maisons Relaise kommen, an un eis Betreiungsplaz an de Maisons Relaisen, esou ass et jo schonn e puermol ugeklongen, datt mer musse kucken, datt mer nach weider bauen an datt mer nach méi no un d'Zil erukommen, dat mer eis gesat hunn, an zwar, fir net nëmmen engem Drëttel vun de Kanner eng Plaz ze ginn hei an der Maison Relais, mä et och ze maache wéi aner Gemengen, déi schonn op 50% sinn. Mir wëssen natierlech, datt eng Maison Relais net an een, zwee Joer do steet an datt mer do e wéineg méi laang Zäit brauchen an datt mer och natierlech ëmmer eise Budget mussen deem upassen.

Dir kommt dann natierlech un d'Schoulen. Wann d'Portierswunneng ëmfunktionéiert an ausgebaut ass, da sinn d'Ausbauméiglechkeeten natierlech vun deene Schoulgebaier – elo emol hei zu Péiteng, ausser vläicht d'Eigent-Schoul – praktesch ausgeschöpft. Well mir mussen drun denken, datt wa mer hei an der Park-Schoul nach weider géifen ausbauen – an d'Park-Schoul ass jo relativ grouss an et kéint een nach weider ausbauen – esou dierf een awer net vergiessen, datt all Kand nach esouvill Quadratmeter zegutt huet an engem Schoulhaff an datt mer do da géifen un eis Grenze kommen. Mä wann den ale Site vum LTMA sollt Wierklechkeet ginn, da kréie mer do Méiglechkeeten, fir nach schoulesch Infrastrukture kënne bäizebauen. Mir hunn och dru geduecht fir zu Rodange eis en Terrain bei der Päsch-Schoul ze reservéieren, fir wa mer misste Schoulraum brauchen. Och bei der Fonderie-Schoul hu mer nach e grousse Bongert a wa mer Schoulraum brauchen, dann hätte mer nach Opportunitéiten. Wat natierlech och mat sech bréngt, datt mer de Moment eng zolidd Analys am gaange sinn ze maachen, vun eisem Service scolaire, deen eis emol soll op de Punkt bréngen, wéi vill Schoulraum mer de Moment hunn, wéi vill reell genotzt gëtt a wéi vill mer es an den nächste Jore brauchen. Well aus de Statistiken eraus gesi mer, wéi héich d'Zuel vun de Kanner ass, déi an den nächste Jore Schoulraum brauchen. Esou datt mer do nach eng Aarbecht virun eis hunn, mä ech mengen, datt mer déi awer bis dat nächst Fréijoer ofgeschloss hunn.

Bei der Museksschoul sot der, datt mer de Budget misste ganz droen. Neen, mir droen de Budget jo net ganz vun der Museksschoul. Et ass e Punkt, dee mer mussen droen an ech mengen, mir hu jo do e Partner. Dat ass de Ministère, deen eis jo awer trotzdeem do mat engem Subsid ënner d'Äerm gräift.

Mertzig Romain, Schäffen:

Merci, Här Gira, fir déi allgemeng positiv Approche zum Budget. Dir hutt déi meescht Saachen invoquéiert an op déi meescht Saache si schonn Äntwerte gi ginn. Ech wëll einfach nach verschidde Klengegkeete bäifügen. Dir hutt effektiv déi 50.000 Euro am Budget fir Primmen evoquéiert, wou mer de

Rectifié schonn op 20.000 Euro erofgesat hunn. Et ass bedauerlech, datt déi Sue leider net genotzt ginn. Mir wäerten awer elo selwer nach eng Kéier mussen Efforte maachen zu den Alternativen zu "myenergy", wou den Usproch bei deene Versammlunge leider och ni ganz grouss ass.

Fir awer trotzdeem nach eng Kéier op d'Elektrogefierer zeréck ze kommen, esou erwaarden ech mer u sech ganz vill vun eise Gemengegaragen, well et de Moment net onbedéngt vill Sënn ergëtt, fir Elektrobornen op Plazen ze setzen, wou mer se duerno erëm ewechhuelen. An dofir effektiv, wa mer dee modernen Outil hu fir ze schaffen, da wäerte mer och direkt virgesi fir anstänneg Bornen, wou mer d'Notzfahrzeuge dann och relativ séier kënnen erëm oplueden an datt mer déi och am Alldag kënnen notzen.

Et bleift nach ze soen, datt dir de Sicona ugeschwat hutt. Ech wëll just dozou nach soen, datt mer eng gutt Zesummenaarbecht mat hinnen hunn, och wat d'Educatioun fir d'Ëmwelt, respektiv edukativ Projete mat de Kanner betrëfft. Dofir hinnen och nach eng Kéier e grousse Luef.

Gira Carlo (CSV):

Wat een nach eng Kéier vläicht kann zum Wunnraum soen, dee geschafe gëtt – dir hutt och nach d'Neiwiss genannt – a wann een dat kuckt, da mécht dat eigentlech Sënn, well do gëtt näischt zousätzlech versigelt, obwuel do baue mer am Zentrum vun eisen Uertschaften. Och bei der Commercial Intertech. An do uewen, wou d'Hale stoungen, do war versigelt an do kënnt op déi Plaz eppes stoe wou schonn eppes stoung.

Wat d'Zesummenaarbecht mam Sicona ugeet, esou sinn ech do Member an do sinn ech gäre bereet, fir do meng Verantwortung ze iwwerhuele fir datt mer do kënne Projete starten.

Wat ech eigentlech géif schued fannen – well d'Madamm Conter huet gesot, datt mer zu Rodange e Bongert hu fir d'Schoul auszebauen – datt mer dee Bongert missten huele fir Schoulraum ze schafen. Wat ech natierlech wierklech begréissen, dat ass déi Ausso zum fréiere Site vum LTMA. Well dat war ee vu mengen Dadderen, datt ech gesot hunn, do musse mer fir Péiteng kucken, datt mer Terrain behale fir kënnen déi Schoul auszebauen, well et ass wierklech do, wou ech gesinn, datt een hei zu Péiteng kéint dat ausbauen

Dann nach ee Wuert zu der Museksschoul. Ech mengen, do hunn ech grad den Akzent wollten drop setzen, datt mir e grousse Bäitrag leeschten, datt mir eng regional Museksschoul sinn an och iwwer d'Grenzen eraus Leit hunn, déi heihinner kommen. A mir sinn dann awer déi, di deen Deel mussen droen, nieft deem wat de Staat dréit an och nieft deene Minervallen, déi duerch d'Leit gedroe ginn, déi do an d'Schoul ginn.

Brecht Guy (LSAP):

Erlaabt mer am Ufank all deene Leit Merci ze soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Ebenfalls e grousse Luef un den Här Buergermeeschter an d'Membere vum Schäfferot, fir déi flott an iwwersiichtlech Presentatioun de leschte Freideg.

Wéi seng Virgänger, léisst och de Budget fir d'Joer 2017 sech weisen. De 5-Jores-Plang, deen am Ufank vun dëser Legislatur vun de Majoritéitsparteien opgestallt ass ginn, fënnt elo mat dësem Budget säin Ofschloss. Dëse 5-Jores-Plang ass minutiéis agehale ginn a kënnt elo mat 93% zum Ofschloss. Schued datt deen zoustännege Ministère, wat d'Neigestaltung vum alen LTMA-Site betrëfft, net richteg weess wat e wëll, soss wier och schonn de Planing fir déi nei Museksschoul um Instanzewee. Dat maachen also déi 6,2% aus, déi an der Realisatioun vun dësem ambitiéise 5-Jores-Plang nach feelen. Gott sei Dank si mer och am Joer 2016 vu gréisseren Inconveniente verschount bliwwen. Den Iwwerschoss geet zwar e bëssen zeréck, bedéngt duerch déi Ursaachen, déi den Här Buergermeeschter de leschte Freideg ernimmt huet, mä loossen sech mat 9,1 Milliounen Euro nach ëmmer weisen a reien sech anstandslos un déi gutt Resultater vun dëser Mandatsperiod an. Et ass dat e Resultat, wat vill Gemengen hei am Süden net Opweises hunn. An dat Resultat kritt een awer nëmmen, wann een op eng virsiichteg Finanzpolitik opbaut an trotz ville an héijen Investissementer schrëttweis d'Gemengeschold ofbaut.

A grad bei der Gemengeschold gëtt et e weidere Fortschrëtt, well déi mécht just nach 4% bei den Dépenses ordinaires aus, an eiser Gemeng bleiwen elo just nach 10,73 Millioune Schold ofzebezuelen, wat zouzesoen "peanuts" sinn am Vergläich zu anere Gemengen.

Och eis Reservë loosse sech weisen, 15,72 Milliounen, plus 6,24 Milliounen am Pacte logement. A bei deene leschtgenannte Reservë si mer frou, datt mer 2017 net brauchen drop zeréckzegräifen. Och ass eis Pro-Kapp-Verscholdung weider erofgaangen. Dat ass jo ëmmer dat gréissten Aushängeschëld, wat d'Finanzsituatioun vun enger Gemeng ubelaangt. An zwar vu 708 Euro op 590 Euro.

Den neie PAG, op dee mer schonn zanter Jore waarden, kënnt dann och elo endlech am Joer 2017 hei an de Gemengerot. De Käschtepunkt huet sech trotz där laangwiereger Prozedur awer a Grenze gehalen.

Bei der Realisatioun vun "Atzéngen" sinn d'Prozeduren esou gutt wéi ofgeschloss an déi éischt Compromise wäerten Ufank 2017 vun deenen entspriechende jonke Familljen ënnerschriwwe ginn. E weidere gréissere Projet, de Grand Bis, ass fir 2017 mat 500.000 Euro ageschriwwen. An dofir wëlle mer hoffen, datt déi "never ending story" och deemnächst, an dat definitiv, an Ugréff geholl gëtt.

D'Uertschaft Rodange, a besonnesch den Duerfkär, wäert an deenen nächste Joren e ganzt anert Gesiicht kréien. Trotz liichtem Retard ginn d'Aarbechten elo gutt virun a mir, a besonnesch déi Rodanger Leit, sinn elo scho gespaant op d'Resultat. Ech ginn dervun aus, datt déi puer Geschäftsleit, déi nach do verbliwwe sinn, gutt informéiert sinn, wat deemnächst op se duer wäert kommen.

Wat eist Stroossennetz betrëfft, kann dës Majoritéit sech awer mat Stolz op d'Broscht klappen. A kenger Mandatsperiod virdrun ass esouvill un eisem Stroossennetz geschafft ginn. An, an nach kenger Mandatsperiod virdrun ass esouvill an d'Stroossennetz investéiert ginn. Natierlech entstinn och während dësen dréngend néidegen Aarbechten och Schantercher, déi d'Leit dobaussen net ëmmer appreciéieren. Mä dës Majoritéit ass ëmmer hirer Flicht nokomm, fir déi interesséiert Bierger an Informatiounsversammlungen an d'Bild ze setzen.

Selbstverständlech ginn och bestänneg eis Waasserleitungen iwwerpréift, a wann de Besoin do ass, och erneiert. Dat selwecht gëllt och, wat eis Gasleitunge betrëfft.

Positiv ass och, datt eis Stroossebeliichtung méi efficace gëtt, virun allem ginn nach weiderhin d'Zebrasträife besser beliicht. Elauter Aarbechten, déi scho säit längerem um Lafe sinn.

Mat der Zone 30 huet vläicht nach net jidderee sech vertraut gemaach, well vill Automobilisten nach zécken an iwwerleeën "Fueren ech elo oder fiert deen aneren?". Mä mat der Zäit wäert och déi Zone 30 hir Friichten droen, ënner Konditioun, datt och jidderee sech drun hält!

Positiv ass des Weideren d'Ënnerstëtzung vu kulturellen a sportlechen Evenementer an eiser Gemeng, an datt och weiderhi vill Gewiicht op eis Traditiounsfester geluecht gëtt.

Eist neit Subsidereglement, wat mer am Januar gestëmmt haten, ass net bei all Veräiner richteg eriwwerkomm. Nodeems dann elo e puer Korrekture gemaach si ginn, wäert dat Reglement nach méi gerecht an nach méi am Sënn vun eise Veräiner sinn. Virun allem deene Veräiner, déi sech vill mat Jugendleche beschäftegen an hinnen adequat Traineren, Moniteuren a Betreier zur Säit stellen.

Och am neie Schouljoer 2017/2018 wäerten erëm iwwer 1.800 Schüler eis Schoulgebaier besichen. Mir sinn der Meenung, datt déi Kanner sollen e proppert Ëmfeld an hire Besoinen ugepassten Installatioune benotze kënnen, an dat schléit natierlech mat 10,2 Milliounen hefteg zu Buch. Mä, wann et ëm d'Educatioun vun eisem Nowuess geet, ass wierklech keen investéierten Euro ze vill.

Déi nei Rodanger Crèche ass zanter dësem Joer funktiounsfäeg an awer gëtt schonn erëm op déi nächst gewaart, deementspriechend héich sinn d'Nofroen an d'Waardelëschten.

Wann een déi vill Associatiounen, Kommissiounen, Organisatiounen a Veräiner opzielt, déi eise Jugendlechen eng sënnvoll Fräizäitbeschäftegung ubidden, steet eis Gemeng sécher op enger vun deenen éischte Plazen hei am Süden. Idem déi vill Begleedungen, déi Jugendlecher ugebuede kréien, déi an hirem Liewen net esouvill Chance haten.

E grousse Luef fir eis 2 Jugendhaiser an der Gemeng. Et ass nach net allze laang hir, datt ech mech konnt selwer op der Plaz am Gespréich mat 2 vun den Educateuren dervun iwwerzeegen, datt hir Missioun an Aarbecht net just doranner besteet, deene Jugendleche Kicker- oder Dëschtennisspille bäizebréngen, mä och vill sozial Aufgaben erfëllen. Do ginn et effektiv Situatiounen a Fäll, déi mir eis an eiser modern orientéierter Welt net méi virstelle kënnen. E grousse Luef fir déi Leit, déi di Aarbecht do verriichten, an dat soll och eng Kéier ernimmt ginn.

Mä nach kuerz zeréck bei eis Schoulen. Nach virun e puer Joer hu mer gemengt, wa mer eis bestoend Schoulgebaier géifen ausbauen, esou kéinte mer fir d'Zukunft d'Ophuelkapassitéit vun de Schüler garantéieren. Eng vun den éischten Aufgabe vun der nächster Ekipp wäert wuel d'Schafe vun neiem Schoulraum sinn.

Datt mer eng vun deene gréisste Multikulti-Gemengen hei am Land sinn, ass net vun der Hand ze weisen. Beim Unterrecht trëfft och d'Schoulpersonal méi wéi dacks un hir Grenzen. Et ass eis awer keen Effort a keen Investissement ze vill, fir alle Kanner – egal wat fir enger Hierkonft – eng gläichberechtegt Chance ze ginn. Eise Schoulsystem ass an deene leschten 10 bis 20 Joer esou perplex a komplizéiert ginn, datt esouguer d'Schoulpersonal hir léif Méi huet fir domatter eens ze ginn. Ëmmer an ëmmer nei Direktive gi vum Ministère lancéiert. Dobäi muss ee sech awer wierklech froen, ob deen ale System ABC a Grondrechnen am éischte Schouljoer oder Zyklus, wéi et haut heescht, e schlechte System war. Idem vu Punkte ginn, a vun engem Opnamexamen nom 6. Schouljoer. Ech ginn et zou, datt dat net grad heihinner passt, mä et ass emol gutt, datt mer driwwer geschwat hunn.

Wat d'Sportsinstallatiounen a besonnesch déi 6 Fussballsterrainen an eiser Gemeng betrëfft, esou wäert deemnächst d'Union Titus Péiteng wonschlos glécklech sinn, wa se sech an hirer neier Buvette erëmfannen. Mä et gëtt nach e Fussballveräin an eiser Gemeng, nämlech den FC Rodange 91. Déi sinn och zefridden, mä net grad wonschlos. Ech hat mech schonns am Virfeld beim Sportschäffen informéiert an anscheinend läit de Feeler an der Kommunikatioun. Mä kommt, mir maachen nach e klengen Effort an dréinen e puer Luuchten an d'Tribün vum Stade Jos. Philippart, fir datt d'Zuschauer bei Owesspiller net am Däischtere sëtzen an dann a Plaz an den Thüringer sech an d'Fangere bäissen. Kommt, mer erméiglechen dem Veräin eng anstänneg Sonorisatioun, a wann nach e bësse Geld iwwereg ass, esou ee kleng Haischen uewen an der Tribün, fir datt och d'Press méi dréchen um Evenement mat deel kann huelen. Wann déi Fuerderungen och hei vläicht de Charakter vun enger Entrevue hunn, esou wier dat awer mat e bësse guddem Wëlle machbar.

Dann awer nach e puer kuerz Wierder zum Ofschloss zum HPMA. Wéi der vläicht alleguerte wësst, wäert et deemnächst do eriwwer sinn, wann dat grousst neit Südspidol um Belval gebaut wäert ginn. Mä net nëmmen Nidderkuer, mä och Diddeleng wäerten hir Dieren zoumaachen. Ech weess net, wéi et iech geet, léif Kolleginnen a Kollegen, mä ech fannen dat e bësse schued, well den HPMA trotzdeem d'Awunner vun de Kordallgemenge gefleegt huet an déi Awunnerzuel ass jo net grad niddereg. Mä nuja, mir gi jo net gefrot, mä loosse mer hoffen, datt déi nei Direktiven a Regelungen och hir Friichten droe wäerten.

A mäin allerleschte Gedanke geet awer un déi nei Gemengenatelieren. Endlech, an dat no méi wéi 20 Joer, kënne mer de Projet "Gemengenatelieren" op der Léngerstrooss entaméieren. Endlech kann eist Gemengepersonal, sief dat Fonctionnaire oder Aarbechter, geschwë vun neien a propperen Anlage profitéieren. Ech géif mengen, dat wier nach e flotte Chrëschtcadeau vun dëser Majoritéit.

A well ech, am Numm vu menger Fraktioun, dëse Budget 2017 mat all senge Facetten esou gelueft hunn, bleift eis als LSAP-Fraktioun selbstverständlech näischt Aneres iwwereg, wéi dëse Budget mat rouegem Gewëssen den nächste Freideg ze stëmmen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci, Här Brecht, fir är Interventioun. Ech mengen, ech ënnersträichen dat alles, wat der gesot hutt iwwer d'Gemengefinanzen. Generell, wann een elo hei ronderëm kuckt – mat vläicht der enger oder anerer Ausnam – sinn déi Finanze guttgeheescht ginn, wat eigentlech positiv ze gesinn ass.

Wat den neie PAG ubelaangt, esou si mer effektiv am gaangen op dee leschten Hoff ze waarden. Mir hunn elo déi lescht Avisen, mir hunn och déi lescht Dossieren erakrut, esou datt mer mat der Prozedur kënnen ufänken. Mir mussen awer fir d'éischt mat der "Umweltverträglichkeitsstudie" ufänken. Déi musse mer an d'Prozedur ginn an esoubal déi fäerdeg ass – déi muss jo och 45 Deeg aushänken an da kënnen d'Leit doropper intervenéieren a mussen ugehéiert ginn – kënne mer och duerno direkt mat der Prozedur vum PAG ufänken. Mir hunn op jidder Fall gutt Hoffnungen, datt mer dat dann elo am Fréijoer endlech iwwer d'Bühn kréien. Mä nach eng Kéier gesot, et war net onbedéngt d'Problematik vum Wëlle vun eiser Säit aus gewiescht, fir dat net ze maachen, mä et war éischter déi prozedural Situatioun, déi eis ëmmer erëm – wa mer gemengt hu mir wiere prett – no hanne gehäit huet. Mä d'Hoffnung stierft ëmmer als Lescht a mir sinn awer gudder Hoffnung, datt dat d'nächst Joer wäert klappen.

Da wëll ech och nach eng Kéier ganz kuerz op dat Südspidol agoen. Ech mengen, mir hu jo ee Vertrieder am CHEM. Mä wann dat Südspidol op Esch a Rämerech kënnt, da kréie mer awer e ganz héichwäertegt Spidol fir dee ganze Süden, wat sécherlech awer wäit iwwer dat ewechgeet, wat am Gesondheetswiese fir de Moment ka gebuede ginn, och mat deenen 3 Spideeler Esch, Diddeleng an Nidderkuer. An ech géif mengen, wann dat bis emol eng Kéier do steet, da rentéiert et sech fir jiddereen, fir da 5 Kilometer méi wäit ze

fueren – iwwer d'Autobunn, wou et da wahrscheinlech zäitlech manner, oder op mannst net vill méi laang dauert, wéi wann een op Nidderkuer muss fueren – an dann awer an engem héichwäertege Spidol behandelt ze ginn. Selbstverständlech sinn och Iwwerleeungen do, wat am Nidderkuerer Spidol ka geschéien. Kann een do net eventuell eng Struktur schafen, wou een eventuell ka bei den Dokter goe wann et net eng chirurgesch Interventioun muss sinn. Mä fir déi aner Saachen – mengen ech – wäert d'Südspidol awer wesentlech méi Méiglechkeete bidden a méi eng héich Qualitéit bidde wéi dat, wat mer an deenen 3 Spideeler fir de Moment hunn.

Breyer Roland, Schäffen:

2 Remarken, déi ech gäre wëll mat iech deelen, Här Brecht. Dat ass, datt d'Uertschaft Rodange esou lues a lues uewen am Zentrum a Schwong kënnt. Mir sinn a Retard. Mir wäerte bis Juli do schaffen an dann hu mer déi éischt Phas ofgeschloss. Mir wäerte selbstverständlech nach Ufank Januar – nom Congé collectif – eng Informatioun maache wéi et weider geet a wou d'Contraintë sinn. Et si sécherlech Contrainten do. Dir sot, esou vill Stroossenaarbechte sinn nach ni gemaach ginn an enger Period. Do wësse mer aus Erfahrung, datt d'Leit net ëmmer zefridde sinn, wann esou eppes geschitt, a speziell d'Geschäftsleit net. Mir hunn awer Iddien am Kapp, fir eventuell esou ee Genre "agence immobilière commerciale" mat an d'Liewen ze ruffen, fir ze kucken, nei Geschäftslokaler, déi do entstinn, ze ënnerstëtzen an ze kucke fir dat richtegt dran ze kréien, wat d'Leit och gären hätten. Do pake mer gären eng Hand un.

Et freet mech och, datt der feststellt, datt eis Veräiner ënnerstëtzt an encadréiert ginn. Haaptsächlech och bei groussen Evenementer. De Partenariat privilégié ass eng vun deene Formen, d'Subsidereglement ass déi aner. An ech mengen, d'Veräiner sinn am Grousse Ganze gutt bedéngt vun der Gemeng.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir sot, datt déi nei Rodanger Crèche zanter dësem Joer bezugsfäeg ass. Mir hunn awer eng nei Maison Relais. Eng Crèche hu mer nach net, mä eng Crèche wäert natierlech deementspriechend mengen ech um 5-Jores-Plang nach eng Kéier stoen, well d'Demandë fir Crèche-Plaze si jo genee esou héich wéi déi fir d'Maisons Relaisen.

Wat elo d'Santé ubelaangt, esou huet den Här Buergermeeschter jo och elo e puer Informatioune ginn. Ech mengen, dir an ech, mir si jo am Syndikat vum HPMA nach ëmmer dran. Mir hu jo elo virun enger Woch doriwwer debattéiert, hu gewëssen Nouvellë kritt. Ech mengen, et ass jo esou, datt hei am Land d'Weeër fir a Richtung Spidol oder a Richtung Hëllef nach relativ kuerz sinn, wann ee bedenkt, wéi wäit een am Ausland heiansdo muss fuere fir Hëllef ze kréien. Mä et ass net nëmmen och domatter gedoen, datt mer duerno e fuschneit, e flott, e grousst a modernt Spidol zu Rämerech stoen hunn, mä mäi Wonsch ass, datt mer zu deem Gebai – dat do sollt entstoen – och dann déi adequat an déi Kapassitéit vun Dokteren hikréien, déi mer brauche fir d'Versuergung vun eise Leit. Well dat ass prioritär, datt een och an deene Raimlechkeeten déi Leit sëtzen huet an déi deementspriechend dann och kënnen hëllefen.

Natierlech ass dat nach e wéineg a méi wäiter Siicht. Entretemps fuere mer jo nach op Déifferdeng, wat jo awer och zum Deel awer e wéineg ugepasst ginn ass fir eis Leit, well et jo awer fir si déi éischt Ulafstell ass, wa se Hëllef brauchen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech ka mech am Prinzip mat äre Saachen unfrënden. Ech hunn awer eng Saach, déi ech ganz kloer wëll uschwätzen, well ech einfach d'Impressioun hunn, datt do bewosst eng gewësse Polemik opgeworf gëtt, wou mer awer net dee richtege Wee aschloen. De Projet Vestiaire/Buvette ass eppes, wat de Rodanger Fussball scho laang zur Verfügung huet. An et geet hei net fir oder géint iergendee Veräin. Eis als Schäfferot läit wierklech all Veräin um Häerz.

Mir hunn Zougeständnesser an där Saach gemaach, an enger Reunioun, wou 2 Membere vum Schäfferot do waren an déi net virun all ze laanger Zäit war. Dës Saache sinn am Virfeld alleguerten ugeschwat ginn, déi dir opgezielt hutt, a Zougeständnesser si gemaach ginn a och schrëftlech festgehale ginn. Awer wéi der evoquéiert, schéngt d'Kommunikatioun net déi beschten ze sinn, well den FC Rodange huet vun eisen Servicer e Courrier geschéckt kritt, wou mir als Administratioun ganz kloer Froe gestallt hunn, wat si wéilten dohinner installéiert kréien, mä wou mer bis haut vum FC Rodange nach keng Äntwert kritt hunn.

Ech mengen op där aner Säit, wësst der Här Brecht, dir sidd och scho laang dobäi, a wat haut gefrot gëtt, ass an der Administratioun net onbedéngt muer gemaach. Ech mengen, d'Madamm Conzemius kann iech och e Liddchen dovunner sangen. Awer ech wëll dat heiten "en bon entendeur" soen, datt déi Zougeständnesser gemaach si ginn. An ech fannen et net richteg, datt – och wa mer heiansdo vläicht Feeler kënne sichen an eiser Administratioun - ëmmer nëmmen op eis Administratioun ofgeschiibt gëtt. An hei läit et elo ganz kloer um FC Rodange, déi eis nach keng Äntwert zougestallt hunn.

Brecht Guy (LSAP):

Ech soen iech Merci fir déi Äntwerten. Nach just e Wuert zu der Madamm Conter. Wéi mer gewuer si ginn, ass d'Gemeng Déifferdeng den éischten Demandeur, wann do eppes geschitt. A wat si dorausser maachen, steet nach am Wand, dat wësse mer net.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat wësse mer net. Well Déifferdeng gehéiert jo och den Terrain, dat dierfe mer net vergiessen. D'Zukunft wäert jo elo emol nach bréngen, wat do mat deem ganzen HPMA geschitt.

Brecht Guy (LSAP):

Dann nach kuerz e Wuert zu deem, wat den Här Mertzig betrëfft. Et ass effektiv esou, et ass richteg wat dir sot an ech wäert dat och mathuelen an de Veräin. An ech wäert deene responsabele Leit dat och soen. Mä wat do wierklech gefrot gëtt, dat ass déi Sonorisatioun. Well déi kann och heiansdo Liewe retten. Déi ass jo net nëmme fir d'Ekippen unzekënnegen, mä déi gëtt och emol bekannt, wann en Auto hënnert, wou dee séier misst op d'Plaz gesat ginn, oder iergendeppes esou. Well wann ee muss ronderëm den Terrain lafe fir eng Persoun ze fannen, dann ass dat net esou einfach. An dofir ass déi gutt Sonorisatioun do dréngend noutwenneg, esou wéi och e puer Luuchten op där Tribün, fir datt d'Leit wéinstens owes eppes gesinn.

Mä am allgemenge soen ech iech villmools Merci fir är Äntwerten.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech wëll just einfach kloer stellen, net datt et duerno esou eriwwer kënnt, wéi wann et géint iergendee Veräi wier. Wéi gesot, eis leien alleguerten d'Veräiner aus der ganzer Gemeng um Häerzen, egal wien dat ass.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech géif emol virum allem dem Schäfferot an all deene Leit villmools Merci soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn, a wat – wéi all Joer – d'selwecht ass. Also ech mengen, net a

sengem Contenu mä esou, wéi et etabléiert ass. Ech géif och dem Schäfferot Merci soen, mat un der Spëtzt dem Pierre Mellina, fir déi Presentatioun.

Déi meescht Leit hu sech un de Kodex gehalen an net ze vill Politik dra bruecht, mä am Grousse Ganze muss ee soen, datt déi Politik zanter dëser Mandatsperiod leeft wéi déi Schnouer, déi virgezeechent ginn ass. An ech fannen, datt dat ganz ganz wichteg ass, fir datt ee sech duerno nach kann an de Spigel kucken, fir dat, wat ee gemaach huet während 6 Joer an datt et deem entsprécht, wat een de Leit versprach huet a machbar ass.

Déi Pro-Kapp-Verscholdung ass esou e Modus, deen opkomm ass, mä ech fannen net, datt dat dat Wichtegst ass. Dat Wichtegst ass, datt mer während all deene Jore keen neien Emprunt gebraucht hunn, d'Schold esouvill reduzéiert gouf, esouvill Reserven hunn, wou keng do waren. Ech mengen, da kann een och eppes schaffen.

An et ass och geschafft ginn. Et ass net nëmme geschwat ginn, et ass och vill geschafft ginn. Dofir, fir déi eenzel Detailer aus dem Budget géif ech de Buergermeeschter froen – wann ech nach déi eng oder aner Fro hätt - , datt ech déi kéint nodréiglech stellen, well ech zweemol operéiert gi si während deem leschte Mount an datt ech net déi néideg Zäit hat fir alles auserneen ze huelen. Dofir géif ech dat froen. A wann dat méiglech wier, da géif ech et ebe schréftlech eraginn.

Fir de Rescht géif ech soen, datt mir als d'CSV-Fraktioun – esou wéi meng Kollegen et hei och gesot hunn – absolut kee Problem hu fir den nächste Freideg dëse Budget mat Jo ze stëmmen.

Ech hätt nach just eng perséinlech Fro, ech hat dat elo bal vergiess. Déi Explikatioun mat deene Plus-minus 2 Milliounen, wat erauskënnt duerch déi Circulairen. Kéint der mer dat vläicht nach eng Kéier erklären. Dat ass dat eenzegt. An dass dann awer ka gesot ginn, datt mer d'nächst Joer awer erëm op deem selwechte Resultat sinn. Ech hunn dat net esou richteg verstanen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat kann ech nach eng Kéier erklären. Ech soe fir d'éischt Merci, fir déi positiv Astellung an och déi Interpretatioun an Aschätzung vun dësem Budget.

Wat déi 2 Milliounen ubelaangt, ginn et an de Budgeten – an dat ass en eemolege Phenomen vun 2017 – engersäits nach déi ronn 5 Milliounen, déi mer nach musse vun de Gehälter vum Léierpersonal vun 2016 un de Staat bezuelen an déi op 2017 gebucht ginn, well dat ëmmer mat engem Decalage vun engem Joer gebucht gëtt. An ab 2017 brauche mer déi 5 Milliounen net méi ze bezuelen. Awer mer mussen elo schonn – am Budget 2017 – déi global Participatioun, déi de Staat bezuelt huet un d'Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux, bezuelen.

Dat heescht, mir hunn 2017 eigentlech déi zwou Saachen dran. Engersäits déi Participatioun, déi de Staat ëmmer un déi Caisse bezuelt huet vun eise Gemengefonctionnairen – an déi musse mer scho fir 2017 bezuelen – an am Budget 2017 steet awer och nach deen Drëttel Pai, déi mer mussen iwwerhuele vum Léierpersonal an déi sech nach op d'Joer 2016 bezéien. D'nächst Joer falen deen Drëttel – dat si ronn 5 Milliounen Euro – ewech. Da bleift natierlech déi Zomm vu 50 Milliounen, déi verdeelt gëtt op déi eenzel Gemengen, a wat fir eis Gemeng ronn 2 Milliounen ausmécht. Déi 2 Millioune bleiwen dann nach stoen, mä déi Ausgab vu 5 Millioune fält ewech. Dat heescht, wa mer elo op deem nämmlechten Niveau bleiwen – wat eis ordinär Depensen a Recetten ass – da géifen déi 5 Milliounen ewechfalen an da wiere mer och dëst Joer vun 9 plus déi 5 Milliounen op 14 Millioune komm. Natierlech wäerte mer am nächste Joer – doduerch datt d'Gehälter vun de Fonctionnairen am Joer 2017 ëm 1,5 % klammen – nach déi eng oder aner Hausse kréien an d'Depensë wäerten eropgoen am ordinäre Budget. Op der anerer Säit wësse mer net, wéi d'Recetten evoluéiere. Bei gläichbleiwende Recettë wäerten et nëmmen 3 Milliounen oder 2,5 Millioune sinn. Mä mir kënne sécher sinn, datt mer vun deene 5 Milliounen awer nach e gudden Deel d'nächst Joer an der Reserve halen an dann am Iwwerschoss behalen. An dofir ass dat exzeptionell dëst Joer.

Domatter wieren dann d'Diskussiounen zum Budget 2017 an zum Rectifié 2016 ofgeschloss.

Gemeinderatssitzung vom 12. Dezember 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Abwesend und entschuldigt:

Néant

1.

Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, die Entscheidung nicht zu veröffentlichen.

2. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Romain Mertzig teilt mit, dass das Recyclingzentrum in Rodange das Qualitätslabel, ausgestellt von der „Superdreckskëscht", erhalten hat.

3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 4.463.789,57 Euro wovon 4.339.000 Euro von der Grundsteuer (4. Trimester 2016) – stammen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

4.1. - Personalangelegenheiten.

Festlegung der „cadre fermé"-Arbeitsplätze in den unterschiedlichen Laufbahnen der Gemeindebeamten - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Roland Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

4.2. - Personalangelegenheiten.

Konventionen mit drei Angestellten zwecks Erhalt des BE-Führerscheins - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.1. - Schulwesen.

Zuordnungsänderung des Schulpersonals für das Schuljahr 2016/2017 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.2. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Teilerneuerung des Grundschulgebäudes in Lamadelaine - Bewilligung.

Gesamtkostenvoranschlag: 7.470.000 Euro (MwSt. inkl.)
Gesamtkredit: 7.620.313,61 Euro (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 7.556.458,48 Euro (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig.

6.1. - Soziales.

Erhöhung des Arbeitspensums eines Hilfserziehers (m/w) in den Maisons Relais – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.2. - Soziales.

Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt für das Betriebsjahr 2017 des Sozialamtes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.3. - Soziales.

Abrechnung des Betriebjahres 2015 des Sozialamtes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.4. - Soziales.

Spende in Höhe von 2.500 Euro für die Opfer des Erdbebens in Zentralitalien - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Joe Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.5. - Soziales.

Provisorische Abrechnung bezüglich der Erweiterungsarbeiten eines Entspannungsraums in der Maison Relais in Petingen - Bewilligung.

Gesamtkredit: 100.000,00 Euro (MwSt. inkl.)
Gesamtausgabe: 89.729,56 Euro (MwSt. inkl.)
Voraussichtliche Gesamtausgabe: 120.000,00 Euro (MwSt. inkl.)

Bewilligung einstimmig. Herr Joe Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.1. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür-Aktion von „Amnesty International" in der Gemeinde in der Zeit vom 12. bis zum 22. Dezember 2016 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür-Aktion der Vereinigung „Amicale Nidderréideng" in Rodange in der Zeit vom 1. bis zum 28. Februar 2017 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Verschiedene Ausgaben.

Zuspruch von Anerkennungsgeschenken – ergänzender Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Vereinswesen.

Statuten der Vereinigung „Marka Kabelu Bedju" asbl - Information.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

9.2. - Vereinswesen.

Statuten der Vereinigung „Cabas de Harmonia" asbl - Information.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

10. - Umwelt.

Jährlicher Aktionsplan für das Betriebsjahr 2017 des Sicona - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2016 sowie Haushaltsentwurf für 2017.

Diskussionen und Beurteilung der Gemeinderäte – Antworten der Mitglieder des Schöffenrates.

Séance publique du 16 décembre 2016

***Durée de la séance**: 14.00 à 17.50 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Absent et excusé:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.00 heures)

1. Affaires sociales
   - 1.1. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures par semaine) - décision.
   - 1.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais (20 heures par semaine) - décision.
2. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours - décision.

Séance publique (14.15 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Personnel
   - 4.1. Création d'un poste d'employé communal (m/f) à mi-temps pour le service des Maisons Relais - décision.
   - 4.2. Création d'un poste de salarié (ancien employé privé) (m/f) à durée déterminée pour le service de l'Office des citoyens - décision.
   - 4.3. Création de deux postes de salariés (m/f) pour les besoins des services bâtiments communaux et de nettoyage - décision.
5. Affaires sociales
   - 5.1. Remplacement partiel du Conseil d'administration de l'Office social - décision.
   - 5.2. Convention avec le syndicat PRO-SUD concernant le service «Night Rider» pour l'année 2017 - décision.
   - 5.3. Aide financière pour le projet relatif au financement de la formation d'accompagnateurs et d'éducateurs pour enfants et adolescents handicapés à Danang et dans la province de Ha Tinh (Vietnam) - décision.
   - 5.4. Aide financière pour le projet relatif à l'amélioration des conditions d'habitat d'enfants et d'adolescents et de leurs familles dans la zone ouest de Buenos Aires (Argentine) - décision.
   - 5.5. Aide financière pour le projet relatif à la sensibilisation des populations à risques, encadrement des enfants vulnérables et formation des jeunes à l'agriculture à Yaondé (Cameroun) - décision.
   - 5.6. Aide financière pour le projet relatif à la réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechua (Pérou) - décision.

6. Propriétés
   - 6.1. Contrat de bail avec M. Reiner Greisch, curé adjoint de la Communauté Pastorale de Pétange, concernant la mise à disposition du presbytère de Rodange (immeuble sans garage) sis à Rodange, avenue Dr Gasch n° 90 - décision.
   - 6.2. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue Gessel» de la part de la société «Elsa Immo» sàrl - décision.
   - 6.3. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» de la part de la société Promotions Tavares & Fils sàrl - décision.
   - 6.4. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de la copropriété de la résidence «Rue des Jardins n° 71» - décision.
   - 6.5. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Mme Manuela Wampach - décision.
   - 6.6. Approbation de l'acte concernant l'acquisition de terrains à Pétange, lieux-dits «Avenue de la Gare» et «Rue de l'Hôtel de Ville» de la part de la société Alexandre Loc sàrl - décision.
   - 6.7. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» de la part de la société DS Group sàrl - décision.
   - 6.8. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part des époux Adrovic-Bureau du Colombier et de M. Rahman Adrovic - décision.
   - 6.9. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Route de Longwy» de la part des consorts Bognini-Biraschi - décision.
   - 6.10. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'une maison d'habitation et d'un terrain à Lamadelaine, lieux-dits «Avenue de la Gare» et «Im Plon» de la part des époux Rogerio Da Silva Pereira et Maria Celeste Gonçalves Rochas Pereira - décision.
   - 6.11. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés» de la part de M. Pierre Schuller et Mme Suzanne Werding - décision.
   - 6.12. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de M. Gaston Hipp et Mme Helga Strauss - décision.
   - 6.13. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Fontaine» de la part de M. Sandro Botticelli - décision.
   - 6.14. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de société Immogarage S.A. - décision.
   - 6.15. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue de la Gendarmerie» de la part de M. Fabio Pandozzi et Mme Susana Gomes - décision.
   - 6.16. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» de la part de M. Bruno Gonçalves Sousa et Mme Cátia Ribeiro Sousa - décision.
   - 6.17. Approbation de l'acte concernant la vente d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Promenades» à M. Nicolas Freymann et Mme Suzanne Prinz - décision.
   - 6.18. Approbation de l'acte concernant la vente d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus» à la société Alexandre Loc sàrl - décision.
   - 6.19. Approbation de l'acte concernant la vente d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» à la société Kalista Immo sàrl - décision.
7. Cultes: Approbation des conventions avec les trois fabriques d'églises concernant la propriété des bâtiments religieux - décision.
8. Ordre public: Autorisation pour une action de porte à porte dans la commune - décision.
9. Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017
   - 9.1. Travaux extraordinaires
     - 9.1.1. Approbation du devis concernant l'affichage dynamique des avis et des informations communales au niveau des trois localités - décision.
     - 9.1.2. Approbation du devis concernant la digitalisation du système de conférence de la salle des séances de l'Hôtel de Ville - décision.
     - 9.1.3. Approbation du devis concernant la fourniture et la pose d'éléments d'illumination pour la mise en conformité des passages piétonniers - décision.
     - 9.1.4. Approbation du devis concernant les travaux de réfection de la tour du bâtiment des sapeurs-pompiers à Pétange - décision.
     - 9.1.5. Approbation du devis supplémentaire concernant les travaux de conservation à réaliser au sous-sol de la piscine PiKo à Rodange - décision.
     - 9.1.6. Approbation du devis concernant les travaux de remise en état de la salle de musique au Centre culturel à Rodange - décision.

9.1.7. Approbation du devis concernant les travaux de remplacement de la menuiserie extérieure au Centre culturel à Rodange, du côté de l'avenue Docteur Gaasch - décision.

9.1.8. Approbation du devis concernant les travaux de raccordement et de remplacement de la chaudière dans divers bâtiments communaux (maison de la culture «A Rousen», maison Fisch, bâtiment administratif) - décision.

9.1.9. Approbation du devis adapté concernant les travaux de réaménagement des vestiaires et d'aménagement d'une nouvelle buvette au terrain de football à Pétange - décision.

9.1.10. Approbation du devis adapté concernant les mesures d'apaisement du trafic dans la rue du Parc à Pétange - décision.

9.1.11. Approbation du devis concernant le réaménagement de la rue des Ecoles et des cours de récréation à Lamadelaine - décision.

9.1.12. Approbation du devis concernant les travaux à exécuter dans l'intérêt de la voirie rurale - décision.

9.1.13. Approbation du devis concernant les travaux d'assainissement de la canalisation dans la commune - décision.

9.1.14. Approbation du devis concernant les études et les analyses en cas de fortes précipitations (mesures anti-inondation) - décision.

9.1.15. Approbation du devis concernant l'installation d'une détection d'intrusion au Moulin Waxweiler à Pétange - décision.

9.1.16. Approbation du devis concernant le remplacement de la centrale détection incendie et installation d'une détection d'intrusion dans la crèche Villa Bambi à Rodange - décision.

9.1.17. Approbation du devis concernant les travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - décision.

9.1.18. Approbation du devis supplémentaire concernant l'extension des travaux dans diverses rues dans le cadre du nouveau lotissement «An den Atzéngen» à Lamadelaine - décision.

9.1.19. Approbation du devis concernant la confection d'un nouveau site internet et d'une nouvelle identité visuelle pour les besoins de l'Ecole de musique - décision.

9.1.20. Approbation du devis concernant les travaux de transformation de la crèche «Villa Bambi» à Rodange - décision.

9.1.21. Approbation du devis concernant les travaux de maçonnerie pour la réfection du hall 1 en vue des travaux de maintenance du Train 1900 au Fond-de-Gras - décision.

9.1.22. Approbation du devis concernant les travaux de réaménagement autour de l'étang et équipement de mobilier et de matériel didactique au moulin de Lamadelaine - décision.

9.1.23. Approbation du devis concernant les travaux de démolition de l'ancienne maison Goldschmit à Pétange, rue de l'Eglise - décision.

9.1.24. Approbation du devis concernant les travaux de restauration d'un vieux verger au lieu-dit «Auf dem Rothreis» à Lamadelaine - décision.

9.1.25. Approbation du devis concernant l'aménagement d'une piste cyclable (projet Interreg) - décision.

9.2. Votes du budget rectifié de 2016 et du budget de l'exercice 2017 - décisions.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures par semaine) - décision.

M. Pinto Filipe Micael, de Pétange, est engagé comme aide-éducateur à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié (ancien employé privé) et à durée déterminée.

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais (20 heures par semaine) - décision.

Mme Strauch Danielle, de Rodange, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (20 heures par semaine de classe) sous le statut du salarié (ancien employé privé) et à durée indéterminée.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech an der leschter ëffentlecher Gemengerotssëtzung vun dësem Joer. Dir hutt alleguer schonn d'Sëtzunge vum nächste Joer virleien. Dat sinn d'Sëtzunge bis déi nächst Gemengewalen. Duerno hu mer eis zeréckgehale fir dann ze definéieren, wat geschitt, well dann ass jo déi nei Equipe do, déi dat nei definéiert.

Ech wollt iech awer och informéieren, datt mir den 9. November 2016 – opgrond vun engem Schreiwes, dat mer dem Här François Bausch am Zesummenhang mat dem „Bus à haut niveau de service“ (BHNS) geriicht haten a wou mer eis verwonnert an och net averstanen erkläert haten, datt mer als Gemeng Péiteng ausgeschloss wieren – e ganz interessanten a flotten Austausch haten. Hien huet eis engersäits de Projet

virgestallt an en huet och direkt gesot, datt eigentlech och déi Péitenger Gemeng misst ugeschloss ginn an et och virgesi wier fir se unzeschléissen. Och wann dat vläicht an 2 Etappe wier. Hien huet awer ganz kloer och verstanen, datt mir als Schäffen- a Gemengerot dat net onbedéngt appreciéiert hunn, an en huet sech och eigentlech gefrot, firwat mir net vun Ufank un an dësem Projet integréiert wieren. Dat huet eis schonn zefridde gestallt. Hien huet zwar gesot, datt dat sécher misst an e puer Etappe gemaach ginn. Awer e kéint sech och virstellen, datt een dat direkt an deem Sënn géif vun Ufank u plangen. Och wann dat an e puer Phasë géif gemaach ginn.

D'Dréischeif vun dësem neie Verkéiersmëttel ass sécherlech de Belval. Do konzentréiert sech alles, do kënnt alles zesummen. Engersäits a Richtung Diddeleng, an anersäits a Richtung Péiteng. Mir mussen drop halen, datt do en Uschloss ass, fir datt dee ganze Süde matenee verbonnen ass. Dat huet de Minister och esou verstanen an huet och gefrot, datt de Bureau Schroeder & Associés, deen och mat derbäi war, vun Ufank u mat eis soll schwätze fir ze kucken, wéi déi Ubannung vu Péiteng un dee ganze System ka garantéiert ginn. Schroeder & Associés hu sech och bereet erklärt, ab ufanks 2017 Gespréicher mat eis ze féiere fir dat ze klären.

Déi Reunioun ass ganz positiv verlaf an ech mengen, datt dee Bréif, dee mer den 13. Mee geschriwwen haten, seng Friichte gedroen huet. De Minister Bausch huet eis do voll ënnerstëtzt an deem Wonsch, datt mer wëlle bis zum Schluss a vun Ufank un an dëse Projet agebonne sinn. Ech wollt iech dat soen, datt mer do op engem gudde Wee sinn.

4.1.

Personnel.

Création d'un poste d'employé communal (m/f) à mi-temps pour le service des Maisons Relais - décision.

Explications Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Personnel.

Création d'un poste de salarié (ancien employé privé) (m/f) à durée déterminée pour le service de l'Office des citoyens - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Personnel.

Création de deux postes de salariés (m/f) pour les besoins des services bâtiments communaux et de nettoyage - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Affaires sociales.

Remplacement partiel du Conseil d'administration de l'Office social - décision.

Votes secrets:

Sont nommés au Conseil d'administration de l'office social M. Kocks Laurent (par 15 voix), M. Metz François (par 14 voix), M. Pierre Nobert (par 13 voix), Mme Claude, ép. Quintus Marie-Josée (par 13 voix) et M. Willet Alain (par 15 voix).

5.2.

Affaires sociales.

Convention avec le syndicat PRO-SUD concernant le service «Night Rider» pour l'année 2017 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer am PRO-SUD awer déi eng oder aner Gemeng hunn, déi net méi wëll matmaachen. De Péitenger Schäfferot huet gesot – wann eng Majoritéit sech bereet erklärt – fir dëse Service ze assuréieren, och wa mer schonn e Service hu fir eis Jugendlech wa si aus der Stad kommen an déi eng Verbindung kréie vu Käerjeng erof. An dat um 1 Auer an um 3 Auer. Dat ass de Weekend, also freides a samschdes.

Och wa mer elo mat dem TICE an der Eisebunn nuets Verkéier hunn iwwer de Weekend, esou wollte mer awer deen heite Service net onbedéngt direkt opginn. Dee gréissten Deel vun de Gemengen aus dem PRO-SUD ware bereet, fir dat virun ze féieren. Just zwou oder dräi Gemenge waren net méi dozou bereet, esou datt mer iech virschloen, datt mer op alle Fall nach dësen Service dat nächst Joer weiderféieren. An da musse mer kucken, wéi dat sech an deenen nächste Jore mat dësem Service entwéckelt am PRO-SUD. Dofir schloe mir déiselwecht Konditiounen ewéi déi Jore virdru vir, esou datt de Service „Night Rider" och am Joer 2017 ka weidergefouert ka ginn.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Affaires sociales.

Aide financière de 10.000 euros pour le projet relatif au financement de la formation d'accompagnateurs et d'éducateurs pour enfants et adolescents handicapés à Danang et dans la province de Ha Tinh (Vietnam) - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Am Kader vun der Entwécklungshëllef a mat enger Konventioun vun 1996 iwwer d'Klimabündnis Lëtzebuerg hu mir eis engagéiert, d'Volleker aus der Drëtter Welt ze ënnerstëtzen. An engem 1. Projet géife mer dem Gemengerot virschloen, e Projet am Vietnam ze ënnerstëtzen, wou Begleetpersoune forméiert gi fir handicapéiert Kanner a Jugendlecher ze ënnerstëtzen. De Projet gesäit vir, datt do eng Spezialformatioun vun 62 Begleetpersoune soll stattfannen. Dee Projet soll direkt op der Plaz ënnerstëtzt ginn. Do si méi oder wéineger 1.100 Familljen an 1.900 Kanner, déi vun deem Projet wäerte profitéieren. Dofir géife mer dem Gemengerot virschloe fir där ONG 10.000 Euro zoukommen ze loossen.

Thein Joe (adr):

Wéi dir wësst, huet d'adr laang d'„Aide au Tiers Monde" op der Dagesuerdnung vun eisem Gemengerot guttgeheescht a freedegem Häerzens och matgestëmmt, wann déi humanitär Hëllef an engem Vernonft orientéierten, rechtméissegen a

begrënnten Usaz seng Verwendung fonnt huet. Esou huet d'adr peinlechst genee opgepasst, wéi eng Zort Entwécklungshëllef hiren Accord fënnt, a wéi eng Länner mir bei dësem, also hirem Intressi ënnerstëtzen. Et ass eng Selbstverständlechkeet, datt d'adr als wäertkonservativ Partei fir d'Solidaritéit a fir eng verantwortungsvoll Entwécklung steet. D'adr bekennt sech zum Prinzip vum Humanismus.

Nodeems de Schäfferot awer d'Kritike vun der adr an dësem Sujet net respektéiert, geschweich d'Entwécklungshëllef emol fundamentalpolitesch diskutéiert an esou zu engem neie Versteesdemech gelaangt, notzt d'adr gären hir Interventioun fir hiert Bedaueren auszedrécken. D'adr ass net méi d'accord an huet dofir och säit geraumer Zäit géint dës Punkten op der Dagesuerdnung votéiert. Net well se mam Grondprinzip vun humanitärer Hëllef e Problem huet, mä villméi dowéinst, well et e Problem geet, deen der Péitenger Schäfferotspolitik zugrond läit.

Mir hunn hei quasi op all zweeter Dagesuerdnung Done fir d'Entwécklungshëllef stoen. Dës Done sinn och reng finanzieller Natur, also eenzeg an eleng finanziell Entwécklungshëllef. Dës finanziell Entwécklungshëllef leeschte mir dann och nach blann an ëfters un déi falsch an un dubiéis Länner. Mir kënnen all d'Leed an de Misär op dëser Welt novollzéien a matfillen, mä mir kënnen net déi ganz Welt retten.

Als adr si mir der Meenung, datt d'Fro vun der Qualitéit vun der entspriechender Entwécklungshëllef endlech gestallt muss ginn. D'adr kritiséiert dobäi och d'Koordinatioun tëscht Staat a Gemengen, déi jeeweils eegen Entwécklungspolitik maachen an trieden nationalpolitesch fir d'Senke vum Bruttosozialprodukt fir d'Ausland op 0,7% als europäesch Norm an. Och komme mir zur Konklusioun, datt méi Handelsinitiativen zu erfollegräicher Entwécklung vun Ekonomien an der Drëtter Welt méi eng sënnvoll Investitioun an e richtegen Usaz sinn, wéi méi Hëllefsprojeten a Gelder, déi mir kontraproduktiv duerch d'Welt ginn. Mir stëmmen, fir eisem Grondverständnis trei ze bleiwen, also géint d'Punkte 5.3 bis 5.6. Et ass e Vote, deen ee richteg verstoe muss. Mir wiele géint d'Philosophie vun der Entwécklungshëllef vum Schäfferot an net géint d'Entwécklungshëllef per se. Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei gëtt et keng Entwécklungspolitik vum Schäfferot, et gëtt déi vun enger Majoritéit aus dem Gemengerot.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech huelen dat zur Kenntnis a wëll mech dozou net äusseren.

Accord par 16 voix "oui" et une voix "non" (adr).

5.4.

Affaires sociales.

Aide financière de 7.500 euros pour le projet relatif à l'amélioration des conditions d'habitat d'enfants et d'adolescents et de leurs familles dans la zone ouest de Buenos Aires (Argentine) - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

An deemselwechte Kader vun der Entwécklungshëllef wëlle mer nach e Projet ënnerstëtzen. Dat wier d'ONG „Nouvelle PNP asbl Fir Kanner a Latäinamerika". Et ass fir deene Kanner an de Slums vu Buenos Aires e bësse méi Liewensqualitéit ze ginn an hinnen eng Méiglechkeet ze bidde fir aus dem Misär erauszekommen. Déi ONG schafft mat enger anerer ONG, der „Madre Tiera" op der Plaz zesummen. Do gëtt eng Direkthëllef virgesi vu 500 Famillen a wou dann och an deem Kader 2.000 Kanner ugepeilt gi während der Dauer vun deem Projet. Dofir géife mir dem Gemengerot virschloe fir hinne 7.500 Euro zoukommen ze loossen.

Accord par 16 voix "oui" et une voix "non" (adr).

5.5.

Affaires sociales.

Aide financière de 7.500 euros pour le projet relatif à la sensibilisation des populations à risques, encadrement des enfants vulnérables et formation des jeunes à l'agriculture à Yaondé (Cameroun) - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir wéilten och d'ONG „Fondation Bridderlech Deelen et Frëndeskrees Kamerun asbl" ënnerstëtzen. Si hunn e Sensibiliséierungsprojet mat der Bevëlkerung, wat den HIV ugeet, a wou dann och déi ONG géif virgesi fir Weesekanner vun Elteren, déi HIV infizéiert waren, eng Méiglechkeet ze gi fir eng Formatioun an der Landwirtschaft an der Véizuucht ze kréien, esou datt si sech selwer kënne versuerge mat där Formatioun, déi si kréien.

An deem Projet si 15 Jonker ee Joer laang virgesi fir do forméiert ze ginn a sech selwer kënnen ze versuergen. Dee Projet cibléiert dann nach eng Kéier 320 Kanner, déi Weesekanner sinn a wou d'Elteren HIV infizéiert waren. Mir géife virschloe fir hinne 7.500 Euro zoukommen ze loossen.

Accord par 16 voix "oui" et une voix "non" (adr).

5.6.

Affaires sociales.

Aide financière de 5.000 euros pour le projet relatif à la réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechua (Pérou) - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Beim leschte Projet an deemselwechte Kader géife mir virschloen, der „Asociacion de Defensa y Desarollo de las Communidades Andinas del Peru" (ADECAP), déi sech zënter 1985 géint d'Kannerstierflechkeet wiert respektiv do wëll hëllefen, eng Ënnerstëtzung ze ginn. Et ass dat eng Vereenegung, déi sech a 15 Gemeinschaften an den Anden an an der Provënz Quechua asetzt, fir datt manner Kannerstierflechkeet do virkënnt.

250 Famille sollen do begleet ginn, fir u sech d'Bedingunge vun der Gesondheet an der Ernährung vun deene Kanner, déi a Gefor sinn, an d'Luucht ze setzen. Et sollen och verschidde Kulturen do opgebaut ginn, esou datt si sech iwwer deen ökologesche Wee selwer sollen ernähren. Dat géif hinnen d'Liewens- a Gesondheetskonditioune verbesseren. Fir dee Projet géife mer dem Gemengerot virschloe fir där ONG 5.000 Euro zoukommen ze loossen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech soen iech Merci fir d'Wuert. Et kann een natierlech iwwer all déi Hëllefen denken ewéi e wëll. Mir mussen hëllefen, mir sollen och hëllefen. Mir maachen dat och richteg. De Schäfferot huet dat bis elo nach ëmmer gemaach, obwuel et am Kader vum Klimabündnis Lëtzebuerg esou ass, datt d'Gemeng sech engagéiert huet, mir als Gemengeréit eis engagéiert hunn.

Wat awer bei dëse Punkten opfält, dat ass, datt et 4 Mol eng kathoulesch-chrëschtlech Organisatioun ass. Ugefaange mat „Christian Solidarity International", duerno mat „Pro Nino

Pobres“, duerno mat „Bridderlech Deelen“ an elo mat der ADECAP. Do misst awer emol heiansdo eppes anescht dertëscht sinn, eng wäertneutral an net onbedéngt eng reliéis gefierften Organisatioun.

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, da ka vläicht esou eriwwer kommen. Ech hu mat mengem Service dee Choix gemaach an hu mech guer net op dat Reliéist baséiert, well ech dat u sech net fir néideg fanne fir ze kucken, ob dat eng reliéis Associatioun ass oder net. Et ass mir oder eis als Schäfferot haaptsächlech drëm gaangen, datt mer sollen esou vill Kanner erfaasse wéi méiglech. Ech muss awer och soen, datt dëst Joer relativ wéineg Demanden do waren an datt mer u sech net dee grousse Choix haten. Mä wéi gesot, ech hunn den Akzent net drop gesat, wat fir eng Associatioun dat soll sinn. An de Choix bei den Demande war net grouss dëst Joer.

Becker Romain (déi gréng):

Ech soen iech Merci fir d'Äntwert, mä ech géif iech awer mat op de Wee gi fir dorop opzepassen. Dat kritt e fade Bäigeschmaach, wann do 5 Organisatiounen, déi Hëllef vun eis kréien, chrëschtlech Organisatioune sinn. Well mer och nach wëssen, wéi dat virun Honnerte vu Joren – emol net esou wäit – an deene Missiounslänner ofgaangen ass.

Brecht Guy (LSAP):

Am Allgemenge mengen ech, datt mir hei 4 finanziell Hëllefe guttheeschen, déi dréngend noutwenneg sinn. Mer gi jo elo all an déi wuel verdéngte Wanterpaus. Mä mir wësse jo alleguer, wat de Moment zu Aleppo lass ass. Do gi Korridore geschaf fir Zivilleit eraus ze bréngen, an da gi se nees gespaart. Honger a Misär herrschen de Moment do. An ech mengen, wann an der Tëschenzäit eppes kéim vu „Médecins sans frontières“ oder aner ONGen, dann hutt dir selbstverständlech – géif ech emol soen - eis Ënnerstëtzung fir do kënnen ze hëllefen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Déi Saachen hu mer effektiv iwwer en anere Budgetsartikel virgesinn, fir direkt ze hëllefe wann Demandë vun esou Associatioune kommen. Dat fält awer net direkt an deen heite Kader.

Accord par 16 voix "oui" et une voix "non" (adr).

6.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Reiner Gresch, curé adjoint de la Communauté Pastorale de Pétange, concernant la mise à disposition du presbytère de Rodange (immeuble sans garage) sis à Rodange, avenue Dr Gaasch n° 90 - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer duerch déi nei Gesetzgebung vum 17. Mäerz 2016 d'Gemengen net méi senséiert sinn, de Paschtéier Wunnenge gratis zur Verfügung ze stellen. Dofir hu mir iech scho virun 1 oder 2 Méint e Loyerskontrakt vum neie Paschtouer vu Péiteng, dem Här Romain Richer, virgeluecht, wou mer deem d'Wunneng verlounen.

Hei ass den 2. Paschtouer. Mir proposéieren iech e Loyerskontrakt vum Paschtoueschhaus zu Rodange. Et ass awer net d'Paschtoueschhaus eleng. Et ass den 1. Stack, deen als Wunneng ageriicht ass. Mer géifen him déi verlounen. De Prinzip wéi mer verrechnen ass deeselwechten ewéi deen, dee mer beim Paschtouer vu Péiteng geholl hunn a wéi mer en am Fong och bei aner Instanze fir Raimlechkeete vun der Gemeng Péiteng gebrauchen. Deen ass festgehale ginn. Mir hunn awer och virgesi fir wann de Rez-de-Chaussée, deen de Moment fräi ass, fir Aktivitéite gebraucht géif ginn. Dat ass e bëssen esou wéi mer et am WAX gemaach hunn. Dee ka gelount ginn zu engem „taux de faveur“, esou datt dat Haus elo seng Destinatioun iwwer deen heite Wee kritt an datt mer als Gemeng ab den 1. Januar 2017 e Loyer kréie fir dëst Gebai.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue Gessel» de la part de la société «Elsa Immo» sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 98 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité. M. Joe Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» de la part de la société Promotions Tavares & Fils sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 22 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité. M. Joe Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.4.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de la copropriété de la résidence «Rue des Jardins n° 71» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 32 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.5.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Mme Manuela Wampach - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 5 centiares se fait au prix total de 37,50 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.6.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition de terrains à Pétange, lieux-dits «Avenue de la Gare» et «Rue de l'Hôtel de Ville» de la part de la société Alexandre Loc sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition des terrains d'une contenance totale de 90 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.7.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» de la part de la société DS Group sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 1 are 24 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.8.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part des époux Adrovic-Bureau du Colombier et de M. Rahman Adrovic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 4 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.9.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Route de Longwy» de la part des consorts Bognini-Biraschi - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 18 ares 26 centiares se fait au prix de 365.200 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.10.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'une maison d'habitation et d'un terrain à Lamadelaine, lieux-dits «Avenue de la Gare» et «Im Plon» de la part des époux Rogerio Da Silva Pereira et Maria Celeste Gonçalves Rochas Pereira - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition de la maison et du terrain se fait au prix total de 589.000 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.11.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés» de la part de M. Pierre Schuller et Mme Suzanne Werding - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 42 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.12.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de M. Gaston Hipp et Mme Helga Strauss - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 63 centiares se fait au prix total de 472,50 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.13.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Fontaine» de la part de M. Sandro Botticelli - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 25 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.14.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de société Immogarage S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 8 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.15.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue de la Gendarmerie» de la part de M. Fabio Pandozzi et Mme Susana Gomes - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 8 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

6.16.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» de la part de M. Bruno Gonçalves Sousa et Mme Cátia Ribeiro Sousa - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 4 centiares se fait au prix total de 30 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.17.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue des Promenades» à M. Nicolas Freymann et Mme Suzanne Prinz - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 99 centiares se fait au prix total de 742,50 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.18.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus» à la société Alexandre Loc sàrl - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass en Terrain, wou mer awer verkafe fir 65.000 Euro den Ar. Well den Terrain eng 49 Centiar grouss ass, läit de Präis, dee mer fir deen Terrain kréien, bei 31.850 Euro. Dës Zomm wäerte mer iwwerwise kréien esoubal den Acte enregistréiert ass. Mir hunn den Acte de 17. November 2016 virum Notaire ënnerschriwwen. Opgrond vun dësem Compromis. An dofir géif ech iech virschloen, dëse guttzeheeschen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Deen Zebraträife kënnt just um Schantjen eraus. Wa se elo ufänke weider auszebaggeren, kéint deen dann e bësse geréckelt ginn?

Breyer Roland, Schäffen:

Wann e geféierlech ass, da gëtt e selbstverständlech geréckelt. Do ass kee Problem. Dat kucke mer no. Wann de Schantje laang dauert, da gëtt e geréckelt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech géif soen, datt e laang dauert, well se sinn amgaangen auszebaggeren op dem rietsen Eck. A wa se mat deenen décke Camione kommen, dann ass déi Situatioun geféierlech.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer hunn ëmmer de Problem datt – dir wësst et jo selwer well dir an der Verkéierskommissioun sidd -, wa mer eppes änneren um Verkéiersreglement, da musse mer nees en Ajustement maachen. Mir sammelen déi Saachen normalerweis. Wann et geféierlech ass, da musse mir eng Drénglechkeetsveruerdnung huelen, esou datt mer kënne reagéieren. Ech kucken dat no.

Approbation à l'unanimité.

6.19.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain à Rodange, lieu-dit «Rue Jos Philippart» à la société Kalista Immo sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 89 centiares se fait au prix total de 667,50 euros.

Approbation à l'unanimité.

7.

Cultes.

Approbation des conventions avec les trois fabriques d'églises concernant la propriété des bâtiments religieux - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass e Punkt, deen a ville Gemengen op der Dagesuerdnung stoung an deen och muss geregelt ginn opgrond vun enger Rei vu ministerielle Circulairen(3.255; 3.399 an 3.406) wou den Inneministère eis un d'Häerz geluecht huet – fir net ze soen d'Messer op d'Broscht gesat huet – fir eng Konventioun mat de Kierchefabricken ze maachen am Hibléck vun den Definitioune vun den „droits de propriété" vu reliéise Gebaier. An dat misst ofgeschloss gi bis Enn vun dësem Joer.

Mir hate virun engem Joer schonn Entrevuë mat deenen 3 Kierchefabricken, a mir waren eis eigentlech eens, esou datt mer alleguer zur Konklusioun koumen, datt dës Gebaier op Terraine stoungen, déi der Gemeng Péiteng gehéieren, well d'Gemeng jo dës Gebaier selwer am 19. resp. 20. Joerhonnert selwer opgeriicht huet. Jee nodeem ëm wat fir eng Kierch et geet. Och d'Ënnerhaltsaarbechte goufen an deene leschten 30 oder 40 Joer regelméisseg gemaach. Ech mengen, déi, di scho méi laang am Gemengerot sëtzen, déi wëssen, wéi vill Sue mir awer fir den Erhaalt vun de Kierchen an de leschte Joren investéiert hunn.

Mir sinn awer elo rezent vum Inneminister ugewise gi fir d'Saach méi konsequent unzegoen andeems e gesot huet, datt, wa mir net bis den 1. Januar 2017 eng Konventioun géife virleeën – an e géif et och scho provisoresch maachen – , da géif hien dës Kierchen an de Fong ginn.

Well déi Terrainen eis éiweg gehéiert hunn an de Kadaster d'Gemeng Péiteng als Proprietaire vun dësen Terrain duergeluecht huet a mir dës Haiser och ëmmer komplett ënnerhalen hunn, wier dat fir eis eng Enteegnung gewiescht. Fir där Enteegnung vun deene Gebaier virzegräifen ier d'Chamber op eemol awer esou e Gesetz stëmmt a mir déi Terrainen a Gebaier net méi an eisem Patrimoine hätten, hu mir dann awer nees eng Kéier e Gespréich gefouert mat deenen 3 Kierchefabricke vu Rolleng, Rodange a Péiteng. Dës Gespréicher waren, esou ewéi déi éischt, ganz konstruktiv an opschlossräich, well mir waren eis all ronderëm den Dësch eens, datt d'Fakten evident wieren an et keng Diskussioun wier, datt déi Terrainen an d'Gebaier zum Patrimoine vun der Gemeng Péiteng géife gehéieren.

Doropshin hu mir och eng Konventioun gemaach – well et net aneschters goung – tëscht de Kierchefabricken an der Gemeng, wou engersäits de Schäfferot an anersäits d'Haaptleit vun de Kierchefabricken ënnerschriwwen hunn. Mir hunn dëst festgehalen:

Laut dem „droit commun“ ass et esou ganz kloer, datt de Kadaster kloer ausweist, datt déi Kierchen op Terraine stinn, déi der Gemeng Péiteng gehéieren an datt eigentlech – wéi et och op aner Plazen net anescht ass -, wann ee mengt, dat wier net esou, een da misst deem anere beweisen, datt dat, wat am Kadaster ass, net richteg ass. Net ëmgedréint ewéi dat vum Minister gefrot ass. An zwar, datt mir elo missten Dokumenter bréngen, aus deenen ervirgeet, datt d'Kierchen eis géife gehéieren, mä datt et just am „droit commun“ anescht ass ewéi dat, wat elo vun de Gemenge gefuerdert ass. Ech soen do ganz kloer, datt de Minister d'Gemeng an dësem Kontext an eng schwaach Stellung bruecht huet andeems hien d'Gemenge gezwongen huet, de „droit de propriété“ ze bréngen. Am anere Fall géif et an de Fong goen.

Mir waren der Meenung, datt et net esou ass. An och d'Kierchefabricken hunn an dëser Konventioun och ganz kloer an dësem Fall mat dokumentéiert, datt si der Meenung sinn, datt déi Gebaier an déi Terrainen der Gemeng Péiteng géife gehéieren.

Doropshin hu mer och nach festgestallt, datt mer déi lescht 30 Joer awer substantiell an déi Gebaier investéiert hunn, esou wéi e Proprietaire vun engem Gebai dat dann och mécht wann en déi grouss Reparatiounen ënnerhélt. Dir gesitt jo déi Zommen do, déi mer fir d'Erhale vun deene Gebaier do investéiert hunn. Zu Péiteng waren et 639.000 Euro, zu Rodange 1,1 Milliounen Euro an zu Lamadelaine 721.000 Euro. Do gesäit een, datt dat och nach ënnersträicht, datt mir Proprietaire vun dëse Gebaier misste si well mer jo dee ganzen Ënnerhalt während 30 Joer gemaach hunn.

Mir sinn eis och mat de Kierchefabricken eens ginn, datt déi Gebaier och weiderhi fir de Culte zur Verfügung stinn, datt mer nach eng Konventioun musse maache wann dat Gesetz eng Kéier a Kraaft ass, well de Moment schwätze mer just nëmme vun engem „projet de loi“. Mer schwätzen nach net vun engem Gesetz. Mä wann dat Gesetz kënnt, da wäerten awer konform zu deem Gesetz eng Konventioun mat der Kathoulescher Kierch gemaach gi fir dës Gebaier ze benotzen.

Mir sinn awer der Meenung, an do si mer net grad op därselwechter Wellelängt wéi de Minister, datt d'Gemengen an Zukunft solle vun deene Gebaier profitéiere kënnen, fir do aner kulturell Aktivitéiten, déi selbstverständlech am Aklang si mat deem Site, ze organiséieren. Dat kann natierlech net egal wat sinn, dat muss scho wierdeg si fir esou Gebaier. Ech ënnersträichen, datt mer an deene leschte Wochen an och an deenen nächste Woche 4 Concerten haten, eng Chrëschtauditioun hunn, well déi Gebaier eegne sech jo ganz gutt dofir, well d'Akustik ass gutt. An ech froe mech, firwat mir net solle vun esou Gebaier profitéiere fir esou Aktivitéiten ze maachen. Ech hoffen, datt déi Gesetzgebung esou ugepasst gëtt, datt dat och an Zukunft nach méiglech ass wat elo während 30 oder 40 Joer méiglech war.

Dat gesot, wollt ech awer nach eppes derbäi soe wat mech fierchterlech gestéiert huet a wou mer och e Courrier un de Kadaster geschéckt hunn. Als Gemeng si mir Proprietaire vun deem Terrain, an do si besonnesch zu Lamadelaine ewéi zu Rodange vum Kadaster déi kadastral Nummere geännert ginn. Net nëmme geännert ginn, mä opgedeelt ginn. A bis elo war et ëmmer esou, datt, wann en Terrain opgedeelt gouf, d'Gemeng gefrot ginn ass. Engersäits als Gemeng, well wann ee wëll eng Opdeelung maachen, da musse mir kucken, ob dat konform ass zu eisem Bautereglement, eisem PAG, well et kann een net einfach en Terrain opdeelen a verkafen. Esou einfach geet dat net, well et muss den Dispositioune vun eisem Bautereglement entspriechen. An dofir gi mir och vum Kadaster gefrot fir all Privatproprietaire, dee wëll en Terrain opdeelen. An da soe mir et geet oder et geet net. Wann et net geet an een et awer mécht, da si mer net méi konform zu eisem Bautereglement. Mir hätte misste bei dëser Opdeelung gefrot ginn als Gemeng, mä besonnesch als Proprietaire vun deem Terrain. Stellt iech vir, de Kadaster géif einfach ären Terrain opdeelen a soen, de Virgäertche kréich eng aner Kadasternummer ouni datt dir wësst, wat geschitt.

Genee dat ass hei geschitt. An am Kadaster steet „sans pièces justificatives“ géif dat gemaach ginn. Mir wëllen einfach wëssen, a mir hunn dat och um Kadaster gefrot an den Direkter huet dat och ufanks der Woch kritt, well mir an engem „missive“ vum Inneminister gelies hunn, datt dat geschitt ass. Mir hunn et emol mussen erëmsichen a wou komme mer un déi Kadasternummeren, well et war guer net dat, wat mir haten. Mir hunn elo dem Kadaster geschriwwen, datt mir wësse wëllen, wien d'Initiativ geholl huet fir eis Terrainen opzedeelen. A mir waarde mat Spannung op déi Äntwert, well ech fannen dat e ganzt staarkt Stéck wat do geschitt ass. Mir hunn eise Verdacht, wien et ka gewiescht sinn. Mir wëllen dat awer fir d'éischt emol bestätegt hu fir dann ze kucken, ob mer net musse legal géint déi Leit virgoen, déi esou Initiativen huelen.

Dat gesot stinn haut 3 Konventiounen op der Dagesuerdnung, an deene mir festhalen, datt mir déi Kierchen respektiv déi Terrainen, op deenen déi Kierchen dropstinn, an eisem Patrimoine sinn an datt mir och wëllen eise Patrimoine behalen. Awer och, datt mer déi Kierchen an Zukunft der kathoulescher Kierch zur Verfügung stellen. Laut Konventioun esou wéi d'Gesetz dat wäert virgesi wann dat Gesetz dann emol eng Kéier do ass.

Thein Joe (adr):

Merci fir d'Wuert. Ech fannen déi Gambisteparteie jo absolut onerdréiglech wat déi hei maachen. Et handelt sech heibäi ganz kloer ëm eng Gläichschaltung- an Enteegnungspolitik, déi ee mat der Buedemreform ka vergläichen an der DDR, wou d'Baueren och hire Buedem vum Staat konfiskéiert kruten. An domat kënne mir absolut net averstane sinn. D'adr wëll, datt d'Kierch ganz kloer am Duerf bleift a mat hir och d'Kierchefabricken als hire Motor.

Et muss ee wëssen, datt eis Paren d'Autonomie 1803, 1806 an 1808 erreecht hunn an elo gi mer deen anere Wee a mer sollen d'Kierchen total enteegnen. Ech sinn awer och elo gespaant, wéi sech d'Parteie wäerten hei positionéieren. Déi ganz Rëtsch hei op menger Säit, well et wier interessant ze wëssen, wéi si sech dann zu dëser Regierung, zu dëser Propose wäerte stellen. Well hei wäert ee ganz kloer de Rëss tëscht de kommunalen an den nationale Parteie gesinn. An esou eppes géif et bei der adr net ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, mir sinn elo hei am Gemengerot a mir geet et elo net drëm fir eng Diskussioun ze féieren iwwer d'Trennung vu Kierch a Staat oder net. Dat ass national Politik. Dem Schäfferot geet et hei ganz kloer ëm de Patrimoine, eise Besëtz. A mir als Gemeng mussen hei alleguer un engem Strang zéien a soen, datt mir der Meenung sinn, datt mir dee Patrimoine, deen eis gehéiert, och an eiser Proprietéit behalen.

Becker Romain (déi gréng):

Opgrond vun der Interventioun vum Här Thein an opgrond vun ärer Äntwert hu mir elo gesinn, datt dem Här Thein seng Rechnung net opgaangen ass. Hie wollt nämlech d'CSV vun eiser Gemeng mat op déiselwecht Linn ewéi hie bréngen, an dat ass net opgaange well de Buergermeeschter gesot huet, dat eent wier Landespolitik a mir maachen hei Gemengepolitik.

Ech hätt awer do eng Fro wat déi Dokumenter ugeet, wiem déi Kierch elo gehéiert. Den Terrain gehéiert jo der Gemeng, wann ech dat richteg verstanen hunn. Ginn et do da keng Akte

vun deemools, vun deenen Honnerte vu Joren? Ech hu keng Ahnung, wéi déi Datume sinn. Ginn et do Akten oder ass dat einfach vun de Gebaier selwer?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat d'Gebaier ugeet, do hu mer ganz kloer Beweiser an et fënnt een och an de Registeren, datt am 19. Joerhonnert e Prêt gemaach gouf vum Gemengerot vun der Gemeng Péiteng fir déi Kierch vu Péiteng ze bauen. Den Här Joseph Collette ass als Historiker ee vun deene grousse Leit, déi dat och kënnen dokumentéieren. Hien huet eis do ganz kloer gewisen, datt d'Gemeng Péiteng och déi Rodanger Kierch deemools fir 40.000 Frang gebaut gouf. Deemools konnt ee fir dee Präis nach eng Kierch bauen. Haut kritt ee just nach e puer Still fir dran. Et waren aner Zäiten. De René Klein, och en Historiker, konnt eis och op d'Spréng hëllefen, datt 1934-1935 – et gouf och a Broschüren aktéiert an et kann een et och nosichen – d'Gemeng Péiteng d'Kierch vu Lamadelaine gebaut huet.

An der Tëschenzäit, an all déi, déi schonn eng Zäitchen hei am Gemengerot sinn, déi wëssen – an dofir hu mer déi Zuelen och esou séier erëmfonnt -, datt mer an deenen Ënnerhalts- a Renovatiounskäschte maassgeeblech bedeelegt waren. Esou datt ech mengen, datt och keen Zweiwel dru besteet, datt d'Gebaier eis och gehéieren.

Wat d'Terrainen ugeet, esou sinn déi natierlech virum Kadaster do gewiescht. Zesummen hu mer versicht, a mer konnten dem Kadaster och beweisen, datt déi Terrainen aus engem ganze Koup Terrainen zesummegesat goufen. Doropshin huet de Kadaster och am Juli 2015 alleguer déi Terrainen op „administration communale" gesat. Virdru war e bëssen e Flou do. Mä mir hunn hinnen déi Dokumentatioune geliwwert, an dat goung hinnen duer fir dat ëmzesetzen, esou datt keen Zweiwel do ass, datt déi Terrainen och op den Numm vun der Gemeng Péiteng agedroe sinn.

Natierlech, wa muer ee géif kommen a kéint beweisen – wat net de Fall ass an déi 3 Kierchefabricken hunn dat och ënnerstrach, datt een dat net kann an och keen Zweiwel besteet, datt dat net esou ass –, datt et net eisen Terrain ass, da misste mer kucken, wat mer géife maachen. Dat gëllt och wa muer ee bei iech géif kommen a beweisen, datt den Terrain, op deem dir äert Haus gebaut hutt, him géif gehéieren. Mä fir de Moment ass dat awer absolut net de Fall. Dat ass „de droit commun" a wa keng Beweiser virleien, dann zielt dat, wat am Kadaster steet. An de Kadaster seet ganz kloer, et ass op den Numm vun der Gemeng Péiteng agedroen.

A wann ee weess, datt déi Kierchen och vu vir bis hanne vun der Gemeng ënnerhale goufen, do besteet eigentlech keen Zweiwel drun. Do musse scho staark Argumenter komme fir de Géigendeel ze beweisen. Dat ass et, wat ech dem Minister virgeheien, an zwar, datt hien eis an d'Situatioun bruecht huet, fir datt mir him missten en Dokument brénge wat beweist, datt mir Proprietaire sinn. Obwuel alles drop hindeit, datt déi Gebaier eis gehéieren. Wat net einfach ze maachen ass bei Gebaier, déi schonn zum Deel 200 Joer al sinn. An am „droit commun" ass et just ëmgekéiert. Do muss deejéinegen, dee mengt, et wier falsch wat am Kadaster steet, Beweiser bréngen. Dofir ass et e bëssen onglécklech. Mä mir sinn eis mat de Kierchefabricken eens, an dat ass jo dat, wat ausschlaggebend ass. Et wier méi komplizéiert gi wann déi et anescht gesinn hätten ewéi mir, mä déi dräi gesinn et d'selwecht ewéi de Schäffen- a Gemengerot. Elo ass awer keng Diskussioun wéi de Minister dat festgehalen huet, datt dat am Fong net méi agedroe gëtt, mä datt et weiderhin d'Proprietéit vun der Gemeng Péiteng bleift.

Becker Romain (déi gréng):

Mä et wier awer och flott, informativ an interessant gewiescht wa mir als Conseilleren déi Akten hätte kéinte gesinn oder wann dat hätt kéinte kopéiert ginn. Net fir dra wullen ze goen, mä reng informativ an historesch gesinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et verhënnert näischt, datt mir iech dat kënne ginn. Do sinn Dokumenter, déi mir erausgesicht hunn, déi sinn nach op der Hand geschriwwen aus de Registeren aus dem 19. Joerhonnert, wou mer wëssen, datt dat net fir de Minister duergeet als Piècen. Mä alles dat, wat mir zesummegedroen hunn, geet – eiser Meenung no – bei wäitem duer fir ze beweisen, datt et eis als Gemeng gehéiert an datt mer alles mussen ënnerhuele fir net enteegent ze ginn. Mir mussen och alles ënnerhuele fir dee Patrimoine aus deenen 3 Uertschaften net opzeginn. Wa mer eis schonn eens gi wéi mer dat an Zukunft wëlle verwalten, da mengen ech, ass dat schonn dee richtege Wee fir datt mer déi Kierche behalen an datt mer déi Aktivitéiten, déi an de Kierche kënne stattfannen, am Konsens mat de Kierchefabricken oder hiren Nofolger klären. Et ass am Intressi vum kulturelle Liewen an eisen Uertschaften, et ass am Intressi vun der Roll – vläicht net bei jidderengem -, déi d'Kierch nach ëmmer spillt bei ville Leit. An ech mengen, dat kënne mir eis als Gemeng leeschten. A mir kënne spéiderhin, an 20, 30 oder 40 Joer, wann d'Situatioun sech nees eventuell ännert, nach ëmmer driwwer schwätzen. Mä fir de Moment wier et nach ubruecht fir déi 3 Kierchen do ze halen a se fir déi Zwecker ze erhalen, fir déi se haut gebraucht ginn.

A wann een e bëssen duerch d'Land kuckt, da stellt ee fest, datt dat a ganz ville Fäll bleift. Déi Kierchen, déi an Zukunft net méi déi Roll wäerte spillen, déi se haut spillen, wäerte séier gezielt sinn hei zu Lëtzebuerg. Well mer mierken awer nach ëmmer déi Traditioun, déi hei besteet. Och wa verschidde Leit méi wäit ewech gi vun där Situatioun. Mä bei dem groussen Deel vun de Leit bleift ëmmer iergendwéi e Lien géintiwwer vun der Kierch. Dofir mengen ech, datt mer awer nach ganz gutt mat 3 Kierchen hei an der Péitenger Gemeng kéinte liewen.

Becker Romain (déi gréng):

Doropshin huet et mech och e wéineg gefoxt, well ech hat eng Circulaire gesi vum Generalvikar Leo Wagener. Ech hu se matbruecht an et ass och um Internet nozeliesen. Dat ass alles ëffentlech. Déi ass adresséiert „An die Herren Pfarrer, die Damen und Herren der Kirchenfabriken", an do gëtt et de Punkt 5, dee seet: „Leitlinien des Erzbistums als Hilfestellung zu den Verhandlungen". Do steet ee Saz dran, dee mech gefoxt huet: „ Pro Gemeinde ist mindestens eine Kirche in den Fonds zu überführen". Wat dat och ëmmer wëll heeschen. Well dat ass net dat, wat am Gesetz steet. Dat wat hei an där Circulaire steet vum Generalvikar u seng Matbridder an un d'Presidente vum Kiercherot ass net dat, wat am Gesetz steet, well hei steet „ Pro Gemeinde ist mindestens eine Kirche in den Fonds zu überführen".

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also fir mech ass et kloer, datt de Generalvikar eng Suerg huet, an ech verstinn déi Suerg, datt hien an all Gemeng op d'mannst eng Kierch huet, wou déi kathoulesch Kierch ka funktionéieren. Ech kennen de Generalvikar perséinlech an déi Léisung, déi hei um Dësch läit, gëtt sécher och vun him gedeelt. Wat hien elo sécher net wéilt hunn, dat wier, datt 3 Kierchen an de Gemengebesëtz kommen an d'Gemeng géif dann entscheeden, deene Kierchen hire sakrale Charakter ze huelen. Da wier keng Kierch méi an der Gemeng. Dat géif him natierlech Suerge maachen. Dofir mengen ech, datt d'Kierchefabricken nëmme mat där Konventioun averstane si well mer hannendru soen, datt déi Kierche weiderhi kënne fir

déi Zwecker gebraucht gi wou se elo gebraucht ginn. Also der kathoulescher Kierch zur Verfügung ze stoen. Anerefalls mengen ech och, datt et méi schwéier gewiescht wier fir e Konsens ze fanne mat de Kierchefabricken. Ouni elo genee ze wëssen, wat e genee domat gemengt huet, ass et a mengen Aen éischter an deem Sënn ze gesinn ewéi datt hie mengt, se missten onbedéngt an de Fonds goen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech denken awer, datt et aus enger anerer Ursaach war. Si oder hien haten d'Angscht, datt, wann d'Kierchen un d'Gemenge falen, dann d'Gemenge mat de Kierche maache wat se wëllen. Dofir ass dee Saz dann ze verstoen. Et huet mech awer bëssen duerchernee gemaach, well et net dat ass, wat am Regierungsgesetz steet.

Stoffel Marco (LSAP):

Jo, ech begréissen et, datt dat esou e Wee fonnt huet. Et ass awer wichteg, datt d'Gemeng d'Hand op deene Gebaier hält, wa se esou vill investéiert huet. Mer wësse jo, datt déi Konventioun wäert gemaach ginn, wou d'Kierchen dann awer nach ëmmer fir deen Zweck, dee se de Moment hunn, gebraucht ginn. Spéiderhi kann ee jo op dee Wee goe fir e Reglement vum Gemengerot auszeschaffen, wat nach zousätzlech an de Kierche ka gemaach ginn. Mer wëlle jo alleguer, datt et Saache sinn, déi dem Zweck vun deem Gebai entspriechen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Richteg. Et ass esou, datt mir mussen ofwaarden, ob dat Gesetz iwwerhaapt kënnt a wéi d'Gesetz ausgesäit. An da kann een och eng Konventioun maachen. Mir hunn déi Konventioun jo och hei an deem Sënn ugedeit. Mä mir mussen natierlech ofwaarden, wat dat Gesetz seet an da musse mer eis souwisou dorunner halen, well soss ass déi Konventioun jo „null und nichtig".

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hu just eng Fro zum Haff riets nieft der Kierch zu Rodange. Do ginn et déi lescht Zäit ëmmer Problemer well d'Leit net méi erauskommen. Do ass een, dee blockéiert. Wiem gehéiert deen Haff? Well mer jo elo grad dovunner schwätzen, kënnt dir eis dat soen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Haff gehéiert der Gemeng grad esou wéi d'Kierch. Et ass grad dat, wou déi Opdeelung gemaach gouf an den Haff getrennt gouf vun der Kierch. Wa mir elo déi Bestätegung kréien, déi mir mengen, datt richteg ass, da wäert souwisou eppes an deem Haff geschéien. Och wa mir den Home St Remy kréien a wa mer do dee ganzen Zentrum vu Rodange entwéckelen.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Haff ass mat virgesi wa mir virun der Dir schaffen, an zwar als Installatioun vum Schantjen. An dann ass virgesinn, datt e mat integréiert gëtt. Wa mer dat dann do op engem anere senger Proprietéit dierfen. Dat musse mer jo dee Moment nach klären. Fir deen ass de Moment den Haff geklaut.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir kënnen de Moment och kee Schëld dohinner stellen.

Breyer Roland, Schäffen:

Neen. Mer sinn am Ableck op enger „propriété privée".

Scheuer Romain (déi gréng):

Ebe well se Problemer hate mam Parken déi lescht Zäit a well d'Leit och blockéiert gi sinn. Da kann ech dat esou weider ginn.

Rosenfeld Romain (CSV):

Also ech si frou, datt opgrond vun deene Konventiounen an dem Nosichen am Kadaster déi Saach kloer ass an datt et och ënnerschriwwen ass mat deene verschiddene Parréit. Wat mech e bësse foxt hei – fir dem Här Becker seng Wierder ze gebrauchen -, dat ass, datt hien sech esou ëm d'Kierche bekëmmert an e geet ëmmer no de Cortègë riicht derlaanscht.

Becker Romain (déi gréng):

E Mëttwoch war ech dran, an den Här Rosenfeld war net derbäi. An et war kal.

Accord à l'unanimité.

8.

Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de porte à porte (vente de biscuits) dans la commune de Pétange en date du 14 janvier 2017 - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité. MM Patrick Arendt et Joe Thein, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

9.1.1.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 55.000 euros concernant l'affichage dynamique des avis et des informations communales au niveau des trois localités - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Patrick Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.2.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 35.000 euros concernant la digitalisation du système de conférence de la salle des séances de l'Hôtel de Ville - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité. Mme Gaby Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.3.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 300.000 euros concernant la fourniture et la pose d'éléments d'illumination pour la mise en conformité des passages piétonniers - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Et geet viru mat der Beliichtung fir eis Foussgänger, wou mer jo och scho rieds hate beim Budget. Dat geet elo riicht viru bis op d'Rodanger Grenz. Do kommen am ganzen 12 nei Luuchten derbäi, déi mat LED beliicht sinn, an op béide Säite vun der Strooss opgestallt ginn. Dat heescht, op all Säit vun der Strooss kënnt eng Luucht stoen. Et kommen och

Drucktaster dohinner fir déi behënnert Matbierger, esou datt si och wëssen, wou déi Luucht ass. D'Bordüre ginn och deelweis erofgesat, do wou se mussen erofgesat ginn. Dat kascht 300.000 Euro mat der ganzer Pose, der Astandsetzung, den Tranchéeën an alles, wat muss gemaach ginn, esou wéi dat zu Péiteng scho geschitt ass.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hat den Här Breyer e Méindeg gefrot, ob dat Rolleng a Rodange wier, mä ech hat keng Äntwert kritt.

Breyer Roland, Schäffen:

Hat dir keng Äntwert kritt? Ech hat gemengt, ech hätt iech geäntwert, datt eng oder zwou Stéck op der Sektioun Lamadelaine géife stattfannen an de Rescht op der Sektioun Rodange. Da hat ech iech gesot. Dann ass de Mikro vläicht net gaangen. Et geet riicht duerch an der Achs vun der Nationalstrooss.

Gira Carlo (CSV):

Et ass dacks hei am Gemengerot gesot ginn, datt dat eng gutt Saach ass. Et ass och eng gutt Saach. Dat Eenzegt, wat ech mech froen ass, ob een dat net och misst op deenen Achsen, déi nach parallel zu deene Stroosse lafen an als Schläichweeër geholl ginn, ëmzesetzen. Egal ob et duerch Péiteng d'Parallelstroosse sinn oder zu Rodange a Lamadelaine. Déi ginn och vill benotzt. Dat ass eng grouss Verbesserung fir d'Leit, an et misst een awer kucke fir dat esou séier wéi méiglech duerchzezéien.

Breyer Roland, Schäffen:

Et steet nach e ganze Koup op der Wonschlëscht drop, an et wäerten nach eng 3. a 4. Etapp kommen. Déi kommen awer net alleguer beieneen. Och wa mer se finanziell kéinte packen, mä wat d'Material ugeet, do ginn et awer laang Liwwerzäiten. Ech hoffen op alle Fall, datt ech als nächste Verkéiersschäffen dat ka weiderféieren.

Brecht Guy (LSAP):

Den Här Gira huet just dat gefrot, wat ech och froe wollt. Ech wëll just bäifügen, datt all Cent, deen an d'Sécherheet vun de Bierger investéiert gëtt, kee verluerenen Cent ass. Dofir ass déi Aktioun, déi dir do maacht, scho gutt.

Breyer Roland, Schäffen:

Also et hëlt een et gutt anuecht. Et ass e groussen Ënnerscheed tëscht deem Neien an deem Alen.

Accord à l'unanimité. Mme Gaby Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.4.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 20.000 euros concernant les travaux de réfection de la tour du bâtiment des sapeurs-pompiers à Pétange - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité. Mme Gaby Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.5.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis supplémentaire au montant de 100.000 euros concernant les travaux de conservation à réaliser au sous-sol de la piscine PiKo à Rodange - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité. Mme Gaby Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.6.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 70.000 euros concernant les travaux de remise en état de la salle de musique au Centre culturel à Rodange - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Do fuere mer weider mat der Astandsetzung vum Musekssall zu Rodange am Kulturzenter. Dat war ee Moment ausgesat gi well d'Fusioun um Wee war. Déi Fusioun huet elo net stattfonnt, an déi Säll ginn elo nees gebraucht vun der Rodange-Lamadelainer Musek. Do gouf emol alles ofgezunn, wat ural an ofgenotzt ass. D'Tapisserei an d'Riddoe kommen ewech, och d'Caissone kommen erof. Et gëtt alles nei ofgespachtelt, an da kënnt en neien Ustrach vum Plafong a vum Daachgespär. D'Heizkierper ginn och ugestrach an et komme Lamellen dohinner mat Caissonen. D'Akustik gëtt och erneiert an et kënnt och en neie Buedemteppech dohinner fir 70.000 Euro.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Am Devis steet eppes vun de Storen an de Lamellen, déi gemaach ginn a vun deenen den Här Breyer elo grad geschwat huet. Ginn do d'Fënsteren net ersat? Ass dat well hannendrun, beim Punkt 9.1.7., do gi jo d'Fënstere vun der viischter Fassad ersat. Mä se hu jo awer och eng Fënster un der hënneschter Fassad. Gëtt déi net ersat? Ass déi net an deem Projet dran?

Breyer Roland, Schäffen:

Neen, net am Kontext vun dësem Projet. Mir maachen elo déi viischt Fassad fäerdeg, an et gëtt gekuckt fir dat anert Joer nach e puer Iddien ze entwéckelen am Hibléck op eng nei Verdeelung vun de Raimlechkeete bannen. Well do ass net alles perfekt. An da maache mer déi hënnescht Fassad an déi Ännerung dat anert Joer. Also 2018.

Brecht Guy (LSAP):

Wa schonn een dee Rodanger Musekssall gesinn huet, da weess een, datt do eng Zort Tribün do ass, wou d'Prouwe waren. Dat goung do esou trapeweis erop. Ech huelen un, datt dat net esou an deem Sënn bleift, well et ass zimlech grouss, an de Sall war och virgesi wéi et de Museken och nach besser gaangen ass. Ech wëll net iwwer déi aktuell Situatioun schwätzen, mä jidderee ka sech jo e Bild maachen. Kann een dann dee Raum eventuell och fir aner Zwecker benotzen? Oder ass e just geduecht fir d'Musek?

Breyer Roland, Schäffen:

Also déi Zäite wou mer Säll gemaach hu fir just ee Veräin, déi sinn eriwwer. Et muss ee kucken, well heiansdo gi spezifesch Ausstattunge gefrot – esou war et emol bei der Musek – , mä déi Gradine mussen net méi onbedéngt sinn esou wéi dat fréier war. Et geet heiansdo duer mat 2 oder 3 Stufen, awer net mat 5.

Déi Säll sollen all polyvalent ausgeriicht ginn. Et weess ee jo net, wéi et evoluéiert. Ech kéint mer deen dote Sall, iwwer dee mer nach eng Kéier mat der Musek schwätzen a wou mer

schonn e graffe Plang hunn, mat Gradine virstellen. Mä dat kéint och fir den Theater gutt sinn oder fir aner Saachen. Flott ass et, wa mer ufänken ze schaffen an alles eraus hunn. Et steet eng Onmass Saachen dran. Da gesäit een, wéi grouss dee Sall ass. Ech versprieche mer op alle Fall, datt an den Diskussioune mat de Veräiner e gewëssent Alenken do ass, esou datt een dat net eleng egoistesch gesäit. Mir wäerten och dofir suergen, datt dat e bësse méi op a polyvalent soll sinn.

Rosenfeld Romain (CSV):

Déi meescht Saache si gesot, mä ech sinn awer och frou, datt elo emol gesot gëtt, de Sall géif an d'Rei gesat ginn an duerno gëtt gekuckt, wat fir eng Affektatiounen e ka kréien. Dat ass jo esou, oder hunn ech dat falsch verstanen?

Breyer Roland, Schäffen:

De Moment ass et nach ëmmer de Musekssall, mä e gëtt awer esou polyvalent ageriicht, datt en net exklusiv fir d'Musek do muss sinn.

Rosenfeld Romain (CSV):

Et ass scho gutt, datt en an d'Rei gesat gëtt, well e gesäit ganz ganz schlecht aus. Wéi et duerno virugeet, dat wäerte mer jo da gesinn.

Accord à l'unanimité.

9.1.7.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 115.000 euros concernant les travaux de remplacement de la menuiserie extérieure au Centre culturel à Rodange, du côté de l'avenue Docteur Gaasch - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Hei sinn et ongefeier 12 Fënsteren, déi op déi viischt Fassad zouginn, déi mer wëllen ersetzen. D'Fënstere ginn erausgeholl, et kënnt eng 3-fach Verglasung dohinner. Bausse komme Lamellen aus Aluminium fir géint d'Sonn ze schützen. Alles zesumme fir 115.000 Euro.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech si frou, datt déi aner Fënsteren emol gemaach ginn, well et jo batter néideg ass. Wat nach feelt ass d'Entrée, well do klabbert alles, wat ze klabberen huet. Ass dat virgesinn?

Breyer Roland, Schäffen:

Et si just d'Fënstere virgesinn. Ech soen iech awer, firwat mer net un d'Entrée geduecht un. An zwar well do och an der Funktionalitéit vum Haus eng Studie soll gemaach ginn, ob et normal ass, datt mer ëmmer vun dem Hall profitéiere fir Reuniounen ze maachen an och Receptioune vun der Gemeng. D'Fro stellt sech, ob een net eppes anescht mat deem grousse Raum kéint maachen. Déi Entréeshal ass esou gutt Garderobe, Buvette a Materialdepot. Dat ass net dat schéinste Bild. Ech kéint mer virstellen, datt, wann den Zenter vu Rodange bausse fäerdeg ass, da soll ee sech och Gedanke maache wéi ee sech déi Entrée besser kéint virstellen. Dofir wollte mer d'Dieren net mat eranhuelen, well do vläicht e ganz aneren Abléck kënnt ewéi dat de Moment de Fall ass.

Brecht Guy (LSAP):

Déi Rodanger stellen e bëssen déiselwecht Froen dozou, an d'Madamm Conzemius huet mir elo aus der Séil geschwat. Här Breyer, dir sot eppes vun enger anerer Entrée. Dat kann ech mer schlecht virstellen an deem Zenter do.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir musst iech et esou virstellen: et gëtt gekuckt, wéi déi Plaz virum Zenter ausgesäit wa se fäerdeg ass. Kommt mer waarden dat emol of, well da gëtt et eng ganz aner Vue an da seet een, et kéint een dat hei oder dat dote maachen. Et fale vill Trapen ewech. Et sinn nach ëmmer Trapen do, mä et gëtt ganz anescht. Do gleewen ech drun, datt mer do eng Diskussioun féieren iwwer dat, wat ee kéint anescht maachen. Do kommen nei Wënsch an och nei Perspektiven.

Brecht Guy (LSAP):

Well fir eng aner Entrée musst der awer vill veränneren.

Breyer Roland, Schäffen:

Do misst vill geännert ginn. Et si schonn Iddien do.

Accord à l'unanimité. M. Romain Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.8.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 87.000 euros concernant les travaux de raccordement et de remplacement de la chaudière dans divers bâtiments communaux (maison de la culture «A Rousen», maison Fisch, bâtiment administratif) - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Praktesch déi ganz Front vum Fischenhaus bis A Rousen hunn al Installatioune wat d'Heizung ugeet. Déi rezentst ass déi vun A Rousen. Mä et huet een awer och festgestallt, datt se op eemol eng Pann hat. Mir hate Versammlungen do wou et kal war, an do ass no méi enger intelligenter Léisung gesicht ginn. Amplaz e puer Heizungen ze hunn, soll een elo alles matenee verbannen. Et gëtt elo eng méi zentral Heizung déi iwwer „Wärmepumpen" mat de Gebaier verbonne sinn, esou datt mer e bessere Rendement kréien andeems se manner verbraucht. An et gëtt och méi bëlleg. Dat Ganzt soll ronn 87.000 Euro kaschten. Mer kréien och eppes vum Klimapakt, wa mer dat géife maachen.

Gira Carlo (CSV):

Jo grad dat, wat den Här Beyer ugeschwat huet, wollt ech hei bemierken an och soen, datt dat ufänkt, seng Friichten ze droen. Mir hu jo e Klimateam a kucken och fir Léisungen ze fannen, wou een och ka Synergië maachen. Bei dräi Gebaier, déi uneneen hänken, huet et kee Wäert fir iwwerdimensional Heizungen anzebauen. Hei ass et scho sënnvoll fir eng Heizung ze maachen, wou een d'Distributioun kann op déi dräi Haiser maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi gesot, mir haten do 3 Gebaier mat 4 Heizungen, an dat ass e bësse vill.

Accord à l'unanimité. M. Guy Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.9.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis adapté au montant de 2.370.000 euros concernant les travaux de réaménagement des vestiaires et

d'aménagement d'une nouvelle buvette au terrain de football à Pétange - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn en ugepassten Devis virleie fir d'Erneierung vun de Vestiairen a fir d'Installatioun fir eng Buvette um Fussballsterrain. Mir haten en Devis vun 855.000 Euro virleien, mä mir hunn en adaptéierten Devis maache gelooss. Mir hunn och mat deene Verantwortleche geschwat. De Volume vum Clubhaus gëtt ëm 53% méi grouss. Doduerch bedéngt, well mer ufanks net woussten, datt mer e Stéck Terrain vum Staat kéinte bäikréien, wouduerch mer dann och d'Vestiairë kënnen adaptéiere mat den Duschen.

Mir hunn och virgesinn, datt mer en ökologesche Projet doraus maachen a mer mat enger Energieklass AAA kënne fueren. En Deel kréie mer iwwer de Klimapakt respektiv iwwer Subside vum Staat erëm. Des Weidere si mir zum Schluss komm, datt mer dee Luuchtepotto, dee virum Gebai géif stoen, niewendru kéim an an engems d'Scheinwerfer um Terrain géifen nei maachen. Déi hänken elo 15 Joer do. Och am Sënn vum Verbrauch. Dat kënnt och nach bei de Supplementen derbäi. Dann hu mer en ofgerënnten Devis vun 2.370.000 Euro virleien.

Gira Carlo (CSV):

Bei de Budgetsdiskussiounen hat ech jo scho gesot, datt mer hei e Gebai hunn, dat virbildlech a Saachen Ëmwelt ass. Wat ech elo an de Pläng net erausgesinn hunn ass, ob et eventuell virgesinn ass fir d'Reewaasser opzefänken, fir et eventuell fir d'Toilette respektiv fir d'Netze vum Terrain ze benotzen.

Wat mer nach opgefall ass, dat ass de Präis vum Lift. Deen ass mat 25.000 Euro uginn. Dat schéngt mir e bësse wéineg, well mer dacks bei Projete soen, mer verzichten op e Lift, well dat deier gëtt. Ech gesinn awer an, datt dee Potto muss ersat ginn an och am Sënn vun enger méi grousser Effektivitéit bei der Aspuerung vun der Energie déi Luuchte mussen ersat ginn. Mä dann ass awer de Präis vu 57.000 Euro relativ héich.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wat d'Opfänke vum Reewaasser ugeet, do kann ech iech net esou direkt drop äntweren. Fir d'Netze vum Terrain geet et net, well mer do e gewëssen Drock brauchen. An do kréie mer effektiv Problemer wa mer deen net aus enger Leitung kréien. Ech ginn awer dovunner aus, datt eisen Ëmweltberoder, dee mer och fir de Klimapakt hunn am deen eis zur Säit stoung an och gehollef huet, de Projet op d'Been ze stellen, dat wäert virgesinn. Well mir hu jo och eng Waarmwaasseropbereedung virgesinn an deem ökologesche Projet respektiv och Solarpanneauen. D'Fro, déi sech effektiv stellt, wäert déi mat der Plaz sinn. Dat bleift nach ze kucken, well mer jo eréischt um Ufank vun den Aarbechte sinn. Eisen Ëmweltberoder ass do wierklech op Zack a wäert eis gutt beroden an eis och mat Rot an Dot zur Säit stoen.

Mam Lift hu mer effektiv déi 25.000 Euro virgesinn. Et ass just ee Stack, dee mer mussen eropfueren. Ech weess net, ob dat den Impakt ass firwat et esou oder net méi deier gëtt. Mir souzen op alle Fall zesumme mam Architekt, mat eise Servicer, a si hunn eis verséchert, datt dat net géif méi deier ginn. Ech hoffen, datt mer och dobäi bleiwen. Et wier wënschenswäert wann dat net nach méi an d'Luucht géif goen. Dofir hu mer am Virfeld awer och nach eng Reserve vu 17.000 Euro virgesinn.

Becker Romain (déi gréng):

Den Här Mertzig huet et elo erkläert oder gesot an der Äntwert un den Här Gira. An der Intro huet den Här Mertzig net vun de Solarpanneaue geschwat, an dofir wollt ech dat awer hei nach eng Kéier an de Raum geheie well mer dee leschte Méindeg doriwwer geschwat haten. Sief dat bei der neier Buvette fir Photovoltaik-Panneauen ze maache fir Stroum zeréck ze gewannen, respektiv um Daach vun der Tribün. Ech wéilt dat nach eng Kéier mat an d'Diskussioun bréngen, ob een dat net kéint eng Kéier nobauen, ech mengen hei Photovoltaik-Panneauen um Daach vun der Tribün oder thermesch Panneaue fir dat waarmt Waasser. Wann een déi grouss Fläch huet an thermesch Panneauen dropsetzt, da kéint een esou vill waarmt Waasser kréie fir d'Duschen. Dat wollt ech nach eng Kéier mat op de Wee ginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat mat de Solarpanneauen hunn ech effektiv elo net hei ausgeluecht, mä ech hat dat awer bei der Budgets-presentatioun ervirbruecht. Mat de Solarpanneauen op der Tribün, do weess ech net, ob et méiglech ass. Mer musse fir d'éischt emol kucken, ob et statesch méiglech ass. Natierlech géif dat och Sënn maachen. Mer dierfen awer net vergiessen datt, wa mer déi Tribün déi aner Säit kucken – ech huele jo un, datt dir déi uschwätzt -, déi huet eng gewëssen Neigung a mer mussen effektiv kucken, ob dat statesch méiglech ass. Wann et méiglech wier, da géife mir dat net aus den Ae verléieren. Genee esou wéi mer och virgesinn hunn, dat Konzept bis 2018 ze realiséieren, wou dann och dee Moment de Solarkadaster mat dra kënnt a mer doduerch ganz aner Indikatioune kréien.

Becker Romain (déi gréng):

Well der d'Neigung ugeschwat hutt, do ginn et awer scho Systemer, wou een d'Panneaue kann am Wénkel regléieren. Et ass wéi dir sot, dat muss mam Statiker gekuckt ginn, ob dat ze maachen ass.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir wäerten dat net aus den Ae verléieren.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech kucke vu vir eran déi Zomm an da soen ech, déi kënnt net gutt eriwwer, well einfach déi Ënnerdeelungen, déi do dra sinn, net richteg detailléiert sinn. Et ass ugaange mat deem, wat ënner der Buvette ass. Do kommen Zouleitungen op d'Kläranlag, et ass eng Traffostatioun do an d'Beliichtung. Et kënnt schlecht eriwwer wann s de sees 2.370.000 Euro fir eng nei Buvette. Dat ass e bësse staarken Tubak wann een dat esou liest.

Do sinn awer e ganze Koup Saache ronderëm. Déi Traffostatioun ass do, an da kommen déi grouss Leitunge fir op d'Kläranlag. Dat huet alles Problemer op sech gehat. An elo gëtt de Potto nach geréckelt. D'Beliichtung gëtt nei gemaach. An dat ass alles ënner dem Sammelbegréff Buvette uginn. Dat ass vläicht dat, wat an dësem Dossier vläicht e bëssen e saueren Nogeschmaach huet. Ech sinn awer frou, datt dat do geschitt. Well duerno, wann eppes gemaach gëtt, da gëtt nees gesot „Wat hu se do nees eppes gemaach". Ech fannen, datt et richteg soll gemaach ginn. Doriwwer eraus wollt ech nach wëssen, a wat fir enger Héicht mer bei de Subside kënne rechnen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Fir iech op déi éischt Saach ze äntweren. Jo, mä mer hunn awer och d'Erneierung vun de Vestiairen. Och wann deen anere Projet dropgesat gëtt, kënne mer dat net vernoléissegen an dat un net de Leit zoudroen. Dat Ganzt soll sech awer op d'Vestiairen axéieren. Selbstverständlech hutt dir Recht, datt mer mat ville Problemer konfrontéiert waren duerch d'Leitungen op de SIACH, duerch den Traffo, deen do war. Mir haten nees – et schéngt Usus ze sinn – Problemer mam schlechte Buedem. Dat schléit och bal mat 40.000 Euro zu Buch, wat awer am initiale Projet net virgesi waren.

Bei der Klass AAA hu mer ronn 250.000 Euro virgesinn. Mir hunn och direkt – an d'Madamm Conzemius hat dat jo och schonn déi leschte Kéier gefrot – eng Abroch- an Alarmanlag virgesinn, wat och nees mat 20.000 Euro virgesinn ass. Natierlech de Supplement mam Geliichts ass och nees 60.000 Euro. Et summéiert sech nawell zimlech séier.

Wat d'Subsiden ugeet, do ass et esou, datt mer dee Projet tëscht 250.000 Euro an 350.000 Euro iwwer de Klimapakt kënnen offiederen. Mir kënnen nach eng Kéier mat 10% Subside vum Staat rechnen. A bei deem Punkt, wou mer ënner „Mobilier" dra geschriwwen hunn, kann ech mer och virstellen, datt mer do och eng Léisung kéinte fannen ewéi mer an eisen aneren Zentren hunn, esou datt mer dann do och nach eng substantiell Zomm ofgefiedert kréien.

Accord à l'unanimité.

9.1.10.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis adapté au montant de 1.500.000 euros concernant les mesures d'apaisement du trafic dans la rue du Parc à Pétange - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

An der rue du Parc si mer jo schonn amgaangen ze schaffen. Mer hate schonn 250.000 Euro am Budget vun elo stoen. Et kënnt nach e leschte Brocken derbäi vun 1.250.000 Euro an engem ugepassten Devis, an dat fir déi Strooss fäerdeg ze maachen. Et ass jo esou, datt am ieweschten Deel e „shared space" entsteet, wou d'Strooss vun uewen erof, also vun der RN erof, zougemaach gëtt. Et muss een also duerch d'rue Dicks erop komme fir uewen an d'Strooss ze kommen. Dat si mer jo elo schonn amgaangen ze üben. Déi ganz Parkplazen, déi elo an der Zone „shared space" solle kommen, dat wäerten der zum Schluss nach 15 sinn. Elo sinn et der 20, se ginn e bësse reduzéiert am ieweschten Deel. Ënner d'Beem komme Parkplazen hin. Et kommen och nach weider 9 Beem an d'rue du Parc derbäi. Op der Haaptstrooss – esou wéi dat elo scho provisoresch de Fall ass – gëtt eng Zone fir d'Liwwerungen ageriicht, wou Camione kënne stoe bleiwe wa se liwweren. De Rescht gëtt mat Bornen ofgeséchert, awer mat Bornen, déi ee kann ewech huelen, fir datt d'Ambulanzen oder d'Pompjeeë kënnen uewen erakomme wann eng Urgence besteet. Da brauchen si net vun ënnen erop ze kommen. An der Zone „shared space" ass de Verkéier erlaabt op enger Breet vun 3,50 Meter. Déi ganz Plaz virun der Dier gëtt erweidert an um Enn ass et eng Gesamtfläch vun 3.300 Quadratmeter, déi mer dann als „Grande Place J.F. Kennedy" hunn. Deen ieweschten Deel, wann ee vun ënnen erop kënnt, gëtt esou berouegt, datt een do net méi däerf parke goen. Hei kënnt och eng Borne stoen, déi ewechgeholl ka ginn.

D'Entrée vum Haus Pesch gëtt och nach liicht ugepasst. De Moment ass déi och ganz onpraktesch. Déi gëtt ugepasst, esou datt se behënnertegerecht ass.

A kuerze Wierder, wa mer gutt weiderkommen am Projet, dann ass dat fir déi grouss Vakanz fäerdeg.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt gesot, et géifen e puer Beem dobäikommen. Ginn déi op déi ganz Strooss verdeelt oder kommen déi haaptsächlech an de Beräich vun deem ieweschten Deel? Dir hutt gesot, et steet eng grouss Plaz do. Dat Bushaische war jo och schonn am Gespréich. Et mécht wuel Sënn, awer wou een och net onbedéngt dréche bleift a bei grousse Veranstaltungen hënnert. Bleift dat bestoen oder kann een dat an deem Sënn anescht gestalten? An eventuell d'Beem och vläicht méi wäit eropzéien.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi 9 Beem ginn iwwer déi ganz Strooss verdeelt. Si kommen och an deen ënneschten a mëttleren Deel. Et gëtt méi gemittlech, well mer besser Plaz hunn. D'Trottoire bleiwe bestoen an d'Parkplaze fir déi Leit an der Strooss bleiwen och bestoen. De Projet gesäit elo net vir, datt de „mobilier urbain" ersat soll ginn. Dat ass awer och schonn a Gedanke virgesinn. Ech hunn emol domatter gerechent, datt e Bagger dra géif rennen, da misst et souwisou gemaach ginn. Wann dat net geschitt, da musse mer en neie Projet maachen, esou datt mer déi Plaz och upassen un hir Funktiounen, déi se soll hunn. Do sinn effektiv Saachen, déi ännere.

Gira Carlo (CSV):

Dat heescht, der denkt och déi Sprangburen.

Breyer Roland, Schäffen:

Un d'Sprangburen denke mer och. Mir hunn eng ganz Rei Infrastrukturen am Buedem leien, déi gutt sinn an déi och kënnen esou bleiwen. Et kommen och nach zousätzlech Installatioune fir Elektresch dohinner, fir och emol elektresch Vëloen dohinner ze setzen. Dat ass och alles virgesinn an deem Projet, esou datt mer déi Plaz lues a lues méi funktionell maache fir d'Leit, déi do zirkuléieren, fir d'Vëloen, déi do fueren, a fir eventuell Fester. Et ass eng „Place de rencontre", a se soll och esou gestalt ginn.

Accord à l'unanimité.

9.1.11.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 720.000 euros concernant le réaménagement de la rue des Ecoles et des cours de récréation à Lamadelaine - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Ëmgestaltung vun der rue des Ecoles zu Lamadelaine. Dat ass tëscht deenen zwou Schoulen, der Grond- an der Spillschoul. Et ass e Projet, dee scho méi laang an der Maach ass, mä wou mer nach ëmmer drop gewaart hunn, datt ënne sollt de Parking an déi nei Entrée zum Kierfecht fäerdeg ginn. Wa mer elo hei ufänken ze schaffen, da wäerten déi Parkplazen, déi hanner der Grondschoul zu Lamadelaine sinn, verschwannen. Déi Parkplazen, déi säitlech vum Kierfecht sinn och. Dat hei soll jo haaptsächlech e Vëlos- a Fousswee ginn tëscht de Schoulen. Et komme Placken dohinner, gréng Plazen an et gëtt ugeséint. Zur Säit vun der Grondschoul kënnt e klenge Sportsterrain an dee Schoulhaff eran. Deen Holzmikado, fir dee mer scho laang vu LuxControl de Fanger gewise kréien, kënnt ewech. D'Spillschoul kritt e Schoulhaff, deen adequat ass fir eng Spillschoul, well wann der de Moment zu Lamadelaine sidd an den Haff kuckt, da gesitt dir, datt deen e bësse schappeg a lamentabel ass.

De positiven Avis vun der Schoulkommissioun hu mer och scho kritt. Dee ganze Projet ass och mam Schoulpersonal beschwat, dat och ganz positiv zu deem Projet steet. Dat Eenzegt, dat mer nach musse beschwätzen, dat ass am Devis, wou scho gewësse Spiller drastinn. Do huele mer och schonn eng gewëssen Zomm dofir mat eran. Mä wat fir Spiller elo richteg an dee Schoulhaff vun där Schoul kommen, dat gëtt nach mam Schoulpersonal ofgeschwat. Dat hei ass eng Demande vun der Architektin, déi dat esou gesinn huet a wat och pädagogesch

gesi gutt ass. Mä et soll ee keng Spiller an e Schoulhaff setzen, déi net mam Léierpersonal ofgeschwat sinn. Dat wëlle mer awer nach maachen. An deem Kontext wëlle mer awer och deem Rechnung droen, wéi d'Ufroe vum Schoulpersonal sinn. Mä mir wëllen awer och an de Grenze vum Devis bleiwen. An natierlech och eisem Kannergemengerot. Si hu schonn duerno gefrot. Hinne wëlle mer och de Plang weisen, well ech mengen, d'Kanner sollen do och kënnen e Wuert matschwätzen. Et ass a sech e flotte Projet, deen duerno déi ganz Verbindung tëscht deenen zwou Schoule vill méi einfach a verkéiersberouegt mécht, well jo dann och keen Auto méi do derduerch fiert. Des Weidere gëtt en deenen zwou Schoulen och d'Gefill, datt se zesumme gehéieren an datt se net méi duerch eng Strooss getrennt sinn. Si solle méi kënne profitéiere vun dësem Schoulhaff. Et ass e Projet, deen de Moment 720.000 Euro virweist. Ech géif iech bieden, dat elo ze stëmme fir datt mer esou séier wéi méiglech dat kënnen ausschreiwen an ufänke mat schaffe wann d'Wieder dat erméiglecht.

Arendt Patrick (CSV):

Ech si richteg frou, Madamm Conter, ze héieren, datt dir och de Kannergemengerot mat abezitt. Ech sinn och wierklech houfreg, datt déi Wierder, déi ech an der Budgetserklärung gesot hunn, op oppen Ouere beim Schäfferot gestouss sinn.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech hu just eng Fro zu deem Projet. Wann ech elo richteg gesinn, dann ass och virgesi fir de Verbindungswee, deen eriwwer an d'Cité geet - an d'rue Mathias Heinen -, ze verbesseren. Dat war ëmmer en Dadder vun de Leit, déi dee benotzt hunn. De Wee war jo och ëmmer an engem schlechten Zoustand wann et gereent huet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dee Wee gëtt mat verbessert an nei beplanzt. Natierlech kommen och eng Heck an en Drot dohinner, net datt d'Kanner eis op eemol do ausbéchsen. Dann hu se do och nach eng gewësse Sécherheet. Déi Verbindung gëtt och gemaach.

Gira Carlo (CSV):

Wann ee sech déi Pläng ukuckt, da gesäit een, datt op der Illustratioun, déi gemaach gouf, e „Grüngürtel" entsteet mat Hecken, Beem, Gestrëpp, Blummen. Ech wëll hei nach eng Kéier drop hiweisen – ech hat dat scho bei der Park-Schoul gemaach -, datt ee muss aus pädagogescher Siicht oppassen, datt déi Planzen, déi hei gesat ginn, och am Unterrecht kënne benotzt ginn. Madamm Conter, dir hutt hei gesot, et stéing nach net genee fest, wat fir Spiller dohinner kommen. Wann een awer kuckt, wat hei virgeschloe gëtt, dann ass dat awer net schlecht. Et gesäit een, datt den Terrain wierklech esou genotzt gëtt fir Rutschen oder Klotergerüster am Hang opzestellen. Och d'Material, wat erausgesicht gouf – et ass Holz – ass esou ausgeriicht, datt mer do nohalteg schaffen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech ka mir och virstellen, datt mer, wéi gesot, Rutschen an déi Häng abauen. Déi ergi sech jo dofir. Et ass jo esou, datt d'Architektin verschidde Spiller virgesinn huet. Ech mengen, et soll een de Kanner awer och e Matsproocherecht ginn, well si déi jo regelméisseg benotzen. Si huet och eng Sandkëscht virgesinn. Ech gesinn elo net grad de Sënn vun enger Sandkëscht an engem Schoulhaff, well ee jo weess, wann d'Wieder net gutt ass, wéi d'Kanner dann erausgesi wa se duerno an d'Schoul eraginn an si naass a fiicht do sëtzen. Deem musse mer Rechnung droen, mir mussen duerno kucken. Kandgerecht a behënnertegerecht Spiller wäerte mer scho fanne fir an deen dote Schoulhaff ze integréieren.

Accord à l'unanimité.

9.1.12.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 55.000 euros concernant les travaux à exécuter dans l'intérêt de la voirie rurale - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité.

9.1.13.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 300.000 euros concernant les travaux d'assainissement de la canalisation dans la commune - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité.

9.1.14.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 30.000 euros concernant les études et les analyses en cas de fortes précipitations (mesures anti-inondation) - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dëse Punkt hat den Här Scheuer schonn ugeschwat. Dat si Moossname géint Iwwerschwemmungen. Mir hunn 3 bis 5 Punkten an der Gemeng, wou mer ëmmer mat Iwwerfläche-waasser geplot sinn. Do geet et net duer mam Kanal. Et geet och net duer fir d'Grief propper an a Stand ze halen. Et muss och stabiliséiert ginn oder et mussen och nach aner Moossname geholl ginn, z.B. e Reeniwwerlafbecken oder anerer. Fir déi genee erauszefannen hu mir eis 40.000 Euro ugefrot, an zwar fir mat engem Bureau dat festzestellen an dat och eventuell direkt am Laf vum Joer ze maachen. Wa mer keng Sue méi am extraordinäre Budget hunn, da komme mer nach eng Kéier erëm.

Arendt Patrick (CSV):

Ech denken do net nëmmen un d'Leit beim Hondsterrain, mä et ginn där Terrainen iwwerall an eiser Gemeng. Plazen, déi wichteg sinn nozekucken. Ech fannen et awer och eng gutt Saach. All Cent, deen do investéiert gëtt ass e gudden Cent an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger.

Ech selwer hat déi leschte Kéier ganz grouss Schied, well bei mir d'Waasser an d'Stuff eragelaf ass. Meng Fra war héichschwanger an dat war keng schéi Situatioun. Jiddefalls hunn ech och do vill Hëllef iwwer déi sozial Netzwierker krut. An der Nuecht hunn ech dat probéiert zréckzegi wat d'Leit mir am Virfeld ginn hunn. Mir gesinn ewéi séier esou eppes ka schif ausgoen. Ech denken elo just un d'Cité zu Suessem. Opgrond vun de Baachen, déi vill kanaliséiert goufen, ass et wichteg, dass mer op de Wee gi fir dat ze renaturéieren. Dat Phenomen gesäit een de Moment am ganze Land. An ech mengen, dat deet eiser Flora a Fauna ganz gutt.

Breyer Roland, Schäffen:

Et hunn der sech schonn e ganze Koup gemellt, mä mir ware schonn am Virfeld déi Plaze kucken, wou eppes lass war. Dir gesitt et vläicht do wou dir wunnt. Do si se jo amgaangen de

Kanal bzw. d'Strooss nei ze maachen. Do sinn och Moossnamen amgaange fir e Réckstaubecken an der Strooss mat ze maachen. Dat heescht, iwwerall do, wou mer Problemer gesinn, kënne mer schonn – wa mer Aarbechte maachen – dat virgesinn. Mir hunn hei dat Iwwerflächewaasser, dat vum Bierg erofkënnt an dat net esou leeft, wéi mir dat gären hätten. Dat soll duerch gewësse Grief a Kanäl méi drainéiert ginn. Duerch gewëssen Hindernisser, déi et huet, soll et net esou schëtzeg erofkommen. A wann et dann nach ze séier kënnt, da soll et an engem anere Becken opgefaange ginn, wou et dann iwwerlafe gelooss gëtt. Dat gëtt elo gemaach an ech huelen un, datt, wa mer déi Moossnamen elo ëmgesat hunn, mer an der Gemeng – ausser Katastrophen, déi een net ka virausgesinn – net méi geplot si mat deenen Iwwerschwemmungen. Et waren am Fong geholl eng Dose Leit, déi domatter geplot waren. Ech sinn och dobäi, ech hunn de Bulli och gesinn erofkommen. Mä ech huelen un datt, wa mer bis fäerdeg sinn, dat bei déi schlechte Souvenire ka klasséiert ginn.

Gira Carlo (CSV):

Vir ewech emol nach eng Fro zum Versteesdemech. Maache mer elo hei eng Etude iwwer Punkten, déi bekannt sinn, oder iwwer all déi Problemer, déi méiglech sinn? Well et ass virdrun ugeschwat ginn, datt mer jo ëmmer nees feststellen, datt mer schlechte Buedem hunn. Mer brauchen eis a sech net ze verwonneren. Mir leien eben am Kordall, wou zwee Hiwwele ronderëm si vun deenen d'Waasser kënnt, dat mer mussen opfänken. Mir mussen eis awer och bewosst sinn datt, wa mer déi Etude maachen, nach e grousse Rateschwanz hannendrun hänkt. Well da musse jo Moossname geholl ginn, an déi leien nees am Buedem. Dat gesäit een duerno net, mä dat kascht eis nach eng Staang Suen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir mussen ënnerscheeden tëscht 2 Zorte Moossnamen. Dat Eent ass hydraulesch, wat d'Kanäl ugeet, an zwar ob déi gebotzt sinn a funktionéieren. Dat Anert ass d'Waasser, wat nach zousätzlech dobäikënnt. Esou laang mer keen Trennsystem hunn an de Kanäl, hu mer de Problem, datt dat alles an ee Lach erageet. An do hu mer d'Etude iwwer d'„canalisation générale" ofgeschloss. Do hu mer e Kadasterplang virleie wou genee Punkten agezeechent sinn, wou eng kriddeleg Situatioun ass a wou net. Do hu mer jo och all Joer e Budget vun 1,5 Milliounen Euro, wou mer investéieren a flécken.

Dann hu mer en zweete Budget fir d'Kanäl. Dat betrëfft d'Inliner. Do musse mer net oprappen, mä mer sanéieren einfach.

Dat hei ass geduecht fir d'Iwwerflächewaasser op deene Punkten, déi eis bewosst sinn. Dat ass haaptsächlech vum Hierschtbierg erof, an den Jenken, an der rue Belair, an der rue des Alliés. Et sinn och nach aner punktuell Saachen, déi net esou schlëmm sinn.

Gira Carlo (CSV):

Ass dat mat deem Feldwee bei der rue Waxweiler geléist? Do ass d'Waasser jo och ëmmer erofkomm.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo. Do waren awer net esou vill Iwwerschwemmunge bei de Leit. Et ass am Fong geholl dee ganzen Hierschtbierg, dee problematesch ass. Do gëtt elo gezielt a gekuckt. Do waren emol Saache gemaach ginn, déi net ënnerhale goufen. Déi musse besser ënnerhale ginn. Dofir hu mir dat am ordinäre Budget stoen. An do si Saachen, wou eppes Neies muss geschafe gi well an der Tëschenzäit ass nach ëmmer méi versigelt ginn an et mussen ëmmer méi Moossname geholl ginn. Dat hei ass just punktuell. Wat do geschitt, dat si Saachen, déi ee mam bloussen Ae gesäit. Wou z.B. e Basseng muss gemaach ginn oder iergend en Hindernis fir datt d'Waasser net esou séier kënnt. Ech gleewen awer kaum, datt do nach e grousse Rateschwanz hannendru kënnt.

Accord à l'unanimité.

9.1.15.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 10.000 euros concernant l'installation d'une détection d'intrusion au Moulin Waxweiler à Pétange - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité.

9.1.16.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 39.000 euros concernant le remplacement de la centrale détection incendie et installation d'une détection d'intrusion dans la crèche Villa Bambi à Rodange - décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord à l'unanimité.

9.1.17.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 300.000 euros concernant les travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité.

9.1.18.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis supplémentaire au montant de 1.500.000 euros concernant l'extension des travaux dans diverses rues dans le cadre du nouveau lotissement «An den Atzéngen» à Lamadelaine - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, dat mer amgaange sinn, an deem neie Lotissement „An den Atzéngen" eng ganz Rei Aarbechten ze maachen. Et goufe schonn eng Rei Aarbechten an de Säitestroosse gemaach. Esou z.B. an der rue Millebaach, rue Eechelsbaach, wou och am Kader vun dësem Projet Aarbechten un den Infrastrukture gemaach ginn. Elo huet sech erausgestallt, datt am Kader vun dësem Projet och nach an anere Stroossen eng Rei Aarbechte kéinte matgemaach ginn, déi urspréinglech net virgesi waren. Si gehéieren och net direkt zum Projet „An den Atzéngen". Duerch déi Betriber, déi do sinn, kéinte mer profitéiere fir eng Extensioun vun engem Marché ze maachen.

Ëm wat geet et do? An der rue de la Montagne geet et ëm d'Erneierung vum Stroossebelag, an deem mer d'Waasser-

leitung an och d'Kollektivantenn frësch gemaach hunn. An dat tëscht der Strooss um Wäschbuer an der rue de l'Eglise. Et geet och ëm d'Gasleitung, well an deem Kontext wëll Sudgaz och d'Gasleitung vun der rue de l'Eglise an der rue de la Providence frësch maachen.

An der rue de la Fontaine ass och e Stroossebelag, deen nei gemaach soll ginn tëscht dem Buer an der rue de l'Eglise an der Groussgaass. Do sollt och en neie Mësch- a Reewaasserkanal verluecht ginn, esou wéi och d'Waasserleitung an d'Antenn.

An der Groussgaass ass och nach e Stéck, wat net fäerdeg war, a mir hu geduecht, datt mer dat hei kéinte matmaachen. Do geet et och ëm de Stroossebelag. Et ass e Mëschwaasserkanal an och d'Waasserleitung an d'Antenn, déi do frësch solle gemaach ginn. Och d'Creos wéilt an der rue de la Providence hir Leitunge frësch maachen. Mir kéinten dann och den Uschloss maache bis an d'rue Nicolas Thill, wou mer amgaange sinn ze kucken, ob dat rechtlech machbar ass duerch dee Projet tëscht deenen 2 Schoulen Op Gehren an der Tëtelbierg-Schoul. Mir kéinten dat eventuell iwwer dee Wee maachen. Mä mer musse bei Creos kucken, ob dat ze maachen ass. Da géif eis dann awer erlaben, vun dem Schantjen tëscht deenen zwou Schoulen ze profitéieren.

A schlussendlech géife mer mengen, datt mer och en eenheetleche Beliichtungssystem sollen hunn tëscht der rue de la Fontaine an der Groussgaass. Wa mer dat alles géife maachen, dann ass dat eng substantiell Zomm. Et sinn Aarbechten, déi net virgesi waren, mä wou mer mengen, datt et gutt wier fir déi am Zentrum vu Rolleng matzemaachen. Dat wier eng Zomm vun 1,5 Milliounen Euro fir Aarbechten, déi do nach gemaach géife ginn. A wann de Lotissement „An den Atzéngen" fäerdeg wier, dann hätte mer dee ganzen Zentrum vu Lamadelaine vun der Kierch bis erof bei d'Schoulen nei gemaach. Dat ass d'Propositioun, déi de Schäfferot dem Gemengerot wéilt maachen.

Gira Carlo (CSV):

Ech hat et scho bei de Budgetsdiskussioune gesot, datt de Projet „An den Atzéngen" eng Nullnummer géif fir d'Gemeng ginn. Hei hu mer zwar elo en Zousazkredit, dee mer stëmmen, mä et géif wéineg Sënn maachen, wa mer dat hei elo géife fäerdeg maachen, e bësse waarden, an dann nees d'Stroossen oprappe fir dat conforme ze maachen. De Schantje leeft jo, an d'Leit si scho geplot domatter. Et mécht och net onbedéngt e schéint Bild, wann nach Kabelen an der Strooss hänken. A wéi der selwer gesot hutt, et kënnt jo elo eng eenheetlech Beliichtung dohinner. A mer hu jo och mussen Infrastrukturaarbechte maache loossen, déi néideg waren. Hei ass eng Saach, wou mer éischter Sue spuere wa mer dat direkt maachen, amplaz datt mer do nach waarden.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Hei ginn déi Aarbechte mat gemaach a mer hunn och hei gutt Präisser fir de Moment, an déi eis och an der Soumissioun stoen hunn. Mir solle vun der Geleeënheet profitéiere fir dat alles mateneen ze realiséieren. An dat mécht och Sënn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass mer an deem Projet opgefall, datt tëscht der rue du Vieux Moulin an der rue de la Montagne näischt geschitt. Den Här Breyer hat dat virun enger Zäit hei gesot an ech hat en drop ugeschwat. Mer haten e Reprofilage gemaach, et waren och Luuchte komm, an do hat ech deemools gefrot, ob een do näischt fir d'Foussgänger kéint maachen. De Reprofilage ass gemaach ginn, et ass zimlech héich an d'Leit falen an de Gruef wa se mam Auto eropfueren. Dir hat zwar och en Usaz gemaach fir d'Strooss am Wanter zouzemaachen. Mä elo steet näischt an deem Text vun deem Stéck fir d'Foussgänger. Dir hat deemools gesot, mam Projet „An den Atzéngen" wier do eppes ze maachen. Op deem Deel maache mer jo elo näischt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif mengen, datt mer an dësem Kontext – fir dat do ze maachen – mer schonn en extrae Kredit musse maachen. Dat do huet awer elo näischt direkt mam Projet „An den Atzéngen" ze dinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech froe just, well den Här Breyer hat deemools gesot datt, wann de Projet „An den Atzéngen" kënnt, da géife mer drun denke fir do eppes matzemaachen. Ech hu just geduecht, datt der dat vergiess hutt. Mä et wier net schlecht, wann der géift drun denke fir do eppes ze maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir kënnen dat an der „voirie rurale" mat eranhuelen. Do besteet eng Méiglechkeet an do gehéiert et och besser dran. Hei ass jo och net direkt eng Verbindung mat dem Projet „An den Atzéngen". Et leien och keng Infrastrukturen do. Et ass einfach méi eng Bequemlechkeet fir ze fueren. Mir musse kucke mat de Grief. Se sinn héich, jo, mä si funktionéieren awer. Et muss ee kucken, wéi een dat nach besser kann ofsécheren.

Accord à l'unanimité. M. Joe Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.19.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 10.000 euros concernant la confection d'un nouveau site internet et d'une nouvelle identité visuelle pour les besoins de l'Ecole de musique - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass allgemeng bekannt, datt all Schoul oder all Museksschoul sech och wëll e bësse moderniséieren. Iwwer eng Internetsäit geet dat natierlech ganz gutt. Mir hu bei eis an der Museksschoul e Site, deen net méi ganz adequat ass. Den Direkter ass un eis erugetruede fir ze froen, ob mer deen net kéinten erneieren. Hien huet eis eng ganz flott Projektioun virgeluecht, esou datt mer duechten, mer kéinten dat wierklech maache fir eis Museksschoul no baussen och e wéineg méi attraktiv ze maachen. Wann dir elo haut domatter averstane sidd, da kéinte mer mat den Aarbechten ufänken.

Do sinn elo natierlech 3 Voten ze huelen. An zwar, datt dir averstanen domatter sidd, datt eis Museksschoul en neie Site kritt. Des Weidere froe mir iech fir den Devis iwwer 10.000 Euro unzehuelen an datt dir domatter averstane sidd, datt deen neien Internetsite eng nei „identité visuelle" soll ginn. Esou hätten se elo gären, datt dat genannt gëtt. Dat gëtt esou am Jargon genannt. Ech fannen dat eng flott Saach, well et gëtt jo donidde vill geschafft. Déijéineg, déi op der Auditioun waren, konnte sech dovunner iwwerzeegen, datt de Moment eng gutt Stëmmung herrscht an der Museksschoul. An dat obwuel si net an adequate Säll ënnerbruecht sinn. Fir deem hei awer Rechnung ze droe sollte mer awer deenen 10.000 Euro zoustëmmen.

Stoffel Marco (LSAP):

Et ass scho flott wann d'Museksschoul e flotte Site huet. Ass do net eng Gefor, datt mer do eng Dier op maache fir aner

Servicer, déi och wéilten en eegene Site hunn ewéi d'Pompjeeën oder esou. Dat ass jo awer eng Ouverture.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass jo u sech esou, datt d'Museksschoul jo un der Gemeng hänkt, et ass e Service vun der Gemeng. Et ass jo och e Link op d'Gemeng.

Arendt Patrick (CSV):

Ech mengen, ech fannen et extrem wichteg, datt esou eng Institutioun ewéi d'Museksschoul hei an der Gemeng net nëmmen nieft engem adequate Gebai och eng adequat Presentatioun no bausse besëtzt. Trotzdeem schénge mir 10.000 Euro e bëssen deier ze si fir eng Internetsäit. Dat wollt ech just gesot hunn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wann een haut kuckt, wat déi ganz Internetsäite kaschten, da leie mer do awer bei engem normale Präis. Wann dir jo aner Devisen hätt, dann hätt dir eis déi jo kënnen eraginn. Da kënne mer dat jo nach maachen. Mir hunn dat am Budget stoen a mir hunn och schonn déi lescht Woch driwwer geschwat. Do huet keen eppes dozou gesot. Dann hat dir äre Budget net richteg gelies, well soss hätt dir jo do scho kënnen eng Bemierkung maachen. Et steet iech jo fräi fir dofir ze stëmmen oder net.

Arendt Patrick (CSV):

Dorop muss ech awer äntweren, well ech dat net esou stoe loosse wëll. Ech hu mäi Budget ganz gutt duerchgelies an ech hu schonn zu ganz ville Punkte Stellung geholl.

Accord à l'unanimité.

9.1.20.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 200.000 euros concernant les travaux de transformation de la crèche «Villa Bambi» à Rodange - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dës Aarbechten hunn hiren Ursprong am Wonsch vum Ministère, datt, zënter d'Maison Relaise besti wou d'Kanner vu 4 Joer un opgeholl ginn, et net méi adequat ass, datt mer an der Crèche zu Rodange Kanner vun 0 bis 9 Joer betreien. Mir sollten d'Crèche reservéiere fir Kanner tëscht 0 a 4 Joer an d'Kanner ab 4 a bis 12 Joer an d'Maison Relais schécken. Dat bedeit awer, datt an der Crèche *Villa Bambi* Aarbechte musse gemaach ginn, an dat haaptsächlech um ieweschte Stack, wou déi grouss Kanner de Moment betreit ginn. Mir brauchen do laut ITM-Critèren eng Kitchenette an d'Sanitäranlage musse geännert ginn. D'Toilettë musse méi niddreg an ugepasst sinn un d'Bedierfnisser vu méi klenge Kanner. Och verschidde Miwwele musse geännert ginn. Mir mussen och eng Rei Miwwele kréien, déi och adequat si fir déi Kanner ze betreien an der Altersgrupp vun 3 oder 4 Joer.

Gläichzäiteg hu mer awer och eng ganz Rei aner Analyse gemaach, déi mer elo ganz gären am Kader vun dësen Ëmbauaarbechten – normalerweis an der grousser Vakanz – matmaache géifen. Dat si méi kleng Aarbechten. Mir wäerten nom Daach kucken, well do deen een oder anere Problem ass. Den Ënnerhalt muss do gemaach ginn. Mir wäerten déi Ventilatiounsgainen ënnersichen, well mer virun e puer Wochen e gréissere Problem mat Mécken an der Ventilatioun haten. Do wäerte mir eng detailléiert Botzaarbecht maachen. Och wat d'Akustik ugeet wäerte mir an deem engen oder anere Sall Verbesserunge maachen, well do si relativ grouss Säll. Besonnesch wa kleng Kanner do si stellen déi akustesch méi Problemer duer wéi dat gutt ass.

Mir wäerten och eng Rei Sécherheetsmoossname maachen. Dat sinn déi „systèmes anti-pincement" bei den Dieren. Mir wäerten och verschidde Fënsteren ersetzen. Do musse Kippfënsteren hikommen, och fir eng besser Belëftung ënnert dem Daach ze kréien. Dat si Verbesserungsaarbechten, déi mat den Transformatiounen, déi mer souwisou musse maachen, an engems kënne gemaach ginn. Alles an allem hu mer en Devis hei vun 200.000 Euro virleien, deen eis erméiglecht, ab September vum nächste Joer d'Altersstruktur vun de Kanner, déi an d'Villa Bambi ginn, vun 0 bis 9 Joer op 0 bis 4 Joer ze garantéieren. Wat dann och der Nofro fir déi Altersgrupp méi gerecht gëtt. Op där aner Säit musse mer natierlech och déi Kanner tëscht 5 an 9 Joer an eise Maisons Relaisen ënnerdaach bréngen. Mir hu jo elo zu Rodange eng zweet Maison Relais geschaf. Dat heescht mir mussen do dee Wiessel bei der Rentrée 2017/2018 virhuelen. Ech géif iech bieden, den Devis vun 200.000 Euro ze stëmmen an da wäerte mir dat nächst Joer déi néideg Aarbechte maache fir datt se och pünktlech fir d'Schoulrentrée fäerdeg sinn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Wann de Ministère eis virschreift, datt déi Affektatioun geännert gëtt, gi si dann do och eppes bäi wa mir do eppes mussen änneren? Ech hunn och emol am Devis gekuckt. Do gesäit een net alles eraus. Och net wann een den Dossier kucke geet. Wann d'Fënstere schonn als Kippfënster geännert musse ginn, ass dru geduecht gi fir Glas géint d'Sonn ze maachen? Well soss musse mer duerno nees Storë maachen. Ass dorunner geduecht ginn? Well et ass jo nach näischt geschitt an et ka jo nach geännert ginn. Et ka jo och net esou eng grouss Zomm ausmaache wann et och driwwer geet, well mer spuere jo duerno op de Storen. Normalerweis soll jo d'Hëtzt – och wann der Storë baussen an net banne maacht – fort sinn ier se erakënnt. Deemools ass grouss an déi Villa Bambi investéiert ginn. Ech denken, datt awer ee Stack adequat ass fir déi Kanner, well d'Klensche si schonn héich gemaach ginn, esou datt ech mengen, mer kéime mat där Zomm duer. Et muss just opgepasst ginn, datt dat wierklech gutt ugepasst gëtt, net datt mer duerno nees eng Kéier mussen ufänken.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir vir unzefänken, mir hunn am Fong den Optrag kritt fir dat ëmzeänneren, an dat mécht och Sënn fir déi Altersstruktur ze änneren. Et muss ee wëssen, datt déi Villa Bambi schonn zu engem Zäitpunkt bestanen huet, wou mer nach keng Maison Relais haten. D'Villa Bambi ass 2002 opgaangen. Déi éischt Maison Relais ass 2004 opgaangen. Et war zu engem Zäitpunkt, wou d'Maisons Relaisen net zum Thema stoungen oder esou lues a lues ugelaf sinn. Elo mécht et Sënn fir dat do ëmzeänneren. Et ass awer esou, datt mir bei deenen 2 Crèchen – dat gëllt fir déi Rodanger an déi Péitenger Crèche - , haut e System hunn, deen et haut eigentlech net méi an der Subventionéierung vun de Ministërë gëtt. Fréier war et esou, datt bei de Crèchen d'Gemeng fir d'Gebai zoustänneg war an d'Fonctionnementskäschten, d'Gehälter an alles, wat u Käschten ugefall sinn, déi goufe vum Ministère iwwerholl zu 100%. Dat ass och wéi et fir de Moment funktionéiert um Niveau vun de Crèchë vu Péiteng a Rodange. Ech mengen, mir géife gutt drun doen als Péitenger Gemeng fir dee System bäizebehalen, well dat ass sécherlech fir d'Gemeng méi interessant. Besonnesch wann ech déi Fonctionnementskäschte kucken. Dat sinn 1 Millioun Euro d'Joer. Kuckt een dat zënter 2002, da weess een, datt d'Fonctionnementskäschten haut bei 1,4 Milliounen Euro leien. A wa mir do hätte misste 25% bezuelen ewéi dat haut

beim System ass, wou d'Käschten tëscht Staat a Gemengen op 75% respektiv 25% verdeelt ginn, dann hätte mer dat, wat mer gespuert hätten, scho bäi wäitem kompenséiert. Dofir géif ech mengen, mer sollten hei eis Aufgab maachen a fir 200.000 Euro investéieren. Wa mer eleng fir ee Joer 25% vun de Fonctionnementskäschten droen, da léiche mer scho bei 250.000 Euro. Mir sollte scho bei deem System bleiwen an d'Bezuele vun den Infrastrukturen iwwerhuelen an dem Staat de Fonctionnement iwwerloossen. De Staat ass awer bereet, an do si mer nach an de Verhandlungen, wat d'Miwwelen ugeet eng Hand mat unzepaken. Dat musse mer nach klären. Et ass nach net esou evident a mir mussen dee Volet nach ofklären.

Wat d'Fënsteren ugeet, do sinn effektiv grouss Fënsteren dran. Mir sinn amgaangen ze kucken, eventuell mat Folien ze schaffe fir ofzedecken. Den Architekt mengt, datt, wann ee Kippfënstere fir uewenop géif huelen, da kréich een eng besser Ventilatioun do. Mir hunn awer och dru geduecht fir eventuell d'Plafonge méi niddereg ze maachen an e System do dra virzegesinn. Do ass eng Optioun an deem Devis hei virgesinn. Mir wëssen awer nach net, wat mer vun deenen 2 Saache maachen. Déi 200.000 Euro schléisst déi Optioun awer mat an. Dat heescht dat do ass nach net bis zum Schluss duerchdiskutéiert. Mä ech ginn iech awer Recht, datt een dat soll kucken, datt d'Gebai awer duerch d'Konzeptioun mat deene grousse Fënstere gutt ventiléiert ass.

Et ass e gudde Wee, dee mer ginn. An et ass gutt fir eis als Gemeng – wann dat hei fäerdeg ass -, datt mer kënne soen, datt mer 120 Plaze fir Kanner vun 0 bis 4 Joer an de Crèchen an och iwwer 600 Plaze fir Kanner ab 4 bis 12 Joer an de Maisons Relaisen hunn. Dat verhënnert awer net, datt ee sech Gedanke mécht fir déi nächste Joren op deenen zwee Niveauen an dat, obwuel eng ganz Rei privat Crèchen hir Dieren opgemaach hunn an och heiansdo vun deenen Exploitante gesot gëtt, datt geschwënn eng Saturatioun op deem Niveau do wier a se geschwënn net méi genuch Kanner fir an déi Crèchë kréien. Do muss een eng Analys maachen an den nächste Méint a kucken, wéi d'Bedierfnisser sinn. An deementspriechend wäert sécherlech och hei nach eng Opbesserung vun der Offer um Site vun der Péitenger Gemeng an deenen zwee Beräicher noutwenneg sinn.

Gira Carlo (CSV):

Dat wat dir gesot hutt, dat stëmmt. Ech si jo och Member am Verwaltungsrot vun der Villa Bambi. Mir hu wierklech hei just den Oplagen - duerch d'Ëmfunktionéiere vun der Crèche fir Kanner vun 0 bis 4 Joer – Rechnung gedroen. Wat dir gesot hutt vun de Crèchen a private Crèchen, do weess een och, datt d'Oplage vum Ministèren, fir eng nach méi héich Qualitéit unzebidden, bedeiten, datt Aufgaben op eis zoukommen, well een net weess, ob déi privat Crèchen deene Qualitéitscritèren nach kënne gerecht ginn. Wat ech awer nach wëll ureegen – dir hutt dat selwer gesot -, dat ass, datt mer iwwerpréiwe fir Verbesserunge bei der Effizienz ze maachen. Mir si jo elo am Klimateam esou wäit, datt mer eis Gebaier iwwerpréiwe loosse wat een do fir d'Effizienz kéint maachen. An deem heite Fall kéint een awer och kucke fir dëst Gebai ze préiwe wat fir Aspuerungen een do kéint maachen, fir datt een déi Aarbechten och kéint matmaachen an duerno net méi misst oprappen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv soll een dat matkucken. Deen Devis hei ass kuerzfristeg op d'Bee gesat ginn. Ech mengen awer, datt den Architekt sech vill Méi gemaach huet. E war e puer Mol op der Plaz, och mat der ITM, an en huet relativ un alles geduecht. Mä dat verhënnert awer net, datt en dat nach eng Kéier am Detail kuckt.

Ech géif och soen, datt mer, wat déi privat Crèchen ugeet, elo eng ganz Rei Demanden erakrute fir Crèchen opzemaachen. Zu Rodange an och zu Péiteng an nächster Zukunft. Och do gi gréisser Beméiunge gemaach, well och do si se an nächster Zukunft – wa se wëllen an de Genoss vun de „Chèques service" kommen – un déiselwecht Oplage gebonne vun der ITM wéi mir. Wat ech elo gesinn hunn op deem Niveau, mussen och op privatem Niveau vill Beméiunge gemaach. Ech ginn dovunner aus, datt d'Kanner och do gutt betreit gi wann dat néidegt Personal op der Plaz ass. Och do ass de Ministère derhannert, a si ginn deene selwechte Kontrollen ewéi déi ëffentlech Crèchen ënnerluecht.

Gira Carlo (CSV):

Wat een nach vläicht derzou ka soen – dat ass net gesot ginn -, dat ass, datt de Moment duerch de Ministère och eng „mise en conformité" verlaangt gëtt. D'Madamm Conzemius hat dat schonn ugeschwat. D'Diere mussen anescht si fir datt d'Fanger net méi gequëtscht ginn, et muss och Sécherheet dohinner kommen, an dat ass amgaange gemaach ze ginn.

Arendt Patrick (CSV):

Meng zwee Kollegen aus der Fraktioun hunn hei scho ganz vill „Input" ginn. Et ass u mir fir als aktive Member vum CA dat hei ze begréissen.

Accord à l'unanimité.

9.1.21.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 169.000 euros concernant les travaux de maçonnerie pour la réfection du hall 1 en vue des travaux de maintenance du Train 1900 au Fond-de-Gras - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

9.1.22.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 250.000 euros concernant les travaux de réaménagement autour de l'étang et équipement de mobilier et de matériel didactique au moulin de Lamadelaine - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer hate schonn an der Virstellung vum Budget dovunner geschwat. De Kontrakt mam Staat ass ënnerschriwwen, de Gemengerot huet dee jo ugeholl. E ass e Locatiounskontrakt, wou mir lounen an déi Millen engem pädagogeschen an touristeschen Zweck zoufëieren. Do waren, ier mer mam Projet konnte lassfueren, Bedenken zur Sécherheet opkomm am a ronderëm d'Gebai. Haaptsächlech awer ronderëm de Weier, deen och nach op enger Plaz duerchgedréckt huet. Do huet e musse komplett eidel gemaach ginn, an elo gëtt en nees agefëllt. Déi Aarbechte sinn nach deelweis vum Staat iwwerholl ginn. Elo musse mer kucken, datt ronderëm ofgeséchert ass wa mer Schoulklassen dohinner bréngen, esou datt näischt ka passéieren.

Dir gesitt de Site virun iech, hannendrun ass de Weier, wou se mat rengmaschegen Drot alles zoumaache fir datt een do net kann an d'Waasser falen. Op der Säit ass nach eng Trap, déi

nach ëmmer do ass a wou ee fréier op de Späicher gefuer ass. Déi soll iwwerdaacht ginn, esou datt och Aktivitéiten dobausse kënne gemaach ginn. Banne sollen dann och déi Sécherheetsmoossname geschéien. Bausse gëtt graff fir 110.000 Euro geschafft. De Rescht ass méi bannen. Do soll nach Glasfaser, en Abroch- a Feieralarm dohinner kommen. Et sollen dann och nach pädagogesch Tableauen oder Schiermer dohinner kommen. A kuerze Wierder, et soll esou ausgestatt ginn, datt d'Schoulklassen aus der Naturschoul vu Lasauvage hir Aarbecht do kënnen ophuelen. Parallel sollen awer och Konveniater an am Kader vum Minettpark oder vun eiser neier touristescher Struktur einfach Visitte méiglech sinn. Visitte kënnen elo scho gemaach ginn, dat ass am Kontrakt esou virgesinn. Déi pädagogesch Aktivitéite sollen am leschten Trimester vum Schouljoer, also no der Ouschtervakanz, ulafen. Wa mer also déi ronn 200.000 Euro haut stëmmen, da kéinte mer direkt mat den Aarbechte lassfueren.

Gira Carlo (CSV):

Erlaabt mer just eng kuerz Bemierkung. Ech stellen hei fest, datt mir hei fir e Gebai, wat eis net gehéiert, héich Investissementer maache fir datt mer dat esou un d'Funktionéiere kréien ewéi mer dat gären hätten.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass net fir d'éischt, datt mer dat maachen. Mer hunn dat och schonn op aner Plaze gemaach. Mer kënnen d'Gebai awer och kafen. De Staat verkeeft et och ganz gären, well si et da lass wieren. Awer zu de Bedingunge vu „Sites et monuments" natierlech. An da muss ee kucken, wat een dann dovunner huet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een awer och fairerweis soen, datt de Staat eis dat gratis gëtt. Mir bezuelen de symboleschen Euro iwwer d'Joer, an da kann een och emol eppes maache fir et a Stand ze setzen. An ech mengen, datt et awer eisem Tourismus an eise Schoulen eppes bréngt.

Gira Carlo (CSV):

Also dat, wat dir fir d'lescht gesot hutt, dat ënnersträichen ech voll. Datt et dem Tourismus an de Schoulen eppes bréngt, dat hunn ech scho gesot. Ech hu just festgestallt, datt mer héich Investissementer maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Den Här Gira huet och gesot, datt et eng deier Geschicht gëtt an datt mer vill Suen an en Haus stiechen, dat eis net gehéiert. Mä dat huet eis eng Zäit gehéiert. Mir als Gemeng wollten dat net halen an haten et un eng Privatpersoun verkaf, déi et dunn nees un de Staat verkaf huet. Op alle Fall menge mir vun „déi gréng", datt déi Suen, déi mir do investéieren, gutt investéiert sinn a mir gesinn et als positiv un, datt do eppes geschitt. Wéi verschidde Leit soen ass alles, wat an d'Zukunft, an d'Jugend investéiert gëtt, eng gutt Investitioun. Ech hunn awer nach eng Fro: de Weier selwer, dovunner gëtt net profitéiert, oder?

Breyer Roland, Schäffen:

Dach, de Weier gëtt, well et en Naturweier ass, genotzt fir mat de Kanner Experimenter ze maachen. Do entwéckelt sech jo eng speziell Fauna a Flora. E gëtt net als Aktivitéit mat erageholl. Et ass net, datt ee mam Boot drop fiert.

Becker Romain (déi gréng):

Ech si frou, dat ze héieren, datt do eppes mat Fräschen a Kauzekäpp gemaach gëtt an och Déiercher erausgebuddelt ginn. Mä bleift en awer als Fëschweier bestoen?

Breyer Roland, Schäffen:

Neen, dee war och nach ni e Fëschweier. Dat hei ass dee Weier vun der Millen.

Becker Romain (déi gréng):

Ah jo, an deen aneren, dee grousse Weier? Dee kann awer net vun den Aktivitéite vun der Mille profitéiert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Do hu mir keng Hand driwwer. Mä alles ass denkbar. D'Kanner ginn och vläicht trëppelen, se gi vläicht eraus do. Mä mir schwätze vum Beréng vun der Mille selwer an deen näischt mat deem aneren ze doen huet.

Becker Romain (déi gréng):

Mir begréissen de Projet well mer bedauert hunn, datt esou laang näischt mat deem Haus geschitt ass. Dir gesitt, et ass net just är eege Fraktioun, déi iech lueft, et ass och heiansdo d'Oppositioun, déi dat mécht.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat deet engem gutt.

Accord à l'unanimité.

9.1.23.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 45.000 euros concernant les travaux de démolition de l'ancienne maison Goldschmit à Pétange, rue de l'Eglise - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hu jo viru kuerzem dat Haus op Nummer 1 an der rue de l'Eglise kaf, wat un eis Maison sociale stéisst. Mir hunn dat Haus kaf fir ewech ze rappen a fir dann déi Maison sociale respektiv dat administratiivt Gebai ze vergréisseren. An zwar fir lénks eppes bäizebauen an och nach fir e Stack drop ze bauen. Dofir gouf och keen Daach drop gemaach. Mir wollten dat an enger Kéier maachen. Mir géifen iech virschloen, dat Haus am Joer 2017 ewech ze rappen. Dat war jo och schonn esou virgesinn. Domat géife mer eis, respektiv der neier Equipe d'Méiglechkeet gi fir 2018/2019 d'Erweiderung vum administrative Gebai virzehuelen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech weess net, ob et iech schonn opgefall ass, Här Mellina, mä an der Maison sociale fänken d'Plafongen esou lues un naass ze ginn an elle Flecke weise sech. War dir dat scho kucken?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt eis Servicer do op der Plaz waren. Do war en Defaut a se sinn amgaange mat dem Architekt ze kucken, wou de Problem läit. Dat ass amgaange gekuckt ze ginn, mä ech mengen, dat ass eng technesch Prozedur. Et muss ee kucken, dat an de Gréff ze kréien. Ech huelen un, datt se dat an nächster Zukunft an de Gréff kréien. Ech weess vun där Saach do an ech géif jo och soen datt, wann dat Haus net méi do ass a mer en Haus derbäi an e Stack drop bauen, dann d'Situatioun eng aner ass. Mä virdru muss dee Problem geléist ginn.

Brecht Guy (LSAP):

Jo, ier mer drop bauen, muss dat selbstverständlech geléist sinn. Do si mer eis eens.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wéi der jo elo gesot hutt, rappe mer dat Haus do elo ewech. Wéi laang soll et dann dauere bis deen Ubau do gemaach gëtt? Wann et elo net deemnächst geschitt, hätte mer dat Haus dann net kënne stoe loosse fir wa mer emol eng Kéier eng Wunneng brauchen. Et si jo elo Leit dran, mä déi gi jo elo op Rolleng. Wa mer dat elo ewech rappen an, wéi den Här Brecht jo ugeschwat huet, jo Fiichtegkeet dran ass, wéi ass et da mat de Schied, déi kommen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass jo esou, datt mir vun Ufank u virgesinn hate fir en zweet Gebai derbäi ze bauen. Dofir ass d'Konzeptioun esou, datt d'Gäng jo schonn an deem neie Gebai ugedeit si fir an dat anert Gebai eriwwer ze goen. Dat heescht, dat Ganzt ass schonn esou programméiert. Ech ginn dovunner aus, datt d'Bedierfnisser wuessen an der Verwaltung an datt mer ganz séier wäerten administrativ Raimlechkeete brauchen. Dir wësst, datt mir hei an dësem Haus zimlech un eis Grenze komme fir eist Personal. Déi aner Säit am Haus Pesch hu mer déi Grenze scho laang iwwerschratt. Ech weess zwar datt, wann eis Garagë gebaut sinn, mer deen een oder aneren aus dem techneschen Service eriwwerbrénge kënnen, well jo do och Bureaue virgesi ginn. Mä mer wëssen awer ganz genee – an dofir hu mer dat Haus jo och kaf -, datt mer ganz kuerzfristeg musse Raimlechkeete kréien. A wa mer wëssen, datt mer dat och net vun haut op muer gebaut hunn, da kann ech mer virstellen – ouni där Equipe virzegräifen, déi am November 2017 d'Verantwortung wäert hunn -, datt déi nei Equipe sech ganz séier Gedanke muss maachen iwwer d'Vergréisserung vun der Maison sociale respektiv dem administrative Gebai. Mir wollten elo schonn emol Viraarbechte maachen.

Geféierlech ass et wann een an deem Haus, wou awer – an dofir hu mer déi Leit jo och erausgeholl fir se op Lamadelaine ze setzen – vun deene Leit gesot gouf, datt den Zoustand vun deem Haus net deen allerbeschten ass. Wann een do laangfristeg Leit wëll wunne loossen, da misst een och an dat Haus investéieren. Fir elo am Joer 2017 an dat Haus z'investéieren an et 2018 ewech ze rappen, dat schéngt eis net adequat ze sinn. Dofir si mir der Meenung, mer sollten dat mat deem Haus maachen, wat vun Ufank u virgesi war. Dat Haus ass destinéiert fir ewechgerappt ze ginn, fir da spéiderhin eng Vergréisserung vun der Maison sociale virzegesinn. Also sollte mir esou séier, ewéi déi Famill net méi do wunnt, am Joer 2017 wéinstens dee Schratt maachen, dee mer eis och op de Fändel geschriwwen hunn. An zwar fir dat Haus ewech ze rappen. An da kann déi nei Equipe direkt urappen 2018/2019 fir déi Erweiderung ze bauen. Ech géif mengen, se géif wuel dru maache fir déi ze bauen, well da gëtt et awer 2020 bis déi Raimlechkeeten do sinn. Dat ass ongeféier deeselwechten Zäitpunkt, zu deem och d'Garagë fäerdeg wäerte sinn. An da kann een e ganzt neit Konzept maache wéi een déi ganz Verwaltung, esouwuel am techneschen ewéi am administrative Beräich, kann opdeelen op déi 4 Sitten, déi mer beieneen hunn. Dat ass am Fong d'Philosophie vun deem Ganzen an et ass eigentlech dat, wat mer vun Ufank u wollte maachen.

Accord à l'unanimité.

9.1.24.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 10.500 euros concernant les travaux de restauration d'un vieux verger au lieu-dit «Auf dem Rothreis» à Lamadelaine - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

9.1.25.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017: travaux extraordinaires.

Devis au montant de 149.870 euros concernant l'aménagement d'une piste cyclable (projet Interreg) - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass dee Projet, dee mer schonn am Gemengerot haten. De 25. Abrëll hu mer dee gestëmmt. De 6. Juni hu mer den Devis gestëmmt. De Projet Interreg beleeft sech am ganzen op iwwer 300.000 Euro. An der éischter Phas ass e schonn ugeholl ginn. Mer kommen elo konkret zur Exekutioun vun enger éischter Phas. Dat ass d'Verlängerung vun de Vëlospisten hei zu Péiteng, vun der Gare bis un d'„piste nationale A". Op där aner Säit geet et jo dann och op Athus a Longlaville. Déi Pistë si jo schonn ugedeit, esou datt mer dann en Interreg-Projet maache mat der Verbindung an d'Grenzregioun.

Hei soll vum Eck vun der rue Robert Schuman bis un d'rue Prince Henri d'Stroossebëschung ageschnidde ginn, fir datt wéinstens eng Piste oder e Wee mat enger Breet vun 3,50 Meter entsteet. Esou gutt fir de Foussgänger ewéi fir de Vëlosfuerer. Do soll nach e Gabion hikommen, e soll beliicht ginn an et soll och „mobilier urbain" dohinner kommen. An d'Eisebunn mécht hiren Deel op hirer Plaz. Dat heescht si stabiliséieren d'Bëschung, mir maache just de Finissage laanscht de Wee ënnen. Si maachen och uewen d'Bëschung an d'Rei, esou datt näischt norëtscht. Dat ass en zweete Projet, dee mer awer net hei leien hunn. Eisen Deel beleeft sech op maximal 150.000 Euro. Do läit den Devis och vir. Wann dir domatter averstane sidd, kënne mir dat och séier realiséieren, esou datt mer dann am Kader vun deenen Aarbechten, déi mer nach an der Verbindung iwwer d'Eucosider maachen an och am Budget stoen hunn, mer dann d'Verbindung am Laf vun 2017 hu vum Zentrum bis op d'Garen iwwerall an och mam Ausland a mat der „piste nationale".

Stoffel Marco (LSAP):

Ech hu just eng Fro dozou. Wéi gesäit et mat der Verbindung zu der Lénger Säit hin aus? Ass do eng Kéier dru geduecht fir eng Verbindungsbréck ze bauen, well d'Leit soss ëmmer mussen iwwer d'Haaptstrooss goe fir op déi aner Säit ze kommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Do ass keng Verbindung virgesinn. Do soll een, wa se fäerdeg ass, laanscht d'Kor, laanscht d'Spillplaz an da vun do aus op d'Vëlospiste kommen. Dat ass déi Verbindung. A fir do weider bei de Cactus ze kommen, dat ass nees en anere Projet, dat huet näischt mat der „piste nationale" ze dinn. Déi soll op der Bomécht iwwer d'Strooss goen an da weider op Käerjeng an Déifferdeng, an esou weider.

Thein Joe (adr):

Ech wollt froen, ob dat hei dann elo Pistë sinn, déi sech nees an de Problem an an d'Chaossituatioun areien, déi mer de Moment hunn. Wéi ass eigentlech d'Analys vum Schäfferot zur aktueller Situatioun mat den neie Vëlospisten duerch d'Gemeng? Dat géif mech nawell interesséieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Wat géif dir gär wëssen?

Thein Joe (adr):

Majo eng konkret Analys zur Situatioun. Eng ganz Rei Bierger hu sech beschwéiert an och dogéint protestéiert, datt dat eng ganz geféierlech Situatioun wier mat deene Vëlospisten. An och datt déi Vëlospisten d'Autoe blockéieren an d'Stroosse verengen. Et géif mech einfach interesséieren, wat dir dovunner haalt. Hutt dir op déi Protester reagéiert?

Breyer Roland, Schäffen:

Mir sinn iwwerzeegt dovunner, datt et gutt ass.

Thein Joe (adr):

Sidd dir iwwerzeegt?

Breyer Roland, Schäffen:

A jo, well soss hätte mer et jo net gemaach.

Thein Joe (adr):

An der Rei. Dann huelen ech dat och zur Kenntnis.

Breyer Roland, Schäffen:

E groussen Deel vum Gemengerot huet dat guttgeheescht.

Thein Joe (adr):

Jo, ech hunn och d'Vëlospistë matgestëmmt. Mä ech hunn awer Vëlospisten an enger anstänneger Konzeptioun matgestëmmt. No där Analys, déi mir hei zéie musse mat deem Chaos, dee mer hunn, ass dat jo awer net méi drobar.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir wësst net, wat dir gestëmmt hutt.

Thein Joe (adr):

Jo, mir hunn eis ganz kloer fir Vëlospisten ausgeschwat. Awer net an där doter Form wéi se elo realiséiert goufen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dach. Se si realiséiert ginn ewéi de Gemengerot se gestëmmt huet. Ganz genee.

Thein Joe (adr):

Ma et ass jo katastrophal. Da muss een de Projet nach eng Kéier iwwerdenken. Mir stëmme jo d'Phasen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ma ech soen de Leit, dir géift Saache stëmmen, wou der net wéisst, wat dir stëmmt.

Thein Joe (adr):

Ma neen, dir musst d'Interpretatioun richteg verstoen. Da gitt wann ech gelift d'Interpretatioun richteg erklären, wéi d'adr gestëmmt huet. Mir hu fir d'Vëloe gestëmmt, mir hu fir d'Vëloskultur gestëmmt.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt fir dat gestëmmt, wat dobaussen agezeechent ginn ass an näischt anescht hutt dir gestëmmt.

Thein Joe (adr):

Ok, an der Rei. Ech loossen iech dann nach eng „question communale" zum Sujet zoukommen an da kann ech jo dann nach eng Kéier eng offiziell Äntwert dozou kréien.

Becker Romain (déi gréng):

Ech stelle meng „question communale" da mëndlech hei. Dir hutt gesot, datt d'CFL sech géif op hirer Säit ëm d'Bëschung këmmeren. Mä mir géifen awer esou séier wéi méiglech ufänken. Ass dat ofgeschwat?

Breyer Roland, Schäffen:

Si hunn déiselwecht Ingenieursbüroe wéi mir. Mir hunn eis drugehaangen. Et ass hir Bëschung, déi si stabiliséieren esou datt se net norutscht. Do mussen nach Palplanchen ageschloe ginn. Mir maachen de Finissage ënne mat klenge Gabionen, déi op eiser Säit dobäikomme fir dat méi schéin ze maachen. Net datt dat esou eng bleche Wand ass, wou een do laanscht geet.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass gutt, wann dat matenee ka funktionéieren, well ech hat e bëssen Angscht. Dir sot, mir wëllen esou séier wéi méiglech ufänken. An d'Eisebunn dann? Bon, net datt déi géife schaffen, da géif alles laanschtenee lafen.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Ingenieursbüro vun der Eisebunn ass meeschtens *InCA* a mir hunn och deeselwechte geholl fir do konform ze sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Dann eng aner Fro. Wéi ass dat mat deem Drainage um Parking? Dat ass och d'Eisebunn, mä déi mussen dat awer opmaachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass hinne gesot ginn a si si sech och bewosst, datt si d'Waasser mussen opfänken. De Moment si Rëss dran, mä si mussen dat maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat wier et schonn. Och dee Projet begréisse mir esou wéi mir d'Vëlospistë begréissen. Dir gesitt, och vun der Oppositioun kënnt der Luef kréien.

Breyer Roland, Schäffen:

Majo, dann hu mer eng grouss Majoritéit hei am Sall.

Accord par 16 voix "oui" et une voix "non" (adr).

9.2.

Budget rectifié de 2016 et budget de l'exercice 2017.

Votes des budgets – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ier mer dann elo zum Punkt 9.2 kommen, géif ech awer gären iech déi Noriicht matdeelen – déi meescht vun iech hunn d'Noriicht matkrut -, datt den Armand Kaiser, ee vun eise fréiere Buergermeeschteren, am Alter vun 92 Joer dee leschte Weekend gestuerwen ass. Ech wollt nach eng Kéier kuerz drun erënneren, datt den Här Kaiser tëscht 1958 an 1991 während 33 Joer mat enger kuerzer Ënnerbriechung am Gemengerot war. Hie war och eng Rei Jore Schäffen a besonnesch tëscht 1979 an 1987 während 9 Joer Buergermeeschter vun der Gemeng Péiteng. Mir behalen hien als engagéierte Buergermeeschter a Politiker an Erënnerung. Ech géif iech bieden, an Erënnerung un e Mann, dee ganz vill fir déi Péitenger Gemeng gemaach huet, kuerz opzestoe fir him ze gedenken.

Minute de silence.

Da géife mer dann zu dem Vote vun de Budgeten iwwergoen.

Le budget rectifié de l'exercice 2016 est arrêté avec 13 voix «oui», 3 voix «non» (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).

Le budget de l'exercice 2017 est arrêté avec 13 voix «oui», 3 voix «non» (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).

Gemeinderatssitzung vom 16. Dezember 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr) **Tockert Claude** (DP) **Muller Albert** (-)

Abwesend und entschuldigt:

Néant

1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Petinger Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) für die Maisons Relais (30 Stunden/Woche):

Herr Micael Pinto Filipe aus Petingen wurde als Hilfserzieher (30 Std/Woche) unter dem Statut des Angestellten (ehemals Privatangestellter) und auf unbegrenzte Zeit eingestellt.

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) für die Maisons Relais (20 Stunden/Woche):

Frau Danielle Strauch aus Rodange wurde als Hilfserzieherin (20 Std/Woche) unter dem Statut des Angestellten (ehemals Privatangestellter) und auf unbegrenzte Zeit eingestellt.

3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Bürgermeister Pierre Mellina erteilt Auskunft über eine Unterredung mit Minister François Bausch im Laufe derer der Schöffenrat unterstrich, dass die Gemeinde Petingen an das zukünftige Netz des „Bus à haut niveau de service"(BHNS) angeschlossen werden müsse.

4.1. - Personalangelegenheiten.

Schaffung eines städtischen Angestelltenpostens (m/w), halbtags, für die Maisons Relais - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

4.2. - Personalangelegenheiten.

Schaffung eines zeitlich begrenzten Angestelltenpostens (ehemaliger Privatangestellter) (m/w), für das Bürgeramt - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

4.3. - Personalangelegenheiten.

Schaffung von zwei Angestelltenposten (m/w) für die Regiebetriebe (Abteilung kommunale Gebäude und Reinigung) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.1. - Soziales.

Teilweise Ersetzung des Verwaltungsrates des Sozialamtes - Beschluss.

Geheime Abstimmung:

In den Verwaltungsrat des Sozialamtes wurden bestimmt: Herr Kocks Laurent (15 Stimmen), Herr Metz François (15 Stimmen), Herr Pierre Nobert (15 Stimmen), Frau Claude, verh. Quintus Marie-Josée (15 Stimmen) sowie Herr Willet Alain (15 Stimmen).

5.2. - Soziales.

Konvention mit dem Syndikat PRO-SUD bezüglich des „Night Rider" für das Jahr 2017 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.3. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 10.000 Euro für das Projekt in Bezug auf die Ausbildung von Begleitpersonen und Erziehern für Kinder und Jugendliche mit einer Behinderung in Danan sowie in der Provinz Ha Tinh (Vietnam) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

5.4. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 Euro für das Projekt in Bezug auf die Lebensbedingungen von Kindern und Jugendlichen

sowie ihren Familien in der Ostzone von Buenos Aires (Argentinien) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

5.5. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 7.500 Euro für das Projekt in Bezug auf die Sensibilisierung von Risikogruppen, die Betreuung verwundbarer Kinder und die Ausbildung junger Menschen in der Landwirtschaft in Yaondé (Kamerun).

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

5.6. - Soziales.

Finanzielle Hilfe über 5.000 Euro für das Projekt in Bezug auf die Verringerung der Kindersterblichkeit in der Andengemeinschaft Quechua (Peru) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

6.1. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herr Reiner Gresch, beigeordneter Priester der Pfarrgemeinschaft Petingen, in Bezug auf die Zurverfügungstellung des Pfarrhauses in Rodange (Gebäude ohne Garage) auf Nr. 90, avenue Dr. Gaasch in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue Gessel“ von der Gesellschaft „Elso Immo sàrl“ in Petingen - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 98 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig. Herr Joe Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.3. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“ von der Gesellschaft „Promotions Tavares&Fils sàrl“ in Rodange - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 98 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig. Herr Joe Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.4. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue des Jardins“ von der Wohnungseigentümergemeinschaft des Wohnhauses „rue des Jardins 71“ in Petingen - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 32 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.5. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen von Frau Manuela Wampach - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 5 Zentiar kostet insgesamt 37,50 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.6. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort „avenue de la Gare“ und „rue de l’Hôtel de Ville“ in Petingen von der Gesellschaft „Alexandre Loc sàrl“ - Bewilligung.

Der Kauf der Grundstücke mit einer Gesamtfläche von 90 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.7. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue Jos. Philippart“ in Rodange von der Gesellschaft „DS Group sàrl“ - Bewilligung.

Der Kauf der Grundstücke mit einer Gesamtfläche von 1 Ar und 24 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.8. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen von den Eheleuten Adrovic- - Bureau du Colombier sowie von Herr Rahman Adrovic - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Gesamtfläche von 4 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.9. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „route de Longwy“ in Rodange von den Konsorten Bognini-Biraschi - Bewilligung.

Der Kauf der Grundstücke mit einer Gesamtfläche von 18 Ar und 26 Zentiar kostet 365.200 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.10. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Wohnhauses sowie eines Grundstücks an den Standorten „avenue de la Gare“ und „im Plon“ in Lamadelaine von den Eheleuten Rogerio Da Silva Pereira und Maria Celeste Gonçalves Rochas Pereira - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks und des Wohnhauses kostet 589.000 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.11. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue des Prés“ in Lamadelaine von Herr Pierre Schuller und Frau Suzanne Werding - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 42 Zentiar kostet 42 Zentiar.

Bewilligung einstimmig.

6.12. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen von Herr Gaston Hipp und Frau Helga Strauss - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 63 Zentiar kostet 472,50 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.13. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue de la Fontaine“ in Lamadelaine von Herr Sandro Botticelli - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 25 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.14. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue des Jardins“ in Petingen von der Gesellschaft „Immogarage S.A.“ - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 8 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.15. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue de la Gendarmerie“ von Herr Fabio Pandozzi und Frau Susana Gomes - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 8 Zentiar ist kostenlos.

Bewilligung einstimmig.

6.16. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks am Standort „rue Jos. Philippart“ in Rodange von Herr Bruno Gonçalves Sousa und Frau Cátia Ribeiro Sousa - Bewilligung.

Der Kauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 4 Zentiar kostet 30 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.17. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort „rue des Promenades“ in Petingen an Herr Nicolas Freymann und Frau Suzanne Prinz - Bewilligung.

Der Verkauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 99 Zentiar beläuft sich auf insgesamt 742,50 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.18. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort „rue d’Athus“ an die Gesellschaft „Alexandre Loc sàrl“ - Bewilligung.

Der Verkauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 49 Zentiar beläuft sich auf insgesamt 31.850 Euro.

Bewilligung einstimmig.

6.19. - Propriétés.

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort „rue Jos. Philippart“ an die Gesellschaft „Kalista Immo sàrl“ - Bewilligung.

Der Verkauf des Grundstücks mit einer Flächengröße von 89 Zentiar beläuft sich auf insgesamt 667,50 Euro.

Bewilligung einstimmig.

7. - Kultus.

Bewilligung der Konventionen mit den 3 Kirchenfabriken in Bezug auf die Inhaberschaft der Kirchengebäude - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür-Aktion (Verkauf von Keksen) in der Gemeinde Petingen am 14. Januar 2017 - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Die Herren Arendt und Thein haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.1. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 55.000 Euro bezüglich der dynamischen Displayanzeige von Bekanntmachungen und Gemeindeinformationen in den 3 Ortschaften – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Patrick Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.2. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 35.000 Euro bezüglich der Digitalisierung des Konferenzsystems im Sitzungssaal des Rathauses - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Gaby Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.3. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 300.000 Euro bezüglich der Lieferung und Verlegung von Beleuchtungselementen zwecks Übereinstimmung mit den Richtlinien für Fußgängerüberwege – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Gaby Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.4. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 20.000 Euro bezüglich der Instandsetzungsarbeiten des Turms im Feuerwehrgebäude in Petingen - Beschluss

Beschluss einstimmig. Frau Gaby Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen

9.1.5. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Zusätzlicher Kostenvoranschlag über 100.000 Euro bezüglich der Konservierungsarbeiten im Untergeschoss des PiKo-Schwimmbades in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Gaby Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen

9.1.6. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 70.000 Euro bezüglich der Instandsetzungsarbeiten des Musiksaales im Kulturzentrum in Rodange – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.7. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 115.000 Euro bezüglich der Arbeiten zur Ersetzung des Außenausbaus im Kulturzentrum in der avenue Dr Gaasch in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Romain Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.8. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 87.000 Euro bezüglich der Anschluss- und Ersetzungsarbeiten des Heizkessels in verschiedenen Gemeindegebäuden (Kulturhaus „A Rousen“, Haus Fisch, Verwaltungsgebäude) – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Guy Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.9. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Angepasster Kostenvoranschlag über 2.370.000 Euro bezüglich der Instandsetzungskosten in den Umkleidekabinen und der Einrichtung eines neuen Ausschanks im Fußballstadion in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.10. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 1,5 Millionen Euro bezüglich der Verkehrsberuhigungsmaßnahmen in der rue du Parc in Petingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.11. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 720.000 Euro bezüglich der Erneuerung der rue des Ecoles sowie der Schulhöfe in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.12. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 55.000 Euro bezüglich der im Interesse der Feldwege auszuführenden Arbeiten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.13. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 30.000 Euro bezüglich der Studien und Analysen im Fall starker Niederschläge (Maßnahmen gegen Überschwemmungen) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.14. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 300.000 Euro bezüglich der Sanierungsarbeiten an der Kanalisation der Gemeinde – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.15. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 10.000 Euro bezüglich der Einrichtung eines Einbruchmelders in der Waxweiler Mühle in Petingen - Beschluss

Beschluss einstimmig.

9.1.16. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 39.000 Euro bezüglich der Ersetzung der Feuermeldeanalage sowie der Installation einer Einbruchmeldeanlage im Kinderhort „Villa Bambi“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.17. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 300.000 Euro bezüglich der Arbeiten am Oberflächenbelag sowie der Erneuerung der Deckschicht in verschiedenen Straßen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.18. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Zusätzlicher Kostenvoranschlag über 1.500.000 Euro bezüglich der Erweiterung der Arbeiten in verschiedenen Straßen im Rahmen der neuen Wohnsiedlung „An den Atzéngen“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Joe Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.1.19. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 10.000 Euro bezüglich der Ausarbeitung einer neuen Internetseite sowie einer neuen visuellen Identität für die Musikschule – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.20. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 200.000 Euro bezüglich der Änderungsarbeiten des Kinderhortes „Villa Bambi“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.21. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 169.000 Euro bezüglich der Maurerarbeiten zwecks Erneuerung der Halle 1 im Hinblick auf die Unterhaltsarbeiten des Train 1900 im Fond-de-Gras - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.22. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 250.000 Euro bezüglich der Erneuerungsarbeiten am Teich sowie der Ausstattung (Möbel und didaktisches Material) in der Mühle in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.23. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 45.000 Euro bezüglich der Abrissarbeiten des ehemaligen Goldschmit-Hauses in der rue de l’Eglise in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.24. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 10.500 Euro bezüglich der Renovierungsarbeiten eines alten Obstgartens am Standort „Auf dem Rothreis“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1.25. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017: außerordentliche Arbeiten.

Kostenvoranschlag über 149.870 Euro bezüglich der Einrichtung einer Radpiste (Interreg-Projekt) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

9.2. - Rektifizierter Haushalt 2016 und Haushalt 2017:

Abstimmung über die Budgets - Beschluss.

Der rektifizierte Haushalt 2016 wurde mit 13 Stimmen, 3 Gegenstimmen (déi gréng, adr) und 1 Enthaltung (DP) angenommen.

Der Haushalt 2017 wurde mit 13 Stimmen, 3 Gegenstimmen (déi gréng, adr) und 1 Enthaltung (DP) angenommen.

Carnet de l’Etat civil

Naissances

04/11/2016	Tiburzi Eve	L-4826 Rodange, 31, rue Marcel Knauf
06/11/2016	Potier Mathis	L-4804 Rodange, 10, A la Croix Saint Pierre
07/11/2016	Zlatkov Kaloyan	L-4732 Pétange, 5, rue de l'Eglise
08/11/2016	Karić Lana	L-4818 Rodange, 21, avenue Dr Gaasch
12/11/2016	Negussye Kassaye Yasmin	L-4807 Rodange, 76, rue Nicolas Biever
14/11/2016	Cespe Nezi Rafael	L-4807 Rodange, 53, rue Nicolas Biever
15/11/2016	Pereira Nogueira Gomes Zhoe	L-4812 Rodange, 10, rue du Commerce
18/11/2016	Da Costa Benamar Ismaël	L-4831 Rodange, 172, route de Longwy
19/11/2016	Bernard Benny	L-4713 Pétange, 36, rue Belair
22/11/2016	Schrank Steines Finn	L-4880 Lamadelaine, 16, rue des Prés
23/11/2016	Guarmouch Eusébio Raphaël	L-4814 Rodange, 5, rue de la Fonderie
27/11/2016	Ewerling Dana	L-4778 Pétange, 55, rue Léonard Schroeder
27/11/2016	Gaspar Valério Diogo	L-4750 Pétange, 73, route de Longwy
30/11/2016	Carvalho Monteiro Santiago	L-4741 Pétange, 1, rue des Jardins
30/11/2016	Carvalho Monteiro Sarah	L-4741 Pétange, 1, rue des Jardins
30/11/2016	Saćirović Aylin	L-4720 Pétange, 37, rue de la Chiers
02/12/2016	Belfdhila Bausch Elyas	L-4744 Lamadelaine, 2, rue Jean-Pierre Kirchen
02/12/2016	Laures Jennah Zia	L-4877 Lamadelaine, 16, rue de la Maragole

02/12/2016	Lauterbour Jaymi	L-4750 Pétange, 61, route de Longwy
07/12/2016	Callá Gioia	L-4831 Rodange, 202, route de Longwy
07/12/2016	Rodrigues da Mata Eva	L-4873 Lamadelaine, 45, avenue de la Gare
14/12/2016	Dupljak Lejs	L-4810 Rodange, 83, rue du Clopp
14/12/2016	Rama Jerry-Lee	L-4711 Pétange, 57, rue d'Athus
18/12/2016	Fernandes Castro Gabriela	L-4750 Pétange, 5, route de Longwy
22/12/2016	Wang Miko	L-4771 Pétange, 19, rue du Parc
23/12/2016	Adelaïde Yaëlle	L-4849 Rodange, 7, rue des Romains
24/12/2016	Gonçalves Goffin Eloïse	L-4754 Pétange, 10, rue de la Liberté
24/12/2016	Lemos Gomes Soraia	L-4813 Rodange, 8, rue de l'Ecole
29/12/2016	Da Silva Costa Rodrigo	L-4873 Lamadelaine, 77, avenue de la Gare
31/12/2016	Pinheiro Lopes Igor	L-4818 Rodange, 1, avenue Dr Gaasch
02/01/2017	Dias Neto Letícia	L-4740 Pétange, 10, rue Prince Jean
04/01/2017	da Costa Ćeman Siana	L-4719 Pétange, 4, rue Charlotte
09/01/2017	Reis Keyla	L-4750 Pétange, 19, route de Longwy
10/01/2017	Elu Shany	L-4847 Rodange, 36, rue Michel Rodange
11/01/2017	Da Luz Lea	L-4804 Rodange, 25, rue du Lavoir
12/01/2017	Dias de Sousa Aline	L-4830 Rodange, 18, route de Longwy
13/01/2017	Tahraoui Zakariya	L-4819 Rodange, 6, rue de la Gendarmerie
14/01/2017	Latic Emina	L-4873 Lamadelaine, 131-A, avenue de la Gare
14/01/2017	Schulté Sara	L-4813 Rodange, 2-B, rue de l'Ecole
18/01/2017	Cappellaro Theo	L-4810 Rodange, 159, rue du Clopp
18/01/2017	Da Silva Janeco Micael	L-4773 Pétange, 78, rue Prinzenberg
18/01/2017	Pereira Loureiro Jason	L-4810 Rodange, 23, rue du Clopp
19/01/2017	Ferreira Marques Lorena	L-4873 Lamadelaine, 123, avenue de la Gare
20/01/2017	da Conceição Moreira Mickael	L-4815 Rodange, 33, rue de la Fontaine
21/01/2017	Willet Pit	L-4740 Pétange, 6, rue Prince Jean
24/01/2017	Da Cruz Laranjeira Enzo	L-4830 Rodange, 22, route de Longwy
30/01/2017	Martins de Oliveira Letícia	L-4720 Pétange, 73, rue de la Chiers
02/02/2017	Morais Acasio	L-4750 Pétange, 37, route de Longwy
03/02/2017	Msalbi Ali	L-4761 Pétange, 45, route de Luxembourg
10/02/2017	Lobo Da Rocha Luena	L-4811 Rodange, 28, rue Charlotte
11/02/2017	Balnave Noah	L-4813 Rodange, 2-A, rue de l'Ecole
11/02/2017	Pinto Fortes Helenah	L-4831 Rodange, 75, route de Longwy
14/02/2017	Fabbri Vasco	L-4713 Pétange, 7, rue Belair
17/02/2017	Alves Gomes Simão	L-4779 Pétange, 28, rue Robert Schuman
17/02/2017	Simon Stella	L-4880 Lamadelaine, 42, rue des Prés
19/02/2017	Gelin Chloé	L-4819 Rodange, 1, rue de la Gendarmerie
21/02/2017	Garcia Nunes Simão	L-4716 Pétange, 1, rue Bommert
26/02/2017	Pater Mia	L-4831 Rodange, 81, route de Longwy
28/02/2017	Romas Lara	L-4839 Rodange, 17, rue de la Minière

Mariages


04.11.2016	Batur Bariş, Melikgazi, Turquie - Gün Mahbuse, Rodange
04.11.2016	Deltgen François Gilbert Pierre Emile, Rodange - Rivera Ferreyra Jacquelinne, Rodange
18.11.2016	Djuric Aleksandar, Lamadelaine - Janković Jovana, Valjevo, Serbie
19.11.2016	Leite Batista José Augusto, Lamadelaine - Quintus Diane Marie Jeanne, Lamadelaine
19.11.2016	Skenderović Dževid, Rodange - De Jesus Abreu Liliana, Rodange
02.12.2016	Benamar Brahim, Hay El Malaab, Maroc - Da Costa Fernandes Kelly, Rodange
02.12.2016	Fortes Rogério Paulo, Pétange - Medina Lima Maria da Luz, Pétange
03.12.2016	Mertz Gilles, Rodange - Ossandón Valenzuela Carolina Loreto, Rodange
08.12.2016	Hubsch Jean-Marc Jules Mathias, Lamadelaine - Bartholomey Roger Jacques, Lamadelaine
09.12.2016	Pereira Lobo Torrão José Manuel, Rodange - Almeida Fernandes Sandrina, Rodange
09.12.2016	Maquet Andy, Pétange - Piron Sandy, Pétange
10.12.2016	Kremer Bob Léon Gil, Pétange - Zellweger Jessica Jacqueline, Pétange
23.12.2016	Balu Manikandan, Rodange - Tijani Houda, Mont Saint Martin, France
23.12.2016	Freymuth Marc Thierry, Pétange - Gastal Marie Sylvia, Pétange
30.12.2016	Machado da Cunha Alegre Josua, Rodange - Bricoccoli Anne Dominique Sylvie, Rodange

13.01.2017	Coelho Gomes Caetano Antonio Fernando, Rodange - De Jesus China Paula Alexandra, Rodange
21.01.2017	Mendes Da Silva Daniel, Pétange - Néro Tamara Martine, Pétange
03.02.2017	Capela Mendes Nelson Filipe, Rodange - Morais Do Couto Ana Rita, Rodange
03.02.2017	Marques Soares Fabio, Pétange - Morales Angela Mélanie, Pétange

Décès

01/11/2016	Frisch François Martin Pierre	L-4831 Rodange, 139, route de Longwy
02/11/2016	Thill-Arend Thérèse	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
07/11/2016	Simon Pascal	L-4831 Rodange, 220, route de Longwy
08/11/2016	Noesen Ferdinand	L-4882 Lamadelaine, 45, rue du Moulin
08/11/2016	Zambon-Bergnach Nicolina	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
19/11/2016	Laroche Norbert Michel	L-4735 Pétange, 22, rue Jean-Baptiste Gillardin
19/11/2016	Piret-Bielande Fernande Augustine	L-4709 Pétange, 45, rue Adolphe
27/11/2016	Frantz Jean-Joseph	L-4872 Lamadelaine, 2, rue de la Fontaine
27/11/2016	Goudembourg Roger	L-4830 Rodange, 31, route de Longwy
27/11/2016	Winckel-Ladstätter Irène Louise	L-4775 Pétange, 17, rue de la Résistance
02/12/2016	Haag Pierre	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
05/12/2016	Hlywiak Stanislas	L-4734 Pétange, 25, avenue de la Gare
05/12/2016	Zamagni Pierino	L-4809 Rodange, 5, rue Ronnwies
11/12/2016	Ginter Norbert Raymond	L-4745 Pétange, 29, An den Jenken
12/12/2016	Anen-Faber Georgette Anne Catherina	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
12/12/2016	Biever-Seyler Denise Clemence	L-4881 Lamadelaine, 159, rue des Prés
14/12/2016	Haag-Lucas Sylvie	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
14/12/2016	Sentges-Fautsch Anne Germaine	L-4762 Pétange, 123, route de Niederkorn
16/12/2016	Theckes Jean	L-4780 Pétange, 1, rue C-M Spoo
28/12/2016	Almeida Fernandes Antonio Manuel	L-4750 Pétange, 2, route de Longwy
28/12/2016	Luchini-Presciutti Iride	L-4743 Pétange, 41, rue Aloyse Kayser
04/01/2017	Schneider-Kayser Monique	L-4742 Pétange, 107, rue des Jardins
05/01/2017	Da Silva Pereira Rogerio	L-4873 Lamadelaine, 35, avenue de la Gare
06/01/2017	Gomes Dos Santos Joâo Emidio	L-4833 Rodange, 6, route de Luxembourg
10/01/2017	Knaff-Quast Gisela Luise	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
10/01/2017	Pereira Luíz José Manuel	L-4845 Rodange, 80, rue Joseph Philippart
11/01/2017	Hoscheit Marcel	L-4831 Rodange, 286, route de Longwy
16/01/2017	Clees Martin Jean	L-4819 Rodange, 33, rue de la Gendarmerie
16/01/2017	Dozzo Bernardino	L-4809 Rodange, 5, rue Ronnwies
17/01/2017	Moretti Luciano Carlo Giorgio	L-4818 Rodange, 45, avenue Dr Gaasch
20/01/2017	Magonette Roland Marcel Victor	L-4741 Pétange, 50, rue des Jardins
23/01/2017	Neumann Monique Cécile Renée	L-4736 Pétange, 29, rue Guillaume
24/01/2017	Boden Joseph Gaspard	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
25/01/2017	Roderich Jean	L-4779 Pétange, 15, rue Robert Schuman
27/01/2017	Faack Juliette Catherine	L-4876 Lamadelaine, 33, route de Luxembourg
29/01/2017	Niedercorn Adolphe François	L-4845 Rodange, 42, rue Joseph Philippart
29/01/2017	Schonckert Henri Alphonse	L-4762 Pétange, 142, route de Niederkorn
30/01/2017	Apel Marcel Nicolas	L-4740 Pétange, 25, rue Prince Jean
31/01/2017	Ferring Emile	L-4831 Rodange, 308, route de Longwy
05/02/2017	Vibi Lucien	L-4831 Rodange, 296, route de Longwy
09/02/2017	Bemtgen Joseph	L-4713 Pétange, 56, rue Belair
09/02/2017	Lopes Bastos Paulo Manuel	L-4743 Pétange, 1, rue Aloyse Kayser
09/02/2017	Sauber Jean Joseph Marie	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
13/02/2017	Kirchen-Lippert Léonore	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
14/02/2017	Morales Recio Manuel	L-4881 Lamadelaine, 123, rue des Prés
14/02/2017	Rill-Hartz Marie-Louise	L-4831 Rodange, 227, route de Longwy
15/02/2017	Dominicy Alphonse Emile Jean Joseph	L-4776 Pétange, 43, rue Michel Rodange
15/02/2017	Ricci Carlo	L-4752 Pétange, 32, rue Lentz
15/02/2017	Terres-Kieffer Pierrette Germaine Marie	L-4719 Pétange, 13, rue Charlotte
18/02/2017	Bognini Pietro Mario	L-4810 Rodange, 256, rue du Clopp
20/02/2017	Back Jean-Marie	L-4750 Pétange, 28, route de Longwy
24/02/2017	Rischard-Hoffmann Charlotte Marie Marguerite	L-4837 Rodange, 15, rue Marie-Adélaïde
26/02/2017	Fonck Josephine Yvonne	L-4809 Rodange, 5, rue Ronnwies
27/02/2017	Becker René	L-4808 Rodange, 30, chemin de Brouck

Elections communales 2017



Soirée d'information publique

11.05.2017: Lamadelaine, Centre de loisirs (rue Grousswiss)

Début: 19h00

La commune de Pétange, en collaboration avec le CEFIS, organise une soirée d'information publique autour de la participation des personnes de nationalité étrangère aux élections communales.

Les points suivants seront abordés:

- Quel est le taux d'inscription dans ma commune? Y a-t-il des différences selon certains facteurs comme la nationalité, l'âge, le genre, etc.?
- Pourquoi voter? Quelles sont les compétences de ma commune en matière d'éducation, de sécurité, de santé, etc.?
- Comment voter? Qui peut s'inscrire? Puis-je être candidat?
- Questions-réponses, échange avec le public.

La séance se déroule en français.

Ouvertures exceptionnelles de l'administration communale de Pétange

Afin de faciliter l'**inscription des ressortissants étrangers sur les listes électorales**, le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Pétange a décidé que l'administration communale sera ouverte exceptionnellement les **samedis, 13 mai 2017 et 1er juillet 2017, de 10.00 à 12.00 heures** (exclusivement pour les inscriptions sur la liste électorale relative aux élections communales!).

Le 13 mai 2017, une fête populaire aura également lieu à la place J.F. Kennedy à Pétange avec animation musicale, grillades et ambiance garantie!



TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2017

Budget de l'exercice 2017 (montants fixés par le ministre de l'intérieur)	Service ordinaire		Service extraordinaire	
	Recettes	Dépenses	Recettes	Dépenses
Services généraux des administrations publiques	47 584 777,00	14 113 676,02	350 000,00	2 165 752,37
Protection sociale	4 960 111,22	8 770 648,23	561 750,00	773 734,00
Ordre et sécurité publics	213 000,00	731 925,00	18 776,55	30 000,00
Affaires économiques	222 283,74	1 838 380,14	1 080 500,00	1 408 185,28
Protection de l'environnement	4 413 800,00	4 295 087,80	1 369 612,15	1 584 205,54
Logements et équipements collectifs	2 710 520,54	5 187 632,96	8 089 246,00	12 917 036,74
Santé	0,00	3 200,00	0,00	0,00
Loisirs, culture et culte	2 197 239,60	8 067 931,00	0,00	3 753 579,00
Enseignement	63 000,00	10 253 779,20	0,00	845 000,00
Totaux généraux	**62 364 732,10**	**53 262 260,35**	**11 469 884,70**	**23 477 492,93**

Tableau récapitulatif 2017	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	62 364 732,10	11 469 884,70
Total des dépenses	- 53 262 260,35	- 23 477 492,93
Résultat propre à l'exercice	9 102 471,75	- 12 007 608,23
Résultat présumé fin 2016	12 383 277,17	
Résultat général	21 485 748,92	- 12 007 608,23
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 12 007 608,23	12 007 608,23
Résultat final	**9 478 140,69**	**0,00**